# Jeudi, 18 décembre 2008

# SÉANCE 23

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président**
**M. Jos Scheuer, Vice-Président • Mme Colette Flesch, Vice-Président**

## Sommaire


**1.** 4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide (suite)

- *Discussion générale (suite): M. Robert Mehlen, M. Aly Jaerling, Mme Nancy Arendt, M. Charles Goerens, M. François Bausch, Mme Marie-Josée Frank, Mme Colette Flesch, M. Michel Wolter (déposant deux amendements), M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre*
- *Vote sur les amendements 1 et 2 (rejetés)*
- *Vote sur la proposition de loi (adoptée)*
- *Vote sur la dispense du second vote constitutionnel (accordée)*
- *Motion 1: M. Michel Wolter, Mme Lydie Err, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale (motion retirée)*
- *Résolutions 1 et 2: Mme Lydie Err, Mme Martine Stein-Mergen, M. Mars Di Bartolomeo, Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale (résolutions retirées)*

**2.** 5725 - Projet de loi établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie

- *Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. Alex Bodry*
- *M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**3.** 5887 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un neuvième programme quinquennal d'équipement sportif

- *Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports: M. Alex Bodry*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Eugène Berger, M. Jacques-Yves Henckes, M. Aly Jaerling, M. Jeannot Krecké, Ministre des Sports*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**4.** 5943 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9. du Code du Travail en vue d'adapter le salaire social minimum

- *Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi: M. Marcel Glesener (répond à M. le Ministre François Biltgen)*
- *Discussion générale: M. Ali Kaes, M. Alexandre Krieps, M. John Castegnaro, M. Gast Gibéryen, M. Aly Jaerling, M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi*
- *Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel*

**5.** Discours de fin d'année de M. le Président

- *M. le Président, M. Gast Gibéryen, M. François Biltgen, Ministre du Travail et de l'Emploi*


Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mme Marie-Josée Jacobs, MM. François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo et Jean-Louis Schiltz, Ministres; M. Nicolas Schmit, Ministre délégué.

***(Début de la séance publique à 14.31 heures)***

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, d'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

**M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Neen, Här President, ech gleewen net.

***(Interruption)***

**M. le Président**.- Dir Dammen an Dir Hären, da fänke mer u mat eisem Ordre du jour an den Diskussiounen iwwert d'Proposition de loi iwwert d'Euthanasie an d'Assistance au suicide. Et sinn nach ageschriwwen: den Här Mehlen, den Här Jaerling, d'Madame Arendt, den Här Goerens, den Här Bausch, d'Madame Frank, d'Madame Flesch an den Här Wolter. Elo ass et um éischte Riedner fir haut de Mëtteg, dem honorabelen Här Mehlen.

### 1. 4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide (suite)

***Discussion générale (suite)***

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll, fir unzefänken, deene Leit, déi eis hei d'Gesetz erkläert hunn - de Projet oder d'Propositioun -, Merci soen.

Mir sinn offiziell an der Santéskommissioun net vertrueden. Mäi Fraktiounskolleeg Gast Gibéryen war awer eng etlech Mol do, fir ze suivéieren, wat do ofgelaf ass. Mir wëllen duerfir all deene Leit, déi hei matgeschafft hunn, an ech menge se hunn alleguer probéiert éierlech matzeschaffen, félicitéiere fir déi Aarbecht, déi se gemaach hunn - och, wa mer d'Konklusiounen net integral kënnen deelen.

Ech wëll direkt virewech d'Haltung vun eiser Partei an eiser Fraktioun explizéieren. An eisem Wahlprogramm vun 2004 huet d'ADR ganz kloer Folgendes gesot: „Wir sprechen uns klar für den flächendeckenden Ausbau der Palliativmedizin aus, um den Sterbenden die letzte Lebensphase so erträglich wie möglich zu gestalten. Wir sind aber gegen die Legalisierung der Euthanasie, wie sie zum Beispiel in den Niederlanden erlaubt ist. Es muss im Ermessen der Ärzte bleiben, schmerzlindernde Mittel zu verabreichen, auch wenn dies eine Verkürzung der letzten Lebensphase zur Folge hat.“ Dat war 2004.

Den 2. Abrëll 2006 huet eis Partei e Grondsazprogramm op engem Kongress verabschit, wou mer am Paragraph 59 soen: „Im Zusammenhang mit dem Gesundheitswesen und der fortschreitenden medizinischen Forschung stellen sich immer wieder neue ethische Fragen, deren Beantwortung ein hohes Maß an Fachwissen und Verantwortlichkeit erfordert. Grundsätzlich respektieren wir in diesen Fragen die Gewissensfreiheit unserer politischen Mandatsträger.“ Dat ass d'Situatioun, an där mir eis als ADR an dëser Problematik befannen.

Mir hätten awer, Här President, gemengt, an esou enger wichteger Fro, déi amgaang ass och d'Vollek deelweis bal ze splécken an déi sech zu engem grousse Politikum héichgeschaukelt huet, hätt ee kënnen e Referendum organiséieren.

Mir wëlle soen, datt eis grondsätzlech Attitüd ass, datt ee scho wichteg Froe soll zum Referendum zouloossen. Leider ass eis Gesetzgebung nach net esou wäit, datt och op Initiative populaire esou Froe kënnen engem Referendum ënnerworf ginn. Mir wëssen, datt dat just an där Prozedur de Fall ass, déi elo amgaang ass mam Artikel 34 vun der Verfassung.

Här President, mir kucken dëse Problem net duerch en ideologesche Brëll a probéieren, sachlech ze analyséieren an ofzeweien. Mir fannen et och normal, datt an der Öffentlechkeet haart a leidenschaftlech gestridde gëtt, schliesslech geet et jo ëm Froe vu Liewen an Doud.

Mir fannen och contrairement zu deem, wat Eenzelner hei gemengt hunn, datt fräi Meenungsäusserung muss erlaabt sinn. Allerdéngs gëtt et Regelen, un déi jiddweree sech ze halen huet. Dat Éischt ass, datt ee muss bei der Wourecht bleiwen, an dat Zweet ass, datt een net däerf ënnert d'Gürtellinn schloen. Sécher ass dat an der Vergaangenheet net ëmmer respektéiert ginn.

Ech wëll mech, well meng Zäit jo awer limitéiert ass, fir d'éischt mat de Pro-Argumenter auserneesetzen. Ech mengen, d'Protagonisten hunn dat hei gemaach, ech brauch net op all déi Argumenter anzegoen. Et geet hei grondsätzlech ëm d'Fräiheet vum Mënsch, fir an enger penibeler, ganz schwiereger Situatioun zum Liewensenn doriwwer ze entscheeden, wéi a wéini datt hie wëllt stierwen.

Ech mengen, et kann ee grondsätzlech sech zu där Fräiheet bekennen, ouni datt ee verschiddene Leit do op d'Plate-banden tréppelt. Zu der Fro, ob ee soll zouloossen, stroffräi onmënschlecht physescht a psychescht Leiden ze beenden op Wonsch vu Betraffenen, gëtt et och nach een Argument, wat gesot gëtt: Wa mir et net hei regelen a wa mer net wierklech gutt Regelen duerfir opstellen, dann ass d'Gefor ganz grouss, datt Leit, déi dat maache wëllen, an d'Ausland auswäichen, wou manner kontrolléiert gëtt.

Wann ee sech mat deenen Argumenter auserneesetzt, da si sécher Argumenter dran, déi derfir schwätzen a fir Eenzelner vun eis heibanne sécher och ausschlaggebend sinn, fir fir d'Euthanasiegesetz ze stëmmen.

Wa mer d'Kontra-Argumenter kucken, da si mir awer der Meenung, datt et e ganz décisivë Schrack ass, wann déi Propositioun hei sollt Gesetzeskraaft kréien, deen eist gesellschaftlecht Zesummeliewe ganz staark verännert. Et soll een de psychologeschen Effet vun dësem Schrack an der Gesellschaft net ënnerschätzen.

An ech froen: A wat fir enger Gesellschaft liewe mer? Mir gesinn, datt d'gesellschaftlech Verännerungen ëmmer méi séier stattfannen. Mir gesinn a mir bedaueren et och, datt den Zesummenhalt vun de Familljen zerbréckelt un der Realitéit vun enger Welt, déi ëmmer méi materialistesch an egoistesch gëtt. De Mënsch gëtt leider ëmmer méi ënnert dem Aspekt vu sengem Notze fir d'Gesellschaft a fir d'Ekonomie gekuckt.

Mir sinn haut leider schonn esou wäit, datt Fraen, déi net vun der Offer vun der öffentlecher Kannerbetreiung Gebrauch maachen, fir kënne schaffen ze goen, esch scho bal mussen dofir entschëllegen. Ech sinn iwwerzeegt, datt mer hei lues a lues an en ähnlechen Zeenario eraginn.

Da muss ee sech d'Fro stellen an enger Gesellschaft, déi ëmmer méi al gëtt, wou déi eeler Generatioun ëmmer méi zouhëlt proportional zur jonker Generatioun, wéi grouss den Drock an zéng oder an 20 Joer op déi eeler Generatioun wäert ginn.

Ech hat lescht déi leschte Kéier eng Geschicht erzielt vun engem Naturvollek an Nordamerika, wou de Suizid vun deenen Alen ugeholl war, well Nahrungsprécaritéit war an déi jonk Generatioun eigentlech nëmmen da konnt gesond eropwuessen an dat ënner akzeptabelen Ernährungskonditiounen, wann déi Al, déi net méi schaffe konnten an net méi konnten op d'Juegd goen, sech suicidéiert hunn. Dat war ugeholl. Do war eng Schlucht, a wa se dann der Gesellschaft näischt méi zunotz waren an awer wahrscheinlech nach gesond waren, da si se do erofgesprongen, fir datt déi Jonk konnten nowuessen, datt se sollten eppes ze iessen hunn.

An ech hat dunn d'Fro gestallt an ech stelle se haut nach eng Kéier: Wéi grouss ass an där Gesellschaft d'Fräiwëllegkeet vun deem Suicide gewiescht?

Ech kéint mer virstellen, datt déi Leit och nach gär an hirer Famill gelieft hätte mat hiren Enkelkanner. Mä si hunn et gemaach, well et eng Noutwendegkeet war. An do muss een d'Fro hannendrunhänken: A wat fir eng Gesellschaft gi mir eran?

Wéi reagéiere Kanner an eiser Zäit, fir déi d'Elteren ëmmer manner Zäit hunn, wann d'Elteren eng Kéier al a gebriechlech ginn? Wéi reagéieren dës Elteren, wa se mierken, datt si nach just eng Laascht fir d'Kanner sinn? Wéi grouss gëtt de psycheschen Drock, dee sech op déi Leit auswierkt?

Wien ënnerscheet dann tëschent dëser psychescher Détresse an der Souffrance psychique insupportable, wéi se an der Propositioun de loi steet, déi als Konditioun drasteet, fir datt soll kënnen eng Euthanasie stattfannen?

Ouni déi Méiglechkeet vun enger Euthanasie kéim wahrscheinlech keen op d'Iddi, fir dat dann ze froen, ganz einfach, well déi Dier zou ass. Oder alternativ, wann een e bësse méi wäit wëllt goen: Wann d'Euthanasie, wéi dat de Moie jo och geschwat ginn ass, nëmme fir ganz extrem Situatioune mat engem valabele Contrôle préalable erlaabt wär, bräicht ee sech och keng Gedanken doriwwer ze maachen.

Mä wann d'Dier zur Euthanasie bis opsteet, dann ass d'Gefor grouss, datt et lues a lues an déi Richtung evoluéiert. Ass déi Dier eng Kéier och nëmmen ee Splack op, da weess keen, wéi wäit datt se eng Kéier opgemaach gëtt. Dat ass och den Haaptgrond, woufir mir eis als Partei déi leschte Kéier géint d'Legaliséierung vun der Euthanasie ausgeschwat hunn.

Ech erlabe mer bei dëser Geleeënheet, och, wann dat verschiddene Leit vläicht net gefält, par analogie op e Kommentar hinzeweisen, deen - ech mengen - virgëschter Moien op RTL war, wou e Journalist a sengem Kommentar dorop higewisen huet, datt an där deemools och hefteg ëmstriddener Problematik vum Avortement dat deemools och méi als eng Exceptioun dohinnergestallt ginn ass, a wou de Journalist gesot huet, datt et awer haut scho bal gängeg Praxis ass, datt och mat enger medikamentöser Applikatioun, déi nach net esou laang besteet,...

***(Interrcuption)***

...dann och Embryoen ofgedriwwe ginn.

Wa mer hei zu Lëtzebuerg keng hunn, da gëtt et der, Madame Flesch, ganz sécher am Ausland. A mir sinn hei op kenger Insel, dat soe mir jo bei all Geleeënheet.

D'Fro, déi ee sech muss stellen, ass déi folgend, an déi ass ganz haart: Komme mer eng Kéier, mir selwer, an d'Situatioun, datt mer eis mussen entschëllegen, wa mer net d'Euthanasie froen?

Eng aner Fro ass, datt d'Vertrauensverhältnis tëschent Dokter a Patient dorop baséiert, datt den Dokter de Patient net eleng léisst, mä bis an den Doud era begleet. Et ass d'Fro, déi sech stellt vum medezinesche Personal. Doutmaachen ass keng Aufgab vum Dokter. An et ass nach net laang, datt en Dokter eis gesot huet, d'Ausbildung, fir eng Euthanasie ze praktizéieren, déi dauert eng Véierelstonn. D'Ausbildung, fir eng voll medezinesch Dokterformatioun mat Ausbildung an der Palliativmedezin hannendrun ze maachen, dauert zéng Joer. An duerfir muss een och verstoen, datt eng ganz Partie Doktere soen: Mir wëllen näischt domat ze dinn hunn.

Een Dokter schreift: De Suicide médicalement assisté ass a Wierklechkeet e Suicide médicalement provoqué an huet näischt mat Medezin ze dinn.

Wann een an d'Gesetz kuckt, da gesäit een, datt am Artikel 15 steet, datt déi Dokteren, déi dat net wëlle maachen, et musse justifiéieren, wa si refuséieren, fir d'Euthanasie ze praktizéieren. Och dat weist, datt mer schonn an enger Logik sinn, déi eiser Meenung no ze wäit geet.

Wat soen d'Dokteren? Mir haten déi eng oder aner Entrevue och mat der AMMD, an

déi ass bei mir op jidde Fall a ganz lieweger Erënnerung bliwwen. D'prinzipiell Ausso, d'Haaptausso vu Säite vun den Dokteren ass, datt d'Palliativgesetz, wat mer jo de Moie gestëmmt hunn, hinne genuch Méiglechkeete géif loossen.

Elo gëtt et natierlech Leit, déi fir d'Euthanasie antrieden och hei an dësem Haus, déi de Contraire behaapten. Do stellen ech d'Fro als Politiker, deen net all Dag mat der Praxis ze doen huet: Si mir an der Lag, besser doriwwer ze jugéieren, wéi déi Leit, déi all Dag, dagdeeglech mat deenen heiansdo ganz sensibelen, ganz delikate Froen ëm d'Begleedung vum Mënsch u sengem Liewensenn konfrontéiert sinn? Si mir besser an der Lag, doriwwer ze jugéieren, wéi déi, déi dat all Dag maachen? Dir Dammen an Dir Hären, ech hale mech léiwer un dat, wat d'Doktere mer soen!

Et stellt sech d'Fro vun den Abusen. Ech wollt, an ech hunn dat schonn eng Kéier hei gesot, dorop hiweisen, datt an Däitschland viru kuerzem oder an deene leschten een, zwee Joer aus Grënn vun der Kriminalstatistik eng Partie Leit exhuméiert si ginn, an do ass festgestallt ginn, datt vun allen Dousdesfäll, déi als normal Mort naturelle deklaréiert gi waren, 12% op kriminell Awierkung a Wierklechkeet zréckzeféiere waren. Dat werft trotz allem d'Fro op, wéi héich d'Potenzial an eiser Gesellschaft ass, fir nozehëllefen.

Mir hunn och vun Dokteren eenzel Fäll erzielt kritt, déi engem d'Bedenken op jidde Fall nach méi grouss gemaach hunn. Ech hunn net d'Zäit, fir am Detail dorop anzegoen, mä wou een awer kloer gesinn huet, datt och dacks oder heiansdo am Entourage vu Leit dach awer iergendwéi déi Leit beaflosst ginn an Drock gemaach gëtt, fir a Richtung Euthanasie ze goen.

Do stellt sech dann d'Fro an deem Zesummenhang vum Contrôle a posteriori. Mir deelen d'Meenung, datt, wann ee bis dout ass, et dann op jidde Fall ze spéit ass, egal wat een dann duerno erausfënnt.

Wéi wëllt een e Contrôle exerzéiere vum État psychique vun där Persoun, déi euthanaséiert ginn ass, vun deem Moment, wou si hir Awëllegung zu deem Akt ginn huet? Dat ass nodréiglech net méi ze maachen.

En anere Grondsaz, deen d'Juristen heibanne gutt kennen, ass deen: Wo kein Kläger, da kein Richter. A mer wësse ganz gutt, datt och a Fäll vu medezineschem Versoen d'Feeler ganz, ganz rar viru Gericht landen. Wéi schwéier deet och en Dokter sech, dee viru Gericht muss géint en aneren Dokter aussoen.

Duerfir, an dorobber insistéiere mir, wäre mir, wann dann déi Fro sech gestallt hätt, fir de Contrôle a priori gewiescht.

Ech wollt och e Bléck iwwert d'Grenze werfen. Mir wëssen, datt an Holland an an der Belsch an och an der Schwäiz d'Euthanasie erlaabt ass. A mir stellen eis awer d'Fro: Ass et dann net erstaunlech, datt just déi grouss Länner, eis grouss Nopeschlänner wéi Däitschland a Frankräich, wou déi Diskussioune jo awer och mat ganz vill Vehemenz an - ech géif och soen - mat ganz vill Sachverstand ganz kritesch gefouert ginn, sech dergéint zur Wier setzen oder net bereet sinn, fir d'Euthanasie wëllen anzeféieren?

Normalerweis ass et jo ëmgekéiert, datt mir Lëtzebuerger fir d'éischt ofwaarden, bis datt all déi aner eppes ëmgesat hunn, an dann décidéiere mir och, dat ze maachen. Duerfir fanne mir et komesch, datt elo eng Benelux vun der Euthanasie an der Europäescher Unioun soll entstoen.

Ee Wuert zum politesche Kontext. Mir fannen et dach awer wierklech eng komesch Konstellatioun. Mir sinn d'accord, datt all Proposition de loi, déi vun Deputéierte vun dësem Haus erabruecht gëtt, soll zur Sprooch kommen an datt se och soll bis zur Ofstëmmung kommen. Mir hu laang derfir gestridden. Mir hu laang erlieft, datt Propositiounen, bei deenen ee sech vill Méi ginn huet, déi een hei eragereecht huet, einfach am Tirang leie bliwwe sinn an datt ni doriwwer diskutéiert ginn ass.

Mir sinn absolut d'accord, datt all Proposition de loi, déi hei deponéiert gëtt, hire Wee soll goen. Et ass och richteg, datt jiddwer Deputéierte soll sengem Gewëssen no stëmmen. Mir fannen dat guer net aussergewéinlech. Eigentlech seet eis Constitutioun dat jo, datt jiddweree sengem Gewëssen no am Intérêt vum Land soll stëmmen, ouni vun iergendengem Uweisungen entgéintzehuelen.

Duerfir fanne mer et trotz allem e bësse verwonnerlech, datt déi leschte Kéier trotzdeem gréisstendeels no Fraktiounen ofgestëmmt ginn ass. Ech wonnere mech doriwwer, kann awer eigentlech net unhuelen, datt esou eng eescht Gewëssensfro wéi déi hei an iergendenger Form vun der banaler Parteipolitik sollt beaflosst ginn.

Här President, ech kommen net derlaanscht, fir e Wuert iwwert d'Roll vun der CSV an dësem ganze Kontext hei ze verléieren. Wann een de Regierungsprogramm kuckt, da fënnt een näischt iwwer e Gesetz, wat soll a Kraaft gesat ginn iwwert d'Praktizéiere vun der Euthanasie, awer datt de Projet de loi, deen deemools schonn deponéiert war vun der viregter Regierung iwwert d'Palliativmedezin, soll réexaminéiert an ëmgesat ginn. Am CSV-Programm steet nëmmen, datt d'CSV fir eng optimal Fleeg bis un d'Liewensenn géif antrieden. Et fënnt ee mat kengem Wuert eng Undeitung pro Euthanasie.

Duerfir, dat ass och d'Erklärung, ass jo héchstwahrscheinlech och näischt an de Regierungsprogramm komm. Wann een dann awer als Parallellbeispill kuckt, wéi an der Fro vum Reliounsunterrecht an de Schoule verfuer ginn ass, da kann ee sech eigentlech nëmme wonneren.

Mir wëssen, datt den Här Bodry d'lescht Joer eng Initiativ geholl hat, fir doriwwer ze diskutéieren a fir ze kucken, ob mer am Kader vun de Schoulgesetzer do net kéinten awer virukommen an deem Sënn, datt de Reliounsunterrecht aus de Schoule géif erausgeholl ginn. Do ass vu Säite vun der CSV, an zwar duerch de Mond vun hirem President, ganz kloer an däitlech gesot ginn: Dir wësst jo, datt mer dat an der Koalitioun net virgesinn hunn. Domadder ass et vum Dësch. Mir kënnen elo nach hei diskutéieren. Mä da soll jiddwereen a säin nächste Wahlprogramm schreiwen, wat hie wëlles huet, an da sollen d'Wieler décidéieren, an duerno gesi mer weider.

Et ass komesch, datt an enger Fro, déi jo wäit iwwert de Reliounsunterrecht erausgeet, d'CSV bereet ass, dat hei zouzeloossen, well bei der Euthanasiefro hätt d'CSV och kënnen hire Veto aleeën. Mir si fest iwwerzeegt, wann d'CSV oder wann de Premierminister gesot hätt: Dat do war net ofgemaach, dat steet net zur Diskussioun. Wann dat do passéiert, da spille mir net méi mat. Da kënnt et eventuell zu Neiwahlen; datt dann d'LSAP och bereet gewiescht wär, fir de Koalitiounsaccord ze respektéieren.

Mä d'CSV huet et net gemaach. Si huet net nëmme kee Veto ageluecht, si mécht och nach alles, fir datt dat Gesetz hei, wann et da gestëmmt ass, esou séier wéi méiglech kann a Kraaft trieden.

Här President, do komme vill Leit dobaussen net mat. Do gëtt et der, déi sech Froe stellen. Froe wéi déi heiten: Spillt d'CSV hei keen duebelt Spill? Offiziell ass se géint d'Euthanasie an hir Deputéiert stëmmen och praktesch alleguer géint d'Euthanasie. Domat steet si natierlech op der Säit vun deene Leit, déi géint an deelweis souguer vehement géint d'Euthanasie sinn. Si léisst awer zou, datt ënner hirer Regierungsbedeelegung mat Hëllef vum klenge Koalitiounspartner e Gesetz gestëmmt gëtt, mat deem si fundamental net d'accord ass.

Här President, dat ass an der Geschicht vun dësem Land e Virgang, deen et nach net ginn huet, a wat dobaussen och kee versteet. Mä d'CSV kann awer fir sech an Usproch huelen, datt ënner hirer Regierungsféierung en Euthanasiegesetz konnt a Kraaft trieden, wat jo vill Leit dobaussen als e grousse gesellschaftleche Fortschrëtt ugesinn. Domat, esou soe vill Leit dobaussen, spekuléiert se op d'Stëmme vun deene Leit, déi fir d'Euthanasie sinn. Dat ass e subtiilt duebelt Spill, wat sécher net opgoe wäert.

Mir hunn haut de Moien d'Palliativgesetz gestëmmt. Dat ass e gutt a laang iwwerfälligt Gesetz. D'Madame Frank vun der CSV huet hei beklot, datt dat Gesetz esou laang verschleeft ginn ass. Ech komme bei dëser Geleeënheet net derlaanscht, dorop hinzeweisen, datt mir zweemol d'Initiativ geholl haten, fir dat Gesetz weiderzebréngen an datt souguer d'CSV hei géint déi Initiativ gestëmmt huet a gesot huet: Neen, déi zwee Gesetzer komme mateneen.

D'Madame Frank huet och - an ech hunn och opmierksam nogelauschtert, an ech hunn hir souguer Recht ginn - vehement hei gefuerdert, datt elo misste Mëttelen zur Verfügung gestallt ginn, fir datt dat Palliativgesetz kënnt ëmgesat ginn. Si huet sech hei batter beklot - an, Madame Frank, ech hunn aus anere Leit hirem Mond schonn datselwecht héieren -, datt Leit einfach a Pampers geluecht ginn, well net genuch Personal do ass, fir éierbar mat deene Leit op d'Toilette ze goen. Et kann ee sech do d'Fro stellen: Gëtt bei esou enger Humiliatioun net an eenzelne Fäll schonn de Ufank vun der Détresse geluecht, déi iwwer kuerz oder laang zum Doudeswonsch féiert?

Ech kommen awer net derlaanscht, d'Madame Frank ze froen: Wéi laang ass d'CSV schonn onënnerbrach an der Regierung? Oder ass hei, wéi esou dacks, de Koalitiounspartner doru schold? Et ass wierklech eng traureg Tatsaach, datt et op ville Plazen u Fleegepersonal feelt an d'Fleegepersonal iwwerfuerdert ass. Déi Zoustänn sinn awer sécher net d'Schold vun der Oppositioun.

Da soll een och de Courage hunn, net nëmmen heihinner fuerderen ze kommen - et si Fuerderungen, déi mir och ënnerstëtzen -, mä als Partei och en „mea culpa, mea culpa, mea maxima culpa" ze soen. Ech géif mengen, eng CSV misst déi Wierder aus dem Confiteor eigentlech gutt kennen.

***(Interruption)***

Här President, ech kommen zur Konklusioun.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Et gesäit een, wou Dir hierkommt.

***(Hilarité)***

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Ech hunn e misse gutt auswendeg léieren. Ech kann lech et soen!

D'ADR ass der Meenung, datt een dat Palliativgesetz scho laang hätt kënnen ëmsetzen an d'Palliativfleeg hätt misse landeswäit ausgebaut ginn. Et hätt een domat kënnen Erfahrunge sammelen an dann no e puer Joer Konklusiounen zéien, ob dat dann elo duergeet oder net.

D'Linn vun eiser Partei ass Ganzt ass an eisem Wahlprogramm definéiert, an déi ass net fir d'Euthanasie. An eisem Grondsazprogramm, dee virun zwee Joer vum Nationalkongress ugeholl ginn ass, hu mir eise politesche Mandatären an dësen an an anere schwieregen ethesche Froen awer d'Fräiheet zougestanen, fir no hirem Gewëssen ze entscheeden. Esou wäerte mir et och haut halen. Ech perséinlech wäert aus deene Grënn, déi ech elo grad explizéiert hunn, géint dëse Projet stëmmen.

Ech soen lech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Ech wëll der Madame Err, obwuel ech net mat hiren Iwwerleeungen d'accord sinn, awer fir hiren engagéierten Exposé félicitéieren. Datselwecht gëllt och fir den Här Huss; och him wëll ech fir säin engagéierten Exposé félicitéieren. Mä e war mer e bëssen ze vill CSV- a katholesch-Kierch-orientéiert an dofir zum Deel och fir mech net ganz objektiv.

Der Madame Stein wëll ech awer extra fir hiren Exposé félicitéieren, well e war sachlech an objektiv gefouert…

***(Hilarité)***

Dir musst waarden! Ëmmer wann ech d'Blumme geheien, hunn ech jo nach d'Vase, fir nozeschéissen.

***(Hilarité)***

E war sachlech an objektiv gefouert, dat obwuel d'CSV sech an dëser Fro net grad mat Ruhm bekleckert huet. Dir sollt mech ëmmer ausschwätze loossen.

Här President, ech bedaueren zudéifst, dass déi Proposition de loi, déi hei virläit, zu enger aarmséileger ideologescher, reliéis a souguer wahlpolitesch verseuchter Spléckung vun eiser Gesellschaft gefouert huet.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Dëst aarmséilegt Trauerspill ass vu verschiddene Säiten esou wäit gaangen, dass souguer Deeler vun der Geschicht mat an d'Spill bruecht gi sinn, fir déi eng oder déi aner Positioun ze ënnermaueren. Dass schwaarz Deeler aus der Vergaangenheet oder, wéi haut hei vum Här Huss, aktuell mënschlech Dramen duerch den Aids an Afrika erausgekroopt goufen, fir Scholdzouweisungen ze maachen, déi mam Sujet näischt ze dinn hunn, zeechent net grad vun engem gudde Stil.

Et geet scho laang net méi ëm eng seriö Diskussioun iwwer Palliativmedezin oder Euthanasie. Et geet ëm ideologeschen a reliéise Fundamentalismus, deen et dem Bierger praktesch onméiglech mécht, nach an dësen zwee Gesetzer den Duerchbléck ze fannen. An dat geet aus vu gutt preparéierten Ëmfroen oder Petitiounen, an deenen an der Fro schonn d'Äntwert virpreparéiert ass, an déi Biller vermëttelt hunn, déi der Realitéit net entspriechen, och wa sech der elo e puer honnert fir oder géint d'Euthanasie ausgeschwat hunn. Wann ee wierklech hätt wëllen dem Bierger seng Meenung froen, dann hätt ee meng Propositioun fir e Referendum kënnen akzeptéieren.

Här President, d'Konfusiounen an där heiter Saach si menger Usiicht no haaptsächlech doduerch entstanen, well einfach stur drop beharrt ginn ass, déi zwee Projeten, Palliativ an Euthanasie, zesummen ze behandelen. Wann d'Gesetz iwwert d'Palliativmedezin nämlech zäitversat a separat behandelt gi wier, wiere seng dra verankert mënschlech Prinzipië vill méi kloer zum Virschäi komm. Da wier dem Bierger kloer ginn, dass mer net méi wäit brauchen ze goen, dass mer kee Gesetz iwwert d'Euthanasie zousätzlech brauchen an dass mer och dofir keng Ännerunge vun eisem Strofrecht brauchen, déi de Wee opmaachen, fir d'Ëmbrénge vu Mënschen ze legaliséieren.

Här President, den 20. am Broochmount 1979 war fir eist Land e gesellschaftspolitesch historeschen Dag, well deen Dag ass d'Doudesstrof ofgeschaaft ginn. Eis Gesellschaft war sech endlech bewosst ginn, dass keen, och de Stat net, e Recht huet, fir Mënscheliewe gewaltsam zu Enn ze bréngen, egal wat geschitt. Deemools koumen déi, déi am haartsten d'Ofschafung vun der Doudesstrof zu Recht gefuerdert hunn, aus deselwechte Kreesser wéi déi, déi haut d'Ëmbrénge vun de Mënschen erëm wëlle legaliséieren.

Als Parlamentarier misst et op jidde Fall eis éischt Flicht sinn, d'Mënscheliewen ze schützen, an net Méiglechkeeten ze schafen, fir Mënscheliewe gewaltsam zu Enn ze bréngen. Fir mech ass de Schutz vum Mënscheliewen eng iewescht Flicht. A mir ka jo keen nosoen, dass ech dat aus ideologeschen oder reliéisen a scho guer net aus wahlpoliteschen Hannergedanke maachen. Mä et ass einfach aus Mënschlechkeet, wou ech dat vertrieden.

Här President, d'Auteure vun dëser Gesetzespropositioun schwätzen och vu Selbstbestëmmung, déi de Mënsch misst hunn, wann et ëm säi Liewe geet. D'Gesetzespropositioun selwer awer weist aus, dass et keng Selbstbestëmmung am Fong gëtt, well et net de Patient ass, dee sengem Liewen en Enn mécht, mä hie muss een aneren domat beoptragen.

An och wat dat Schreiwes betrëfft, an deem de Patient säi Wëlle kann ausdrécken, fir net weiderzeliewen, muss och net ëmmer - an do gëtt et Beweiser genuch derfir - sengem eegene Wëllen entspriechen. Dass dat méiglech wäert sinn, beweisen d'Texter selwer, déi nodréiglech eng Kommissioun aféieren, déi soll kontrolléieren, ob de Patient dann elo legal oder net ëmbruecht ginn ass.

De Code pénal soll esou verfaasst ginn, dass deen, deen d'Euthanasie bedriwwen huet, stroffräi ausgeet. Fir mech ass et einfach inakzeptabel, dass d'Ëmbrénge vu Mënschen iergendwéi an eiser Gesellschaft soll eng Kéier stroffräi gemaach ginn.

Fir mech gëtt et kee valabelt Argument fir déi Propositioun iwwert d'Stierfhëllef unzehuelen, weder mënschlecher Natur nach well ee mengt, dat wier Selbstbestëmmung. An ech kann lech verspriechen, dass ech weder mam Bëschof nach mam Poopst geschwat hunn an och soss kee mech ka beaflossen. Dat wësst Der jo.

Wann ech gelift, Här Huss?

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG)*.- Neen, ech muss mer dat mierken.

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Jo, dann ass et op jidde Fall eppes, wat bei mir kloer ass a wat bei lech net esou kloer ass.

Här President, wann awer elo sollt déi Gesetzespropositioun hei ugeholl ginn, dann ass se fir mech rechtskräfteg. Da muss se awer, esou wéi dat och an der Motioun verlaangt ass, no bausse genau erkläert ginn, well awer nach Konfusioun besteet mat all hire Konsequenzen.

Wat elo d'Positioun vum Grand-Duc betrëfft, esou wëll ech hei soen, dass dee just dat Recht genotzt huet, wat him vun der Verfassung gi war, och wann dat jorzéngtelaang no enger Traditioun anescht praktizéiert ginn ass. Mä hien huet soss näischt gemaach, wéi e Recht ze notzen.

D'Chamber huet sech mam Accord vum Grand-Duc - dat soll een awer ganz kloer soen - fir eng Verfassungsännerung ausgeschwat. Ech hat e Referendum verlaangt, fir d'Bierger ze froen, ob se d'accord sinn oder net, fir dem Grand-Duc seng Rechter nach just op representativem Plang festzeschreiwen. Dës Motioun war leider net recevabel.

Mä d'Resolutioun hei vun der Chamber, fir nei Verfassungstexter ze verfaassen, hunn ech awer akzeptéiert, well déi Texter an dëser Legislaturperiod net méi zum Vote kommen an d'Parteie sech kënnen an der Wahlcampagne dozou positionéieren an d'Leit sech dann och kënnen eng Meenung bilden. Dat ass bal datselwecht wéi e Referendum, an dofir hunn ech dat akzeptéiert.

Wann ech gesot hunn, wann dës Gesetzespropositioun gestëmmt ass, dann ass se rechtskräfteg, da wëll ech domadder och soen, dass ech dann awer och keng politesch gesteiert Initiativ wäert ënnerstëtzen, déi elo just zum Zil huet, dat heiten nach eng Kéier ëmzekéieren oder weider institutionell Problemer ze schafen.

Ofschléissend wëll ech awer soen: Kee Mënsch wëllt stierwen, mä leider ass Stierwen en Nieweneffekt vum Liewen. Ech hoffen op jidde Fall, dass jiddwereen heibannen haut dee richtege Choix getraff huet am Interessi vun de Mënschen, ëm déi et jo awer schlussendlech geet, an dass elo, wou mer mam Palliativgesetz e richtege Schrëtt an déi richteg Richtung gemaach hunn, d'Euthanasie an de Suicide assisté wierklech d'Ausnahm bleiwen a just an hoffnungslose Fäll ugewannt ginn.

Ech wëll lech op jidde Fall soen: Ech wëll net stierwen, well wat géif dës Welt ouni mech maachen?

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo déi honorabel Madame Arendt. Madame Arendt, wann ech gelift.

**Mme Nancy Arendt** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech halen dës Ried a mengem perséinlechen Numm.

Dës lescht Méint a virun allem déi lescht zwou Woche ware keng einfach Zäit, fir kee vun eis heibannen, well jiddwereen nach eng Kéier op d'Prouf gestallt ginn ass, well jiddweree vläicht d'Chance souguer genotzt huet, bei dësem esou kriddelechen an essenziellen Thema seng Positioun nach eng Kéier ze iwwerdenken.

Et huet ee sech bei all Artikel an der Zeitung oder Lieserbréif, bei all Kommentar um Radio oder op der Televisioun, bei all perséinlechem Gespréich, jo, an och beim Bekanntmaache vun eisem Grand-Duc senger perséinlecher Meenung ëmmer erëm frësch iwwerluecht, ob een dann net awer vläicht ze wäit oder souguer eventuell net wäit genuch déi esou berühmten Dier probéiert opzemaachen.

Et gëtt bestëmmt keen heibannen, dee sech net laang mat dëser Thematik beschäftegt huet, sech wierklech seriö Gedanke gemaach huet a sech Zäit geholl huet, fir mat ville Leit, sief et aus dem Gesondheetssecteur, sief et mat Frënn oder einfach a senger eegener Famill iwwert dëse Sujet ze schwätzen. A jiddweree vun eis - ech hoffen dat op alle Fall - ass zu senger perséinlecher eegener Meenung an Iwwerzeegung komm. Ech respektéiere se all.

Jiddwereen, mengen ech emol, huet dës esou wichteg Zäit genotzt, fir méi kloer ze gesinn. Et ass och fir dës Kéier keng einfach Entscheedung; natierlech net, wat d'Palliativmedezin ubelaangt, well do si mer eis jo all eens, mä virun allem an der Fro iwwert déi aktiv Stierfhëllef.

Et ass och keng einfach Entscheedung, well et geet eben ëm d'Liewensenn. Et ass eben net einfach, vum Doud ze schwätzen, well keen huet e gären, mä e gehéiert awer derzou. Mir sinn all kulturell, reliéis gepräg an all Eenzelne vun eis huet sech duerch seng individuell Erfahrungen, dat, wat hie perséinlech a sengem Liewe matgemaach an erlieft huet, beweegt, fir ganz eleng déif bannendran zu senger eegener Meenung ze fannen.

Dat, wat mam Kierper geschitt, wann en op eemol wierklech krank gëtt oder ass a keng Chance op eng Besserung oder Heelung huet, ass net ëmmer einfach ze akzeptéieren. Jiddweree geet eben anescht domat ëm, well jiddwereen eben en Individuum ass a säi Kierper a säi Geescht anescht erlieft, anescht empfënnt, anescht denkt, aner presentéiert, anescht verschenkt, anescht fillt, anescht auslieft, an dofir selbstverständlech och eng ënnerschiddlech Opfaassung oder Virstellung vum Stierwen huet.

Ob Chrëscht, ob Moslem, Buddhist oder Laizist, mir mussen all akzeptéieren, datt mer ënnerschiddlech sinn, datt net all Mënsch d'nämlecht denkt an datt déi allermeescht vun eis bei hirer leschter Entscheedung op hirem leschte Wee, op alle Fall deem op dëser Äerd, sech net vun engem anere virschreiwe loossen, wat fir ee Wee fir hien dee beschten oder deen eenzege Wee soll sinn, mä datt déi allermeescht vun eis selwer entscheede wëllen.

Fir mech war dat dat wichtegst Element bei dëser Debatt; net, wéi mir hei perséinlech iwwer eist Liewensenn denken, mä datt deen, dee vläicht anescht denkt, och säi Choix kritt bei senger allerleschter Entscheedung a selbstverständlech ënner strikte Viraussetzungen. An déi si fir mech strikt, méi strikt, wéi se beim éischte Vote waren.

Et geet fir mech ganz einfach net ëm meng Astellung. Et geet ëm deem seng, dee mat enger onheelbarer Krankheet diagnostizéiert ass, dee keng Heelungs- oder Verbesserungschancen huet, deen, deen ouni Drock - well esou steet et dran - seng fräi Meenung kann ausdrécken a répétitif formuléiert huet, datt hien net esou liewe wëllt, well dat, wat him bleift, fir hien net méi liewenswäert ass, obschonn hien opgekläert gouf, wat hien nach alles fir Méiglechkeeten huet, fir ebe grad de Kampf net opzeginn an ze begleeden.

An eréischt dann, wann hie selwer fir sech de Kampf verluer huet, wann hie sech opginn huet, wann hien net méi wëllt an net méi kann, eréischt dann, léif Kolleegen, da musse mer hien och kënne goe loossen. Och déi Leit hu fir mech e Recht, am Fridden ze stierwen.

Hei ass et einfach net u mir als Politiker, fir si ze entscheeden. Mä et ass u mir, fir déi Méiglechkeeten, déi elo scho praktizéiert ginn, legal ze encadréieren an esou gréisstméiglech Abusen ze verhënneren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Mme Nancy Arendt** *(CSV)*.- Ech sinn dovunner iwwerzeegt, datt souguer wa mer et géife fäerdeg bréngen, eng perfekt fonctionnéierend Palliativmedezin a ganz Lëtzebuerg op d'Been ze setzen - an ech zweifelen net drun, datt mer dat fäerdeg bréngen, mat deenen allermotivéiertsten Dokteren a Fleegepersonal, déi omniprësent an alleguerten um allerleschte Stand vun der Schmäerztherapie sinn, souguer da wäerten et awer ëmmer Leit ginn, déi fir sech an der Palliativmedezin keng Léisung gesinn. An och wann et der net vill sinn, an d'Praxis an d'Erfahrung aus deenen anere Länner, wou déi aktiv Stierfhëllef scho praktizéiert gëtt, beweist eis jo, datt dat just Ausnahme sinn, da muss een och deenen hire Wëlle kënnen akzeptéieren.

Ech hu Schwieregkeeten, d'Iddi, fir d'Kommissioun ex ante, also virdrun ze maachen, ze ënnerstëtzen. D'Auteure si jo och de Mueren am Detail dorop agaangen, den Här Bodry och, an ech wäert elo net nach eng Kéier alles dat widderhuelen.

Et ass och net nëmmen, well de Statsrot dës Propos ofgelehnt huet, mä well ech ganz genau weess, dat geet aus de Statistiken ervir, datt déi Leit, déi sech fir d'aktiv Stierfhëllef entscheed hunn, iwwer 90% Mënsche sinn, déi am allerleschte Stadium Kriibs sinn. Also just kuerz, e puer Deeg virum Doud sinn. A fir se dann nach durch onnéideg Prozeduren opzehalen, bis se dann awer vläicht vum selwe gestuerwe sinn, ass fir mech schwéier ze akzeptéieren.

Déi Mënschen hu jo och scho genuch matgemaach. Wéi schlecht muss et engem sinn, bis datt ee sech wëllt opginn! Déi si sech all eens. An héchstwahrscheinlech och mat hirer Famill. An déi bieden, fir erléist ze ginn.

Mir kréien ni d'Sécherheet, datt all Feeler vermidde ka ginn, ob d'Kommissioun virdrun oder duerno ass. Och net bei de Patienten, déi nach voll am Liewe stinn. Ech denken, et ass wichteg, datt et se gëtt, och wa se ex post bleift, well den Dokter bestëmmt zwee- oder dräimol iwwerleet, ob e wierklech alles richteg gemaach huet. Ob en alleguer d'Méiglechkeeten ausgeschöpft huet. Ob en alles erkläert huet, wat et nach fir Méiglechkeete gëtt. An en iwwerleet sech ganz sécher e puermol, ob en all déi Viraussetzungen, déi festgeluecht gi sinn, och wierklech agehalen huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et kéint ee wahrscheinlech nach méintlaang weider iwwerleeën an driwwer schwätzen, bis datt een all Zweifel aus dem Wee geraumt hätt, wéi wäit ee wëllt dës Richtung agrenzen a wéi wäit ee wëllt goen. A wat ass dann d'Ausnahm vun der Ausnahm? A wie gëtt sech dann och d'Recht, hei ze jugéieren, wat dann esou eng Ausnahm ass?

Vläicht ass fir deen, deen net direkt betraff ass, dee vu baussen observéiert, eng Ausnahm deen, deen net méi selwer ootme kann, deen net méi selwer iesse kann, dee sech net méi bewege kann, deem seng Péng se net kontrolléiert kréien a wou vläicht deen een oder deen anere sech heemlech freet, wéi deen esou eppes aushält, ob dat iwwerhaapt nach liewenswäert ass. Mä deen, deen doläit, dee fënnt dat net. Well en hofft a well e kämpft. A well en net opgëtt. A well en dat Leiden als en Deel vu sengem Liewen akzeptéiert an erdréit. A well e wëllt liewe bis zum Schluss. Well dat fir hien nach liewenswäert ass. An dat ass säi gutt Recht. Kee vun eis gesäit dat anescht.

Mä vläicht ass et eben och ëmgedréint an et ass deen, deen nach selwer ësst an otemt, dee seet, hie wär dës Ausnahm. Well en net méi geheelt ka ginn, eng Maladie sans issue huet. Well e keng Chance méi gesäit. Well e keng Hoffnung méi huet, keng Kraaft a keng Loscht méi huet a seng Péng fir hien net méi ze erdroen ass. Well en net méi kann. Well fir hien dat kee Liewe méi ass a well en net méi liewe wëllt. A well e wëllt erléist ginn.

Mä säi Partner oder säi Meedchen oder säi Papp seet, hien ass keng vun deenen Ausnahmen, well hien en net wëllt opginn a well hien e wëllt bei sech behalen. A well hien en net wëllt goe loossen a well hie fir e kämpfe wëllt.

Wien entscheet dann hei, wien eng Ausnahm ass a wien net?

Hei ass et net um Meedchen an et ass och net um Papp oder um Mann, an et ass och scho guer net un enger Kommissioun, fir ze jugéieren, an och net un eis, fir ze jugéieren, wann een ënnert d'Viraussetzunge fält, déi mir festgeluecht hunn, déi d'Auteure festgesat hunn, wien nach soll a wien nach kann a wien net. Ech fannen, datt dat nëmmen dee selwer ass, deen hei kann entscheeden, ob hien nach kann an ob hien et nach packt.

Här President, ech si fir mech scho virun e puer Méint zu menger Konklusioun komm, an ech hoffen, datt se weider respektéiert gëtt, gradesou wéi ech déi Mënsche respektéieren, déi fir sech zu enger anerer Konklusioun komm sinn. Si huet och elo net geännert. Au contraire, si huet sech verstäerkt.

Ech wëll alle Kolleegen heibanne Merci soe fir déi interessant Gespréicher, déi mer haten, mat all deene verschiddene Meenungen, an et war ëmmer mam Respekt zu deem anere senger Meenung. Ech soe jiddwerengem Merci fir déi Zäit, déi e sech geholl huet, fir mat mir driwwer ze schwätzen.

Dës Propositioun ass fir mech perséinlech elo vill besser wéi déi virdrun. Si ass méi strikt a si ass méi sécher. An eenzel Schwieregkeeten, déi mir besonnesch um Häerz louchen, sinn eraus: déi dement Leit an d'Kanner tëschent 16 an 18 Joer. Et ass alles gesot.

Ech wéilt Merci soen, datt hei d'Gewëssensfräiheet zougesprach ginn ass, an et ka fir mech selbstverständlech nëmmen esou sinn, datt dat bei der ganzer Thematik de Fall ass. Et huet ee se oder et huet ee se net. Dat geet net stéckerchersweis, heifir Jo an duerfir vläicht Neen. Well dat Ganzt ass nun eben emol e Ganzt. An hei ännert ee seng Meenung net vun haut op muer.

Ech sinn iwwerzeegt, datt déi, déi sech getraut hunn, aus hirem vläicht übleche Kader sech erauszebewegen, dëst aus voller Iwwerzeegung gemaach hunn. A se sech guer net erlaabt hätten, méi fräi oder manner fräi ze denken an ze iwwerleeën, wann dës Gewëssensfräiheet net déi absolut Viraussetzung gewiescht wär.

Aus soss kengem anere Grond huet ee sech getraut. An ech denken, et ass grad dat, wat d'Mënschen dobausse vun hire Vertrieder bei dësem esou essenziellen Thema verlaangt hunn: op där enger wéi op där anerer Säit eis éierlech Meenung ze soen. Weider näischt aneschters hunn ech gemaach.

Ech soe Merci, datt ech meng perséinlech Meenung behale konnt. Et weist mir, datt do, wou ech an der Partei sinn, datt dat eng staark Partei ass, eng Vollekspartei ass. Déi eben och ënnert hiren Deputéierte Mënschen huet, déi eben net all d'nämlecht denken. An ech si frou, an där Partei ze sinn.

Här President, léif Kolleegen, zum Schluss wéilt ech op en Zitat zréckkommen, wat mech bei all eisen Diskussiounen zu dëser Thematik ëmmer erëm verfollegt huet. Dat, wat just indirekt mam Thema ze dinn huet, mä wat mech awer ëmmer erëm frësch beschäftegt huet, nämlech dat vum Här Dokter Leonetti. Hie sot oder hien huet sech gefrot: «Le corps est-il négociable (…)?»

Senger Meenung no net. An ech kann em jo och net méi wéi Recht ginn. Fir mech däerf de Kierper och net négociable sinn.

Mä ech weess net, ob den Här Leonetti net weess, a wat fir enger Welt mir liewen. Well d'Realitéit ass eng ganz aner. Ech muss ganz éierlech gestoen, datt mir alleguerten, all déi, déi sech esou Gedanke maachen iwwer eng Gesellschaft, déi zouléisst, datt déi puer Leit, och wa jiddwereen als Eenzelne wichteg ass, déi net méi wëllen an net méi kënnen, hirem Wonsch, fir éischter erléist ze ginn, wa se an esou enger aussiichtsloser Lag sinn, nozekommen, deen nämlechten Asaz weisen, wann eng Gesellschaft zouléisst, datt Millioune vu Kanner a Frae weltwäit all Dag négociéiert a verkaaft ginn. An déi allermeescht vun hinne sech dat net gewënscht hunn an de ganze Rescht vun hirem Liewen nach viru sech hunn an domadder liewe mussen.

Här President, zum Schluss: Ech sinn iwwerzeegt, datt, wann een souguer net perséinlech fir déi aktiv Stierfhëllef ass, een awer dësen Text stëmme kann. Well et jo hei ëm déi Mënsche geet, déi fir eng aktiv Stierfhëllef sinn, an net ëm déi, déi dergéint sinn. Well déi, déi dergéint sinn, déi hu jo hire Choix!

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**Une voix**.- Bravo! Bravo!

**M. le Président**.- Merci, Madame Arendt. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Goerens.

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech mengen et géif esou lues Zäit ginn, datt mer de Gruef géifen zoutippen. Meng Virriednerin, där ech wëll félicitéiere fir hir Opriichtegkeet an hir Éierlechkeet, huet do schonn e gudden Ufank gemaach.

Ech wollt ufänke wéi si a soen, datt ech och net am Numm vu menger Fraktioun schwätzen. Ech schwätzen hei a mengem ganz perséinlechen Numm. Ech hat eng Kéier op engem Parteikongress gesot: Wann ee mer eng Kéier kann ënnerstellen, et wier awer och nëmmen e Schiet vun engem Drock ausgeübt ginn op ee vu mengen néng Kolleegen, an e ka mer dat beweisen, da ginn ech nach an der Sekonn meng Demissioun als Fraktiounschef.

Hei ass och eng vun deene wéinegen Entscheedungen, déi mir selwer schwéier gefall sinn. Ech ginn zou, ech sinn hei e laangen Zickzackkurs gefuer. Well ech ganz onsécher war an deem Dossier.

Ech hunn och meng Meenung net gebilt an der Fraktioun. Ech hu meng Meenung gebilt mat menger Fra, mat menge Kanner a mat mengen Elteren. An ech hu versicht erauszefannen, ob mer iwwert datselwecht géife schwätzen.

Ech war erstaunt ze remarquéieren, datt meng Elteren, déi am Fong net vu Beruff aus prédestinéiert si fir Gesetzer ze liesen, hoergenee woussten, wourëm datt et géing. À la fin du compte hunn ech awer selwer missen tranchéieren.

Ech hunn esou tranchéiert wéi ech et am éischte Vote hei gemaach hunn an ech wollt och nach eng Kéier kuerz soen, datt deen Entscheedungsprozess do keen einfachen ass. A well ech weess, wat ech alles duerchgemaach hunn an deem Dossier, verstinn ech, datt aner Leit aner Meenungen äusseren doriwwer. An et géif mer am Dram net afalen, fir iwwer iergendeen hierzefalen.

Ech mengen, wa mer eis wéinstens kéinten dorop eenegen, datt mer géife respektéieren, datt et net eng Wourecht gëtt, mä „que la vérité est plurielle", dann hätt dee Gruef, dee mer elo hei hunn an dee muttwëlleg déif gemaach ginn ass a leschter Zäit, ni dierfen entstoen.

Ech hat gehofft, datt mer alleguerten heibannen - an elo ass heibannen den Débat jo nach gaangen.

***(Interruptions)***

Ech hu gesot, elo ass e jo nach gaangen. En ass och net vun dobaussen onwahrscheinlech vill responsabiliséiert ginn.

Vu datt et schonn x-mol gesot ginn ass heibannen, wëll ech net op eng Partie Saachen zréckkommen, déi dobaussen zirkuléieren, kollektiv Fantasmen. Ech wëll nëmme just een erausheulen: Ech fannen et schued, datt Leit gleewe gedoe ginn, déi e gewëssenen Alter hunn, datt si elo mussen dru gleewen. Wéi déif muss ee falen, fir sech un esou enger Psychos ze bedeelegen? Dat solle mer eis emol jiddweree froen.

Wier et dann net méi einfach, an enger Diskussioun, déi esou komplizéiert ass, mir géifen einfach akzeptéieren, datt eleng duerch eng Presentatioun vun de Fakten, an zwar dat, wat am Gesetz oder an der Proposition

de loi steet, wa mer dat emol géife presentéieren dobaussen esou wéi et dosteet? Quitte datt een do ganz vill Désaccordë begéint, mä datt wéinstens dat a senger Véridicitéit eriwwerkéim. Dann hätte mer scho ganz vill gemaach an da géife mer dee Gruef net muttwëlleg méi breet maachen.

Well wa mer eis nëmmen un déi geplangten Dispositiounen halen an un d'Fakten, ass wéi gesot déi Diskussioun hei nach schwéier genuch. Firwat ass dat esou schwéier?

Mä well an deem Gesetz hei geet et souwuel ëm d'Leide vu Mënschen, woubäi Leide vill ze vill schwaach ausgedréckt ass, fir dat erëmzeginn, wat een emfënnt, wann een iwwert déi do Fäll schwätzt. Et geet ëm d'Leide vu Mënschen an et geet och ëm Prinzipië wéi zum Beispill dee vum Respekt vum Liewen oder de Prinzip vun der Irréductibilitéit vun der mënschlecher Dignitéit.

Wann ech mech elo mental - dat ass deen Zickzackkurs, op deen ech d'éinescht higewisen hunn - bei d'Bett vun engem Patient stellen, esou wéi d'Madame Arendt et beschriwwen huet: Dat Allerlescht, wat mer do afält, ass Polemik. Dat Allerlescht, wat mer do afält, dat sinn «des sentiments de refus» fir dat op mech awierken ze loossen, wat deen emfënnt. Dat Allerlescht, wat mer do afält, ass Parteipolitik.

Wann ech awer e bësse vum Bett zréckginn, ech maachen e puer Schrëtt zréck oder ech ginn nach e bësse méi wäit zréck, an ech ginn an e Sall wou mer an engem akademesche Kader iwwer Prinzipien diskutéieren - a gleeft mer et, ech maachen dat immens gär, an et ass esou flott wann ee sech an enger Diskussioun ka fest u seng Prinzipië klameren an et brauch een nëmme just no de Prinzipien ze kucken -, dann ass d'Léisung op eemol ganz einfach.

Wann ech awer dann erëm zréck bei d'Bett gi vun deem Patient, dann ass et op eemol net méi esou einfach. Da gesinn ech eppes op mech duerkommen, wat ech schonn eng Kéier erlieft hunn 1995. Ech hu vun engem Geeschtlechen en Telefonsuruff kritt - ech war deemools am Europaparlament -, deen huet gesot, d'Politik verseet op eng Manéier, déi net ze veräntwerten ass a Bosnien-Herzegowina.

Ech kommen dorobber zréck, well deeselwechte Geeschtlechen huet mech och elo ugeruff am Kader vun dëser Debatt. An ech hunn em dës Kéier geäntwert: „Ech hunn Iech deemools eng ganz domm Äntwert ginn. Ech hunn Iech deemools gesot, et gëtt Prinzipien am internationale Völkerrecht, déi kënne mer net verletzen." An ech hunn him esou Saache gesot wéi Unantastbarkeet vun de Grenzen an et däerf een net d'Souveränitéit vun engem Stat attackéieren. Dat geet net.

De Geeschtlechen huet mer deemools gesot, dat wier eng Äntwert, déi reng op Prinzipië sech géif reduzéieren, mä déi Prinzipië kéimen nach net bei de Mënschen un. Wéi Recht datt en hat, hu mer bei Srebrenica gesinn!

Ech wëll hei net iwwer Srebrenica schwätzen, mä ech wëll awer soen, datt dee klasseschen Dilemma, an deem mer eis hei befannen, genau deeselwechten ass. An et ass dat, wat d'Politik esou schwéier mécht. All Kéiers dann, wa Prinzipien net méi un de Mënsch erukommen an et begéint een dem Mënsch an deem, wat e verlaangt, net méi ganz, dann hu mer e seriöe Problem.

Déi eng tranchéieren esou, déi aner esou. Op kee Fall huet een d'Recht, egal wéi een tranchéiert, fir eng aner Realitéit ze iwwersinn, nämlech déi, datt de Mënsch e relationellt Wiesen ass an datt en den Zousproch vu jiddwerengem verdéngt, deen e begéint. Déi eng kënnen em méi hëllefen, déi aner kënnen em manner hëllefen.

Ech hu keen héieren, deen net bereet ass an dee refuséiert, fir deem Mënsch, mat deem, wat hie ka vertrieden, ze hëllefen. Da loosse mer wéinstens dat festhalen an dat net och nach erkenne loossen, andeem mer de Gruef nach méi déif maachen!

Zréck bei d'Stierfhëllef. Wa mer eppes décidéieren, dann hu mer dovun d'Konsequenzen ze droen. Déi sinn haut ganz prezis beschriwwe ginn.

Wa mer näischt décidéieren, wann d'Gesetz net gestëmmt gëtt, huet dat da keng Konsequenzen? Oder fir et anescht auszedrécken: Wann dat Gesetz hei gestëmmt gëtt, ass d'Welt dann net méi an der Rei?

Da woen ech awer emol un dat ze erënneren, wat mer an all deene Gespréicher matkrute vu Leit dobaussen aus der Société civile, vu Leit, déi e léiwe Mënsch verluer hunn an déi gesot hunn, et ass awer op eemol séier gaangen. Ech weess net, wat ech kann domadder ufänken, well ech war ni derbäi. Et sinn der heibannen, déi wësse méi domadder unzefänken. Oder wat d'Doktere gesot hunn. Oder wat Eenzelner souguer behaapt hunn.

Ech wéisst emol gär, wa mer d'Debatt hei wierklech ganz opriichteg féieren, wat erauskomm wier iwwert déi aktuell Praxis, Lëtzebuerg wie gehabt, wat dann erauskomm wier, wa mer eng Enquêtëkommissioun gemaach hätten a mir hätten all deene vagen Undeitungen a Rumeuren emol eng Kéier Glawe geschenkt a mir hätten ënner Eed alleguer déi aussoe gelooss, déi doriwwer bericht hunn. Ech wier emol wierklech gespaant, ob dann nach als Resultat vun där Kommissioun déi „heile Welt" hätt kënne festgehale ginn.

Wat geschitt also, wa mer elo légiféréieren a wann déi Proposition de loi hei a Kraaft gesat gëtt?

Ech ginn emol dovun aus, datt dann och nach wie vor dat gëllt, wat ech d'éinescht gesot hunn, datt jiddwereen sech drëm beméit, fir deenen, déi wierklech an enger exekrabeler Situatioun sinn, déi Souffrancen ze erdroen hunn, mat deene se eleng net fäerdeg ginn, ze hëllefen.

Mir kréien eng Palliativmedezin, déi, hoffen ech, flächendeckend kann appliséiert ginn an déi net un iergendenger budgetärer Lacune scheitert. Mä et wäerte Fäll bleiwen, an dat ass och meng Lecture vun der Situatioun, wou d'Qualen esou grouss sinn, datt de Patient mat där Method eleng senge Souffrancen net kann en Enn setzen.

Hu mer awer e Gesetz, wat déi Fäll regelt, stelle mer sécher, datt et legal Konditioune ginn, déi menger Meenung no awer strikt genuch virschreiwen, wat ze geschéien huet.

Hu mer awer kee Gesetz, geschitt dann näischt? Oh dach! Da geschitt awer eppes. Da geet et esou viru wéi bis elo. An da gi mer eis an de Schiet vun deem Monument vun Hypokrisie setzen a mir kënnen eis da géigesäiteg Geschichten zielen a soen, d'Welt wier an der Rei. D'Welt ass awer dann net an der Rei. Hei si mer dann total am groe Beräich.

Dat, wat ech fäerten - ech si meng Ängschten nach net alleguerte lass, Här President -, dat, wat ech fäerten, dat ass, datt de groe Beräich sech anzwousch anescht verlagert gëtt. Ech gesi manner Geforen - et ka keen eis eng Garantie ginn, datt dat Gesetz hei éiweg ouni Pann appliséiert gëtt - an deene Fäll, déi virgeholl ginn am Kader vun der Applikatioun vun dësem Gesetz, wéi ausserhalb vun där Zon, wou mer net, wéi gesot, am gréngen, mä am groe Beräich sinn.

Mir sinn an deem groe Beräich am Fong an deem gudden ale Lëtzebuerger Modell. Jiddwereen huet eppes héieren, awer kee wëllt eppes gesot hunn. Da kommt mir halen op mat där Hypokrisie a mir soen eis, trotz allen Differenzen, was Sache ist a wou mer kënnen Abusen évitéieren! Et ka keen heibannen en Intérêt drun hunn, datt mer déi do Praxis, an déi bal iwwer all Lëpse kënnt, virun toleréieren, ouni datt mer iergendeppes géinstellen.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Et kann eis net duergoen, datt nëmmen d'Fassad intakt ass, an datt mer eis net ëm dat bekëmmeren, wat hannert de Mauere passéiert. Ech ginn offen zou, datt ech net dee gewiescht wier, deen de Courage gehat hätt, fir dës Diskussioun un d'Rullen ze kréien. Ech hu mech der Diskussioun eréischt gestallt, wéi ech net méi derlaanscht komm sinn, fir an deem doten Dossier Faarf ze bekennen. Dir kënnt dat als Feigheet bezeechnen, ech huelen dee Virworf gär un, mä et ass awer esou, datt et Leit gëtt, déi den Thema Doud verdrängen. Ech sinn e liewensbejoende Mënsch an ech hunn ëmmer versicht, déi do Realitéit vum Liewen auszeblenden. Dës Kéier kommen ech net derlaanscht, an duerfir och déi doten Décisioun.

Här President, Lëtzebuerg befënnt sech haut, den 18. Dezember, an enger net onbedenklecher Situatioun. Et brauch ee sech wierklech net méi vill afalen ze loossen, fir dëst Land à feu et à sang ze setzen. Zwee oder dräi Leit, oder fënnef, kënne méi zu Fall bréngen, kuerzfristeg, wéi der 500 oder 1.000 kënnen opriichten. Ech verkéieren elo scho laang an deem Gebai hei, ongeféier 30 Joer, ech hu bis elo souzesoe praktesch kee begéint, wann een u säi gudde Wëllen appeléiert, deen net bereet wier, eng Hand mat unzepaken, fir déi gréisste Gefor, déi mer hei zu Lëtzebuerg hunn, ofzewenden, nämlech déi vum Broch vun der sozialer Kohesioun.

Et ass dat, fir dat et sech rentéiert, hei am Land anzetrieden, an et ass dat, wat eis am Fong misst héich an helleg sinn, an et ass dat, wat mer mussen hikréien andeems mer alleguer eng Schëpp an de Grapp huelen an dee Gruef do zoutippen. Et sinn enorm Efforten noutwendeg, fir eisen nach bis elo exemplaresch fonctionnéierende Modell, dee wéi gesot vun enger grousser sozialer Kohesioun geprägt ass, ze halen. Da loosse mer dat net muttwëlleg op d'Spill setzen!

Ech wollt zum Schluss e puer Pisten opzeechnen, déi eis hëllefe kéinten, doriwwer ewechzekommen. Ech fannen et gehéiert zu deenen nobele Reflexer an der Politik, datt ee sech op d'Säit vun deene Schwaachen, vun deene Kranken, vun deenen onheelbar Kranken, vun deenen ënner grousse physeschen a psychesche Souffrancë leidende Mënsche stellt. Sech op deenen hir Säit stellen, dat wëllen déi, déi d'Soins palliatifs befürworten. Dat si mer alleguer. Sech op deenen hir Säit stellen, dat wëllen awer och déi, déi fir d'aktiv Stierfhëllef sinn.

Et konnt bis haut nach kee mir beweisen, datt et hei am Land 70% Leit ginn, déi sech éischter zum Banditentum higezu fillen, an 30%, déi zum oprechte Gank fäeg wieren. Déi Karikatur entsprécht net dem Lëtzebuerger Wiesen. An déi Karikatur reflektéiert scho guer net dat erëm, wat mer heibannen alleguer wëllen. An ech schléissen och déi do Säit mat an, well och vun do si ganz vill Versich ënnerholl ginn - menger Meenung no, déi gëtt net vu jiddwerengem gedeelt -, fir ze kucke fir dee Gruef do ze iwwerbrécken.

Dat Zweet, wat ech wollt soen: Zu deenen nobelste Beruffer gehéieren déi vum Dokter a vum Infirmier, vum Soignant, déi, déi sech nieft dat Krankebett stellen, wou ech am Fong all Kéiers, wann ech mech mental dohinner stellen, meng Entscheedung erëm festegen. Kommt mir ginn deenen all Moyenen, datt net och nëmmen déi geréngste budgetär Lacune kann invoquéiert ginn, fir eppes ze justifiéieren, wat vun Eenzelnen net ka matgedroe ginn!

Drëttens, de Mënsch ass e relationellt Wiesen. Mir konnt och nach kee wäismaachen, datt deen, dee fir d'aktiv Stierfhëllef ass, net amstand ass, engem Kranke seng Hand ze reechen a sech bei deem säi Bett ze stellen an deem Zousproch ze ginn, an deen an eng positiv Logik eranzebréngen, dee mat an d'positiv Gedanken eriwwerzehuelen. Mir konnt - an ech hunn och nach wierklech keen esou begéint - nach kee beweisen, datt déi Leit net dozou fäeg sinn.

Et huet keen de Monopol vum Handhalen a vun der Proximitéit an de Gedanken a vun de Gefiller zu deene Leit. Ech mengen, si sinn alleguerte fäeg dat ze maachen. Da loosse mer och net maachen, wéi wann déi eng dat géife maachen an déi aner dat net. Ech mengen, si sinn alleguer bereet dat ze maachen, quitte datt se iwwer eenzel Moyenë verschiddener Meenung sinn.

Véiertens, d'Dignitéit. Wann eppes sech lount, fir sech derfir anzesetzen an der Politik, dann ass et fir d'Irréductibilitéit vum Dignitéitsprinzip. Déi gëllt deem, deen amgaang ass ze stierwen. Ech fanne mir sollen eis an eise Gespréicher, déi mer féieren, och erëm eng Kéier an der Optik fir de Gruef zouzetippen, esou behuelen, datt mer och ze erkenne ginn, datt mer och eng Dignitéit an deem erkennen, deen nach lieft an deen ënner Ëmstänn enger anerer Meenung ass wéi mir.

Fënneftens, ech kommen net derlaanscht fir e Wuert ze soen iwwert d'Kierch. Ech hu mat ganz ville Leit aus der katholescher Kierch geschwat. Ech gehéieren och nach zu deem Veräin. Ech sinn zwar elo kee Fanatiker, mä ech hunn dat do awer ni opginn. An ech fannen, datt e Land och ouni geeschteg Autoritéit net auskënnt. Mech huet am Fong net gestéiert, datt den Erzbëschof sech zu Wuert gemellt huet. Et hätt mech éischter gewonnert, wann hien dat net gemaach hätt. Mech huet awer och gewonnert, datt den Erzbëschof an deem, wat hien ausgedréckt huet, e korrekten Toun fonnt huet. En Toun, dee Gespréichskanäl offe léisst, en Toun, an deem eng aner Meenung zum Ausdrock kënnt, an en Toun, deen och Bräcke schléit zu Leit, déi net senger Meenung sinn.

Ech kann nëmme bedaueren, datt deen Toun, deen den Erzbëschof gewielt huet, an deen hie wahrscheinlech gewielt huet, fir ze weisen, op wéi engem Toun ee kann a soll schwätzen, ganz ënnerschiddlech suivéiert ginn ass. Ech muss Iech awer soen, datt ech och zimlech iwwerrascht sinn, net datt Leit sech an Italien Gedanke maachen, oder zu Roum Gedanke maachen heiriwwer. Mir sinn an enger globaler Welt, an d'Kierch huet eng global Postur, si kann dat maachen.

Dat, wat mech awer stéiert… Mir hu jo och Gespréichskanäl an diplomatesch Relatioune mam Vatikan… Et sinn heibanne Leit, déi géife sech awer eng Fro stellen: Wann de Verhältnismëissegkeetsprinzip misst zur Uwennung kommen, dann ass awer eng Fro erlaabt, nämlech déi: Déiselwecht Kierch, déi sech elo aus hirer Siicht vläicht zu Recht Gedanke mécht iwwert dat, wat geschitt, déiselwecht Kierch huet wéineg protestéiert an anere Phasë vun der Geschicht, an ech erënneren un déi, déi tëschent 1933 an 1945 war. Meng Fro ass déi: Firwat deemools bei esou vill Onrecht esou wéineg Protest?

Här President, ech wollt ofschléissen a soen, datt, wa mer d'Entmënschlechung vun eiser Gesellschaft wëllen thematiséieren, da si mer um Holzwee, wa mer se ausschliesslech an dësem Domän an an d'Uwendung vun dësem Gesetz siche ginn. D'Entmënschlechung vun der Gesellschaft ass eng Realitéit. Wann ech Wierder huelen, an Dir braucht nëmme just d'Unwörter des Jahres ze huelen, déi lescht, do kommen esou Wierder vir wéi „Humankapital". „Humankapital", wéi wäit oder wéi wéineg stellt eng Gesellschaft sech nach Froen, déi de Mënsch am Fong op eng Kapitaldimensioun reduzéiert?

Oder „Zellhaufen". Wéi déif ass ee gesonk, wann een de Mënsch op dat do reduzéiert? Oder „durchrasste Gesellschaft"? Dir kënnt dat nokucken, ech wëll Iech wierklech erspueren, wien dat gesot huet. Mä dat ass e Mann, dee ganz staark ugesinn ass an der Gesellschaft, dee vun enger „durchrasste Gesellschaft" geschwat huet.

Dir kënnt och noliesen oder vläicht Iech erënneren, datt et net recommandabel ass, fir Leit aus gewëssene Quartiere mat dem Begréff „Racaille" ze bezeechnen, déi ee mam Kärcher kann ewechmaachen. Déi hunn awer e gutt Verhältnis, déi Leit, déi dat do soen, zu deenen, déi moralesch Wäerter ganz héich halen.

Här President, déi Biesemen, mat deenen zu Lëtzebuerg gekiert gëtt, déi wierken ënner anerem duerfir nach nei, obscho se scho ganz al sinn, well se zimlech geschount goufen a fréiere Phasen. Ech wollt och all deene Merci soen, wéi meng Virriednerin, déi sech an dësem schwieregen Dossier wierklech derduerchgequält hunn. De Konträr wier net gutt. Grad wéi et och net gutt ass, datt eng Partie Leit sech ganz schnell konnte fir d'aktiv Stierfhëllef bekennen, ouni datt se wierklech woussten, wourëm et géing. Och mat deene musse mer schwätzen, an duerfir schenken ech deene Statistiken an deene Sondagen, déi doriwwer gefouert ginn, null Wäert.

Eenzeg an eleng ausschlaggebend an dëser Fro ass deem Eenzelne säi Gewëssen. Dat ass net einfach, mä maacht deenen et wann ech gelift net muttwëlleg schwéier. Maacht deenen et net muttwëlleg schwéier, déi versichen duerno ze handelen an ze mengen, si hätten domadder dat Bescht gemaach, wat se konnten, fir dozou bäizedroen, datt dës Gesellschaft e bësse méi mënschlech gëtt.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Goerens. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Bausch.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer a menger kuerzer Interventioun, déi mer awer wichteg ass, net méi weider op den Inhalt vum Text anzegoen - ech mengen, dat ass wierklech en long et en large gemaach ginn -, mä et geet mer drëms, a kuerze Wierder eng Rei mir eege philosophesch Iwwerleeungen eranzebréngen, firwat ech haut esou stëmme wéi ech ofstëmmen, an dann um Schluss awer och eng Konklusioun ze zéien.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir beschäftegen eis haut mat Liewen an Doud. Dat ass en Themeberäich, deen d'Mënschen enorm beweegt, esou datt se och kontrovers op eng Aart a Weis doriwwer diskutéieren, an dat aus zwee grousse Grënn.

Deen éischten ass emol d'Liewen an den Doud als solches. Den Doud ass an eiser Gesellschaft eppes, zemools an eise sougenannte westleche Gesellschaften, wou mer eis ganz schwéier domat dinn. Mir hunn

eigentlech e ganz komplizéierten a schwéieren Ëmgank mam Doud. Dat ass net an alle Gesellschaften esou. Et war och net ëmmer esou. Dat huet och philosophesch, reliéis Hannergrënn, kulturell Hannergrënn, mä Fait ass, datt mer e schwéieren Ëmgank mam Doud hunn.

Déi eng, déi betraff sinn, déi kuerz virdru stinn, déi hunn Ängschten, déi si vun der Angscht betraff, an déi, déi niewendru stinn, déi iwwreg bleiwen, déi si vum Leed getraff. Ech hunn dat och selwer eng Kéier misse perséinlech materliewen, bei enger Persoun, déi mer extrem nostoung, déi ganz jonk gestuerwen ass, wéivill Schwieregkeeten ech eigentlech perséinlech hat, fir mat där Persoun an deene leschten Deeg iwwert den Doud ze schwätzen. Ech maache mer haut nach de Virworf, datt ech dozou onfäeg war, datt ech haut, no Reflexioun, duerno gemierkt hunn, datt déi Persoun enorm Besoinen hat, fir iwwert den Doud ze schwätzen, ech awer dozou onfäeg war, well ech einfach den Doud net wollt gesinn, den Doud op mech projezéiert hunn, du meng eegen Ängschte kritt hunn, an dat d'Saach sécherlech net méi einfach mécht.

Et ass awer och esou, datt een zweete Punkt bei där Diskussioun do extrem vill matspillt, wann et ëm Liewen an ëm Doud geet, well do spillen natierlech philosophesch an och reliéis oder aner Weltanschauunge mat. A jee nodeem, wéi een d'Ausenanersetzung philosophesch oder reliéis féiert, oder wéi wäit ee se dreift, ka se extrem hefteg ginn. Jo, si ka souguer verletzend ginn, fir net ze soen extrem verletzend ginn.

D'Froestellung, ëm déi et haut geet, ass fir mech perséinlech eigentlech einfach. Et geet fir mech ëm d'Recht fir d'Selbstbestëmmung vum Mënsch. Et ass meng philosophesch a weltanschaulech Iwwerzeegung, datt all Mënsch d'Recht huet, selwer iwwer säi Liewen ze entscheeden. Dëst ass eng laizistesch Weltanschauung, eng laizistesch Haltung, wat meng eegen ass, an et ass ganz natierlech, datt et schwiereg ass, déi an Aklang ze brénge mat der Meenung vun anere Matmënschen, déi zum Beispill dru gleewen, datt net den Eenzelne selwer iwwer säi Liewen ze entscheeden huet, mä datt eleng Gott iwwert d'Liewen an den Doud kann entscheeden.

Mir kënne laang iwwer meng Astellung par rapport zu aner Leit hirer Astellung - déi déi hunn an déi ech respektéieren, esou wéi si mat Sécherheet jo och meng wäerte respektéieren - diskutéieren, mä mir kommen do wahrscheinlech kaum op e gemeinsamen Nenner an där Astellung. Et kann een dat esou gesinn, an ech hu gesot, ech respektéieren dat och. Mä wat ech net ka respektéieren oder och net wëll respektéieren an och net kann akzeptéieren, dat ass, datt eng Weltanschauung enger anerer hir Meenung iwwer Liewen an Doud kann duerch gesetzlech Veruerdnung opzwéngen. An dat ass d'Situatioun, an där mer haut sinn.

An ech muss soen, dee Saz, deen d'Madame Kemp-Arendt virdru gesot huet, deen huet eigentlech bal alles gesot. Dee Saz, wou se gesot huet, eigentlech misst jiddwereen heibannen dat Gesetz iwwer Euthanasie kënne stëmmen, well déi eng behalen dat, wat se hunn, an déi aner kréien dat, wat se de Moment nach net hunn. Et ass genee dat, ëm wat et eigentlech geet bei där doter Fro.

Meng perséinlech Liewensphilosophie, déi baut op op déi universell Deklaratioun vun de Mënscherechter. Déi garantéiert ënner anerem philosophesch a reliéis Fräiheeten an d'Recht, déi och kënne fräi auszedrécken. An och de Stat muss garantéieren, an enger neutraler Optik, datt jiddweree seng perséinlech reliéis a philosophesch Meenunge kann ausdrécken an och ausliewen. Déi Deklaratioun iwwert d'Mënscherechter garantéiert awer och d'Recht op Selbstbestëmmung ebe vun all Mënsch a vun all Vollek. An an deem Sënn hunn ech mech och fir d'Recht op Selbstbestëmmung um Liewensenn entscheed, an aus deene Grënn ass et fir mech och kloer, datt ech fir déi Proposition de loi wäert stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir wäerten haut elo, no enger laanger Debatt, doriwwer entscheeden. Ech betounen: no enger laanger Debatt. Well d'Debatt ass jo net eréischt ugaange wéi virun annerhallwem Joer ongeféier d'Regierung sech entscheed huet, duerch eng Deklaratioun vum Premierminister - déi ech eigentlech extrem positiv fonnt hunn an esou engem Domän wéi deem heiten -, datt d'Parlament hei soll fräi entscheeden, an all Deputéierten no sengem Gewëssen an no senger Liewensastellung hei soll entscheeden, mä déi Diskussioun hu mer jo scho laang virdru gefouert. Déi geet jo schonn an d'90er Joren zréck. Mir sinn eigentlech zënter zwielef, 13, 14 Joer an dësem Parlament amgaangen op déi eng oder aner Weis doriwwer ze diskutéieren. Mir wäerten haut, wéi gesot, doriwwer entscheeden. De Vote, deen haut wäert geholl ginn, an déi Entscheedung wäert ech als gudden Demokrat respektéieren, egal wéi dee Vote wäert ausgoen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, duerch déi Diskussioun, déi mer ronderëm dës Proposition de loi haten - déi laang Diskussioun, a virun allem déi Schlussphas vun där Diskussioun, déi haart, fir meng Begrëffer vill ze vill haart gefouert ginn ass -, sinn och mënschlech Wonne geschloe ginn. A grad mir mussen awer no dësem Vote, wann dëse Vote da fäerdeg ass, alles drusetzen, datt trotz alle Meenungsverschiddenheeten, déi eis trennen, déi Wonnen heele gelooss ginn, an datt déi vill ze déif Schützegrief, déi sech opgebaut haten, erëm zougeschott ginn.

Meenungsverschiddenheeten, ënnerschiddlech philosophesch oder reliéis Weltanschauungen däerfen net dozou féieren, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, datt eis Gesellschaft anzwee gerappt gëtt. Dat ka sécherlech net Sënn an Zil si vun esou enger wichteger Diskussioun. Déi gréng Fraktioun wëllt, wann dëse Vote fäerdeg ass, hëllefen déi Brécken ze schloen, fir datt et net zu engem Anzweesplécke vun der Gesellschaft kënnt. Mir hoffen, datt jiddwereen heibannen dat och esou gesäit an och mat dozou bäidréit.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Bausch. Nächste Riedner ass déi honorabel Madame Frank.

**Mme Marie-Josée Frank** *(CSV)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, haut de Moien, wéi mer iwwert d'Palliativgesetz heibannen diskutéiert hunn, hunn ech mech besser gefillt. Firwat? Well d'Palliativgesetz een allgemengt Recht schaaft, fir jiddwereen en fin de vie a senger Ganzheet ze encadréieren.

Et sinn haut de Moien a villen Diskussiounen hei ganz räsonnabel Argumenter duergeluecht ginn, wou ech all deenen, déi haut hei geschwat hunn, mäi Respekt ausdrécken. An awer bedaueren ech ganz staark, datt an den Aussoe vun haut de Mëtteg der vill vun hiren eegenen negativen Erfahrunge geschwat hunn, wann et ëm Stierwen an Doud an hirem enke Familljen- oder Bekanntekrees gaangen ass an duerfir elo en faveur vun der Euthanasie sinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, mir liewen haut am 21. Jorhonnert, an duerch de medezinesche Fortschrëtt an der Palliativbetreiung bräichten haut Patienten net méi ënner mënschenonwierdege Konditiounen ze stierwen, wann eng adequat Prise en charge garantéiert wier. Ech ginn zou, fréier hunn oft stierweskrank Mënsche missen onnëtz leiden, sinn onnëtz laang un enger Apparatmedezin hänke gelooss ginn, mä leider gëtt et dat och haut nach, well et nach Medeziner gëtt, déi nach kee palliative Reflex hunn, fir vun där kurativer an déi palliativ Phas iwwerzegoen. Dat ass och doduerch bedéngt, datt se nach net déi néideg Formatioune gemaach hunn.

Als Infirmière hunn ech och Situatiounen erlieft, déi mënschenonwierdeg waren. Ech kann a muss awer haut an hei bezeien, datt ech nimools a menger méi wéi 20-jähreger Praxis als Infirmière derbäi war, wou bewosst engem Mënsch sengem Liewen en Enn gesat ginn ass.

E Beispill: Et war eng eeler Patientin, déi ganz vill Péng hat a gejéimert huet. Ech hunn den Dokter gefrot: Muss déi Madame net méi Schmäerzmëttel kréien? Den Dokter huet ordonnéiert d'Dosis vum Morphium, dem Dipidolor eropzesetzen. Ech hunn dat gemaach, war nach e bësse bei der Patientin, si ass méi roueg ginn, ech sinn erausgaangen, sinn op eng Schell gaangen, sinn no kuerzer Zäit erëmkomm, an zu mengem Erstaune war d'Patientin dout. Dat huet mech schonn enorm erféiert. Weder den Dokter nach ech haten d'Intentioun der Madame hirem Liewe bewosst een Enn ze setzen, mä d'Zil war hir Schmäerzen ze reduzéieren. An dat ass, Kolleeginnen a Kolleegen, wat d'Palliativgesetz erlaabt.

An der Proposition de loi steet, datt den Akt vun der Euthanasie en Acte médical gëtt. Dat kann ech nimools akzeptéieren, datt d'Euthanasie als en Acte médical erlaabt ass. Kolleeginnen a Kolleegen, dat sprengt bei mir d'Rumm. Et ass hei vill vu Familljegeschichte geschwat ginn. Och ech hu meng Familljegeschicht, an hu vill positiv Erfahrungen um Liewensenn, zum Beispill bei menger Mamm, erlieft.

Aus Respekt vis-à-vis vu mir, menger Famill an all deenen, déi sech säit Jore mat Leif a Séil fir d'Implementéierung vun der Palliativmedezin asetzen, wäert ech ëmmer géint d'Euthanasie sinn a bleiwen. Ech bleiwe menger Grondiwwerzeegung trei, datt et derwäert ass sech fir d'Würd an de Schutz vum Mënsch bis zu sengem Liewensenn anzesetzen.

Ech kann och nimools och nëmme fir eng ofgeschwächte Form matstëmmen, och net fir eng Exception d'euthanasie. Ech fäerten den Abus an hunn och kee Vertrauen an eng Kontrollkommissioun, weder virdrun nach duerno. Well wie garantéiert, datt alles gemaach ginn ass fir d'Euthanasie ze verhënneren?

Fir mech ass d'Euthanasie, egal wéi een d'Kand nennt, egal wéi een et be- an ëmschreift, vun deem Moment u wou den Élément intentionnel um Spill steet, dat bewosst Doutmaachen, bewosst déi Sprëtz ginn, wou ee weess, elo gëtt a kierzester Zäit dem Liewen en Enn gesat.

Aus deene genannte Grënn, Kolleeginnen a Kolleegen, hoffen ech, datt Dir mäin negative Vote heibannen an dobausse respektéiert.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Madame Frank. Dann ass déi nächst Riednerin déi honorabel Madame Flesch.

**Mme Colette Flesch** *(DP)*.- Här President, léif Kolleegen a Kolleeginnen, fir d'alleréischt wëll ech der Santéskommissioun an de Rapporteure Merci soe fir déi vill Aarbecht, déi an der Kommissioun säit dem Vote vum 19. Februar geleescht ginn ass, notamment fir de Suergen a Bemierkunge vum Statsrot entgéintzekommen.

D'Rapportrice, d'Madame Err, an den Här Alex Bodry sinn op déi eenzel Ännerungen an Amendementer, déi vun der Kommissioun proposéiert ginn, agaangen an et brauch een net dorop zréckzekommen. Ech wéilt ënnersträichen, dass et mir schéngt, dass déi Amendementer an déi richteg Richtung ginn an dass domadder den Text verbessert ass.

Här President, zur Proposition de loi am Allgemenge kënnt ech dat widderhuelen, wat ech den 19. Februar gesot hunn, mat enger Ausnahm. Deemools hunn ech begréisst, dass d'Diskussioun manner vergëft war wéi beim Avortement. No den Evenementer vun de leschte Wochen, national an international, géif ech dat haut net méi woen ze behaapten.

Meng Attitüd zur Proposition de loi bleift déiselwecht. Ech wäert deen Text, esou wéi en ons haut virläit, stëmmen. Ech respektéieren d'Meenung vun deenen, déi enger anerer Meenung sinn.

Ech verstinn a respektéieren d'Haltung vun der kathoulescher Kierch. An hirer Optik ass déi Haltung legitim. D'Kierch muss awer wëssen, dass hir Haltung net vun alle Lëtzebuerger gedeelt ass an dass si d'Gesetzer net mécht, mä dass dëst Parlament d'Gesetzer mécht. Ech ka mech och net befrënne mat der Aart a Weis wéi verschidde Vertrieder a Frënn vun der Kierch hir Meenung zum Ausdrock bruecht hunn a versicht hunn, Drock op d'öffentlech an d'politesch Meenung ze maachen.

De Mëtteg si mer gewuer ginn, dass de Poopst selwer sech an d'Diskussioun agemëscht huet, wuel a méi verstännege Wierder wéi déi, déi verschidde vu senge Vertrieder gebraucht hunn. Mä nach.

De Poopst huet gemengt, deem neie Lëtzebuerger Ambassadeur beim Hellege Stull, dee seng Lettres de créance presentéiert huet, mussen ze soen - an ech zitéieren -: «Je voudrais (…) saisir aussi l'occasion de notre rencontre pour exprimer ma très vive préoccupation au sujet du texte de loi sur l'euthanasie et le suicide assisté, actuellement en débat au Parlement. Ce texte, accompagné par ailleurs et d'une manière contradictoire…» - ech widderhuelen: et d'une manière contradictoire - «…d'un autre projet qui contient d'heureuses dispositions législatives pour développer les soins palliatifs afin de rendre la souffrance plus supportable dans la phase finale de la maladie et favoriser pour le patient un accompagnement humain approprié, légitime concrètement la possibilité de mettre fin à la vie. Les responsables politiques, dont le devoir grave est de servir le bien de l'homme, tout comme les médecins et les familles, doivent se rappeler que la décision délibérée de priver un être humain innocent de sa vie est toujours mauvaise du point de vue moral et ne peut jamais être licite.» Enn vum Zitat.

Här President, ech expriméiere meng grave Préoccupatioun iwwert déi Interventioun. Ons Kolleege vun der CSV misste sech menger Meenung no och Gedanke maachen, ob hir Amendementer, déi si an der Kommissioun abruecht hunn, a besonnesch deen iwwert de Filtre palliatif, kompatibel si mat den Direktiven, déi mer elo vu Roum aus ze héiere kréien.

Zweetens, de Vatikanstat wär gutt beroden, sech drun ze erënneren, dass et an der Diplomatie en unerkannte Prinzip ass, sech net an d'intern Ugeleeënheete vun engem anere Land anzemëschen.

**Une voix**.- Do hutt Der ganz Recht, Madame Flesch.

**Mme Colette Flesch** *(DP)*.- Här President, seelen hu mir am Parlament d'Geleeënheet, ons iwwer Texter auszespriechen, déi jiddweree vun ons esou direkt an esou déif mënschlech beréieren. Seele si mer beruff, iwwer Texter ofzestëmmen, déi esou fundamental Froe wéi Liewen an Doud uspriechen. Seele si mer mat Texter konfrontéiert, déi esou grave philosophesch, reliéis, ethesch a sozial Problemer fir jiddweree vun ons opwerfen. Déi Froen - an dat ass hei och scho gesot ginn - muss schlussendlech jiddweree vun ons fir sech selwer beäntwerten. A si bedéngen a mengen Aen, dass een deem anere seng Meenung respektéiert.

Här President, den 28. Abrëll hat den Institut grand-ducal, Section des sciences morales et politiques eng Diskussioun, déi dem Thema Euthanasie gewidmet war. D'Membere vun der Sectioun vun de Sciences médicales waren och invitéiert. Philosophen, Juristen an Dokteren hunn un der Diskussioun deelgeholl.

De Maître Patrick Kinsch huet déi juristesch Introduktioun gemaach. Wéi hien zu Recht ënnerstrach huet, ass dës Debatt iwwert d'Euthanasie eigentlech keng juristesch Debatt, obschonn d'Riichter opgeruff sinn, d'Recht ze spriechen, dat an de Bicher steet. Mä d'Debatt ass eng politesch a philosophesch.

Sécher gi vu béide Säiten d'Mënscherechter beméit. Mä et ginn zwou Conceptioune vun de Mënscherechter, déi allen zwou valabel sinn, mä déi sech an dëser Debatt géigeniwwerstinn: engersäits de Schutz vum Liewen, anerersäits de Schutz vun der individueller Fräiheet.

Wéi de Patrick Kinsch och ënnerstrach huet, däerfen d'Mënscherechter net zum Virwand geholl ginn, fir déi gesellschaftspolitesch Debatt ënnert den Teppech ze kieren. An deem Zesummenhang huet hien zwee Arrêten ugeféiert, déi ech dunn nogelies hunn an déi besonnesch opschlossräich sinn.

Deen éischten ass dee vill zitéierten Arrêt Pretty géint d'Vereenegt Kinnekräich vun der Cour européenne des droits de l'Homme vum 29. Abrëll 2002. D'Cour huet deemools festgestallt, dass de Refus vun den englesche Riichter, d'Assistance au suicide ze autoriséieren opgrond vun de bestehenden engleschen Texter, keng Violatioun vun den Artikele vun der Mënscherechtskonventioun géif duerstellen. Si huet awer zum Deel der Madame Pretty Recht ginn an erkennt un, dass d'Protektioun vum Privatliewen hir gewësse Rechter zouerkennt.

D'Cour schreift: «La dignité et la liberté de l'homme sont l'essence même de la Convention» européenne des droits de l'Homme. «Sans nier en aucune manière le principe du caractère sacré de la vie protégé par la Convention, la Cour considère que c'est sous l'angle de l'article 8 que la notion de qualité de la vie prend toute sa signification.»

A si seet weider: «La requérante en l'espèce est empêchée par la loi d'exercer son choix d'éviter ce qui, à ses yeux, constituera une fin de vie indigne et pénible. La Cour ne peut exclure que cela représente une atteinte au droit de l'intéressée au respect de sa vie privée, au sens de l'article 8, paragraphe 1 de la Convention.»

Deen zweeten Arrêt, deen ech wëll zitéieren, ass dee vläicht net esou bekannten, mä dee mer am Zesummenhang mat onser Diskussioun vun haut besonnesch wichteg erschéngt. Dat ass den Arrêt vun der belscher Cour d'arbitrage vum 14. Januar 2004 iwwert de Recours en annulation vum belsche Gesetz vum 28. Mee 2002 iwwert d'Euthanasie, dee vun enger A.s.b.l. Jurivie an enger A.s.b.l. Pro Vita agereecht gi war. De Recours ass vun der Cour d'arbitrage verworf ginn, mat der Begrënnung, dass d'Parlament déi néideg Restriktiounen a Garantien an d'Gesetz geschriwwen huet, fir dass dem Patient säi fräie Wëlle géif respektéiert

ginn. Här President, an der Proposition de loi, déi elo virun ons läit, sinn déiselwecht Restriktiounen a Garantien agebaut.

Eng aner Considératioun, Här President: Eminent Spezialiste vun der Palliativmedezin a Géigner vun der Euthanasie hunn zouginn, dass si och Fäll haten, wou d'Palliativmedezin um Enn war a wou se hu missen op aner Mëttelen zréckgräifen, fir de Patient vu sengem Leiden ze erléisen.

Et ass also net verwonnerlech, dass bei der schonn erwähnter Diskussioun am Institut grand-ducal zum Schluss eng Fro am Raum bliwwen ass: Wat ass ausser der Intentioun - an nach, géif ech soen - den Ënnerscheed tëschent Soins palliatifs a ganz besonnesch Sédation terminale an Euthanasie?

Domadder, Här President, si mer erëm bei der philosophescher a gesellschaftspolitescher Fro. Hei wëll ech ganz besonnesch ënnersträichen, dass et am Gesetz oder an der Proposition de loi, déi mer haut diskutéieren, net drëm geet, d'Euthanasie ze legaliséieren, wéi d'Madame Jacobs den 19. Februar gemengt huet missen ze soen, an nach manner d'Euthanasie ze institutionaliséieren.

Et geet drëm, d'Euthanasie ze dépenaliséieren an extremen, kloer a restriktiv ëmschriwwene Fäll, ënner spezifesch festgeleuchte Konditiounen, déi enger Kontroll ënnerleien, an déi op ausdrécklech Wonsch vum betraffene Patient ënnerholl gëtt. Si gëtt also net d'Regel, mä bleift eng Exceptioun.

Ech wëll och hei den Häre Bodry an Huss Merci soe fir hiren Hiweis op dat vum Erzbëschof erwähnte soi-disant Aklorecht op Euthanasie. E Recht, wat et awer am Gesetz net gëtt.

Här President, mir wollten a mir wëlle bei dëser Diskussioun kee Relionskrich féieren. Mir mengen awer, dass ee muss op gewëssen Excèsen hiweisen, déi am Laf vun der Diskussioun elo zum Schluss zum Ausdrock komm sinn. An onser Fraktioun hu mer ganz vill iwwert déi Proposition de loi diskutéiert. Et gouf an et gëtt bei ons bei dësem Gesetz kee Fraktiounszwang. Jiddwereen vun ons ass op seng Manéier opgrond vu sengen Erfahrungen an där Fro zu enger Konklusioun komm a wäert no beschtem Wëssen a Gewësse stëmmen.

Fir mäin Deel, Här President, sinn ech der Meenung, dass de Législateur an dëser Fro däerf handelen a muss handelen, dass e muss e rechtleche Kader schafen, mat prezise Konditiounen a Kontrollen, fir Abusen ze vermeiden a fir der Hypokrisie en Enn ze setzen, déi bei dëser Fro bei ons bis elo vill ze laang geherrscht huet.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Flesch. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, wann ech gelift.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si frou, dass ech de Moien net hu misse schwätzen. Et ass eng extrem schwiereg Diskussioun, an där mer sinn. Et ass eng Diskussioun, an där et ëm d'Fro vum Liewe geet an ëm d'Fro, wéi mer, wann d'Liewen un d'Enn geet, mam Doud ëmginn. An et geet ëm d'Fro, wéi mer d'Äntwerte fannen, fir mat där Situatioun eens ze ginn.

Et ass, net nëmmen zu Lëtzebuerg, eng extrem komplex Diskussioun. Et ass eng Diskussioun, déi Länner spléckt, déi Meenunge spléckt, déi kontrovers gefouert gëtt an déi een iergendwann eng Kéier muss klären.

Well all Diskussioun, wa se laang genuch gefouert ginn ass, muss zu enger Klärung kommen, och wann déi Klärung nëmme provisoresch ass a wa se selbstverständlech, wéi ech mengen dass et misst sinn a Froe vun där heiten Importenz a Gravitéit, och enger regelmässeger Bestandsopnahm muss ënnerworf ginn.

Duerfir sinn ech dankbar, dass ech elo schwätze muss, och wann ech mat der Madame Spautz d'accord sinn, dass den Débat de Mëtteg e bësse méi passionell gefouert ginn ass, e bësse méi mat Gefiller gefouert ginn ass, well ech mech de Moien zum Deel hei während annerhallef Stonn an enger Ofrechnung gespiert hunn. An enger Ofrechnung vu gewëssene Riedner mat hirer Positioun zur CSV, zur Kierch, zum „Lëtzebuerger Wort", alternativ déi dräi, alternativ zwee dervun oder annerhallef dervun. An ech wëll de Kolleegen de Mëtteg Merci soen, dass mer d'Diskussioun op en aneren Niveau kritt hunn. Och wann et en Niveau ass, wou mat méi Gefiller diskutéiert gëtt, well ech mengen, dass et eng Diskussioun ass, déi derwäert ass, och zum Deel mat Gefiller gefouert ze ginn.

Mir hunn an deene leschte Jore vill iwwert dëse Sujet diskutéiert. Ech si mat der Madame Flesch d'accord, an dat kënnt aus deem, wat ech virdru gesot hunn, dass d'Debatt den 19. Februar méi sachlech war. Si wär den 1. Februar nach méi sachlech gewiescht, well si hat sech tëschent dem 1. Februar an dem 19. Februar scho méi veronsachlecht. Mä dat, wat mer awer déi lescht Méint erlieft hunn de part et d'autre vu Leit, déi sech agemëscht hunn, vu Leit, déi am Dossier diskutéiert hunn, huet en fin de compte net derzou bäigedroen, fir zu enger gesonder Aart a Weis am Ëmgank mat där Diskussioun ze féieren.

Den Här Goerens, dee jo weess, dass ech e schätzen, allerdéngs ëmmer nëmmen esou wäit wéi ech och Tate gesinn aus deem, wat e seet, huet en Opruff gemaach fir de Gruef zouzetippen. Hien huet en Opruff gemaach, dass een net soll aner Leit jugéieren. Hien huet derfir plädéiert, dass d'Proposition de loi richteg duergestallt géif ginn.

Här Goerens, ech plädéieren derfir, dass och déi, déi Problemer hu mat der Propositioun de loi, richteg duergestallt ginn…

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- Natierlech!

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- …an dass hir Meenung richteg duergestallt gëtt.

**M. Charles Goerens** *(DP)*.- 100%!

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Wann een de Reproche op eng Säit mécht, muss een an dësem Dossier och akzeptéieren, dass e Reproche op eng aner Säit gemaach gëtt.

Wann d'Medien informatiounsbildend solle sinn, musse se akzeptéieren, de part et d'autre, de Pour an de Contre vun de Meenungen och ze publizéieren a sech net op eng Meenung ze focaliséieren.

Wat mer matkritt hunn an deene leschte Méint, an zwar virum 19. Februar schonn, ass, dass mer en fin de compte eis an e klassesche Schema hibeweegt hunn, lues a lues hibeweegt hunn, vun enger Debatt, déi vun eisem Premier ugefaange ginn ass, wéi e gesot huet: „Ech hätt gären, dass dës Diskussioun am Kader vun der Gewëssensfräiheet gefouert gëtt, dass all Deputéierte bei Éier a Gewësse kann décidéieren", hin zu enger Diskussioun, déi net méi esou gefouert gëtt. Wou en fin de compte Meenungen, vun deenen ech fest dervun iwwerzeegt sinn, dass weder déi eng nach déi aner majoritär wieren, weder hei am Haus nach dobaussen, sech Här a Meeschter vun der Diskussioun gemaach hunn. An dass déi Kräften hei am Haus, an ech ziele mech ausdrécklech do derzou, déi fir den Ausgläich hätte kënne suergen, déi am Fong d'Responsabilitéit gehat hätten, an dësem Haus e Projet ze maachen, deen den Owend mat iwwer 50 Stëmme gewielt gi wier, versot hunn.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Wann extrem Positiounen, wéi se vertruede gi sinn de part et d'autre, iwwerhandhuelen iwwer e gesonde Mënscheverstand, wa se iwwerhandhuelen iwwert dat, wat véier Fraktiounspresidenten hei fäerdeg bruecht hätten, wa se sech zwee Deeg beienee gesat hätten, da si mer menger Meenung no an engem Zeenario, dee kee gudden Zeenario ass.

A wa mer iwwert d'Geschicht diskutéieren, Här Goerens, da soll eis dat, wat an deene leschte Wochen a Méint hei passéiert ass, och fir d'Zukunft vun eisem Land eng Léier sinn. Et soll eng Léier sinn, wéi eng Debatt, déi eng Debatt vun deem Eenzelnen, vun all Eenzelne vun eis 60 soll sinn, en fin de compte dégeneréiert ass an eng Debatt, wou eng ganz Rei Leit sech net méi beweegt kréien. An déi Bewegungsonfräiheet, déi ass net unilateral.

Déi Bewegungsonfräiheet, an déi mer erakomm sinn, déi zum Deel iwwer Loyalitéitsfroen herno gekläert ginn ass, déi betrëfft eis alleguer. An déi misst eis en fin de compte allegueren interpelléieren.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech hu gesot, et ass eng schwéier Diskussioun. Et ass eng Diskussioun, wou deen Eenzelne soll seng Meenung soen a bis zum Schluss kënne soen. Ech hu mat ville Leit geschwat, heibannen an dobaussen. Ech hunn et gesot an ech bleiwen derbäi: Dat, wat haut zum Vote an dësem Moment kënnt, dat fënnt weder an eiser Gesellschaft, an där enger nach an där anerer Form, an ech mengen och net an den Häerzer vun de 60 Deputéierten, déi heibanne sëtzen, eng Majoritéit.

Mä mir hu keen anere Choix, well d'Diskussioun esou gefouert ginn ass, dass en fin de compte op eemol gesot ginn ass, et ass alles oder et ass näischt. Et ass schwaarz oder et ass wäiss. Dass déi, déi dat Grot gesinn, esou wéi Dir, Här Goerens, esou wéi anerer hei heibanne gesinn - an Dir sidd net deen Eenzegen heibannen -, en fin de compte kapituléiert hunn.

Ech hu mech och schwéiergedoen, wéi vill heibannen, fir mer meng Meenung ze bilden, well vill vun eis heibannen, wéi iwwregens och dobaussen, jo am Fong, wa se iwwert de Sujet hei diskutéieren, emol haaptsächlech mat deem diskutéieren, wat se selwer erlieft hunn. Jiddwereen vun eis huet Situatiounen erlieft an eng Richtung oder an eng aner, an ech hu fonnt an deene leschte Méint, dass vill Leit aus deenen Erfahrungen eraus diskutéiert hunn.

Et ass richteg, dass een dat soll maachen. Mä gi mer dann den Owend eraus a mir répétéieren de Vote vum 19. Februar? Gi mer den Owend eraus a mir stëmme mat 30 oder mat 31, 32 géint 26, 27 oder 28? Stëmme mer eppes, vun deem mer wëssen, dass et eis Gesellschaft spléckt?

Mir wëssen, dass e Vote, deen haut den Owend ausgeet mat 31 op 29, mat 32 op 28, de Gruef net zoutippt, mä de Gruef bestoe léisst do wou en elo ass.

Duerfir hunn ech décidéiert, an zwar gëschter Owend - a meng Kolleege wëssen, dass et mer schwéiergefall ass -, fir op d'Tribün ze kommen, well ech mengen, wann d'Geschicht geschriwwe gëtt iwwert dat heite Kapitel, da sollen d'Leit wëssen, dass et eng Positioun ginn ass, déi vun der Madame Err, dem Här Huss verteidegt ginn ass, eng aner Positioun ginn ass, déi vun anere Memberen heibannen a vun Institutiounen dobausse vertruede ginn ass an dass et eng drëtt Meenung gi wier. Dass et e Kompromëss hätt kënne ginn. Dass een an d'Exception d'euthanasie hätt kënne kommen, esou wéi den Här Fayot se definéiert huet a sengem exzellenten Artikel, deen en am „Lëtzebuerger Land" publizéiert huet, iwwert d'Grief eraus an der Folleg vum Vote vum 19. Februar probéieren, méi eng breet Majoritéit ze fannen.

Mir mussen eis d'Fro stellen, ob mer et probéiert hunn. Hu mer wierklech alleguerte probéiert, nom 19. Februar eng Solutioun ze fannen, déi eng méi breet Majoritéit an dësem Haus fonnt hätt, oder net? Eng Solutioun, déi eis dann och - do sinn ech mat Villen d'accord - als Politik nees an d'Mëtt vum Vollek bruecht hätt. An déi an engem Moment, wou d'Land vill aner Erausfuerderungen erlieft, Grief vläicht net opkomme gelooss hätt, déi mer awer an deenen nächste Méint wäerten hunn.

Et ass iwwert d'Leit geschwat ginn. Et ass gesot ginn, et soll een iwwer wat den Englänner „opinion polls" nennt net ze vill diskutéieren.

Ech hunn den 19. Februar, wéi ech d'Trap erofgaange sinn, mat engem Kolleeg heibannen diskutéiert, vun deem ech weess, dass e Schwieregkeeten huet fir d'Propositioun de loi Err/Huss ze stëmmen, an ech hunn hie gefrot: Wéi ass et, dass du dat gestëmmt hues? An hien huet gesot: Ech hunn et gestëmmt, well ech e Samschdeg am „Tageblatt" eng Ëmfro gelies hunn, an där iwwer 80% vun de Leit gesot hunn, si wäre fir d'Euthanasie.

***(Brouhaha)***

Elo sot Der, dat ass eng Karikatur. Ech soen net, wien et ass. Ech kéint et awer soen. An dee Mann sëtzt heibannen an e weess, dass e mer et gesot huet.

Wann een dat mécht, kann ech och dat respektéieren. Et muss ee just kucken, wann ee säi Vote justifiéiert op déi doten Aart a Weis, ob dat bei sech selwer, well och dat ass en Deel vun engem perséinleche Choix, der Realitéit entsprécht vun deem, wat déi sougenannten Ëmfroen och soen.

Firwat ass déi Ëmfro dann de 16. Februar publizéiert ginn am „Tageblatt"? Firwat ass se net eng Woch virdrun, zwou Woche virdrun, dräi Woche virdru gemaach ginn?

Majo, genau a prezis fir dräi Deeg virum éischte Vote Leit par rapport zu enger Meenung, déi se eventuell hätten, aneschters ze organiséieren.

***(Brouhaha)***

Dat ass fir mech op exakt deemselwechten Niveau unzegesinn, wann een et um selwechten Niveau gesäit. Ech hunn dat virdrun a menger Ried, Här Schreiner, kloer an däitlech gesot.

Et hu sech an deem Sondage 79% vun de Leit fir d'Euthanasie ausgeschwat, op d'Fro, ob se dat am Kader vum Recours à l'euthanasie en cas d'une maladie incurable géife maachen. Doropshi sinn en fin de compte déi 79% vun de Leit gläichgestallt gi mat enger Initiativ, déi hei am Parlament geholl ginn ass.

Et ass eng zweet Fro gestallt ginn, déi mir de Leit gestallt hunn: Wéi se dann dervun aus géife goen, wann ech an enger Situatioun incurable wier, wann ech mech also an der Situatioun Pretty an esou weider befannen. Och do hunn 79% vun de Leit gesot, dass se der Meenung wären, dass an deene Fäll d'Euthanasie soll gemaach ginn.

An op eng drëtt Fro, déi mer gestallt hunn, andeem mer d'Leit gefrot hunn: Sidd Der der Meenung, dass déi Krankheet - ech kommen nees op déi éischt Hypothees zréck, well an där zweeter Hypothees gëtt et nämlech keng Solutioun - fir d'éischt emol soll behandelt gi mat alle Méiglechkeeten, déi d'Medezin huet? Op déi Fro, Här Huss, hu 84% geäntwert, dass se där Meenung sinn.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur*.- Där Meenung sinn ech och.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Neen.

**Une voix**.- A mir och.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech mengen, Här Huss, wann ech Iech de Moien nogelauschtert hunn, wann ech der Madame Err nogelauschtert hunn, wann ech dem Här Wagner nogelauschtert hunn, dass Dir där Meenung net sidd.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur*.- Dir musst besser nolauschteren.

***(Brouhaha)***

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Jo, Här Huss, do komme mer nach drop.

**M. le Président**.- Da kommt, loosst den Här Wolter elo schwätzen!

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Mir kommen nach dorop, Här Huss. Well Dir an Är Associatioun, mengen ech, Iech fir eppes aneschters asetzt, wat ech awer respektéieren. Ech respektéieren et. Mä ech sinn hei an engem Vote, an da muss ech kucken, ob dat, wat ech gesot kréien, den Text, deen domadder verbonne gëtt, an d'Gespréich, wat domadder verbonne gëtt, datselwecht ass. An ech menge fir mech, dass et net datselwecht ass.

Ech sinn der Meenung, dass Dir fir e Recht antriet, wat net mam Ausféiere vun alle Méiglechkeeten um Niveau vun der Medezin an Aklang ze bréngen ass.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur*.- Den Text vum Gesetz verhënnert guer näischt.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech kommen, Här Huss, wann Der erlaabt, och op den Text vum Gesetz zréck.

Mir hunn den 19. Februar hei an der Chamber e Vote geholl. Déi eng hunn dorauser e Vote définitif gemaach. Mir waren der Meenung, dass et e Vote de principe wier. E Vote de principe, well de Statsrot keen Avis gemaach huet, well d'Proposition net diskutéiert war.

Mir hunn als CSV festgestallt - dat wëll ech soen, an ech si frou, dass den Här Bodry dat akzeptéiert huet -, dass et eng Majoritéit hei am Haus gëtt, fir de Prinzip vun der Euthanasie anzeféieren. Mir wollten awer nom 19. Februar eng Diskussioun driwwer féieren, nodeem mer, wéi d'Madame Stein et de Moie gesot huet, duerch all eis Gremië gaange sinn. Vun der Fraktioun ugefaangen iwwert den Nationalcomité bis zum Conseil national hu mer décidéiert, dass mer dee Vote géifen akzeptéieren, wat säi Prinzip ubelaangt.

Duerfir kann ech net verstoen, dass et haut nach Leit gëtt, déi der Meenung sinn, d'CSV hätt sech net beweegt. D'CSV huet sech beweegt! Den Här Wagner ass der Meenung, dat wär, well dat eben esou gewiescht wär. Jo! Et huet eppes domadder ze dinn, dass, wann een Demokrat ass an ee mat engem Vote konfrontéiert ass, wou ee gesäit, dass et eng Majoritéit gëtt, een zwou Attitüde kann hunn.

Déi éischt Attitüd ass déi, fir ze soen: Ech bleiwe bei deem, wat ech gesot hunn. D'ailleurs war dat, wat d'CSV den 19. Februar och nees aus dem Mond vun der Madame Stein gesot huet, wäitaus méi nuancéiert, wéi ech et dobaussen héieren hunn. Mä mir hu gesot: Mir akzeptéieren de Vote vum 19. Februar a mir wëllen an eng franche Diskussioun antrieden doriwwer, fir ze kucken, wéi wäit dass mer ginn.

Duerfir hu mer Amendementer eragginn, fir dass mer kéinten och als CSV an enger Diskussioun zesummen zu engem Text kommen, deen och eise Bedenke géif Rechnung droen an deen eis et géif erlaben, fir de Projet an zweeter Lecture ze stëmmen. Ech hoffen, dass eis dat net och nach zum Virworf gemaach gëtt, dass een no engem éischte Vote - an ech hat d'Impressioun, dass dat engem quasi zum Virworf gemaach gëtt - seet: Mir sinn d'accord, fir en éischte Vote ze respektéieren, mä mir wëllen awer nach iwwert d'Étendue vun deem Vote diskutéieren.

Duerno sinn Amendementer erakomm. Ech mengen, Här Huss, dofir hu mer de Problem tëschent eis. An dofir hu mer och dee Vertrauensproblem am Paragraph 3 vum Artikel 2.

Déi Propositioun, déi mer wollte maachen, besteet doranner, dass Dir an d'Madame Err nom éischte Vote, wou den 19. Februar hei iwwert d'Exception d'euthanasie diskutéiert ginn ass - wou ech quasi all Riedner héieren hu soen, et géif näischt aneschters a Fro kommen, et kéint näischt aneschters décidéiert ginn -, higaange sidd an Dir hutt an der Kommissioun, mengen Informatiounen no, ouni dass et a gewëssene Fraktiounen diskutéiert ginn ass, den Deel „se trouve dans une situation médicale sans issue" erausgeholl an ersat duerch „est atteint d'une affection grave et incurable".

Domadder hutt Dir a mengen Ae gewisen, dass Der net an enger „end of life"-Situatioun sidd, mä dass Der e Recht wëllt schafen, fir deen Eenzelnen, wann hien eng Krankheet huet, déi och à long terme net curabel ass…

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur.*- Mä et ass dran, Här Wolter!

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Neen.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur.*- Da kuckt den Text!

**M. le Président**.- Här Huss, loosst den Här Wolter seng Ausféierunge maachen!

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Här Huss, ech sinn an engem Räsonnement, wou gesot gëtt, wien nom 19. Februar a wat fir eng Richtung gaangen ass. An, Här Huss, ech sinn der Meenung, dass Dir an d'Madame Err eng Propositioun erabruecht hutt - an déi ass an der Kommissioun ugeholl ginn -, wou Der „se trouve dans une situation médicale sans issue" wollt sträichen an domat en fin de compte dat, wat Dir de Moie gesot hutt a wat d'Madame Err de Moie gesot huet, an den Text wollt kleeden, nämlech: „est atteint d'une affection grave et incurable"; wat eng ganz aner Notioun ass, wann ech iwwer Palliativmedezin schwätzen a wann ech iwwer Stierfhëllef schwätzen, wéi dat, wat een eventuell ënnert der Fro vun der „situation médicale sans issue" ka verstoen.

Ech wollt dat just heibanne soen, och fir d'Gesicht, wa se eng Kéier geschriwwe gëtt, dass dat en Deel ass, firwat dass d'CSV extrem vill Schwieregkeeten huet ze gleewen, dass dësen Text verkaaft gëtt als en Text, dee sech nëmmen an Extremfäll géif applizéieren. Well ech an deem Amendement, an deem, wat ech de Moie vun enger Rei vun Orateuren héieren hunn, en fin de compte verstanen hunn, dass si deen doten Text - dee revidéierten Text, dee revidéiert ginn ass duerch de Statsrot!, net duerch d'Kommissioun - an enger ganz anerer Lecture hunn, wéi mir en hunn.

Duerfir, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mengen ech, dass et wichteg ass, well ech nämlech och nach dem Här Wagner seng Aussoen den 13. Dezember am „Tageblatt" gelies hunn.

Här Wagner, ech respektéieren Är Meenung. Just muss ech Iech soen, dass, wann dat, wat Dir do gesot hutt, Är Meenung ass a wann Dir der Meenung sidd, dass dat am Text dran ass, ech deen Text net ka stëmmen. Dir sot: „Was nun das angesprochene Argument bezüglich älterer und kranker Menschen betrifft, so muss ich sagen, dass, wenn man anderen nicht zur Last fallen will, auch dies eine freie Wahl ist."

Dat honoréiert Iech, Här Wagner. Ech soen Iech just: Wann dat Är Interpretatioun ass vum Abschnitt 3 vum Artikel 2 vun der Proposition de loi, dann hu mer an deem Haus hei e ganz staarken Différend doriwwer, wat deen Artikel 3 wëllt besoen. An da wëll ech bei all deene Kolleegen - bei all deene Kolleegen! - an aller Frëndschaft, déi an deene leschte Méint an och nach haut opgetruede sinn a soen, et géif sech just eleng a reng ëm en Text vun der Exception d'euthanasie handelen, soen, dass dat doten net d'Exception d'euthanasie ass, esou wéi se definéiert ass. Dat do ass d'Recht op Euthanasie an engem gewëssene Stadium vum Fortgang vun enger…

*(Interruption)*

Ech kommen elo dorop, Här Huss. Dir hutt de Moien dräiviréil Stonn geschwat. Dir hutt Iech während 37 Minutte mat der katholescher Kierch, mat der CSV an der Kierch, mat der CSV a mam „Lëtzebuerger Wort" auserneegesat. Ech schwätzen elo, ech weess et net, Här President, 14 oder 15 Minutten?

**M. le Président**.- Eelef Minutten, Här Wolter.

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Eelef Minutten. Här President, ech hu probéiert um Text ze räsonnéieren. Erlaabt mer, dass ech meng Argumentatioun einfach virbréngen.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG).*- Da maacht dat, wann ech gelift, um richtegen Text. Effektiv, Dir hutt virdru gesot, „sans issue" stéing net dran. Et steet awer am Text dran.

*(Interruptions)*

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Ech muss Iech dann nach eng Kéier soen, Här Bausch, dass den 19. Februar e gewëssenen Text gestëmmt ginn ass.

*(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)*

Deen Text ass haut nees dran: „se trouve dans une situation médicale sans issue". Deen Text ass vun der Madame Err an dem Här Huss nom 19. Februar geännert ginn, mat enger Majoritéit an der Kommissioun, an aus deem Text ass en Text gemaach ginn, wou drastoung „est atteint d'une affection grave et incurable". Dat ass um Niveau vun der Stierfhëllef e ganz aneren Niveau wéi deen, wann een iwwert d'Exception d'euthanasie schwätzt.

Ech hu gesot, dass de Statsrot den initialen Text nees erabruecht huet, deen haut zum Vote steet. Mä déiselwecht Majoritéit huet dat dunn nees gestëmmt. Et ergëtt sech awer, an dat musst Dir einfach akzeptéieren, dat musst Der verstoen, dass et iwwert deem dote Virgang eng Rei Leit gëtt, déi Schwieregkeeten hunn, dann d'Teneur vum Paragraph 3 esou ze liesen, wéi Dir se liest. Wann Der erlaabt, kommen ech elo dorobber, wéi een déi Teneur vun deem Gesetz ka liesen.

Ech wëll fir d'éischt emol soen, dass ech am Numm vun der CSV frou sinn - well den Artikel 2 ass dee wichtegsten Artikel an der Proposition de loi -, dass sech nom 19. Februar e Mouvement gemaach huet op der Fro vun de Mannerjährege a vun den Dementzkranken. Dat ass fir eis eng wesentlech Ännerung par rapport zu deem, wat virdrun dra war.

Et steet awer och dran, dass de Patient majeur muss sinn, «capable et conscient au moment de sa demande». D'Demande muss formuléiert ginn «de manière volontaire, réfléchie et, le cas échéant, répétée, et qu'elle ne résulte pas d'une pression extérieure». Am Paragraph 3 steet dran «le patient se trouve dans une situation médicale sans issue et fait état d'une souffrance physique ou psychique constante et insupportable sans perspective d'amélioration et indépendamment du fait qu'elle résulte d'une affection accidentelle ou pathologique», an et steet dran «la demande du patient d'avoir recours à une euthanasie ou une assistance au suicide est consignée par écrit». Dat sinn déi véier Konditiounen, déi drastinn.

Mir mengen, dass een e fënnefte Paragraph misst derbäisetzen, fir sécherzestellen, dass ee sech an der Exception d'euthanasie befënnt, a fir eis d'Geleeënheet ze ginn, fir eis deem Mouvement da kënnen ze ralliéieren. Dee fënnefte Paragraph misst folgend Teneur hunn: «Cette souffrance ne peut être prise en charge de manière efficace ni par la médecine curative ni par les traitements palliatifs», an da kënnt dee wesentlechen Abschnitt, deen einfach net zur Kenntnis geholl gëtt: «sans préjudice des dispositions de l'article 40 de la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers».

Deen Amendement do, Dir Dammen an Dir Hären - an ech wende mech net un déi, déi eppes aneschters verfollegen, mä ech wende mech un déi, déi wierklech um Niveau vun der Exception d'euthanasie sinn -, dee verfollegt d'Zil, d'Onwierksamkeet vun der Medezin ze etabléieren, ier un eng Euthanasie soll geduecht ginn oder se gefrot gëtt. An anere Wierder, eréischt dann, wann näischt méi geet oder näischt méi wierkt, eréischt wann d'Medezin hiert Arsenal ausgeschöpft huet an et net méi méiglech ass, engem Mënsch am Sënn vum medezinesche Fortschrëtt beim Stierwen ze hëllefen, eréischt da kënnt Euthanasie a Fro.

Dat ass an der Hierarchie vun de Méiglechkeeten eppes ganz aneschters, wéi wann een der Meenung ass, dass een dat scho während der kurativer Phas maache kann. Et ass d'Exception d'euthanasie, a Fäll wou d'Medezin kee Rot méi weess, a mir wëssen alleguerten, dass déi Fäll extrem rar sinn. Ech wëll soen, dass an dëser Propositioun, a contrairement zu deem, wat ech héieren hunn, d'Recht, fir stierwe gelooss ze ginn, bekräftegt gëtt. Et versteet sech, dass een nëmme ka stierwe gelooss ginn, wann een och um Stierwen ass. Oder aneschters formuléiert, et kann een net stierwe gelooss ginn, wann et nach net dorunner ass.

Et kann an eisen Ae bei enger Euthanasiegesetzgebung just drëm goen, der medezinescher Onméiglechkeet Rechnung ze droen, un enger bestëmmter Konditioun vun engem Patient nach iergendeppes zum Besseren ze änneren. Dës Approche ass kee Filtre palliatif, wéi behaapt ginn ass. Si beinhalt d'Méiglechkeet, d'Palliativmedezin als Ganzt oder an Deeler ofzelehnen, mä am Kader vun de Patienterechter, dat heescht, dass eng initial medezinesch Prise en charge stattfonnt huet, an de Patient décidéiert, no Informatioun iwwert d'Optiounen, fir net bis zum batteren Enn ze goen.

D'Déclinatioun vun dëser Approche an der Zäit...

*(Interruption)*

Ech muss Iech ganz éierlech soen, Madame Loschetter, dass ech déi dote Remarque wierklech net appréciéieren.

**Mme Viviane Loschetter** *(DÉI GRÉNG).*- Ech hat net mat Iech geschwat.

**M. Michel Wolter** *(CSV).*- Dann zéien ech meng Remarque direkt zréck, well dann hunn ech Iech falsch verstanen. Well ech hätt dat an dësem Moment als extrem blessant ëmfonnt.

D'Déclinatioun vun dëser Approche an der Zäit an an der Evolutioun vun enger medezinescher Konditioun ass an eisen Aen déi hei: Fir d'éischt déi kurativ Therapie, esou laang an esou wäit et geet. An där Zäit an an deem Zoustand ass an eisen Aen d'Euthanasie ze refuséieren. Et gëtt kee medezinesche Fortschrëtt méi a keng Ethik an der Medezin, wann en Dokter als Alternativ zur Therapie kann oder muss Euthanasie proposéieren. D'Recht, op all Traitement ze verzichten, existéiert an dëser Period zwar, kann awer eleng dowéinst net voll ëmfänglech ugewannt ginn, well d'Doktere musse behandelen, soulaang behandelt ka ginn. Den Hippokrateschen Eed léisst näischt aneschters zou.

Um Schluss, d'Palliativtherapie fir deen, dee wëllt. Déi meescht wëllen. Déi iwwermeescht wëllen, well et souwisou e fléissenden Iwwergank vun der kurativer zur palliativer Démarche gëtt, a well e wichtegen Deel vun der palliativer Démarche, d'Schmäerzbekämpfung, schonn Deel vun der kurativer Démarche ass. Den Iwwergank vum kurativen zum palliative Stadium ass de Regelfall. Deen - an dat wëll ech nach eng Kéier och dem Här Wagner soen , deen déi palliativ Betreiung refuséiert a Stierfhëllef freet, andeem hie sech op d'Recht berifft, en Traitement, an dësem Fall de palliativen, ofzelehnen, deem senger Demande ass an eisem Amendement Rechnung ze droen. D'Recht op Refus vun all Behandlung ass um Liewensenn absolut.

Allerdéngs, et fënnt souwisou Schmäerztherapie statt. Ouni déi hält kee Patient Kriibs am Endstadium aus. An esou Fäll, klassesch „end of life"-Situatiounen, geet et ëmmer vill méi drëm, stierwe gelooss ze ginn, wéi Stierfhëllef ze kréien. Duerfir menge mir och, als Grupp, contrairement zu deem, wat d'Madame Arendt hei gesot huet, dass dräi Deeg virum Doud iwwer Euthanasie ze diskutéieren, dass dat net d'Approche ka sinn. Well, wann een dräi Deeg virum Doud ass, am Kader vun engem Fall, dee sech iwwer Wochen, Méint a Joren hinzitt, ass ee laang an der palliativer Betreiung dran, an et stellt sech an deem Fall kaum nach d'Fro no der Euthanasie.

An da gëtt et, Här President, déi aner Fäll. Et gëtt de Fall Humbert, de Fall Sébire, de Fall Pretty an esou weider. Eleng d'Tatsaach, dass se individuell bekannt sinn, beleet hiren exzeptionelle Charakter. Et si Fäll, wou kurativ Medezin näischt ka maachen a wou Palliativmedezin inoperent ass. Et sinn déi Fäll, an deenen eng wierklech Euthanasie gefrot ka ginn. Et si Fäll, déi sech dacks net an der Logik vun enger fortschreidender Krankheet befannen, am Fall Humbert zum Beispill no engem Accident, oder wou d'Fortschreide vun enger Krankheet, ëm déi et geet, eng därmoossen entwierdegend Degradatioun vun der mënschlecher Existenzbedéngung duerstellt, dass déi betraffe Leit verlaangen, dass dës Degradatioun net bis op hiert natierlecht Enn lafe gelooss gëtt.

Dat si ganz oft déi Leit, déi neurodégenerativ Krankheeten hunn, déi vun engem bestëmmte Moment un all Nuecht musse fäerten ze erstécken. Dat si Fäll, wou Kriibser därmoossen dramatesch Deformatioune bewierken, dass déi betraffe Leit sech selwer net méi kënnen erdroen. Dat si Fäll, an deenen déi betraffe Leit wëllen den Doud an d'Enn vun hirer Péng froen, amplaz zum Liewe veruerteelt ze ginn. Och an deene Fäll gräifen d'Bestëmmunge vun eisem Amendement.

Et ass keng effikass kurativ an/oder palliativ Betreiung méiglech, well se dem Leide vun deene Betraffenen net oder net méi entgéintwierke kann. D'Leit refuséieren d'Fortsetzung vun der Therapie, wéi eng et och ëmmer ass. Si verlaange stierwe gelooss ze ginn a beim Stierwe gehollef ze kréien, well si et net erdroen, zum Liewe verdaamt ze ginn. Dës Leit kréie gehollef, och an eisem Amendement.

Et ass dat, wat an eisen Aen eng grouss Majoritéit vun eiser Gesellschaft wëllt. Dës Majoritéit wëllt, dass, wann näischt oder bal näischt méi wierkt, wann d'Liewen onerträglech ginn ass, dësem Liewen duerch e gewëssenen Akt en Enn ka gesat ginn, wann dee betraffene Mënsch dat wëllt, a wann dat am Virfeld consignéiert ka ginn.

Mir wëllen awer - grad ewéi d'Majoritéit vun eiser Gesellschaft - net eng Stierfhëllef, wann nach Liewenshëllef ka geleescht ginn. D'Majoritéit - mir hunn et getest, et ass net méi wäert wéi aner Tester - wëllt, dass eréischt beim Stierwe gehollef gëtt, wann net méi zum Liewe ka gehollef ginn.

Esou wéi den Text formuléiert ass - et muss een net domadder d'accord sinn, ech biede just, dass eis Aart a Weis et ze gesinn och respektéiert gëtt - a sengem Paragraph 3 vum Artikel 2, ass an eisen Ae villes „sans issue". Multiple Sklerose ass sans issue, well se onheelbar ass. Den Aids, HIV ass et och. Si si behandelbar, awer op laang Zäit gekuckt sans perspective d'amélioration, an deem Sënn, dass se nach eng Kéier géife verschwannen. Si ginn net hirer Wee, si bleiwen.

Mir hunn Douten, dass de Paragraph 3 vum Artikel 2 eleng déi dote Fäll propper behandelt a proposéieren der Chamber, fir sécherzestellen...

Här Huss, Dir rëselt hei säit enger Véirelstonn de Kapp. Wa mer eis esou eens sinn, froen ech Iech, firwat sidd Dir net d'accord? Firwat sidd Dir net d'accord, wa mer eis eens sinn, dass et dat ass, de Paragraph 5, dee mir proposéieren als Amendement mat eranzehuelen, fir eis d'Geleeënheet ze ginn, fir dat kënne matzedroen?

***Amendement 1***

*À l'article 2, il est ajouté un cinquième tiret qui a la teneur suivante:*

*- cette souffrance ne peut être prise en charge de manière efficace ni par la médecine curative ni par les traitements palliatifs, sans préjudice des dispositions de l'article 40 de la loi du 28 août 1998 sur les établissements hospitaliers.*

*(s) M. Michel Wolter*

Bei dem zweeten Amendement, deen ech wëll erabréngen, deen eis Fraktioun schonn eng Kéier erabruecht huet, geet et iwwert de Kontrollmechanismus an d'Rechtméissegkeet an d'Sënnfällegkeet vun enger Stierfhëllef, ier se praktizéiert gëtt. Mir sinn, ech hunn dat am Débat festgestallt, mat den Auteure vun der Proposition de loi net op enger Linn. Et ännert nämlech d'fundamental Logik vun engem Text, deen elo haaptsächlech eng Evaluatioun vun enger schonn erfollegter Euthanasie beinhalt. Mir mengen, dass dat am Virfeld vun der Euthanasie misst geschéien.

***Amendement 2***

*Le point 2 de l'article 2 est remplacé par le texte suivant:*

*Dans tous les cas de demande d'euthanasie ou d'assistance au suicide, avant de la pratiquer, le médecin a l'obligation de saisir sans délai au moins trois praticiens dont un médecin spécialiste de la pathologie du patient, un médecin expert en traitements palliatifs et un psychiatre. Ce collège, auquel participe le médecin traitant et qui doit être constitué dans les huit jours suivant la demande du patient, doit:*

*- informer le patient de son état de santé et de son espérance de vie, se concerter avec le patient sur sa demande d'aide à mourir et évoquer avec lui les possibilités thérapeutiques encore envisageables ainsi que les possibilités qu'offrent les soins palliatifs et leurs conséquences. Il doit arriver à la conviction que la demande du patient est volontaire et qu'aux yeux du patient il n'y a aucune autre solution acceptable dans sa situation;*

*- s'assurer de la persistance de la souffrance du patient et de sa volonté inchangée exprimée à plusieurs reprises. À cette fin, il mène avec le patient plusieurs entretiens, espacés d'un délai raisonnable au regard de l'évolution de l'état du patient;*

*- sauf opposition du patient, s'entretenir de sa demande avec l'équipe soignante en contact régulier avec le patient ou des membres de celle-ci;*

*- s'entretenir de sa demande avec les proches que celui-ci désigne, et notamment avec la ou les personnes de confiance que le patient aurait désignée(s);*

*- s'assurer que le patient a eu l'occasion de s'entretenir de sa demande avec les personnes qu'il souhaitait rencontrer.*

*Le collège consigne par écrit le résultat de ces constatations et entretiens. Il rend ses conclusions sur l'état de l'intéressé dans un délai maximum de huit jours.*

*La demande du patient doit être actée par écrit. Le document est rédigé, daté et signé par le patient lui-même. S'il n'est pas en état de le faire, sa demande est actée par écrit par une personne majeure de son choix. Cette personne mentionne le fait que le patient n'est pas en état de formuler sa demande par écrit et en indique les raisons. Dans ce cas, la demande est actée par écrit en présence du collège de praticiens en charge d'instruire la demande du patient. Ce document doit être versé au dossier médical.*

*L'acte d'euthanasie ou d'assistance au suicide a lieu dans un délai raisonnable au regard de l'évolution de l'état du patient. Ce délai d'un maximum d'un mois est le plus long possible au regard de l'état médical du patient.*

*Le patient peut révoquer sa demande à tout moment, auquel cas le document est retiré du dossier médical et restitué au patient. L'ensemble des demandes formulées par le patient, ainsi que les démarches du médecin traitant et leur résultat, y compris le(s) rapport(s) du (des) médecin(s) consulté(s), sont consignés régulièrement dans le dossier médical du patient.*

*L'article 3 est supprimé.*

*À l'article 4, point 3, après la phrase «3) que cette situation est irréversible selon l'état actuel de la science», il est inséré la disposition suivante, qui remplace le contenu restant actuel de l'article 4:*

*Avant de pratiquer une euthanasie demandée par le patient dans des dispositions de fin de vie, le médecin doit saisir le collège de praticiens prévu au point 2 de l'article 2, en vue de l'accomplissement des obligations de ce collège conformément au point 2 de l'article 2.*

*À l'article 7, alinéa 2, le texte suivant le troisième tiret est remplacé par le texte suivant:*

*- les nom, prénoms, code médecin et domicile des médecins ayant fait partie du collège de praticiens prévu au point 2 de l'article 2.*

*À l'article 7, alinéa 2, avant l'actuel quatrième tiret, il est inséré un tiret suivi du texte suivant:*

*- les conclusions du collège de praticiens.*

*(s) M. Michel Wolter*

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen. Verschidde Leit, hunn ech d'Impressioun, si frou, dass ech elo ophalen. Et war mer e Bedierfnis, an enger Debatt, déi, mengen ech, eng vun deene wichtegsten Debatten ass, déi een an enger Politik ka féieren, ze explizéieren, dass meng Partei de Vote vum 19. Februar akzeptéiert huet, an deem, wat mir den 19. Februar drënner verstanen hunn, e prinzipielle Vote. Dass mer eis Bereetschaft erklärt hunn, iwwert d'Euthanasie, an extreme Fäll, ze diskutéieren, an dass mer eis Bereetschaft erklärt hunn, wann dee kurativen Deel vun der Medezin eriwwer ass a kloer definéiert eriwwer ass, dann de Leit d'Optioun ze ginn, ob se an de palliative Wee wëlle goen oder an d'Euthanasie.

Ech si fest dovun iwwerzeegt, dass 99% vun de Leit, déi an deem dote Fall sinn, de palliative Wee wäerte goen. An ech hoffen, wéi vill anerer, dass d'Palliativmedezin an deenen nächste Joren déi Progrèsen nach wäert maachen, déi Moyenen zur Verfügung gestallt ginn, fir dass, mat Ausnahm vun deene wierklech dégenerative Krankheeten, d'Leit an der Palliativmedezin eng Optioun fannen. An eisen Amendement, contrairement zu deem, wat hei répétitif gesot ginn ass, schléisst och an deem dote Fall, doduerch, dass mer d'Referenz op d'Gesetz vun 1999 maachen, d'Recht net aus fir deen Eenzelnen, fir de palliative Wee net ze goen, wann hien deen net wëllt goen.

Ech mengen, dass dat do de Wee ass, fir un d'Saach erunzegoen, dass dat e Wee ass, deen an dëser Chamber largement majoritär wier. Duerfir erlaben ech mer e leschten Opruff ze maachen. Ech erlabe mer en Opruff ze maachen un déi aner Fraktiounen. Wann et drëm geet, Grief zouzeschëdden, wann et drëm geet, Grief net opgoen ze loossen, do ze loosse wou se sinn, maachen ech d'Demande un déi eenzel Fraktiounen, fir eisen Amendement 1 an eisen Amendement 2, dee kloerstellt, dass, ier d'Euthanasie gemaach gëtt, een all Garantie muss hunn, dass et net zu engem Abus ka kommen, ze stëmmen.

D'Gesetz iwwert d'Euthanasie, iwwert d'Stierfbegleedung ass net iergendee Gesetz, wou ee sech e Feeler erlabe kann, wou ee seet, d'Gesetzer sinn net perfekt. Bei engem Gesetz wéi deem hei soll ee kucken, dass een no beschtem Wëssen a Gewëssen op der richteger Säit ass. Dass ee sécherstellt, dass de Patient, deen deen dote Wee wëllt goen, op hien en Ausnahmefall ass, wou mer d'Nimm alleguerte kennen, oder ob hien am Déroulement vun enger Krankheet iergendwann eng Kéier vu sengem Recht, wat hie säit 1999 huet, Gebrauch mécht fir ze soen, ech wëll dat doten net méi maachen, ech wëll deen dote Wee net méi virugoen, mä dass mer d'Garantie hunn, dass dee Mënsch aus dem Liewe scheet, nodeem séchergestallt ass, dass virdru séchergestallt ginn ass, dass et säi fräie Wëlle war, an net duerno kontrolléiert gëtt, dass et dat eréischt ass. Dat ass d'Demande, déi mir maachen.

Wa mer gehéiert ginn, wa mer op deenen doten zwee Amendementer eng Majoritéit kéinte kréien, wa mer eis also kéinten an eng Welt bewegen, wou dat, wat mer elo gesot hunn, zweemol haut, Gehéier géif fannen - an ech mengen net, dass eppes, wat mer heibanne gesot hunn, excessiv wier -, sinn ech fest dovun iwwerzeegt, dass e gudden Deel vun der CSV-Fraktioun d'Proposition de loi Err/Huss kéint stëmmen.

Duerfir hoffen ech, dass mer an deenen nächste Minutten - ech hunn déi Amendementer à ce stade eleng ënnerschriwwen - nach eng Rei Ënnerschrëften aus anere Fraktioune kréien, fir dass mer den Owend, esou wéi den Här Goerens et gesot huet, erausgi mat engem Text, deen, wann e keng Differenze beinhalt, wat ech elo zweemol hei gesot kritt hunn, eis d'Geleeënheet gëtt, fir den Text ze stëmmen, an deen eis d'Garantië gëtt, dass mer net an eng Situatioun kommen, dass Abusë kéinten iergendwann eng Kéier vun iergendenger Säit gemaach ginn. Dat ass dat, wat mir froen. Wa mer eng Majoritéit dofir kréien, mengen ech, dass ganz vill Deputéierte vun der CSV den Owend d'Proposition de loi Err/Huss kéinte stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Mir sinn um Enn vun der Debatt ukomm. D'Regierung huet elo d'Wuert. Den Här Statsminister huet d'Wuert gefrot. Mir deelen elo déi Amendementer hei aus, an ech hätt da gären um Enn vun der Interventioun vum Statsminister, dass mer geséichen, wéi mer mat deene weiderfueren.

Den Här Statsminister huet d'Wuert.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech hunn haut eppes gemaach, wat een net soll maachen, well et funktionell net korrekt ass. Ech hunn déi Debatt, déi d'Chamber gefouert huet, zu engem ganz groussen Deel op der Televisioun, op Chamber direkt, nogekuckt, well ech se eigentlech wollt - dat war eng Absicht an e Schutz géint mech selwer - esou erliewen, wéi d'Leit am Land se och erlieft hunn. An ech hu mech bis virun eelef Sekonne gefrot, ob ech an där Debatt soll intervenéieren oder et bei der Debatt soll beloossen, nodeem hei Kolleegen, Frënn, keen, deen net Frënd wier, hir Meenung gesot hunn an enger extrem dramatescher Fro.

Wann ee Chef vun der Regierung ass, dann huet een, wann esou Froe sech stellen, vill Optiounen a sengem Fächer. Déi éischt, déi een huet, ass, dass ee sech un dee Koalitiounsprogramm hält, deen een ënnerschriwwen huet. Dat heescht, ech hunn ni een ënnerschriwwen. D'Parteipresidenten ënnerschreiwen d'Koalitiounsaccorden, net deen, dee vum Grand-Duc als Formateur bestallt ginn ass.

Ech hunn e puer Regierungen a mengem klenge Liewe gebilt. 1999 eng mat der Demokratescher Partei. Dunn hu mer iwwert déi Fro diskutéiert, seriö, grëndlech, mënschlech a korrekt. D'DP huet mer deemools gesot, si wéilt kee Gesetz iwwert d'Euthanasie. D'CSV hätt och keent gefrot, well jo am Gesetz iwwert d'Organisation hospitalière de Prinzip kloer festgeluecht wier, dass een den Acharnement thérapeutique kënnt oflehnen.

Ech muss zu menger extremer Schan zouginn, dass déi Dispositioun vun deem Gesetz mer bal net bewosst war. Esou liicht ass dat hei duerchgewonke ginn 1998/'99, wéi dat Gesetz - et war e Gesetz, fir dat de Georges Wohlfart d'Verantwortung gedroen huet - gestëmmt ginn ass.

Meng Partei huet dunn eng Koalitioun mat der LSAP gebilt. D'Wahlresultat huet och net vill aner Méiglechkeeten zougelooss. A mir hunn décidéiert, mir maachen opgrond vun där extrem gudder Viraarbecht vum fréiere Gesondheetsminister Carlo Wagner ee Gesetz iwwert d'Palliativmedezin.

Ech hunn, wéi anerer hoffentlech och, eng vive Erënnerung un eng Diskussioun mat der liberaler Fraktioun an de Raimlechkeete vun der liberaler Fraktioun kuerz viru Chrëschtdag 2003 iwwert dat Gesetz. Zu menge Gewunnechte gehéiert et net, nodréiglech ze rapportéieren aus deene Gespréicher. Ech hunn haut eenzel Contradictioune festgestallt tëscht deene Gespréicher deemools an de Rieden haut.

Ech ginn a menger Partei - ech wëll hei och eng Ried fir meng Partei halen; enfin, ech abuséieren e bëssen hei vum Parlament - staark kritiséiert oder a Kreesser, déi mengen, si géife menger Partei nostoen - ça reste à prouver -, dass ech als Statsminister dee Vote hei zougelooss hunn. Jo, esou ass et nun awer emol.

Mir hunn ee Koalitiounsaccord mat der liberaler Partei an duerno mat der sozialistescher Partei gehat, deen eigentlech déi Diskussioun vun haut onméiglech gemaach hätt, well mer eis jo fir e Projet de loi iwwer Palliativmedezin ausgeschwat haten, gemeinsam, eng Kéier mat deenen engen, eng Kéier mat deenen aneren. An elo hu mer haut awer eng Diskussioun. Ech ginn a menger Partei bei Eenzelnen, wahrscheinlech och bei villen am Land kritiséiert vun all deene Kreesser, déi déi Diskussioun net wollten.

Ech wëll dofir just a mengem ganz perséinlechen Numm schwätzen. Ech schwätzen hei net am Numm vun der Regierung, Här President; ech weess iwwerhaapt net, ob dat iwwerhaapt geet?

***(Hilarité)***

Ech schwätzen hei als Juncker an net als Statsminister. Ech hunn ëmmer fonnt, zënter ville Jore schonn, jo, dass et jo d'Méiglechkeet muss ginn, egal wat d'Parteie soen, iwwer Froen ze diskutéieren, mat deenen d'Mënsche sech beschäftegen. An d'Mënsche beschäftege sech nun emol mat där Fro hei op eng séier intensiv, dramatesch, perséinlech, individuell Aart a Weis.

Fannt Dir, dass et d'Aufgab ass vun deem, deen un der Spëtzt vun der Regierung steet, eng Debatt auszetrieden, ze verhënneren, ze soen: Mir hunn décidéiert, dat géif kee Gespréich ginn, an duerfir gëtt et kee Gespréich? Oder fannt Der net - dat soen ech och de Kolleege vu menger Partei -, dass et heiansdo, dat geschitt selten, d'Noutwendegkeet gëtt, aus de Partisanegrief auszebriechen an eng Diskussioun stattfannen ze loossen, déi an der Gesellschaft gefouert gëtt?

Fannt Dir - dat froen ech och Eenzelner vu menge Kolleegen -, dass eng Partei, déi 36, 37% huet - ech weess, dass dat wäit vun Ären Dreem ewech ass; dat soen ech deenen aneren -, d'Recht huet, eng Debatt ze verhënneren, just well se Wahle gewonnen huet, an d'Recht huet, net ze akzeptéieren, dass et an der Gesellschaft aner Stréimungen, aner Sensibilitéiten, aner Iwwerleeunge gëtt, wéi déi, déi an hirer eegener Partei majoritär sinn?

Ech hu fonnt, an enger Fro wéi dëser muss d'Demokratie Demokratie kënne sinn, a muss d'Gewësse vum eenzelnen Deputéierten d'Gewësse vum eenzelnen Deputéierte sinn. Ech fannen, an enger Fro wéi dëser gëtt et keng Parteien, gëtt et keng Majoritéiten, déi préetabléiert sinn, mä geet et just d'Rénge vum eenzelnen Deputéierten ëm d'Richtegkeet vum Wee.

Dofir hunn ech - ech däerf dat vläicht mam Accord vum Här Vizepremier soen - eigentlech ouni eng gréisser Innerregierungsconcertatioun e puermol, souwuel an där leschter Regierung - d'Madame Polfer ass net hei, fir dat ze bestätegen, mä den Här Goerens ass hei - an an dëser Regierung, dat eigentlech hei an der Chamber bei diversen Erklärungen zur Lag vun der Natioun gesot: Hei ass et um eenzelne Volleksvertrieder, well all Volleksvertrieder vertrëtt d'ganzt Vollek, ze soen, wat hien denkt.

Vu dass där Partei, an där ech sinn, ëmmer ënnerstallt gëtt, si hätt een absolut Machtbewusstsein, wier et vläicht gutt, wann Eenzelner, déi dat géint d'Wourecht dauernd vertrieden, emol géifen zur Kenntnis huelen, dass deen, deen déi Partei hei vertrëtt, méi wéi iergendeen aneren, déi Machtpositioun - wéi dat beschriwwe gëtt - net bis zum Schluss gedriwwen huet. Déi Debatt hei géif net stattfannen, wann et mech net géif ginn! Doraus zéien ech keng besonnesch Fiertéit, mä just ee Prinzip, dass et Froen an der Gesellschaft gëtt, déi mussen hei am Haus vun der Demokratie kënnen diskutéiert ginn, ouni iwwerdriwwene Parteiafloss.

Dat Zweet, wat ech wollt soen, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ass, dass ech déi Proposition de loi, esou wéi se elo virläit, net hätt kënne stëmmen, wier ech Deputéierten. Ech soen dat just a mengem perséinlechen Numm, ouni doraus eng iergendwéi orientéierend Wierksamkeet fir anerer wëllen ofzeleeden. Ech soen Iech och, firwat.

Ech wiere mech mat aller Kraaft géint all Aflossnahm op d'Parlament vu baussen. Ech fannen dat en inakzeptabele Virgang. Mir akzeptéieren, wann et ëm de Mindestloun geet, wann et ëm den Index geet, wann et ëm d'Familljenzoulage geet, wann et ëm dëst oder dat geet, ëmmer - do protestéiert jo keen heibannen; c'est très curieux, mais enfin et ass esou -, dass d'Gewerkschaften eis ënner Drock setzen.

Ech fannen, dass dat en Deel vum demokrateschen Entscheedungsprozess ass, dass den Här Reding eis seet, dass mir déi leschte Mënsche wieren, wa mer net fir d'automatesch Indexéierung vun de Léin a Gehälter wieren. Dat akzeptéiere mer jo.

Mir akzeptéiere méi schlecht, wann d'katholesch Kierch an enger Debatt, déi d'Mënsche betrëfft, hir Meenung seet. Ech akzeptéieren dat. Ech fanne souguer - de Charles Goerens huet dat och gesot -, dass den Toun, an deem den Erzbëschof sech a sengem „Hiertebréif" geäussert huet, akzeptabel ass.

Ech sinn net op alle Millimeteren d'accord, mä Dir kënnt der katholescher Kierch awer décemment net verweigeren, dass se hir Meenung seet. Dat mécht d'katholesch Kierch. Dat maachen d'protestantesch Kierchen. Dat maachen all d'Kierche vun der Welt an alle Länner vun der Welt.

**Une voix**.- An de Mouvement écologique.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech akzeptéieren net, dass de Vatikan sech an déi Debatt hei amëscht. Ech akzeptéieren, dass eng Glawenskongregatioun vum Vatikan sech amëscht. Dat ass kee staatlecht Organ vum Vatikan. Ech akzeptéieren net, dass de Vatikan sech hei amëscht. Je ne l'accepte pas, obschonn ech jo ëmmer muss akzeptéieren, dass d'Lëtzebuerger Aussepolitik sech permanent an d'Politik vun den anere Länner amëscht.

Mir si gelunge Leit. Mä ech wëll Iech just soen: Ech akzeptéieren dat net, well d'Staatlechkeet vum Vatikan och eng moralesch Dimensioun huet an eng Beaflossbarkeetsméiglechkeet op d'Denke vu Mënschen huet, déi den Distinguo tëscht Stat a moralescher Kraaft schwéier mécht. Dofir hunn ech Schwieregkeeten, dat ze akzeptéieren. An eisen Ausseminister huet dat och, wéi ech fannen, an de richtegen Termen an deene leschten Deeg ganz kloergemaach.

Et gëtt nach eppes, wat ech net akzeptéieren. Ech schwätzen nach ëmmer am perséinlechen Numm, Här President. Ech weess guer net, ob ech mech hei iwwerhaapt nach am Kader vum Reglement befannen.

**M. le Président**.- Ech och net.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Ech akzeptéieren net, dass ronderëm dës Proposition de loi Ënnerstellunge gemaach ginn, déi einfach net an eis demokratesch Kultur passen. Ech akzeptéieren net, dass déi, déi sech fir déi Proposition de loi als Auteur zur Verfügung gestallt hunn, well dat hir déif Iwwerzeegung ass, oder déi, déi dës Proposition de loi stëmmen - falls se da gestëmmt gëtt -, beschriwwe gi wéi Mäerder a Faschisten. Ech akzeptéieren dat net!

Dat ass géint alles, wat ech denken, well déi, déi fir déi Proposition de loi do stëmmen, keng Feinde vun der Mënschheet sinn; keng Leit sinn, déi déi aner Leit net gär hunn; keng Leit sinn, déi sech ëm d'Interessélag vun deenen, déi leiden a schwéier leiden, foutéieren. Ech wëll gleewen an ech gleewen et, dass déi, déi fir déi Proposition de loi do stëmmen, gradesou frou mat de Mënsche sinn, wéi ech oder wéi anerer.

Ech akzeptéieren also net, dass een deenen Absichten ënnerstellt, déi se net hunn. Wat ass dat fir eng Aart a Weis eigentlech, fir engem aneren ze ënnerstellen, hie wier e Mäerder, hie wier géint d'Mënschen, hie wier net bereet, d'Leide vun de Mënschen ofzeschwächen, ze linderen, frou si mat de Leit, wa se stierwen? Keen huet d'Recht, engem aneren ze ënnerstellen, dass hien dat net wëllt.

Ech akzeptéieren awer och net, dass déi, déi géint déi Proposition de loi sinn, aus deene Grënn, déi d'Madame Stein haut de Moien hei, wéi ech fonnt hunn, eloquent exposéiert huet, a mäi gudde Frënd Michel Wolter haut de Mëtteg an engem séier responsabelen Discours nach eng Kéier nogezeechent huet, no laanger Iwwerleeung, nom Besiche vun hire Liewenserfahrungen an nom Erakucken a sech selwer an an d'Liewensgefill vun den anere Mënschen, dass déi ënnerstallt kréien, si wieren eng reaktionär klerikal Ofwiertrupp. Ech akzeptéieren dat net!

Ech akzeptéieren net eng Sekonn, dass meng Partei hei als e verlängerten Aarm vun engem primitive Vatikanismus duergestallt gëtt! Ech akzeptéieren net eng Sekonn, dass een, dee géint déi aktiv Stierfhëllef ass, esou wéi se hei proposéiert gëtt - an ech ënnerstellen deenen, déi se proposéieren, keng Intentioun, déi géint d'Mënsche geriicht wier; wie wier ech, dass ech dat kéint maachen? -, dohinnergestallt gëtt als de reaktionären Deel vun der Weltgemeinschaft.

Huelt wann ech gelift zur Kenntnis, dass mer 193 Staten an der UNO hunn an dass just zwee oder dräi Staten esou ee Gesetz hunn! Huelt zur Kenntnis, dass 190 Natioune sech net fundamental kënnen iren, wa se dee Wee net wëlle goen! Huelt zur Kenntnis, dass, wann 190 aner Natiounen - dovun 80 Demokratien, well méi hu mer der net - sech schwéierdi mat där Fro, dass dat eng schwéier Fro ass!

Haalt op déi ze beschreiwen, déi net mat der Majoritéit vun dësem Haus, esou wéi se sech den 19. Februar - oder wéini war et? - ofgezeechent huet, averstane sinn, dass dat Retardéierter sinn, dass dat Leit sinn, déi net frou mat deenen anere Leit sinn!

Huelt zur Kenntnis, dass déi Fro, déi mer hei diskutéieren, eng existenziell Fro ass, wou dat heite fir d'Parteien, falls se majoritär Meenungen hunn - déi zwou grouss Parteien hu jo ënnerschiddlech Sensibilitéiten a sech selwer an där Fro; dat ass jo net einfach fir déi, déi divergéiere par rapport zum Mainstream vun hirer Partei -, esou oder esou keng Fro ass vu Parteien!

Huelt zur Kenntnis, dass dat heiten eng Fro ass vu Mënschen, déi hei am Numm vun anere Mënschen hei am Land eng Décisioun ze treffen hunn!

Ech fanne somme toute - nieft der Bemierkung, dass ech fonnt hunn, well ech dat op der Televisioun gekuckt hunn, dass dat eng digne Debatt war, mat extrem gudden Debattebäiträg; keen, deen hei geschwat huet, huet sech nieft den Dill gesat, well hie sech doduerch, wat hie gesot hätt, nieft d'Mënsche gesat hätt; an ech soen dat fir jiddwereen -, dass dat heiten eng Debatt ass, déi - däerf ech dat esou soen? - an d'Liewegt gräift an déi mam Doud ze dinn huet.

Jiddwereë vun eis huet jo seng perséinlech Erfahrungen, mam Liewe souwisou, mä och mam Stierwe gemaach. Ass et richteg, dass mer aus deem, wat mer bei deenen Experienze geléiert hunn, allgemeng Schlussfolgerungen zéien? Ass et richteg, aus deem, wat mer selwer erlieft hunn, selwer duerchschratt hunn, jiddwereen vun eis - mir sinn ongeféier alleguer lues a lues an deemselwechten Alter -, allgemeng Deduzéierungen normativer Natur ze zéien? Ech mengen, dass dat net richteg wier.

Ech soen lech an engem Saz wéi an dausend - an eigentlech brauch een dausend Sätz, fir sech ze erklären; mä wien huet déi Zäit? -, firwat dass ech déi Proposition de loi do net géif stëmmen. Ech stëmme se net, net well ech deenen, déi se stëmmen oder déi se proposéiert hunn, Absichten ënnerstellen, déi se net hunn. Ech mengen, dass déi, déi déi Proposition de loi abruecht hunn, dem Mënsch wollten déngen.

Ech hu just Angscht. Ech hunn net Angscht fir dat, wat an zwee oder dräi Joer géif passéieren. Déi hunn ech net. Soulaang wéi d'Feier vun deenen, déi dat heite wollten, nach brennt, ass gewosst, wat gewollt war. Mä wann déi fort sinn, wa mer a 15 oder 20 Joer deen Text do applizéieren, wann alleguer déi, déi deen Text mussen applizéieren, an enger anerer Liewens- an Doudesatmosphär grouss gi sinn, wéi déi, déi d'Liewens- an d'Stierwensatmosphär vun deenen ass, déi haut regéieren a parlamentéieren, wat geschitt dann?

Ech gehéieren zu deenen onglécklechе Mënschen hei am Land, déi keng Kanner hunn. Et sinn der nach heibannen. Ech gehéieren zu deenen, déi mengen, si géifen hire Partner iwwerliewen. Dat ass jo déi gelungen Hoffnung, déi een am Witzgespréich…

***(Interruption)***

Gelift?

**Une voix.**- Eng Horrorvisioun fir de Partner.

**M. Jean-Claude Juncker,** *Premier Ministre, Ministre d'État.*- Jo. Ech ginn emol dervun aus, dass et kéint esou sinn.

Da sinn ech eleng. Ganz eleng, ouni iergendeen! An da wëll ech wëssen, wat geschitt. An dofir hätt ech gären, dass virdrun, ier et geschitt, een driwwer décidéiert, wat geschitt. Ech géif dat Gesetz hei net stëmmen, well ech Angscht hunn.

**M. le Président.**- Merci, Här Statsminister, fir deen engagéierten Témoignage. Den Här Ausseminister huet d'Wuert gefrot.

**M. Jean Asselborn,** *Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration.*- Här President, den Här Premierminister huet gesot: Hei schwätzt de Juncker. Ech wollt soen: Da schwätzt hei den Asselborn. Ech géif just zwee Sätz wëllen, Här President, un lech riichten.

Den éischte Saz ass, wann ech nach Deputéierte wier - an ech war et 20 Joer -, géif ech dësen Text stëmmen. Ech wéilt lech just soen, firwat. Well mer, a mengen Aen op jidde Fall, hei d'Méiglechkeet schafen, wann e Mënsch an engem Stadium ass, wou hien d'Leiden net méi erdroe kann, dass mer ee legale Kader schafen, fir dass hie sech kann entscheeden, fir dass hien e Choix huet, fir erléist ze ginn.

Här President, fir mech op jidde Fall ass et net schwéier ze verstoen, och wann ech a mech eraginn, dass, wa mer ee legale Kader schafen, fir e Mënsch an esou enger Situatioun ze erléisen, dat näischt mat ëmbréngen ze dinn huet. Duerfir géif ech mengen, dass dat, wat mer elo de Mëtteg hei maachen, wa mer an der Chamber eng Majoritéit derfir kriten, en Akt ass vu Mënschlechkeet, dee genee an de Kader vun dësem héijen Haus passt.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Merci, Här Asselborn. Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn dann um Enn vun der Diskussioun ukomm. D'Madame Err freet d'Wuert nach eng Kéier.

***Amendements***

**Mme Lydie Err** *(LSAP), co-auteuse.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass evident, dass ech hei a mengem perséinlechen Numm schwätzen, well mer keng Geleeënheet haten, iwwert déi Propositiounen, déi hei en cours de route gemaach gi sinn, Réckspprooch ze huelen.

Ech wëll duerfir hei just zwou Saache soen, an zwar, dass den Amendement 1, wéi de Michel Wolter en hei proposéiert huet, schonn eng Kéier proposéiert ginn ass an der Kommissioun, an der Kommissioun net ugeholl ginn ass, an dass de Statsrot - an et ass dat, wat den Alex Bodry haut de Moien op déser Tribün gesot huet - de Rejet vun deem Artikel eigentlech och motivéiert huet an dësen Termen: «Cet amendement propose de remplacer l'article 3 actuel dans sa totalité. Les auteurs de cet amendement maintiennent dans cet article la condition de l'incapacité de communiquer dans le chef de la personne concernée d'une demande d'euthanasie (...)»

De Statsrot seet, déi heite Fro werft am Fong nei Problemer op: «Cet amendement, contrairement à l'amendement précédent, restreint le champ d'application par rapport au texte initial et le limite aux cas où le traitement curatif et surtout palliatif s'avérerait inefficace, tout en rappelant le droit du patient, hospitalisé, de refuser toute forme de traitement. Selon le Conseil d'État, l'applicabilité de cette disposition soulève également des questions. En effet, le Conseil d'État n'a pas connaissance de données scientifiques chiffrant la fréquence de traitements palliatifs inefficaces malgré le recours aux sédations palliatives. Il s'interroge sur la portée exacte que les auteurs de cet amendement veulent donner aux conséquences d'un refus de traitement en fin de vie. Est-ce que le refus d'un traitement efficace, et donc non assimilable à un acharnement thérapeutique, induit selon les auteurs un droit à mourir?»

Ech mengen, dass dat eng kloer Sprooch ass. Dat ass och am Fong déi Ursaach, firwat mer deen Text do ni a Considératioun geholl hunn, well hei ass genau dat méiglech, wat ech de Moie gesot hunn, firwat ee misst am Kader vum Gesetz iwwert d'Stierfhëllef de Filtre palliatif rejetéieren als Obligatioun. Et ass evident, dass, wann d'Patienten um Liewensenn op enger Statioun sinn, wou à la fois Soins palliatifs gemaach ginn an Euthanasie - wouvu mer ausginn -, keen, deen d'Euthanasie freet, net sécherlech och déi aner Soinen, déi et gëtt, proposéiert kritt. An dann huet hie logescherweis, och wann dat elo net am Text steet, d'Recht, nom Gesetz iwwert d'Organisation hospitalière Artikel 40, déi Propositioun ze refuséieren.

Et ass aus där Ursaach, wou deen Text hei am Fong net eng Ajoute mécht a genau dat mécht, wat e esch éivitéieren, an zwar de Leit eventuell d'Interpretatioun loossen, dass se misste Soins palliatifs kréien, ier se kënne Stierfhëllef kréien. Or, wa se Soins palliatifs musse kréien, da kënne se an en Zoustand geroden, dass se net méi à même sinn, sech en toute conscience a Clartéit auszedrécken.

Duerfir mengen ech, ass deen Text do, och wann en eigentlech net dramatesch ausgesäit, wann een en esou liest, lourd de conséquences, well en eben déi Méiglechkeet opléisst, de Patient an en Zoustand ze setzen, wou hien net méi à même ass, sech kloer auszedrécken.

Dat, wat hei am Text steet, an dat wëll ech dem Michel Wolter soen, dee jo wëllt d'Grief hei zoutippen, dat ass evidenterweis eppes, wat souwisou geschitt. D'Propositioun vun de Soins palliatifs a vun engem Traitement curatif ass eng Propositioun, déi ni däerf eng Obligatioun ginn, se unzehuelen, well wa se ugeholl misst ginn, da si mer an enger Méiglechkeet, wou et kee fräie Choix méi gëtt fir dat eent oder dat anert.

Zu där anerer Propositioun d'amendement, fir elo erëm déi Kommissioun, déi duerno ass, virdrun ze huelen, Folgendes: Mir hunn eng Propositioun gemaach, mat där mir gemengt hunn als Auteuren, deene Leit, déi Schwieregkeete mat dësem Text hunn, entgéintzekommen, andeem dass mer en neien Artikel 3 gemaach hunn, wou mer soen, wann en Dokter mengt, hien hätt nach gären en zousätzlechen Avis, kann hien, wann hie wëllt, en aneren Expert froen, a wann deen Expert en Dokter ass, da muss hien dee Certificat vun deem Dokter an den Dossier leeën. Dann hu mer zwee Dokteren, déi méiglecherweis sech zum Zoustand vum Patient ausdrécke kënnen.

Wat soll dann elo nach deen drëtten do derbäi? Geet et elo ëm de Prinzip, fir Recht ze hunn, oder geet et dorëm, fir méiglechst vill Garantien ze hunn, fir ze kucken, dass déi Konditiounen, déi am Gesetz drastinn, respektéiert ginn?

Ech gesinn net den Ënnerscheed oder d'Plus-value vun enger Kommissioun, wou dräi Dokteren dra wieren, par rapport zum jëtzegen Text, wou mer d'Méiglechkeet vun zwee Dokteren hunn, déi virun dem Traitement fir d'Stierfhëllef kënne consultéiert ginn an déi hiren Avis wëssen doe kënnen.

Duerfir denken ech, dass déi zwee Amendementer ënnert déser Form fir mech op jidde Fall net akzeptabel sinn.

**Plusieurs voix.**- Très bien!

**M. le Président.**- Den Här Scheuer huet d'Wuert gefrot zu den Amendementer.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP).*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech gehéieren zu deenen Deputéierten, déi sech beim éischte Vote am Februar enthalen haten. Déi Enthalungen hu sech entscheedend ausgewierkt, an dat kënnt och dës Kéier de Fall sinn.

De Statsminister huet geschwat vun der Wichtegkeet vum Wee, an et wier e perséinleche Choix, deen een ze treffen hätt. Meng Enthalung - an ech mengen och déi vun de Kolleegen - war e perséinleche Wee. Ech wëll awer dee Choix eng Kéier motivéieren a vläicht och nach Froe stellen, a vun der Beäntwertung vun dësen Fro hänkt och mäi Vote of.

Ech sinn d'accord mat engem medezineschen Akt, deen den Doud bewierkt, wa keng Heelung méiglech ass, nodeem d'kurativ Medezin verseet a kee Mëttel méi do ass fir ze heelen, a wa keen Traitement méi méiglech ass, fir d'Péng ewechzehuelen. Dat sinn déi Bedéngungen, ënnert deenen ech perséinlech d'accord sinn och mat der Euthanasie.

Ech sinn der Meenung, datt souwuel an der kurativer Phas wéi och an der palliativer Phas nach ëmmer e Kontakt zum Liewe besteet, an ech wär frou, wann d'Madame Err mer géif explizéieren, ob eng palliativ Phas identesch ass mat enger Perte de conscience.

Weess een net méi, wat ee mécht, wann een an enger palliativer Phas ass? Vläicht kann en Dokter mer dat soen.

Wann dat de Fall ass, dann akzeptéieren ech hire Räsonnement. Palliativmedezin ass fir mech e Filter, deen net ëmmer gräift, deen och ausgeschalt gi kann, op Wonsch vum Patient oder duerch d'Décisioune vum Dokter, vun deem Moment un, wou d'Liewe keent méi ass.

Mir hunn déi ganzen Zäit geschwat iwwert den Doud; wéineg Leit hunn iwwert d'Liewe geschwat. Et gëtt fir dee Moment, deen ee Stierwen nennt, vill philosophesch Definitiounen. E reit sech an an déi vill Situatiounen, déi an der Philosophie, an der Gnoseologie als Grenzsituatiounen definéiert ginn an déi vill méiglech Definitiounen zouloossen.

Fir mech héiert d'Liewen an deem Moment op, wou keng Kommunikatioun méi mat der Aussewelt méiglech ass, dann also, wann de Mënsch seng spirituell Fäegkeete verluer huet, dann, wann hie kee Kontakt méi huet mat dobaussen, dann, wann de Mënsch reduzéiert ass op e vegetativen Organismus.

Fir mech héieren och d'Mënschsinn an d'Liewen op, wann d'Péng onerträglech ass, wann d'Liewen nëmme méi aus Leide besteet, aus Péng, wa kee Mëttel méi gräift. An ech wëll dat just ergänzen, wat den Här Huss gesot huet: Och déi psychesch Péng gehéiert do derzou. An déi psychesch Péng, déi kann och d'Liewen onméiglech maachen. Wann dann de Wonsch formuléiert gëtt, fir dem Liewen en Enn ze setzen, da soll dat ënnert dem Respekt vun de Regelen, déi mer festgeluecht hunn an der Palliativmedezin oder an der Proposition de loi, och geschéien. An dann huet de Mënsch och a mengen Aen e Recht op aktiv Stierfhëllef.

Zwee Momenter gehéieren also zum Liewen: Dat éischt ass d'Kommunikatioun mat deem, wat ronderëm ass, an dat zweet ass e Liewen, wat een nach empfënnt als Liewen, als psychesch a physesch Existenz. An da si mer an deem Moment an där Situatioun, wou de medezineschen Akt, fir dem Liewen en Enn ze maachen, an enger Grozon läit, eng Zon, wou d'Palliativmedezin an d'Euthanasie aneneen iwwerginn, wou se de facto zum selwechte Resultat féieren a wou d'Differenzen nëmme gemaach kënne ginn an enger philosophescher Approche.

Juristesch dierf dëse leschten Akt keng negativ Konsequenze fir den handelnden Dokter erginn. Mir legaliséiere jo och net d'Euthanasie, mä mir dépenaliséiere se - d'Madame Flesch huet et gesot. An duerfir ass ee ganzen Arsenal vu Konditioune virgesinn.

Ech hunn an deene leschte Wochen an an deene leschten Deeg vill gelies. An eent vun deene Bicher, déi mech impressionéiert hunn, ass dat Buch vum Axel Kahn, dat heescht „L'ultime liberté?". D'Buch ass viru kuerzem erauskomm. A just fir den Auteur ze situéieren, a fir och emol ze weisen, wéi Leit vu bestëmmte Borden zu där doter Problematik stinn: Den Axel Kahn ass Medeziner. Ech mengen, hien ass Genetiker vu Formatioun. Hien ass Universitéitsprofesser, hie war Member vun der Ethikkommissioun a Frankräich. Hien ass erklaerten Atheist an ass politesch lénks agestallt. Den Axel Kahn huet immens Problemer mat der Euthanasie.

Ech wëll just un engem Zitat weisen, wéi schwéier dee Mann sech deet, fir aus där Ambiguïtéit vun där Palliativmedezin-Euthanasie-Diskussioun erauszekommen, ee Saz nëmmen, dee praktesch net ze erklären ass. Hie seet: «La mort donnée ne serait rien d'autre que l'équivalent du meurtre commis en état de légitime défense.»

Dat heescht also, datt een Dokter en légitime défense ass, datt hie kee Spillraum huet, fir Liewen ze retten. En légitime défense ass och de Patient, dee Péng erleit, deen um Enn vum Liewen ass, an deem säi Liewen net méi liewenswäert ass. A wien ass de Meurtrier? Dat wär den Dokter!

Dir mierkt un dësem Zitat déi ganz Ambivalenz, déi moralesch Schwieregkeeten, déi e Mediziner huet, dee permanent mat dem Doud konfrontéiert ass, fir zu enger eendeiteger Ausso ze kommen.

Et gëtt keng Wourecht, keng eendeiteg eemoleg Wourecht an dësem Domän. Et ass eng Gewëssensfro, an e Gewëssen ass ëmmer individuell.

Ech si perséinlech net fir d'Liewen ëm all Präis. Ech si géint den Acharnement thérapeutique. Ech si fir d'Euthanasie passive. Ech si fir d'Exception d'euthanasie, an ech sinn och fir d'Méiglechkeet, fir palliativ Mesuren am Endstadium ze refuséieren, mat alle Konsequenzen, déi dat huet.

D'Euthanasie-Palliativmedezin-Debatt ass zu enger - et deet mer leed, fir et ze soen - parteipolitescher Debatt ginn,...

**Une voix**.- Très bien!

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- ...ouni datt Drock ausgeübt ginn ass op ee vun eis.

Ech soe formell: An eiser Partei, an eiser Fraktioun hu mir d'Liberté de vote zougestane kritt, an et huet ni een Drock op eis ausgeübt. Mä alles dat, wat am Virfeld geschitt ass, huet zu engem Clivage politique gefouert, an dee Clivage politique ass a mengen Ae ganz ongesond an dréit näischt zur Würd, zur Dignitéit vun dëser Debatt bäi.

Gutt a béis Kategorien, schwaarz-wäiss Kategorien, e manichäistescht Weltbild droen net dozou bäi, datt mer der Problematik kënne gerecht ginn. Ech bedaueren dat.

Ech bedaueren och eppes, wat net ugeschwat ginn ass. D'Mediatiséierung vun der Problematik an déi skandaléis Berichter, déi a leschter Zäit am Ausland iwwert d'Televisioun komm sinn. Si sinn indigne gewiescht, si sinn onmënschlech gewiescht, an si si lassgetréppelt ginn duerch d'Sensatiounsgier.

Ech bedaueren awer nach eppes, wat mer och haut gespuert hunn an der Debatt, wat awer vläicht déi éischte Kéier méi ausgeprägt war: Et ass eng Debatt, déi net sentimentalistesch gefouert ginn däerf. Et ass eng Debatt, déi net emotionell gefouert ginn däerf. Da komme mer zu kengem Resultat. Mä d'Sentimentalitéit ass an d'Diskussioun mat agefloss, mä dat och ass jiddwerengem säi perséinlecht Recht.

Här President, ech adresséiere mech un d'Auteure vun der Proposition de loi sur l'euthanasie et - an da kënnt deen Term, dee mech schockéiert - l'assistance au suicide.

Mäi Vote hänkt of vun der Äntwert op déi Fro, déi d'Madame Err vläicht deelweis beäntwert huet. Wa si seet, si wär ganz beäntwert, da muss ech dat akzeptéiereren.

Ech hunn och Angscht. An zwar hunn ech eng Angscht, déi sech ergëtt aus mengen Erfahrungen, Angscht aus menger Astellung zum Liewen, Angscht aus menger Astellung zur Gesellschaft, aus där Plaz, déi all Individuum, déi all Mënsch am Zesummeliewe mat den anere Leit huet. Ech hunn Angscht aus där Responsabilitéit, déi d'Gesellschaft vis-à-vis vun all eenzelnem Mënsch huet.

Wann ech d'Proposition nämlech zu Enn denken, dann ergëtt sech aus dëser Proposition de loi - an dat musst Dir mer elo falsch maachen, Här Huss - eng Legitimatioun vum Suizid, d'Recht zum Suizid, d'Recht also, fir sech ëmzebréngen, als Deel vun enger absoluter individueller Fräiheet, wann e Mënsch der Iwwerzeegung ass, keng Zukunft méi ze hunn, wann hie subjektiv der Meenung ass, d'Liewen hätt kee Sënn méi, wann en all Engagement, all Implikatioun an d'Famill, an d'Gesellschaft niéiert, an och dann, wann déi Implikatioun an d'Gesellschaft effektiv net existéiert - dat heescht, och dann, wann d'Gesellschaft versot huet.

Wann e Mënsch dann d'Décisioun hëlt, fir aus dem Liewen ze scheeden, vill ze fréi aus dem Liewen ze scheeden, ass dat net déi philosophesch Konsequenz, déi logesch Konsequenz vun deem Recht op Suizid, wat den Individuum, de fräien Individuum zougestallt kritt?

Meng Fro un Iech ass: Wou endegt d'Fräiheet vum Eenzelnen? Duerfir meng Fro: Firwat net d'Barrière vun dem palliative Service abauen an dat Gesetz?

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Scheuer. Den Här Huss kritt elo d'Wuert nach zu den Amendementer respektiv där Fro, déi den Här Scheuer gestallt huet, obschonn et eng philosophesch Fro ass, op déi et schwiereg ass ze äntwerten. Den Här Huss huet d'Wuert.

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur*.- Den honorabelen Här Scheuer huet zwou Froe gestallt. Ech wëll da versichen, déi zwou Froen ze beäntwerten.

***(Interruption)***

Den honorabelen Här Scheuer huet am Fong zwou Froe gestallt. Déi éischt, fir ze froen, wéi dat dann do ass an deem palliative Prozess, ob an deem Prozess herno de Patient nach kéint entscheeden oder net.

Et ass ganz kloer, wann een an esou ee Prozess kënnt, wou ee mat Schmäerzmëttele behandelt gëtt an eventuell mat Betäubungsmëttel an enger éischter Phas vun der Krankheet, wann déi awer scho ganz wäit fortgeschratt ass, wa schonn esou Mëttelen agesat musse ginn, a wann déi Péng herno ëmmer méi staark gëtt, da muss et zu enger ëmmer méi héijer Doséierung komme vu Schmäerzmëttelen a vu Betäubungsmëttelen. An an engem bestëmmte Moment mussen déi Betäubungsmëttelen esou staark agesat ginn, datt d'Konsequenz dovunner dat ass, wat een nennt de Coma artificiel.

Dir hutt vläicht an enger Fernsehsendung e Lëtzebuerger Palliativmediziner héieren, deen am Fall Chantal Sébire dat gesot huet an esou erklärt huet. Ab engem gewëssene Moment, wou ee Betäubungsmëttelen esou staark ausgesat ass, ass een iwwerhaapt net méi fäeg, kënnen eng aner Décisioun ze huelen, well dann ass een an deem Prozess mat dran.

Dat, wourëm et eis geet, dat ass ganz einfach. Dee Wee ass jo e Wee, dee fir mech en absolut honorabele Wee ass. Ech si jo iwwerhaapt net géint dee Wee. Vill Leit si wahrscheinlech bereet, dee Wee ze goen. Mä an enger gewësser Phas gëtt et och aner Leit, déi soen: Ech wëll awer net ëmmer méi ënner Betäubungsmëttel kommen, ëmmer méi an e Semi-coma geroden an dann nach e puer Deeg, zwou, dräi Wochen an esou virun an deem Zoustand liewen. Déi wëllen, ab engem gewëssene Moment, nach kënnen déi Décisiounen huelen. Dat ass d'Fro eent.

D'Fro zwee, wat de Suicide ubelaangt. Wann Der kuckt, wat an den Dispositioune vun deem Gesetz steet, da geet et iwwerhaapt net ëm Leit, déi an engem Moment vun hirem Liewe suizidär sinn, well se depressiv sinn. Dat geet jo, de Konditioune vum Gesetz no, net duer. D'Konditioune vum Gesetz soen, datt verschidde Saachen zesumme musse wierken. Dat heescht also, datt och eng Maladie incurable sans issue muss sinn. An eréischt wann déi Maladie incurable et sans issue dann och nach psychesch Péng ausléist, eréischt da kann, wann dat dann ënnersicht gëtt, a wann en zweeten Dokter zu deeneselwechte Konklusioune kënnt, de Prozess vun enger Demande d'euthanasie ageleet ginn, déi dann eng Chance op Succès huet, fir iwwerhaapt kënnen duerchzekommen.

Eng einfach Depressioun geet net duer, dat ass keng Maladie incurable. Wa Leit eng Depressioun hunn - et ass jo de Moie geschwat gi vu Leit, Jonker, déi Liebeskummer hunn -, mä do schwätzt dach kee Mënsch vun Euthanasie. Et musse Konditiounen zesummekommen, dat heescht et geet net duer, datt et just eng Maladie incurable ass. Dat geet net duer. Et muss eng Maladie incurable sans issue sinn, a gläichzäiteg mussen och nach Douleure sinn, déi inappesabel sinn, kierperlecher, psychescher a moralescher.

Dat heescht, eréischt wann déi zwou Konditiounen zesumme sinn, däerf de Patient iwwerhaapt en Dokter froen. An dee muss feststellen, datt dat esou ass. An en zweeten Dokter muss kontrolléieren, ob dat esou ass. A wann hie sech onsécher fillt, da kann hien nach en Drëtte froen. An deem Fall kéint dat jo e Psychiater oder e Psychotherapeut sinn. Dat heescht also, déi Méiglechkeete sinn do, esou wéi ech se elo erkläert hunn, an et ass och dat, wat an eisem Gesetz drasteet.

**M. le Président**.- Merci, Här Huss. Sou, Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn elo um Enn vun enger ganz engagéierter Diskussioun ukomm an ech mengen d'Diskussioun huet bewisen, dass mer eis op alle Säiten der Envergure an der Gravitéit vun där Ofstëmmung, déi mer elo virhuelen, bewosst sinn. Ech ginn dovun aus, dass, esou wéi et hei gesot ginn ass, all Deputéierte fräi an nëmme sengem Gewësse verflicht ofstëmme wäert. Här Jaerling?

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Här President, Dir hutt iergendwéi e gelungene Bléckwénkel. Dir orientéiert Iech ëmmer no riets.

**M. le Président**.- Da sot elo, wat Der ze soen hutt.

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Ech wëll zu den Amendementer Stellung huelen.

**M. le Président**.- Très bien. Dat ass Äert Recht.

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Ech wëll just soen, dass ech och an der Kommissioun dat matgemaach hu mat den Amendementer, déi do scho louchen, an dass ech mech an der Kommissioun guer net méi zu deem Euthanasiegesetz geäussert hunn, well meng Meenung kloer ass, dass ech net domat d'accord sinn.

Déi Amendementer, déi hei virleien, verhënneren awer net, dass Euthanasie stattfënnt, dat heescht, déi brénge just am Kader vun deem Gesetz hei aner Dispositiounen eran, mä d'Euthanasie bleift awer bestoen. A well dat de Fall ass, a well ech net mat der Euthanasie d'accord sinn, kann ech och net mat deenen Amendementer hei d'accord sinn. Et deet mer leed.

**M. le Président**.- Très bien. Dont acte.

Dir Dammen an Dir Hären, elo ass et esou wäit, mir stëmmen of. Mir komme fir d'éischt zu den Amendementer, déi den honorabelen Här Wolter hei zu der Proposition de loi abruecht huet. Ginn déi Amendementer nach vun aneren ënnerstëtzt, well een hunn de Moment nëmmen eng Ënnerschréft hei?

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, ech weess net, ob ech nach eng Kéier däerf zum Amendement Stellung huelen. Normalerweis däerf een zwar zu engem Amendement, deen een déposéiert huet, nach eng Kéier Stellung huelen.

**M. le Président**.- D'Zäit vun den Amendementer ass an där aner Zäit mat abegraff. Mir sinn hei an enger Diskussioun dran, wou mer eis elo net sollte mat Regele vun Zäit ofginn. Wann Dir eppes zu deenen Amendementer ze soen hutt, grad wéi anerer och, da solle se dat soen.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Ech soen Iech Merci, Här President, dans la mesure wou ech säit véier an en halleft Joer Fraktiounspresident sinn an all Demande vun all Oppositiounspartei respektéiert hunn, fir egal wat fir een Temps de parole ze kréien, bei all Projet de loi, dee se wollten. Ech si frou, dass ech nach dräi Minutte kréien, fir mäin Amendement hei nach eng Kéier däerfen dohinner ze leeën,...

**M. le Président**.- Kee Problem.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- ...well an deene leschte Minutten dach eppes ganz Interessantes heibanne geschitt ass, wat bei enger ganzer Rei vu Leit heibanne misst zu Bedenke féieren, wierklech.

Dat Éischt ass d'Interventioun vum Här Scheuer, deen op eng wesentlech Fro, nämlech ob et ëm d'subjektiv Legitimatioun vum Suicide geet, keng Äntwert krut. Dat Zweet ass, dass ech d'Madame Err héieren hu vum Filtre palliatif quasi als Gefängnis ze schwätzen.

Ech wëll nach eng Kéier soen, dass deen Amendement hei kee Filtre palliatif ass, dass deen Amendement hei aus enger kombinéierter Wierksamkeet zum engen, am éischten Deel, d'Fäll Pretty an esou weider regelt, doduerch de manière efficace ni par la médecine curative ni par les traitements palliatifs, an dass en a sengem zweeten Deel, am Moment vun der Prise en charge a vun deem Moment un, wou d'Médecine curative net méi kann hëllefen - an dat ass dee wesentleche Punkt an eiser Argumentatioun, an deem Moment wou d'Médecine curative net méi kann hëllefen -, d'Erlaabnis gëtt, fir an d'Euthanasie eriwwerzegoen.

Dat ass kee Filtre palliatif. An och wann een am Traitement palliatif ass, kann een à tout moment, opgrond vun deem heiten Amendement, aus dem Traitement palliatif erausgoen. Et kann ee selbstverständlech net méi aus engem Traitement palliatif erausgoen, wann een esou wäit a senger Situatioun fortgeschratt ass, dass een am Coma artificiel ass. Wann een am Coma artificiel ass, Dir Dammen an Dir Hären, dann ass ee just virum Stierwen. Fir ze mengen, dat als Argumentatioun ze huelen, fir eisen Amendement hei ofzelehnen, dat fannen ech e ganz staarkt Stéck.

An ech fannen nach eppes e ganz staarkt Stéck, an zwar dass den Här Huss a senger Äntwert ob den Här Scheuer hei seet, a sengem Text géif vun der „maladie incurable" Rieds goen. Ech fannen am Artikel 2, esou wéi en haut ofgestëmmt gëtt, am Paragraph 3 déi Wierder „maladie incurable" net. Ech fanne just déi Wierder „situation médicale sans issue". Ech hu während enger hallwer Stonn, Dir Dammen an Dir Hären, probéiert…

***(Interruptions diverses et coups de cloche de la Présidence)***

…ze explizéieren, dass dat zwou verschidde Saache sinn. An dat sinn zwou verschidde Saachen!

Dans la mesure wou mer net iwwer „maladie incurable" schwätzen, well et net am Text steet - et gëtt vun enger „situation médicale sans issue" geschwat, déi jiddwereen, an do ginn ech dem Statsminister Recht, haut, muer oder iwwermuer aneschters interpretéiere kann -, wär ech wierklech frou, wann ech eng Majoritéit géif fannen, fir eisem Amendement eng Chance ze ginn, fir den Amendement unzehuelen, deen heiten Amendement an deen duerno, an engem groussen Deel vun den CSV-Deputéierten esou d'Chance ze ginn, d'Proposition de loi och kënne matzestëmmen.

Ech soen Iech Merci.

Wa keen anere Kolleeg aus enger anerer Fraktioun bereet ass, eis Amendementer ze ënnerstëtzen, ech hunn en opgemaach, da géif ech Iech, Här President, proposéieren, dass d'Madame Stein-Mergen, den Här Meyers, den Här Schaaf an den Här Santer, déi eis Vertrieder an der Kommissioun waren, mat mir selwer déi Amendementer ënnerschreiwe géifen, fir dass se recevabel wären an och zur Ofstëmmung kéinte kommen.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Wolter. Den Här Bausch huet d'Wuert.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech fannen et net gutt, wa mer ufänke Saachen elo hei ze interpretéieren, déi einfach net stëmmen. Wann am Text vun der Proposition de loi Huss/Err steet „situation médicale sans issue", dann ass dat relativ kloer. Op alle Fall, wann den Här Wolter hei seet, dat wier net den Term „maladie incurable", an hien argumentéiert dann, dat kënnt een zu all Moment aneschters interpretéieren, jee nodeem vum medezinesche Wëssensstand, da kënnt een dat och, et deet mer leed, bei der „maladie incurable".

Am Endeffekt ass et jo esou, datt d'Medezin sech natierlech weiderentwéckelt, a wéini een net méi heelbar ass, par rapport zu enger spezifescher Krankheet, dat kann an zéng Joer aneschters si wéi haut. Mä Fait ass, datt den Text awer hei glaskloer ass. „Situation médicale sans issue", dat heescht ganz kloer, datt medezinesch näischt méi ze maachen ass. Dat ass awer glaskloer! An dat kann näischt aneschters si wéi eng „maladie incurable". Wat soll et da soss sinn?

**M. Jean Huss** *(DÉI GRÉNG), co-auteur*.- Et steet dran, dräi Zeilen duerno: „maladie incurable".

**M. le Président**.- Gutt.

**M. François Bausch** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, ech géif wierklech en Appell maachen…

**M. le Président**.- Et ass alles gesot.

***Amendement 1***

Mir kommen elo zum Vote vun den Amendementer. Mir stëmmen of iwwert den Amendement 1 betreffend den Artikel 2, deen den Här Wolter erabruecht huet.

***Vote***

Den Amendement 1 ass ofgelehnt mat 34 Nee-Stëmmen, géint 26 Jo-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sun-*

*nen, Lucien Thiel, Lucien Weiler (par Mme Christine Doerner) et Michel Wolter;*

*M. Jos Scheuer;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mmes Nancy Arendt et Marie-Josée Frank;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Jean-Pierre Koepp;*

*M. Aly Jaerling.*

***Amendement 2***

Mir stëmmen dann of iwwert den zweeten Amendement, deen den Här Wolter erabruecht huet, betreffend de Punkt 2 vum Artikel 2.

***Vote***

Den Amendement 2 ass ofgelehnt mat 35 Nee-Stëmmen, géint 24 Jo-Stëmmen an 1 Abstentioun.

*Ont voté oui: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par M. Marcel Oberweis), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen.*

*Ont voté non: Mmes Nancy Arendt et Marie-Josée Frank;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Jean-Pierre Koepp;*

*M. Aly Jaerling.*

*S'est abstenu: M. Jacques-Yves Henckes.*

Voilà, domat bleift den Text, deen zum Vote steet, deen, deen am Rapport vun der Kommissioun virgeschloen ass. Mir stëmmen elo of iwwert d'Proposition de loi.

***Vote sur l'ensemble de la proposition de loi***

D'Proposition de loi 4909 ass ugeholl mat 31 Jo-Stëmmen, géint 26 Nee-Stëmmen an 3 Abstentiounen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mmes Claudia Dall'Agnol, Lydie Err, M. Ben Fayot, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Jacques-Yves Henckes et Jean-Pierre Koepp.*

*Ont voté non: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Christine Doerner), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Gast Gibéryen et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

*Se sont abstenus: MM. Fernand Diederich, Jean-Pierre Klein et Jos Scheuer.*

Dir Dammen an Dir Hären, an enger parlamentarescher Demokratie décidéiert d'Majoritéit vun de Parlamentarier, ob dat eng grouss Majoritéit ass oder eng kleng Majoritéit. Eng Majoritéit vu fräi gewielte Vertrieder vun dësem Parlament huet sech elo ausgesprach fir déi Proposition de loi, an domadder fir déi aktiv Stierfhëllef. Dëst ass en demokratesche Vote, dee vun dësem Parlament geholl ginn ass, an esou wéi all demokratesch Vote ass dësen demokratesche Vote ze respektéieren, an dat vu jiddwerengem!

Da bleift nach d'Fro vun der Dispens vum zweete Vote constitutionnel.

***(Interruptions diverses)***

Ass e Vote verlaangt iwwert d'Dispens?

***(Assentiment)***

Da maache mer dat.

***Vote sur la dispense du second vote constitutionnel***

D'Dispens ass accordéiert mat 33 Jo-Stëmmen, bei 27 Nee-Stëmmen.

*Ont voté oui: Mme Nancy Arendt;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*M. Jean-Pierre Koepp.*

*Ont voté non: Mme Sylvie Andrich-Duval, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Christine Doerner), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Mir kommen dann zu der Motioun an zu de Resolutiounen, déi déposéiert gi sinn. Fir d'éischt d'Motioun vun der Madame Err.

***Motion 1***

Freet nach een dozou d'Wuert? Den Här Wolter.

**M. Michel Wolter** *(CSV)*.- Här President, ech wollt nach soen, dass ech befriemt sinn doriwwer, dass iwwert de Vote vun der Palliativmedezin an der Euthanasie ewech Motiounen a Resolutiounen an der Chamber déposéiert ginn, déi de Koalitiounspartner an enger alternativer Majoritéit déposéiert.

**M. le Président**.- Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP), co-auteuse*.- Ech wëll just preziséieren, dass bei deene leschten Amendementer, déi an der Chamberskommissioun ugeholl gi sinn, déi heiten Texter scho virlouchen, dass d'CSV-Fraktioun refuséiert huet, un engem Vote an der Kommissioun deelzehuelen a proposéiert huet, mir solle se an d'Chamber bréngen. Et ass dat, wat mer gemaach hunn.

Um Fong war keng Diskussioun. All Mënsch war d'accord mam Contenu. Souwisou ass entre-temps d'Gesetz, wat mer hei froen, ënnerwee, esou dass ech denken, dass een eventuell kéint soen, dass déi Motioun superfétatoire wier, well d'Aarbechten amgaange sinn. Domadder wier se dann zréckgezunn.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, ech kann dat bestätegen, wat d'Madame Err gesot huet. D'Chamber ass saiséiert mat der Konventioun vun Oviedo. Mir hunn an der Kommissioun och doriwwer diskutéiert, a wann et de Wëlle vun der Chamber ass, am Kader vun der Konventioun vun Oviedo dat do ze maachen, da läit et an den Hänn vun der Chamberskommissioun fir dat ze proposéieren, esou dass déi Motioun effektiv superfétatoire ass.

**M. le Président**.- Gutt. Déi Motioun ass zréckgezunn. Da brauche mer net driwwer ofzestëmmen.

***Résolution 1***

Dann déi éischt Resolutioun, déposéiert vun der Madame Err. Ass de Vote électronique verlaangt? Madame Err, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP), co-auteuse*.- Ech mengen, dass et interessant ass, besonnesch elo an dëser Situatioun, wou mer zwee Gesetzer hu mat zwee verschiddenen Testamenter, mat zwou verschiddene Formalitéiten, eent wat muss enregistréiert ginn an eent net, dass et der Chamber obläit, de Public doriwwer ze informéieren, well mer hei en face si vun enger Initiative parlementaire.

Normalerweis géife mer dat doten a Form vun enger Motioun un d'Regierung reechen, wéi dat beispillsweis beim Nationalitéitegesetz geschitt ass. Ech huelen un, dass d'Begeeschterung bei der Regierung sech a Grenzen hält, fir Informatioun ze maachen iwwert déi Texter vun dësen zwee Gesetzer. Duerfir denken ech, dass et gutt wier, wann d'Chamber selwer déi Informatioun do géif an d'Hand huelen. Duerfir halen ech déi Resolutioun oprecht.

**M. le Président**.- Madame Stein-Mergen, wann ech gelift.

**Mme Martine Stein-Mergen** *(CSV)*.- Merci, Här President. Ech wollt just soen, dass et an der Resolutioun 1 net ëm déi zwee Gesetzer geet, mä: «à se donner les moyens pour informer le public des dispositions de la loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide par tout moyen utile». Et geet hei net ëm déi zwee Gesetzer, an duerfir kënne mer se natierlech och net droen.

**Mme Lydie Err** *(LSAP), co-auteuse*.- Dat anert géif natierlecherweis vun der Regierung gemaach, et ass hiert Gesetz. Dat hei ass eist.

***(Interruptions diverses)***

**M. le Président**.- Dat heiten ass eng Resolutioun, a keng Motioun, déi sech un d'Regierung adresséiert. Dat hei ass eng Resolutioun, déi sech un d'Chamber adresséiert.

**M. Mars Di Bartolomeo,** *Ministre de la Santé et de la Sécurité sociale*.- Här President, ech wollt Iech just als Complément un Informatioun ginn, dass, wann dat heite Gesetz gestëmmt ass - esou wéi Dir dat och richteg gesot hutt, dass och d'Regierung sech un dat Gesetz ze halen huet. D'Regierung wäert dann d'Ëffentlechkeet iwwert déi zwee Gesetzer informéieren.

D'Regierung ass gehalen, de Public esou gutt wéi méiglech ze informéieren. Vu dass et an deene leschte Méint vill Iwwerschneidungen an och Malentenduë gi sinn, wat an deem enge Gesetz steet a wat an deem anere Gesetz steet, wat d'Leit bei deem enge Gesetz musse maachen oder kënne maachen a wat se an deem anere Gesetz musse maachen, ass et, mengen ech, eis Aufgab, fir déi Begrëffsverwirrung opzeléisen an d'Leit kloer ze informéieren, wat hir Rechter a wat hir Flichten an deenen zwee Texter sinn.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

**Mme Lydie Err** *(LSAP), co-auteuse*.- Ech zéie se zréck, Här President.

**M. le Président**.- Gutt, d'Resolutioun 1 ass zréckgezunn. All Interventioun ass superfétatoire.

***Résolution 2***

Ass d'Resolutioun 2 och zréckgezunn?

***(Assentiment)***

D'accord.

Dir Dammen an Dir Hären, dann ass dëse Punkt vun eisem Ordre du jour elo definitiv evakuéiert a mir kéimen zum nächste Punkt. Dat ass d'Diskussioun vum Projet de loi 5725 iwwert de Cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet, den honorabelen Här Bodry. Här Bodry, wann ech gelift.

## 2. 5725 - Projet de loi établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie

***Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports***

**M. Alex Bodry** *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net einfach, no esou enger Diskussioun zu engem ganz techneschen Text hei ze kommen. Et geet drëm, eng europäesch Direktiv vun 2005 ëmzesetzen, iwwert d'Fixatioun vun enger ganzer Rëtsch vu Bestëmmungen am Beräich vun der Écoconceptioun vu Produkter, déi Energie verbrauchen.

***(Mme Colette Flesch prend la Présidence)***

Esou Direktiven technescher Natur si soss eigentlech iwwer Règlement grand-ducal ëmgesat ginn. Opgrond vun enger Rei vu rechtleche Bedenken an aus der Suerg vun enger grousser Rechtssécherheet ginn an Zukunft esou Direktiven iwwert de Gesetzeswee an nationaalt Recht ëmgesat. Dat heescht, mir wäerten an deenen nächste Joren nach méi oft mat ähnlechen Texter am Wirtschaftsberäich befaasst ginn, wou et drëm geet, fir esou technesch Harmoniséierungsbestëmmungen iwwert de Gesetzeswee hei zu Lëtzebuerg ze iwwerhuelen.

De Projet ass den 2. Mee 2007 vum Wirtschaftsminister deponéiert ginn. En ass eng éischte Kéier den 11. Oktober 2007 behandelt ginn, Avis vum Statsrot, Amendementer vun der Kommissioun, Avis complémentaire vum Statsrot, a schlussendlech ass de schrëftleche Rapport den 20. November 2008 ugeholl ginn.

Mir sinn an enger gewësser Urgence dran, well u sech den Délai, fir déi doten Direktiv ëmzesetzen, schonn ëm etleches iwwerschratt ginn ass. Am Laf vun dësem Joer ass och en Avis motivé vun der Europäescher Kommissioun un d'Lëtzebuerger Regierung gaangen, fir se drun ze erënneren, dass se kuerzfristeg misst deen heiten Text ëmsetzen.

Ëm wat geet et? Et geet drëm, dass op europäeschem Plang u sech Energie gespuert gëtt an d'Hierstellung vun energiespuerenden Apparater promovéiert gëtt. Duerfir soll eigentlech vu virera bei der Konzeptioun vun engem Produkt, vun enger Maschinn ökologeschen a besonnesch energiepolitesche Iwwerleeunge Rechnung gedroe ginn. Et soll derfir Suerg gedroe ginn, dass vu virera bei där Konzeptioun vum Produkt d'Ëmweltperformance optiméiert gëtt, a besonnesch och Suerg gedroe ginn, dass eng méiglechst geréng Energieconsommatioun virläit. Déi Energieconsommatioun gëtt gekuckt iwwert de ganze Liewenszyklus vum Produkt.

Déi Approche, déi hei geholl ginn ass, ass eng Approche, déi net contraignant ass. Dat heescht also, dass de Produzent vun deem Produkt eigentlech ka selwer préiwen, ob d'Produkt konform ass zu deenen europäesche Bestëmmungen, wat d'Écoconceptioun ugeet. Oder e kann awer och d'Décisioun huelen, dass e mat engem aussestehenden Organismus zesummeschafft, fir dat doten ze maachen.

Wichteg ass et festzehalen, wien zu Lëtzebuerg d'Iwwerwaachung vum Marché mécht, fir ze kucken, ob déi doten europäesch Bestëmmunge respektéiert sinn, dass de Marquage CE op dem Produkt drop ass an dass déi eenzel Normen, déi hei festgeluecht oder recommandéiert ginn, och beim eenzelne Produkt respektéiert ginn.

Dat war fréier, an esou war et och nach am ursprüngleche Projet de loi festgehalen, de Service de l'énergie de l'État. Dee Service ass awer duerch e Gesetz vum 1. August 2007 iwwert d'Organisatioun vum Stroummarché ofgeschaaft ginn. Entre-temps ass et en anert Organ, nämlech den Institut Luxembourgeois de la Normalisation, de l'Accréditation, de la Sécurité et qualité des produits et services, kuerz ILNAS genannt, deen elo déi dote Befugnisser kritt huet.

Mir haten et an der Ausaarbechtung vun deem heiten Text am Laf vun der Prozedur mat positiven Avisë vun der Chambre de Commerce a vun der Chambre des Métiers ze dinn, déi am Fong näischt un deem Gesetzestext vun der Regierung auszesetzen haten.

E bësse méi kritesch war awer do, wéinst juristeschen Iwwerleeungen, de Conseil d'État a sengem Avis, deen och zwou Opposition-formellë mat agepaakt hat. Esou dass mer an den Aarbechte vun der Kommissioun zesumme mat de Regierungsvertrieder probéiert hunn, op déi Kritike vum

Conseil d'État anzegoen. Et sinn eng Rei vun Amendementer verfaasst ginn, déi da schlussendlech och Gnod fonnt hunn an den Ae vun der héijer Corporatioun. Esou dass mer et also elo hei mat engem amendéierten Text ze dinn hu par rapport zum Regierungsprojet, deen dann och ouni gréisser Schwieregkeeten däerft a Kraaft trieden.

Mir haten hei erëm eng Kéier traditionell eng relativ vive Kontrovers ronderëm d'Publikatioun vun Normen. Dat ass e récurrentë Problem, dee praktesch bei all deenen techneschen Direktiven erëmkënnt. Do geet oft Rieds vun europäeschen Normen.

An deem heite Fall sinn et awer keng bannend Normen. Et sinn Normen, déi also en indikative Charakter hunn, déi mat gläichwäertegen Norme kënnen ersat ginn an déi schonn eng Publikatioun kréien duerch eng Referenz, en Numéro de référence am „Journal officiel de l'Union européenne".

Dee Fait do huet et méiglech gemaach, an deem heite Fall op déi Solutioun zréckzegräifen, dass mer elo déi Publikatioun net, wéi et am ursprünglechen Text virgesi war, mat Referenze géifen am Mémorial publizéieren, wou de Conseil d'État net d'accord war mat enger Referenzpublikatioun. Hien hält ëmmer drop, wann et am Mémorial publizéiert gëtt, dass doran d'Texter integral musse publizéiert ginn.

Mir hunn décidéiert opgrond vum Fait, dass et sech hei nëmmen ëm indikativ Normen handelt, dass mer hei zu Lëtzebuerg keng speziell Publikatioun virgesinn. Do spillt also déi europäesch Publikatioun. A jiddwereen, deen an deem Secteur do täteg ass, huet natierlech dann d'Méiglechkeet, fir un déi europäesch Referenzen ze kommen. Da weess hie schlussendlech, wat déi Norme sinn, déi him als Guideline gëlle bei der Applikatioun vun deenen neie Bestëmmungen. Iwwert deen dote Wee si mer also op eng relativ elegant Aart a Weis virukomm.

Ech wëll ënnersträichen, dass mer als Kommissioun gesot hunn, dass mer hannert där doter Approche vun der Europäescher Unioun a vun den eenzelne Memberstate stinn, fir energiespuerend anzewierken. Dat kann een a ville Beräicher maachen. Ee vun deene Beräicher ass natierlech och derfir ze suergen, dass déi Produkter, déi op de Maart kommen, vu vireran esou konzipéiert sinn, dass déi rationell Energienotzung garantéiert ass. Energien, do fält also de Stroum drënner; do falen awer och aner Forme vun Energie drënner.

Wat wichteg ass, dat ass, dass an däser Direktiv ausschliesslech Produkter behandelt ginn, déi och direkt Energie consomméieren. Gläichzäiteg sinn awer d'Moyens de transport fir Leit a fir Gidder aus dem Champ d'application vun däser Direktiv erausgeholl.

Wat nach interessant ze wëssen ass, ass, dass d'Kommissioun schonn eng nei Proposition de directive presentéiert huet. Esou dass also - denke mer alt emol - déi nächst Chamber wäert konfrontéiert gi mat der Ëmsetzung vun deem doten neien europäeschen Text.

D'Europäesch Kommissioun geet an eng Direktioun, fir u sech déi Direktiv an hirem Champ d'application nach méi breet auszeriichten an also net nëmme Produkter ze viséieren, déi Consommateur d'énergie sinn, mä Produkter, déi am Zesummenhang mat der Energie stinn. Wat vill méi eng large Definitioun ass, wéi déi vun där éischter Direktiv, déi mer elo wëllen iwwert deen heiten Text ëmsetzen.

Dat gesot, wëll ech ervirhiewen, dass dee Rapport hei unanime vun der Kommissioun ugeholl ginn ass. Ech géif dann och am Numm vun der Kommissioun der Chamber proposéieren, fir deen heite Projet de loi an där amendéierter Form unzehuelen.

Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**Mme le Président**.- Merci, Här Bodry. Et ass en technesche Projet. Den Här Bodry huet e ganz ausféierlechen a prezise Rapport gemaach a recommandéiert ons am Numm vun der Kommissioun de Projet ze stëmmen.

Gëtt dozou d'Wuert gefrot?

***(Négation)***

Dat schéngt net de Fall ze sinn. Ech géif Iech awer proposéieren, vu d'Präsenzen, dass mer de Vote eréischt virhuelen nom nächste Projet an dass mer also elo direkt dee Projet de loi huelen. Also, ech hale fest, dass d'Diskussioun ofgeschloss ass.

Den Här Minister Krecké huet d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Jo, just Madame President, fir sécherzestellen, dass et awer nach elo gestëmmt gëtt, well mir sinn e bëssen ënner Drock.

***(Interruption)***

An där heiter Fro si mer e bëssen ënner Drock vun Europa, a wa mer nëmmen den Uschäin hätten, dass mer eng Majoritéit hätten, wier ech frou, wa mer et géife stëmmen. Net dass et herno zwou Stonne méi spéit oder eng Stonn méi spéit méi schlecht ausgesäit.

***(Interruption)***

**Mme le Président**.- Här Minister, ech wollt Iech d'Assurance ginn, e géif nach haut ofgestëmmt ginn. Mä vu dass entretemps d'Deputéierten all erëmkomm sinn et vu l'urgence géife mer dann direkt zum Vote kommen.

D'Diskussioun ass ofgeschloss a mir kommen zum Vote.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5725 ass ugeholl mat 58 Jo-Stëmmen a kenger Abstentioun.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner (par M. Lucien Clement), Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Lucien Thiel), Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Laurent Mosar), MM. Fred Sunnen et Lucien Thiel;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam (par M. Henri Kox), François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Ass d'Chamber d'accord, fir d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel ze ginn?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Domadder ass dee Projet evakuéiert. Mir kommen dann elo zum néngte Plan quinquennal d'équipement sportif.

Här Bodry, Dir hutt erëm eng Kéier d'Wuert.

## 3. 5887 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un neuvième programme quinquennal d'équipement sportif

***Rapport de la Commission de l'Économie, de l'Énergie, des Postes et des Sports***

**M. Alex Bodry** *(LSAP), rapporteur*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, de Fënnefjoresplang vum Sport ass ëmmer e Gesetz, wat vun der Sportswelt, mä haaptsächlech och vum Gemengesecteur mat engem relativ groussen Interessi erwaart gëtt, well et d'Grondlag duerstellt vun der Participatioun vum Stat bei eenzelne groussen öffentleche Sportinfrastrukturen hei am Land.

Et ass elo den néngte Fënnefjoresplang vum Sport, deen iwwert dat heite Gesetz soll d'Regierung autoriséieren, fir e gewëssene Montant - hei sinn et dës Kéier 90 Milliounen Euro - an deenen nächste fënnef Joer als Participatioun u Sportinfrastrukturen ze engagéieren.

Zënter 1968 kenne mer dat Instrument vun dësem Fënnefjoresplang. E Fënnefjoresplang, dat kënnt engem esou e bësse vir wéi en Iwwerbleibsel aus aneren Zäiten, anere politeschen a wirtschaftleche Regimer, déi och gäre mat Fënnefjoresplang gefuer sinn. Dat hei ass awer, muss ech soen, en Instrument, wat sech gutt bewäert huet an deene Jorzéngten, wou et elo fonctionnéiert. Op jidde Fall kann ee soen, dass et zu wierklech entscheedenden Impulser gefouert huet zënter Enn de 60er Joren, wat de stetegen Ausbau an d'Moderniséierung vun eise sëlleche Sportinfrastrukturen hei zu Lëtzebuerg ugeet. Ouni déi Planungssécherheet, wéi en Instrument vu mëttelfristeger Ausriichtung wéi e Fënnefjoresplang se gëtt, wär et sécherlech net esou schnell virugaangen an deem ganze Beräich, wéi mer dat elo kënne feststellen.

Dir hutt och hei vum Ministère am Kader vun dem Exposé des motifs zu dësem Projet de loi eng ganz Rëtsch vun interessante kartographeschen Opstellunge matgeliwwert kritt, wou ee gesäit, wéi wäit a wéi engmascheg dat Netz vun öffentleche Sportinfrastrukturen hei zu Lëtzebuerg ass, ob dat elo Sportshale sinn, ob dat e sëlleche Sportsterraine sinn, ob dat och Piscinë sinn, wou no enger gewëssener Flaute an den 90er Joren een ëmmer erëm feststellt, dass erëm ganz vill zousätzlech Projeten och an deem dote Beräich entwéckelt ginn. Et stellt ee ganz einfach fest, dass mer eng quasi komplett Couverture hu vu wesentlechen Infrastrukturen iwwert d'ganzt Land.

Selbstverständlech gëtt et ëmmer nach eenzel Deelregiounen, déi net am selwechte Mooss ausstafféiert si mat sämtlechen Infrastrukturen. Mä ech géif awer gären de Verglach maache mat anere Länner ronderëm eis, an da mengen ech, dass mer do de Verglach eigentlech net bräichten ze scheien. Lëtzebuerg huet net nëmmen eng héich Unzuel vu Sportinfrastrukturen, Lëtzebuerg huet och an der Regel performant Sportinfrastrukturen, an dat ass eigentlech de gemeinsame Verdéngscht vun der öffentlecher Hand, vun de Gemengen, déi normalerweis d'Bauhäre si vun deenen doten Infrastrukturen. Heiansdo sinn et och d'Federatiounen.

Wann ee sech dat virun Ae féiert, déi 90 Milliounen Euro, da schéngt dat net exzessiv héich ze sinn, zumools wann ee weess, dass déi Enveloppe vun deem auslafende Fënnefjoresplang virdru bei 120 Milliounе louch, déi awer - dat ass erstmoleg, mengen ech, an der Geschicht vun deenen dote Fënnefjoresplëng - net ganz ausgenotzt ginn ass, wou zéng Milliounen eigentlech iwwer aner Weeër benotzt gi sinn, fir Projeten am Sport ze kofinanzéieren.

Et muss ee soen, dass ee jo déi Montantë muss multiplizéieren. 90 Milliounen Euro, dat ass d'Participatioun vum Stat iwwer e Spezialfong un enger Rei vu Projeten, sief et gréisser Renovatiounsprojeten oder sief et Neibauten, wat d'Sportinfrastrukturen ugeet. Wa mer dovunner ausginn, dass dat, wat de Stat an der Moyenne bäigëtt, ronn 30% ausmécht vun de Gesamtkäschte vun deene sportlechen Infrastrukturen, wou dann normalerweis de Gemengesecteur de Rescht iwwerhëlt, da kënnt een op eng Gesamthéicht vun öffentlechen Investissementer am Sportberäich iwwert déi nächst fënnef Joer vun iwwer 250 bis 300 Milliounen Euro.

Wann een dann nach déi sëlleche Sportshalen, Piscinen an Terrainen derbäihëlt, déi vum Stat selwer gebaut ginn, wou also net eng Participatioun vum Stat ass, mä wou de Stat selwer Bauhär ass iwwert de Bautemenistère, zum Beispill bei de Lycéeën, bei all anere Schoulen, da kann een déi gesamt Enveloppe, déi vun öffentlecher Säit an deenen nächste Joren a Sportinfrastrukture gestach gëtt, nach eng Kéier ëm eng etlech zéng Milliounen an d'Luucht setzen, esou dass also och dat, wat elo geplangt ass fir déi nächst Joren - an ech hoffen, dass do u sech eis d'Rezessioun kee Stréch duerch d'Rechnung mécht -, wierklech eppes ass, wat sech weise léisst, zumools wann ee weess, dass eben e gudde Grad vu Grondversuergung u Sportsterrainen, Sportshalen eigentlech scho garantéiert ass zu Lëtzebuerg.

Déi éischt Lëscht, déi hei derbäiläit, ass jo nëmmen eng indikativ Lëscht. En cours de route an deene fënnef Joer wäerten natierlech Adaptatioune vun där éischter Lëscht gemaach ginn, vu Sportinfrastrukturen, déi sollen an de Genoss vu staatleche Bäihëllefe falen an deenen nächste Joren. Ech mengen, wann een dat alles berücksichtegt, da gesäit een, wat och opfält bei der éischter Lëscht, déi hei derbäiläit, nämlech dass mer et hei mat engem ganz ambitiéise Projet ze dinn hunn, wou och ëmmer méi probéiert gëtt vu Säiten och vum Ministère, ganz no un der Realitéit ze pechen, also ze vermeiden, dass ee Projeten ugëtt, déi Loftschlässer bleiwen - dat kënnt heiansdo dofir, well de Bauhär vum Projet net richteg virukënnt -, mä dass ee wierklech realistesch eng Aschätzung mécht vum reelle Verlaf vun deenen eenzelne Sportprojeten, esou wéi se sech ofzeechnen, opgrond vun deenen Indikatiounen, déi de Sportministère vu Säite vun de Bauträger, also normalerweis vun dem Gemengesecteur, da kritt.

Wat net betraff gëtt heivun, wat an der Regel ganz zu Laaschte vum eigentleche Bauhär bleift, dat sinn d'Fonctionnementskäschte vun deenen Infrastrukturen. Dat hei ass eng Incitatioun traditionell vum Stat, fir dass et zum Bau oder zur Renovatioun vu Sportinstallatioune kënnt. D'Fonctionnementskäschte vun deenen Installatiounen, dat ass an der Regel eppes, wat zu Laaschte vun den öffentleche Promoteure bleift.

Interessant ass wéi gesot, nieft dem Aspekt vun där mëttelfristeger Planung, déi hei dran ass an déi mer och an eenzelnen Deelberäicher wéi am Tourismus, wéi bei den Équipements militaires an e puer anere Beräicher och erëmfannen duerch Fënnefjoresplëng, awer och dee landesplanereschen Aspekt, deen an deem Ganzen dran ass.

An hei muss ech soen, dass dat heiten en Domän war, wou mat als éischten iwwerhaapt iwwert de Schlëssel vun der Participatioun vum Stat un de Bauten eng gewësse Lenkung konnt stattfannen doduerjer, dass am Gesetz selwer, dat maximal Tauxe festleet, wat d'Participatioun vum Stat ugeet, eng Differenzéierung gemaach gëtt, ob et sech ëm Projete vu lokalem Intérêt handelt, Projete vu regionalem Intérêt oder Projete vun nationalem Intérêt, wou dann déi jeeweileg Plaffonge bei 35%, 50% oder 70% ugesiedelt ginn.

Zousätzlech ass nach am Laf vun deene Pläng och e weideren Artikel bäikomm, den Artikel 4, deen eng Flexibilitéitsklausel duerstellt, wou ënner gewësse Bestëmmungen déi doten normal Tauxen nach eng Kéier kënnen erhéicht ginn, wann et speziell Besoinë gëtt oder speziell Enkpäss am finanzielle Beräich bestinn.

Wat positiv ass, och an den Ae vun der Kommissioun, ass, dass hei och eng ausdrécklech Referenz gemaach gëtt op de Programme directeur vum Aménagement du Territoire an deenen Indikatiounen, déi hien a puncto Landesplanung gëtt. De Programme directeur, dee jo och op dem System vun den zentralen Uerten opgebaut ass, an dat ass natierlech déi regional Komponent, déi hei erakënnt, déi dann och an der Applikatioun vun deenen heiten Texter Berücksichtigung muss fannen.

Wat och opfält par rapport zu viregte Pläng, wann ee besonnesch d'Lëscht vun de Projete kuckt, dat ass, dass mer ëmmer méi ze dinn hu mat Renovatiounsprojeten. Dat heescht den Undeel vun de Renovatiounsprojeten, déi e kompletten Ëmbau an Ausbau vu bestehenden Infrastrukturen ausmaachen. Deen Undeel, dee geet vu Programm zu Programm an d'Luucht, well notamment déi éischt Sportinfrastrukturen, déi éischt grouss Sportshalen op d'70er Joren zréckginn. Déi sinn esou lues um Enn vun hirer Liewensdauer ukomm, an do ass et néideg, fir also e kompletten Ëmbau vun deenen Infrastrukture virzehuelen.

Dir fannt an där indikativer Lëscht, déi de Ministère hei bäigeluecht huet, eng ganz Rëtsch vun deenen dote Renovatiounsprojeten erëm, déi praktesch awer opgrond vun hirem Grad vun Ausféierung engem Neibau a ville Fäll gläichkommen.

Déi Hëllef kann traditionell a Form vu Kapital oder Zënssubventiounen ausbezuelt ginn. Déi bal absolut Regel ass, dass et awer Kapitalsubventioune sinn, déi vu staatlecher Säit iwwert de Sportministère ausbezuelt ginn.

E klenge Bléck vläicht op déi éischt Lëscht, déi dann iwwer e Règlement grand-ducal eigentlech och misst e legale Charakter kréien. Dat ass en éischte Programm, vun deem iwwer 30 Gemenge mat betraff sinn. Do fanne mer ënner anerem erëm: sechs Multisportshalen, fënnef einfach Sportshalen, dräi Sportssäll, dräi zoue Piscinen, fënnef Sportsterrainen an néng Sportzentren.

An dann niewendrun - dat ass och interessant - sinn am Fong och fënnef nei Installatiounen, déi en nationalen Intérêt an eng speziell sportlech Ausriichtung hunn. Dat sinn den neie Schéissstand, de Centre national fir de Motocross, eng Piste de ski nautique, eng zouen Installatioun fir de Beach-

volley an och eng Hal am Interessi vun der Sportaviatioun an dem Fallschiermsprangen.

Da mécht de Ministère nach eng extra Bemierkung zu deem neie Fussballstadion. Dee soll elo net onbedéngt iwwert deen heite Wee finanzéiert ginn, mä dat ass u sech awer e wesentleche Projet, dee vu Regierungssäit soll virugedriwwe ginn an deenen nächste Joren.

Wéi gesot ass déi Lëscht - ech betounen dat nach eng Kéier - eng indikativ Lëscht. Déi Lëschte sinn ni esou ausgefouert ginn, wéi se am Ufank vun der Erstellung vun engem Plang virlouchen. Do kann emol deen een oder anere Projet ewechfalen; virun allem awer kommen eng Rei vu Projeten en cours de route nach bäi.

Wat elo eng besonnesch Neierung ass an dësem Text vum neie Fënnefjoresplang, dat ass, dass erstmoleg och d'Optioun kloer zréckbehale gëtt, fir eventuell an de Genoss vu staatleche Bäihëllefen ze komme bei Sportinfrastrukturen, déi iwwert de Wee vun enger PPP, also enger „public private partnership" géifen ëmgesat ginn.

Et gëtt méi komplex, déi Operatioun mat deem Subventionnement do festzeleeën. Dat war och en Diskussiounspunkt, dee mer an der Kommissioun haten, soubal den Text virgestallt ginn ass, a wou mer och eng Recommandatioun gemaach hunn an eisem schrëftleche Rapport, fir genau ze preziséieren an engem Règlement grand-ducal - an den Artikel 2 gëtt d'Base légale, fir esou e Règlement grand-ducal ze huelen -, wat d'Bedéngungen an engem konkrete Fall vun enger PPP genau sinn, wéi déi staatlech Subventioun kann ausgerechent ginn a wéi se kann ausbezuelt ginn.

Mir waren och der Meenung - an ech mengen, dat deckt sech och mat der Meenung vun de Responsabele vum Département ministériel des sports -, dass onbedéngt misst eng Konventioun an deem dote Fall gemaach ginn, fir am Detail vu Fall zu Fall kënnen ofzewéckelen an ze klären, ënner wat fir enge Bedéngungen déi staatlech Bedeelegung un esou Projete kann oflafen.

Voilà, ech mengen, dat waren am Fong déi Indikatiounen, déi ech zu spéider Stonn am Numm vun der Kommissioun nach hei wollt ginn.

En däitleche Merci soll een och soen un déi Responsabel vum Sportministère, déi déi praktesch Ausféierung vun deem heiten Text ze maache kréien, well - ech mengen, do kann ech och am Numm vu ville Gemenge schwätzen - dat doten awer eng Form vun Zesummenaarbecht ass, déi sech flott mécht, a wou och de Modus vum Zréckbezuelen eigentlech vun de Partë vum Stat sech gutt mécht, wou keng laang Délaie sinn a wou dat Ganzt an der Regel op eng pragmatesch Aart a Weis ofleeft. An et wier natierlech och de Wonsch vun der Chamber, wann dat kéint esou bleiwen.

Merci.

**Mme le Président**.- Merci, Här Rapporteur. Déi éischt ageschriwwe Riednerin ass d'Madame Françoise Hetto-Gaasch. Madame Hetto, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- Madame Presidentin, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll fir unzefänken dem Kolleeg Alex Bodry Merci soe fir säi Rapport.

Fir Sport ze bedreiwen, brauch een Infrastrukturen, Installatiounen an och Material. A grad just dësen Équipement mécht deen deierste Volet vun der sportlecher Praxis aus - allerdéngs och deen indispensabelsten.

Parallell zu deenen neien Infrastrukturen, déi duerch dësen néngte Plan quinquennal ugefouert ginn, gi vill där eelerer Installatioune renovéiert, well eng gutt Partie vun hinne schonn aus de 70er Jore sinn. Derniеft ginn dann awer och nach vum Stat Sportinstallatioune gebaut, déi iwwert déi respektiv Gesetzer, déi e Schoulkomplex erméiglechen, och virgesi sinn.

Ech wëll a menger Interventioun elo net fir déi eng oder déi aner Infrastruktur an enger vun deenen iwwer 30 Gemengen antrieden, mä ech wollt méi allgemeng op d'Importenz an de Stellewäert vum Sport an eiser heiteger Gesellschaft agoen.

Mir liewen an enger Zäit, wou d'Leit sech ëmmer manner bewegen, mat als Konsequenz enger Tendenz zu Iwwergewiicht. An et brauch een net vill Fantasie, fir ze wëssen, dass, wann ee sech dann och nach falsch ernäert, dat ganz grave gesondheetlech Suitë kann hunn, Här Jaerling!

***(Hilarité et interruption)***

Hien huet „Oh" gesot.

Dat Ganzt fänkt elo och scho bei eise Kanner un. Vill vun hinne loosse sech moies léiwer an d'Schoul féieren, amplaz ze Fouss ze goen oder mam Vëlo dohinner ze fueren.

***(Interruption)***

Ech kommen nach dozou, Här Mehlen.

Duerfir och all Respekt fir déi Gemengen, déi dacks a Kollaboratioun mat den Elterevereenegungen e sougenannte Pedibus op d'Bee setzen.

**Une voix**.- Très bien.

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- An de Kanner hirer Fräizäit geet et da genee esou bewegungsaarm weider. Amplaz dobaussen ze spillen, zéie se sech léiwer virun d'Televisioun oder bei de Computer zréck.

Allerdéngs däerf een och net eleng d'Kanner fir dëst Verhale kritiséieren, well mir Erwuessener, mir gi jo schliesslech selwer mam beschte Beispill vir. Probéiere mer net ëmmer, de Gros vun eisen Déplacementer mam Auto ze maachen? Siche mer net ëmmer déi nootste Parkplaz, wa mer eis Kommissioune maache ginn? Huele mer net meeschtens de Lift, och wann et just nëmmen ee Stack ass? Si mer net alleguer just nëmme richteg bequem ginn?

Kanner hu vun Natur aus en natierleche Besoin u Bewegung, an duerfir sollt een hinnen och d'Méiglechkeet ginn, hir motoresch Capacitéiten ze entwéckelen an hire Kierper kennen ze léieren. D'Freed un der Bewegung soll de Kanner dann an der Schoul verstäerkt vermëttelt ginn. Besonnesch wichteg ass an dësem Kontext de Schoulsport, virun allem fir déi Kanner, déi nieft hirer Schoul keng aner sportlech Aktivitéit hunn. Schoulsport ass fir déi Kanner déi eenzeg Geleeënheet, sech kierperlech unzestrengen an hir Grenzen ze erfuerschen. Duerfir ass et vu gréisster Wichtegkeet, dass mer der Sporterzéiung an eisem Unterrecht déi Plaz reservéieren, fir dass de Sport sengem Stellewäert an eiser Gesellschaft gerecht gëtt.

Leider mangelt et awer dobäi ganz dacks um Fachwësse vun eisem Léierpersonal. Hinnen eleng d'Schold ze ginn, dat wär net fair. Mä et läit ganz kloer en Defizit an der Ausbildung vun eise Schoulmeeschtere vir.

Ass et net erschreckend, dass op der Uni Lëtzebuerg d'Sporterzéiung nëmme marginal behandelt gëtt, nëmmen eng Optioun ass a keen Haaptfach? Nach vill méi erschreckend ass de Fait, dass déi meescht Studenten dat Fach emol iwwerhaapt net beleeën.

Ech wëll duerfir op dëser Plaz op d'Resolutioun vun de Sportproffen agoen, déi si den 28. November dëst Joer elo unanime ugeholl hunn. D'Sportprofesseren hu festgestallt, dass e Plan d'action vu véier Ministèren ugeholl ginn ass, fir sech fir méi Bewegung a gesond Iessen anzesetzen.

Si begréissen et och, dass am Modulaire, opgrond vun enger Etüd, déi an deem Kontext gemaach ginn ass, dräi Stonne Sport vum Erzéiungsministère agefouert goufen. Si stellen awer mat grousse Bedauere fest, dass de Schoulmeeschter a senger Grondausbildung vun aacht Semester op der Uni Lëtzebuerg, wou e fréier an dräi Joer 120 bis 180 Stonne Formatioun hat, elo a véier Joer am Ganze just nach 19,25 Stonne Sportausbildung en moyenne kritt.

Et ass e Fait, dass 30% vun de Schoulmeeschteren ouni iergendeng Ausbildung am Sport d'Uni Lëtzebuerg verloossen. Et ass e Fait, dass de Schoulmeeschter vun haut keng Fachdidaktik méi gesäit an och keng Piscine méi vu bannen. Dat heescht, d'Schoulmeeschtere kënnen déi gefrote Qualifikatioune guer net erbréngen, fir dem Règlement grand-ducal vum 31. Juli 1990 nozekommen, wou d'Sécherheetsmesuren am Interessi vum Schoulschwamme fixéiert ginn.

D'Sportproffe fuerderen an deem Sënn den Éducatiounsministère op, konsequent un hirem Profil vum Schoulmeeschter festzehalen an d'Uni opzefuerderen, deem Profil gerecht ze ginn. E Profil, an deem explizit d'Vermëttelung vu Kompetenzen am Sportunterrecht fir alleguerten d'Schoulmeeschteren an d'Léierinne festgeschriwwen ass.

Wann dat net sollt machbar sinn, da soll den Héichschoulministère sech Gedanken doriwwer maachen, ob et dann net géif Sënn maachen, e spezialiséierten Enseignant fir de Sport am Primaire auszebilden.

Zu dësem Projet kann een awer och vläicht nach soen, dass en e Programm enthält, dee grad an dësen Zäite ganz wichteg ass. En Invest vun 90 Millioune Euro kënnt jo och eiser Ekonomie zegutt. De Projet ass e Beweis, dass och an engem schwierege wirtschaftlechen Ëmfeld de Stat gewëllt ass, seng Investitiounen iwwert déi nächst Joren héich ze halen.

Nach ee Wuert zur Landesplanung. Et ass ze begréissen, dass hei no de Prinzipië vun der Landesplanung verfuer ginn ass, fir d'Standuerte vun den neien Infrastrukture festzeleeën, also just do, wou esou Infrastrukturen dann och wierklech gebraucht ginn, an net nom Motto: Si hunn eng Schwämm, dann hätte mir och gären eng. Positiv ass, dass also méi global respektiv regional geduecht ginn ass.

An deem Sënn leet de COSL a sengem Avis der Regierung och un d'Häerz, fir déi Projete virzezéien, déi eng regional Vocatioun hunn. Weiderhi réit de Comité olympique, dorun ze denken, fir multifunktionell Konzepter ze assuréieren, fir esou e Maximum un Disziplinen ënner engem Daach kënnen ze praktizéieren.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Bei de Sportinfrastrukturen handelt et sech och gréisstendeels ëm ganz deier Infrastrukturen. Duerfir musse mer derfir suergen, dass se optimal ausgelaascht a beluecht ginn. Dass et net ëmmer einfach ass, zum Beispill eng Sportshal équilibréiert tëscht Schoulsport, Fräizäitsport a Kompetitiounssport opzedeelen, ass gewosst. Et däerf a kann awer net sinn, dass déi Halen exklusiv engem oder e puer Veräiner reservéiert bleiwen. Et sinn öffentlech Infrastrukturen, déi deemno der Öffentlechkeet mussen an och sollen zougänglech sinn.

Datselwecht zielt fir d'Sportinfrastrukturen an de Schoulen, déi nëmmen 30 Stonne pro Woch a sechs Méint am Joer benotzt ginn, exklusiv fir de Schoulsport. Och do sollt mat de Lycéeën a mat de bestehenden Infrastrukture Synergië gesicht ginn, fir esou gutt wéi méiglech déi Capacitéiten auszereizen. A wann et nëmme geet, da sollten dës Infrastrukture fir all Mënsch, sief hien an engem Sportveräin oder an enger anerer Associatioun, zur Verfügung gestallt ginn.

Här President, ofschléissend wëll ech ënnersträichen, dass alles an allem de Projet en exzellente Programm fir de Sport enthält an och d'Zoustëmmung vun der CSV-Fraktioun wäert fannen.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Hetto. Nächste Riedner ass den honorabelen Här Berger.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche Bericht. Hien huet eng ganz Rei Eckdaten hei virgedroen, an ech wäert net en détail nach eng Kéier dorop zréckkommen.

Ech wéilt och e puer allgemeng Remarquen zur Aféierung maachen, e bësse esou wéi meng Virriednerin. Ech wéilt nach eng Kéier op d'Wichtegkeet an och d'Noutwendegkeet vum Sport an eiser Gesellschaft hiweisen, dat aus verschiddenen Ursaachen. Zum engen der Noutwendegkeet, well mir liewen an enger Zäit, wou d'Leit sech generell ëmmer manner am Alldag bewegen. Dat fänkt effektiv bei eise Kanner un. D'Virriednerin, d'Madame Hetto, huet dat och scho kuerz erläutert. Déi Jonk, déi Kanner, déi sech manner bewegen, fir an d'Schoul ze goen, fir heemzekommen, déi eben och duerch Fernseh, Computer an esou weider vläicht manner Aktivitéiten am Alldag maachen. Et gëtt jo rezent Etüden, déi dorop higewisen hunn, datt ëmmer méi Jonker keng gutt Resultater hunn a puncto Fitness oder Bewegungsfäegkeet.

Et ass och wouer, datt wahrscheinlech bei den Erwuessenen déi Resultater zum Deel net besser sinn, datt also och déi Erwuessen an enger Welt liewen, wou ëmmer manner Bewegung op der Dagesuerdnung steet. Dobäi ass ervirzestraichen, datt awer de Sport fir den Normalbierger och eng Méiglechkeet bitt, fir seng Fräizäit interessant ze gestalten. Sport kann och e sënnvollen Ausgläich si vum Beruffsliewe respektiv kann een duerch de Sport nei Energie tanken, fir den Ufuerdernisser am Beruff kënnen entgéintzekucken.

Mir mussen awer och soen op där anerer Säit, datt mer en Deel vu Bierger hunn, déi gären an intensiv Sport bedreiwen an och do wëllen eng gewëssen Exzellenz a gutt Resultater erreechen. Dat sinn also déi ambitionéiert Fräizäitsportler oder Leeschtungssportler, déi zum gréissten Deel dann och an de Veräiner a Federatiounen hir Heemecht hunn, an och déi erwaarden, datt se kënnen op optimal Sportinfrastrukturen zréckgräifen.

Esou oder esou ass d'öffentlech Hand also gefuerdert, fir den néidege Kader ze schafen, déi néideg Mëttel, déi néideg Infrastrukturen zur Verfügung ze stellen, fir datt souwuel de privat organiséierte Sport wéi awer och d'Fräizäitsportler kënnen zu hirem kommen.

Ech wëll och soen, datt a mengen Aen natierlech dat éischt Zil vum Stat d'Förderung vum sougenannte breede Sport muss sinn, fir datt also jiddweree soll an de Genoss vun esou Méiglechkeete kommen. Ech verkennen awer och sécherlech net de Wäert an de Virbildcharakter vum Spëtzesport, deen och ganz wichteg ass.

Wann een elo kuckt, wéi mer kënnen nieft den Infrastrukturen de Sport förderen, da kann ech och hei nëmmen dat widderhuelen, wat virdru scho gesot ginn ass, datt mer musse kucken, bei deene Jéngsten an eise Schoulen unzefänken, datt mer also och déi Kleng scho förderen a fréi an de Kontakt mat Sportaarte bréngen. Sécherlech ass d'Schoul déi richteg Plaz dofir. Et ass also bestëmmt besonnesch wichteg, datt all Kanner, besonnesch wa se och nieft der Schoul keng sportlech Aktivitéit bedreiwen, an de Genoss vum Schoulsport kommen an datt se och qualifizéiert a gutt Coursen ugebuede kréien.

Doriwwer eraus wësse mer jo och, datt de Sport e ganz flotte preventive Charakter kann hunn. An e gëtt och zum Deel jo am Beräich vun der Suchtpreventioun erfollegräich agesat.

Eng aner Considératioun, déi ech hei och wéilt maachen am Kader vu méi allgemengen Iwwerleeunge ronderëm de Sport, dat ass déi iwwert de Bénévolat. De Bénévolat stellt hautdësdags méi wéi jee d'Réckgrat vun eisem Sportwiesen zu Lëtzebuerg duer. Et misst ee sech emol virstellen, wann et déi vill éierenamtlech Leit, déi all Dag vill Fräizäit opferen, besonnesch och am Jugendberäich, wou ebe ganz vill Leit gefrot si respektiv wou mer vill Leit brauchen, fir eben dee villen Training ofzehalen, net géif ginn, da kéinten eng ganz Rei Sportveräiner zoumaachen, an da wier sécherlech och d'Situatioun vum Sport hei zu Lëtzebuerg net esou gutt.

Mir wëssen allerdéngs och, datt et an de Veräiner - an dat beschränkt sech natierlech net nëmmen op d'Sportveräiner - an de leschte Joren ëmmer méi schwéier ginn ass, fir nach Leit ze fannen, déi wëlle bénévole oder éierenamtlech sech engagéiere fir de Sport. Dës Tendenz, déi kann ee wéi gesot an deene leschte Jore verstäerkt feststellen, an déi geet och wierklech un d'Substanz vun eisem sportleche Liewen hei zu Lëtzebuerg. Et kennt ee méi wéi ee Veräin, deen a Schwieregkeeten ass, fir nach kënne weider Aktivitéiten unzebidden, well en eben net méi op Leit kann zréckgräifen.

Aus dësem Grond begréisse mir och, datt an dem Budget dës Kéier e Montant virgesinn ass, fir de Bénévolat ze encouragéieren an ze ënnerstëtzen. Heibäi muss allerdéngs och eng mëttel- a laangfristeg Verbesserung vun der Situatioun den Haaptobjektiv sinn. Et muss een also eng Strategie hunn, fir dat och laangfristeg kënnen an de Grëff ze kréien.

Ech kommen elo nach ganz schnell op e puer konkret Punkten aus dem Projet ze loi ze schwätzen. Zum enge si jo hei an deem Projet eng Rei lokal a regional Sportinfrastrukture viséiert. Déi sinn am Anhang, an déi hu mer an der Kommissioun kuerz diskutéiert. Et kann een elo ëmmer doriwwer schwätzen, ob net nach deen een oder deen anere Projet hätt missen derbäikommen.

Am Listing, dee mer haten an der Kommissioun, sinn haaptsächlech déi Projeten, vun deenen d'Pläng an d'Preparatioun schonn an engem gewëssene Stadium konkret fortgeschratt sinn. Et verhënnert jo näischt, datt ass jo och d'Logik bei deene Plan-quinquennalen, datt och nach an Zukunft deen een oder anere Projet kann op déi Lëscht bäigesat ginn.

Et ass och e bëssen an der Diskussioun an der Kommissioun iwwert déi Projete PPP geschwat gi respektiv wéi déi herno an der Praxis kéinte subventionéiert ginn. Dozou huet jo och de Comité olympique a sengem Avis Suerge gehat iwwert den Accès, wann esou Projete realiséiert ginn, ob do dann herno nach bei Projeten, déi zum Deel duerch d'Privathand mat finanzéiert gi sinn, jiddweree kéint Accès dozou hunn, oder wéi dat herno géif geregelt ginn, fir datt och nach jiddwereen Accès an déi Infrastrukture kéint kréien.

Ech muss awer soen, datt dat och haut schonn zum Deel kéint eng Diskussioun sinn. Mir hu staatlech, mir hu kommunal Infrastrukturen, wou et heiansdo schwéier ass fir Veräiner, fir eranzekommen, oder och fir Leit, déi dem breede Sport frönen, fir eranzekommen, well da jee nodeem een oder zwee Veräiner praktesch d'ganz Woch iwwert den Horaire dat besat hunn.

Ze begréissen ass och, datt hei verschidde Federatiounen endlech hir national Zentre kréien. Dat ass de Schéisssport, dat ass de Waasserski, de Motocross, d'Aviatioun respektiv d'Fallschiermsprénger an och de Beachvolleyball an...

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- D'Keelefederatioun.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Den Här Jaerling weist mech drop hin, och d'Keelefederatioun. Ech sinn also frou, datt déi hei dann och virgesi sinn.

Ech wéilt awer an dësem Kontext ënnerstraichen, datt nach net all Federatiounen hei zu Lëtzebuerg ofgedeckt sinn. Zum Beispill ass de Klammsport nach net an deem Projet virgesinn. Ech wéilt awer soen, oder ervirstraichen, datt dat vum Ministère ënnerstëtzt gëtt, fir datt och dee Sport eng national Infrastruktur kritt; dat wier am Kader vun der Uni Lëtzebuerg um Site Belval. Ech wollt dat awer hei eng Kéier kuerz gesot hunn, datt et och aktéiert ass, datt also esou Projeten och iwwer aner Weeër vum Sportministère ënnerstëtzt ginn an dann hoffentlech och an nächster Zukunft wäerten en nationalen Zenter kréien.

Eng leschte Remarque nach, dat ass déi zum neie Fussballstadioun. Virun e puer Wochen huet de Minister gesot, datt d'Diskussioune ronderëm en neie Fussballstadion esou wäit wieren, datt hie geschwënn - hien huet deemools vun e puer Woche geschwat - kënnt e Projet presentéieren. Vläicht kann de Minister eis jo dann haut verroden, wat de Stand vun den Diskussiounen ass. Gouf e privaten Investisseur fonnt? Wéi gesäit et aus a puncto Standuert? A wéini kënnt dann dee konkrete Projet ulafen?

Dat gesot, wéilt ech awer och dann hei den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet erabréngen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Berger. Den honorabelen Här Henckes huet elo d'Wuert.

**M. Jacques-Yves Henckes** *(ADR)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, no där Debatt, déi mer just virdrun haten, gesäit een, datt een an der Politik heiansdo ganz séier muss de Sujet wiesselen a vun engem Extrem op dat anert kommen.

Haut hu mer e Projet de loi iwwer e Programme quinquennal d'équipement sportif, e Plang op fënnef Joer. Dat liest sech e bësselche wéi e Wonschziedel op fënnef Joer un de Kleeschen, well do ongeféier all Wënsch, déi d'Gemengen erabruecht hunn, drastinn, a wou natierlech och eng etlech national Projeten zur Diskussioun stinn. Et sinn eng 90 Milliounen Euro virgesinn, mä nach muss ee sech d'Fro stellen, ob dat Ganzt effektiv an deene Krisenzäiten, déi mer elo hunn, sech wäert esou realiséieren. Dat hänkt natierlech ganz vill vun de finanzielle Mëttelen, souwuel vum Stat wéi och vun de Gemengen, of.

Nach wëll ech op e puer Punkten agoen, déi mer wichteg schéngen. Deen een ass deen neien nationale Fussballstadion. Ech mengen et wier effektiv noutwendeg, fir esou en neie Fussballstadion unzegoen. D'Iddi vun enger PPP, vun enger „public private partnership" ass eng gutt Iddi. Virun e puer Joer ass schonn eng Kéier e Projet presentéiert ginn, dee vun der Kockelscheierarena, nëmme fir deen ze nennen, wou et och an déiselwecht Richtung gaangen ass a wou een och hätt kënnen de Projet vun engem nationale Vélodrom mat ënnerdaach bréngen. Bref, där Iddië gëtt et, déi si ganz konkret, an et soll ee se och diskutéieren.

Ech perséinlech wollt Iech soen, datt mir als ADR op jidde Fall drop drängen, datt dëse Projet vun engem neie Fussballstadion am Kontext vun enger „public private partnership" sollt diskutéiert ginn. Wat ons wichteg schéngt an deem Kontext, dat ass, datt d'Regierung awer och kloer seet, wou se dat eventuell géif virgesinn. Souwäit wéi ech et kéint wënschen, wier et an der ganz noer Ëmgéigend vun der Stad. Mä do gesäit een oft, datt d'öffentlech Hand net onbedéngt Propriétaire vun den Terrainen ass, esou datt eng „public private partnership" op jidde Fall eng noutwendeg Léisung muss sinn, déi een natierlech och domadder verbanne kënnt, datt deen Terrain, wou am Ablack de Stadion drop ass, kënnt getosch ginn, fir datt do eventuell kënnten Immobilië vun deem private Promoteur gebaut ginn. Dat sinn déi Iwwerleeungen, wou ech mengen, datt et muss higoen.

Dat, wat ech particulièrement begréissen, ass eppes, wat manner an d'Waagschal fält, nämlech datt eng etlech Remises à neuf, Erneierunge vu bestehenden Infrastrukture solle virgeholl ginn. Dat schéngt mer eng absolut Noutwendegkeet ze sinn, well et gesäit een, datt eng etlech vun deenen Infrastrukturen, déi een duerch d'Land huet, manifestement e ganz staarke Besoin hunn, fir renovéiert ze ginn. Dat wollt ech ganz particulièrement ënnerstraichen, well et soss zu Enkpäss komme kënnt.

Dat gesot, wollt ech den Accord vun der ADR zu dësem Projet bréngen, net ouni awer nach zum Ofschloss drop hinzeweisen, datt ech een Ablack geduecht hat, datt déi Debatt iwwert de Vélodrom am Kader vun dësem Plan quinquennal géif stattfannen. Mä deen ass, obwuel en eréischt dëst Joer an éischter Liesung an der Stad gestëmmt ginn ass, op e viregte Plang zréckgesat ginn, well dat anscheinend och méiglech ass. Do gesäit een, datt ganz vill Souplesse an deenen Instrumenter dran ass, an dat wäert och héchstwahrscheinlech an deenen Zäiten, déi op ons zoukommen, absolut noutwendeg sinn. Dat gesot, nach eng Kéier den Accord zu dësem Projet.

**M. le Président**.- Merci, Här Henckes. Als leschte Riedner huet den Här Jaerling d'Wuert.

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Ech sinn elo frou, dass kee Riedner méi viru mer ass an dass ech dat Wuert Obésitéit hei net méi brauch ze héieren, well soss sinn ech erëm iwwert déi ganz Feierdeeg depriméiert. Mä ech wäert mer dat zu Häerz huelen, an den Owend doen ech op jidde Fall den Trainingskostüm an d'Turnschlappen un an da leeën ech mech op d'Couch.

***(Hilarité)***

Här President, ech wëll awer hei d'Geleeënheet net verpassen, fir am Numm vun all menge Keelefrënn der Regierung, a besonnesch dem Här Sportsminister, Merci ze soen. Merci soen, dass mer endlech, no zéng Joer an no laangem Streiden, eise Keelesportzenter kréien, deen dann endlech déi Trainingsméiglechkeete bitt, déi engem Weltmeeschter senger wierdeg sinn.

An net nëmmen engem Weltmeeschter par équipe, mä och, mat eisem Kolleeg Steve Blasen, engem individuelle Weltmeeschter, dee viru 25.000 Zuschauer d'Worldgames gewonnen huet. D'Worldgames, wann Dir dat net sollt wëssen, dat sinn déi olympesch Spiller vun deenen net olympesche Sportaarten. Voilà! An dat ass op jidde Fall eng Leeschtung, déi keng aner Sportaart hei am Land opzeweisen huet. Ech wollt hei just nach eng Kéier esou niewebäi dorun erënneren, well wat gëtt et méi wéi e Weltmeeschtertitel oder eng Medail bei olympesche Spiller?

Här President, ech hu leider misse während deenen zéng leschte Joren hei e puermol intervenéieren, fir dass mer dee Sportzenter kréien. Ech hu Motiounen hei erabruecht, déi ofgelehnt gi sinn, a leider huet déi lescht Sportsministesch gesot: „Soulaang wéi ech Sportsminister sinn, kritt Dir kee Keelesportzenter!" Dann ass et jo kloer, an da verstitt Dir jo awer, dass si huet misse goen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Här Krecké, Sportsminister, bei deem mer eis entschëllegen. Mir hu säi ganze Programm duerjerneegehäit. Hie misst elo ewell bal zu Saarbrécken sinn, mä hien huet drop gehalen heizebleiwen, fir dat Gesetz ze verdeedegen. Duerfir nach eng Kéier Merci, Här Minister, an Dir hutt d'Wuert.

**M. Jeannot Krecké,** *Ministre des Sports*.- Ech wäert dat maachen, Merci, Här President, well ech fannen, dass ech där Chamber hei, a virun allem hirer Kommissioun muss Merci soe fir déi Aarbecht, déi si mécht, heiansdo en mon absence, ganz oft souguer, an eng Rei Saache redresséiert, och besonnesch an deem Projet vu virdrun, déi wesentlech waren. Duerfir mäin opriichtegen Dank un den Alex Bodry als Président-Rapporteur an u seng ganz Équipe. Ech muss soen, dass vill Aarbecht do geleescht gëtt, zesumme mat menge Leit, déi sech weise léisst.

Just e puer Remarquen zu deem, wat hei gesot ginn ass. Et sinn 90 Milliounen, an et ass richteg, dass et der virdrun 120 waren. Ech hunn awer och en Opruff gemaach, an dat ass 2005 geschitt, wéi mer schonn e bëssen a schlechten Dicher waren, dass d'Gemenge sollen am Allgemenge méi einfach bauen. Ech fannen nach wie vor, dass mer ze vill prunkvoll bauen. Ech soen dat nach eng Kéier, well ech hunn d'Impressioun, dass de Message nach ëmmer net richteg ukomm ass. Mir musse keng Paläst méi bauen. Mir kënnen haut fir 90 Milliounen, wann ee sech e bësse schlau uleet, méi maachen, wéi mer soss alt emol fir 120 Millioune gemaach hunn.

Ech hunn déi 120 Milliounen net opgeschafft, well ech vun der Regierung gesot kritt hunn, mir missten och op där Säit aschränken. Duerfir hunn ech op zéng Millioune verzicht, fir déi ze verschaffen. Déi zéng Millioune sollen awer iwwer Joren an de Leeschtungssport eragoen. Dobäi ass jo ze bemierken, dass mer nach eng ganz Rei Projeten hunn, déi notamment am Zesummenhang mat Schoule stinn, an déi däerf een op där ganzer Lëscht hei net vergiessen.

Dann och e Wuert dozou, dass mer eng Liste indicative hunn. Déi Lëscht, déi Dir hei hutt, dat muss net déi sinn, déi herno Wierklechkeet gëtt. Dat ass op alle Fall déi, mengen ech, déi den Département ministériel des Sports misst duerchsetzen, wat déi national Zentren ubelaangt. Dat sinn déi Schwächten, déi ech op alle Fall mat menge Leit nach eng Kéier konnt erausschielen, an do hu mer jo och am Fong geholl e bësse méi den Driff erabruecht.

Duerfir sinn och eng Rei Saache geschitt, wéi elo den Här Jaerling gesot huet, mat där Geschicht vum Keelesport. Do brauch een awer och ëmmer eng Gemeng, déi do matmécht, an ech muss soen, do hate mer jo och vill Verständnis op der Säit vu Péiteng fonnt. D'Keele sinn also net méi an dësem Plan quinquennal dran, mä déi si scho laang virdrun arrêtéiert.

D'Kloterwand, déi hei vum Här Berger ernimmt ginn ass, déi ass net am Plan quinquennal, mä wéi hien et scho gesot huet, hu mir probéiert eis dofir anzesetzen, dass dat elo am Kader vun der Uni geschitt. Wat de Vélodrom betrëfft, ass et elo am Fong nach eng Saach vun der Ausféierung, an do leeft dat säi Wee, deen dat eben hei zu Lëtzebuerg leeft. Et leeft a mengen Aen ëmmer ze lues. Mä enfin, dat soen ech oft genuch, an dat huet awer nach net ganz vill Effet gehat.

Et huet op alle Fall an dësem Fall och dru gehaangen, dass d'Vélosportfederatioun onbedéngt e gewësse Mann wollt, fir déi Pist ze bauen, an dass dee Mann, mengen ech, Lëtzebuerg vläicht net als seng Prioritéit ugesinn huet. Dat ass och e Grond, firwat dass mer net virukomm sinn. Fir de Rescht ass eis Zesummenaarbecht mat der Gemeng Lëtzebuerg gutt an dësem Fall, an ech hoffen och - d'Madame Brasseur weess dat -, dass mer do virukommen an dass de Vélosport dann endlech deen Zenter kritt, deen e verdéngt.

Ech wëll drop hiweisen, Här President, dass d'Cour des Comptes eng Rei Remarquë gemaach hat, net vill, mä déi puer, déi se gemaach huet, hu mer probéiert ze redresséieren. Et begéint ee seelen esou eng total Transparenz wéi se an dësem Fong ass, wat mat de Sue geschitt, wou se higinn, wie wat kritt an zu wellechem Prozentsaz. Do gëtt net à la tête du client festgesat, mä do sinn eng ganz Rei Regelen, an déi Regele gi vun eis applizéiert. Dat ass a senger ganzer Bandbreet novollzéibar an ass ëmmer erëm, wéi gesot, an eisem Rapport annuel zum Département des sports nozeliesen.

Dat Wuert „public private partnership" ass gefall. Mir probéieren och op dee Wee ze goen. Ech weess, dass et net einfach ass an der Ausféierung, well mir hunn dee Wee jo och probéiert an den Travaux publics ze goen. Den Travaux-publics-Minister huet am Fong geholl do eng Virreiderroll misse spillen an eng Rei Regelen ausschaffen, fir dass et iwwerhaapt dozou komme kënnt. Déi Regele wäerte mir natierlech iwwerhuelen a kucken ähnlech virzegoen. Duerfir ass et mer och net baang, fir d'Ausféierungsbestëmmunge vun esou engem Règlement grand-ducal op d'Been ze setzen. Entweder hu mer et fäerdeg bruecht, an den Travaux publics schonn déi Viraarbecht ze leeschten, oder et ass net méiglech.

Ech wëll och nach drop hiweisen, dass dat, wat mer Fussballstadion nennen, awer och e Rugbystadion soll sinn. Ech wëll dat virausschécken, net nëmme well de Lex, mäi Kolleeg vu fréier, mech drop opmierksam gemaach huet, mä well et ganz einfach esou ass, dass déi puer Matcher, déi se gemaach hunn, a wou se méi Leit haten, se um Stadion gespillt hunn, an dass e Fussballstadion liicht domadder ze verbannen ass: Et brauch een nëmmen e puer Meter méi ze maachen, dann huet een d'Méiglechkeet do och deen een oder anere Match am Rugby ze spillen. Dat Verspriechen, wat ech gemaach hunn, wäert ech och anhalen.

E Wuert zum Stadion. De Stadion ass an deem Konzept - esou wéi et mir elo virläit a wat mer a mengem Kapp schonn e puer Méint ronderëm schwieft - keng „public private partnership". Et ass e reng private Projet. Well wann dat an Erfëllung geet, esou wéi ech mer et virstellen a wéi ech, loosse mer soen, dat och aus de Beispiller aus dem Ausland geléiert hunn, da beinhalt dat Konzept, dass de Federatioun muer zum Nulltarif zur Verfügung gestallt gëtt an dass just d'Fonctionnementskäschte musse vun der Federatioun gedroe ginn. Dat geet natierlech nëmmen, wa mer déi noutwendeg Flächen, kommerziell gesinn, kënnen opbréngen. Soss ass natierlech kee Promoteur bereet, esou eppes ze bauen an dat einfach esou zur Verfügung ze stellen.

Dans le pire des cas hunn ech virgesinn, dass nach eng Enveloppe an där Enveloppe vun 90 Millioune mat dran ass, wou et dann eventuell kënnt zu enger richteger „public private partnership" kommen, wann dat anert net méiglech ass. Ech wäert haut net dovunner schwätzen, well ech net gewinnt sinn, Saachen ze soen, déi nach net kloer sinn. Mä dann, wann ech Kloerheet hunn, wäert ech et no bausse soen, souwuel wat de Standuert ubelaangt wéi och wat de Promoteur ubelaangt wéi och wat dat ganzt Konzept ubelaangt.

Ech kann Iech elo scho soen, dass ech méi wéi ee Promoteur hunn, deen déi Méiglechkeeten opmécht, dass et sech am Ausland erprobt huet, dass mer op auslännesche Beispiller opbauen an dass et eng Rei Konditioune gëtt. Et muss en Uschloss un den öffentlechen Transport do sinn, et muss en Uschloss un d'Autobunnsnetz do sinn, et musse genuch gewerblech Flächen do sinn, an de wichtegste Punkt, et muss en zesummenhängenden Terrain sinn, insofern dass en deemselwechte Propriétaire gehéiert, entweder dem Stat oder de Gemengen oder engem Privatmann. Wann Dir mat zéng verschidde Leit ze dinn hutt, da kënnt Dir et vergiessen, dann ass et fir zéng Joer fort. A wa mer gär hätten, dass dat do, vu dass et jo eng Prioritéit ass, schnell geschitt, muss dat eng vun de Konditioune kënne sinn. Et muss also en zesummenhängenden Terrain sinn.

Selbstverständlech muss dee Projet vum Stadion, esou wéi och all déi aner Projeten, déi mer hei diskutéieren, en accord mam Aménagement du Territoire sinn, an do ass, mengen ech, méi wéi an aneren Domäner d'Zesummenaarbecht am Moment exzellent. Ech soen Iech nach eng Kéier Merci, a virun allem och menge Servicer, déi hei, fannen ech, séier vill Fangerspëtzegefill mat de Gemenge weisen an dat säit Joren exzellent maachen.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Mir kommen elo zum Vote vun dësem Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

Här Minister, och wann Dir laang hutt misse waarden, ech hunn d'Freed Iech matzedeelen, dass Äre Projet unanime mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl ginn ass.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par M. Patrick Santer), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Romain Schneider), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Xavier Bettel), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen elo zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut, d'Adaptatioun vum soziale Mindestloun. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Marcel Glesener.

## 4. 5943 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9. du Code du Travail en vue d'adapter le salaire social minimum

***Rapport de la Commission du Travail et de l'Emploi***

**M. Marcel Glesener** *(CSV), rapporteur.*- Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, gëschter hu mer eis mat dem Ajustement vun de Pensioune befaasst. Haut diskutéiere mer den Ajustement vum Mindestloun. Déi lescht Upassung vun de Mindestléin un d'Lounentwécklung ass den 1. Januar 2007 erfollegt. Bemiessungsgrondlag waren d'Léin aus de Joren 2004 an 2005. Den Ajustement war deemools 1,9%. Profitéiert vun deem Ajustement haten 32.549 Persounen. Dovu waren et 14.808 Männer a 17.741 Fraen.

Här President, d'Gesetz gesäit vir, datt d'Regierung dem Parlament all zwee Joer e Bericht iwwert d'Lounentwécklung am öffentleche wéi am private Secteur virleeë muss. Déi Entwécklung vun de Léin gëtt no enger festgesater Method gerechent. Si ass festgeluecht ginn duerch d'Gesetz vum 24. Abrëll 1991 an ass erweidert ginn duerch d'Gesetz vum 23. Dezember 1994, an den éischten Ajustement no där neier Methodologie ass den 1. Januar 1995 a Kraaft getratt.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

Gepréift gëtt ebenfalls déi wirtschaftlech Entwécklung an déi wirtschaftlech Capacitéit hei zu Lëtzebuerg. Opgrond vun désen Analysë kann dann d'Regierung dem Parlament virschloen, d'Mindestléin un déi errechent Lounentwécklung unzepassen oder och net. Et ass also eng Fakultéit, an d'Chamber ass da souverän ze décidéieren. Dëse Bericht, vun deem ech scho geschwat hunn, ass der zousténneger Chamberskommissioun den 20. Oktober dëst Joer mat engem Projet de loi virgeluecht ginn. An därselwechter Sitzung huet d'Kommissioun hire President als Rapporteur designéiert.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, a mengem schrëftleche Bericht fannt Der Detailer zur wirtschaftlecher Entwécklung, zu der Lounentwécklung, zu der Auswierkung vum Mindestloun op d'Kompetitivitéit vun eise Betriber, zu der Auswierkung op den Aarbechtsmaart, op d'Verhältnis Mindestléin/Léin, de Käschtepunkt an natierlech och een Detail iwwert d'Methodologie an esou weider. Vu datt Dir dat ausféierlech a mengem schrëftleche Bericht fannt, wëll ech elo a mengem mëndleche Rapport net op déi Detailfroen do agoen, déi awer ganz noutwendeg a ganz wichteg sinn ze liesen an och ze wëssen, ier een zu enger Konklusioun kënnt.

Kolleegen, erlaabt mer awer e puer zousätzlech Bemierkungen. D'Bemiessungsgrondlag vun dësem Ajustement, dat waren d'Léin aus de Joren 2006 an 2007. Während dëse Jore sinn d'Léin hei zu Lëtzebuerg ëm 2% an d'Luucht gaangen. Dës Lounentwécklung ass d'Resultat vun enger moderéierter Lounpolitik vun de Sozialpartner. D'wirtschaftlech Capacitéit zu Lëtzebuerg erlaabt ouni Weideres, datt d'Mindestléin och ëm déi 2% erhéicht kënne ginn. Deemzurfolleg proposéiert d'Regierung zu Recht en Ajustement vun de Mindestléin vun 2% ab dem 1. Januar 2009.

De Statsrot huet säin Avis den 11. November ofginn - relativ schnell. Den Avis vum Statsrot beinhalt absolut keng fundamental Bedenke géint déi virgeschloen Upassung vun de Mindestléin. Am Géigendeel, de Statsrot presentéiert eng Rei fundamental Iwwerleeungen, déi en Ajustement just elo an dëse wirtschaftlech schwieregen Zäite justifiéieren. De Statsrot bemierkt awer och, datt him bei senge Berodunge keen Avis vun enger Beruffschamber virlouch.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, wéi mer dëse Rapport, deen ech elo hei presentéieren, an eiser Kommissioun diskutéiert hunn, hate mer dräi Avisë vun de Salariatschamberen: vun der Fonction publique, vun der Arbechterkammer a vun der Privatbeamtechamber. Leider hate mer keen Avis vun de Patronatschambere virleien. Och haut hu mer nach keen Avis vun deenen zwou Patronatschambere virleien. Et wier vläicht vermiessen ze bemierken, datt d'Patronatschamberen doduerch, datt se näischt Negatives an iwwerhaapt näischt soen, mat dem Ajustement d'accord sinn.

***(Interruption)***

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Här President!

**M. le Président**.- Den Här Minister huet d'Wuert.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- Äre Rapporteur erwëscht mech elo um falsche Fouss. Et ass effektiv en Avis haut ukomm bei eis, deen awer natierlech iwwert den offizielle Prozedurewee de Wee nach net hei an d'Chamber fonnt huet. Wann Dir elo wëllt, kann ech en einfach esou ouni offiziell Prozedur hei fotokopéiere loossen, fir dass all Deputéierte géif deen Avis kréien, well deen Avis ass effektiv extrêmement negativ.

***(Interruptions)***

Net dass gesot gëtt, ech hätt hei eppes escamotéiert. Also, Här President, wann Dir wëllt - en ass net ganz grouss -, loossen ech e fotokopéieren.

**M. le Président**.- Da maache mer eng Kopie do dervun.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi.*- En ass och elo leider vu mir perséinlech annotéiert. Da fannt Der schonn direkt eraus, wou ech grouss Non derbäigeschriwwen hunn.

***(Hilarité)***

**M. le Président**.- Dat mécht en ëmsou méi interessant.

***(Hilarité)***

**M. Marcel Glesener** *(CSV), rapporteur.*- Jo, also, Här Minister, mir sinn erstaunt, datt Dir eis a Kenntnis dovunner setzt, datt Dir en Avis kritt hutt vun de Patronatschamberen. Leider Gottes hu mer als Deputéierten deen net.

***(Interruption)***

Leider Gottes hu mer deen net virleien, esou datt en och fir eis irrelevant ass an net mat an eis Iwwerleeunge kann afléissen. Deementspriechend huele mer deen zur Kenntnis an aktéieren dat. Mais pour le reste spillt et fir eis Berodungen absolut keng Roll. Leider Gottes, ech hätt léiwer eng Diskussioun gehat iwwert d'Argumenter vun de Patronatschamberen.

Nun, wa mer den 1. Januar 2009 d'Mindestléin ëm 2% unhiewen, da si mer natierlech konform mat enger Sozialpolitik, déi mer säit Joren hei zu Lëtzebuerg applizéieren, déi och deene Lounempfänger, déi net duerch e Kollektivvertrag vun enger kontinuéierlecher Lounpolitik profitéieren, e Plus un Akommes garantéiert, allerdéngs dann ëmmer mat engem Retard vun zwee Joer. D'Erhéijung vun de Mindestléin ass konform mat der Strategie vu Lissabon an der EU-Strategie zugonschte vum Emploi.

Vun dëser Erhéijung den 1. Januar profitéiere 34.139 Leit. Dat sinn 11,2% vun der schaffender Bevölkerung, also e wesentleche Bestanddeel vun deene Leit, déi hei zu Lëtzebuerg schaffen. Et sinn dat 16.328 Männer a 17.811 Fraen.

Nach kuerz e puer Zuelen. 60% vun deene Leit, déi dee Mindestloun kréien, wunnen hei am Land. 40% si Grenzgänger. 37,7% vun de Mindestlounbezéier schaffen an der Landwirtschaft, 34,5% an der Hotels- an der Restauratiounsbranche, 18% am Handel, 18% am Sozialberäich a 6,7% an der Industrie.

D'Erhéijung vum Mindestloun huet Auswierkungen - ouni elo an den Detail ze goen, mä ech wëll dat zitéieren - op d'Héicht vun der Aarbechtslosenënnerstëtzung, op d'Héicht vun der Studentenaarbecht, op d'Héicht vun de Primë vum Gesetz 5611, op d'Héicht vun de Maximalpensiounen am Privatsecteur, op d'Beitragshéicht vun de Sozialversécherungen, op de Beitrag vun de Fleegeversécherungen. An et gëtt nach eng Rei aner Auswierkungen, dat hei sinn awer déi relevantst.

Wat net oninteressant ass, ass: Déi Erhéijung vun de Mindestléin bedeit fir de Fonds de l'Emploi eng zousätzlech Ausgab vun 1,12 Milliounen Euro. Dat ass also net onwesentlech. An de Gesamtcoût vun der Mindestlounerhéijung inklusiv d'Sozialbeiträg fir d'Ekonomie ass ronn 17,6 Milliounen Euro.

Dat Ganzt huet also elo zur Folleg, datt de Mindestloun ab dem 1. Januar 2009 1.641,74 Euro ass. Dat ass e Plus vun 32,21 Euro op de leschte Mindestloun, deen elo nach en vigueur ass. De qualifizéierte Mindestloun bedréit vum 1. Januar 2009 un 1.970,08 Euro. Dat ass e Plus vun 38,64 Euro op dee jëtzege qualifizéierte Mindestloun.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech hunn et ënnerlooss, och op déi Avisë vun deenen dräi Chamberen anzegoen. Dir fannt déi am Detail awer a mengem schrëftleche Bericht erëm. Dat, wat ech elo gesot hunn, war also dat, wat ech mengem schrëftleche Bericht wollt bäifügen.

Ech soen alle Kolleegen, déi an der Kommissioun konstruktiv matgeschafft hunn - dat ware se alleguerten -, Merci. E Merci och un d'Vertrieder vun der Regierung, un d'Adress vu menge Mataarbechter a selbstverständlech un d'Sekretariat vun der Chamber.

Eis Kommissioun huet ouni Géigestëmm dee virleiende Bericht, deen Dir hutt, den 9. Dezember dëses Joers ugeholl. Am Numm vun der Kommissioun bieden ech och d'Chamber, de virleiende Projet ze stëmmen, dee fir ganz vill Leit eng verdéngten a wëllkomm Verbesserung vun hire Paie bedeit.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer e Wuert zum Schluss. Dat hei ass den zéngte Rapport zum Ajustement vun de Mindestléin, deen ech gemaach hunn. Fir déi éischte Kéier war et de Rapport zum Ajustement fir d'Joer 1991. Deemools war de Mindestloun 828,32 Euro. Haut ass en 1.641,74. Dat ass also ee Plus vun 813,43 Euro. Dat sinn 32.813 Frang. De Plus ass also praktesch dat, wat deemools de Mindestloun 1991 ausgemaach huet. An deenen 20 Joer hu mer vläicht net alles gemaach, mä trotzdeem hu mer villes verbessert zugonschte vun deene klengsten Akommesbezéier hei am Land. Och dat sollt eemol gesot sinn.

Kolleeginnen a Kolleegen, dat war mäi Schlusssaz. Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Glesener. Den éischte Diskussiounsriedner ass den Här Kaes.

**Une voix**.- Wien ass et?

**M. le Président**.- Et ass den Här Kaes. Duerno kommt Dir, Här Krieps.

***Discussion générale***

**M. Ali Kaes** *(CSV).*- Also, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass elo genee zwee Joer hier, datt mer fir d'leschte Kéier iwwert d'Upassung vum Mindestloun hei an der Chamber diskutéiert hunn. Dat ass en Exercice, deen u sech keng aussergewéinlech Opmierksamkeet mat sech bréngt. Et ass awer en Exercice, dee fir dausende vu Leit vun enger eminenter Wichtegkeet ass.

Ech hat deemools schonn d'Éier, am Numm vun der CSV-Fraktioun Stellung zu deem Gesetzestext ze huelen, a si frou, datt ech dat och haut nach eng Kéier ka maachen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, bei där leschter Mindestlounupassung war d'Welt nach eng aner. Eng Welt mat manner Problemer, manner Suergen, manner Ongewëssheet. Mir haten u sech en zolitte Wuesstum. Eis Wirtschaft huet op vollen Tourë gedréint, de Chômage an d'Kuerzaarbecht hu sech ganz kloer a Grenze gehalen. Dat Wuert Kris war inexistent.

Eh bien, all dat gesäit haut ganz aneschters aus. Virun d'Sonn huet sech en décken a breede Schiet geluecht. Ëmmer méi dacks gëtt dat Wuert Rezessioun an de Mond geholl. D'Wirtschaftsprognose si wäit méi pessimistesch wéi optimistesch, a mir mussen eis leider laut de leschte Prognosen op e Chômagetaux astellen an enger Gréissenuerdnung, wéi mer se zënter der leschter Stolkris net méi kannt hunn.

Derbäi kënnt, datt mer an deene leschten zwee Joer mat enger héijer Inflatioun konfrontéiert waren. Héich Energie- a Liewensmëttelpräisser waren d'Haaptgrënn vun där Präisexplosioun. Och wann, bedéngt duerch d'Auswierkunge vun der Finanzkris, d'Inflatioun an de leschten dräi Méint zolidd zréckgaangen ass, esou ass net ze bestreiden, datt et virun allem déi Leit sinn, déi sech op der ënneschter Lounskala befannen, déi am meeschten ënnert der Präisdeierecht gelidden hunn. D'Zukunft wäert fir dës Leit och net méi roseg sinn.

Wann et engem Land respektiv der Wirtschaft an engem Land méi schlecht geet, da kréien dat grad dës Leit an der Regel als Éischt an och am meeschten ze spieren. D'Upassung vun deene Leit hire Gehälter, an dat un d'allgemeng Loun- a Gehaltsentwécklung vun de leschte Joren ass e wichtegt Instrument, fir hinnen an de schwieregen Zäiten, déi hinne bevirstinn, beschtméiglech ze hëllefen.

D'Wichtegkeet vum Mindestloun huet de Rapporteur, den honorabele Marcel Glesener, jo schonns a sengem exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport erläutert. Ech wëll him och a mengem Numm an am Numm vun eiser Fraktioun villmools Merci soe fir déi exzellent Berichter. An ech wëll dann och vun dëser Geleeënheet profitéieren, fir ze soen - hien huet et grad virdrun och hei gesot -: Et war fir d'zéngte Kéier, datt hie Rapporteur war vun der Verbesserung, vun der Erhéijung vum Mindestloun. Ech mengen, dat ass fir e Mann, deen aus dem soziale Geschehe kënnt, och eng grouss Satisfaktioun. Ech géif dem Marcel Glesener fir all dat félicitéieren, wat hien an all deene Joren an deem Beräich geleescht huet.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann déi Erhéijungen net no alzë vill ausgesinn, 2% Erhéijung, wat u sech tëschent 32 an 38 Euro ausmécht, esou hëllefe mer awer duerch dës Form vu Sozialpolitik - well de Mindestloun ass eng Form vu Sozialpolitik - enger ganzer Rei vu Leit, déi net ënnert de Kollektivvertrag falen an domadder, wa se net iwwert deen heite Wee eng Erhéijung kréichen, während 40 Joer, dat heescht während enger ganzer Carrière u sech géife riskéieren, keng Augmentatioun ze kréien, dach mat enger gewëssener Regelméissegkeet eng bestëmmten Evolutioun an hirem Akommes ze assuréieren.

Et sinn och dat déi Leit, déi och net kënne vun enger jährlecher Upassung un d'Lounentwécklung respektiv vun enger jährlecher Upassung duerch e Kollektivvertrag, oder wéi et beim Stat ass, profitéieren. Dës Upassung ass grad elo an där schwiereger wirtschaftlecher Situatioun, wou mer eis befannen, jo méi wichteg wéi jee. Ouni dës automatesch Lounupassung géif sech déi prekär Situatioun, an där sech vill Mindestlounempfänger befannen, sécherlech verschlechteren.

Här President, ech wëll nach eng Kéier dorop opmierksam maachen, datt de Mindestloun fir eis Fraktioun ganz kloer fir de soziale Fridden an eiser Gesellschaft steet an dat schonn zënter e puer Jorzéngten. Soulaang net all Salarié vun den Avantagen ebe vun engem Kollektivvertrag ka profitéieren, muss de Stat seng Responsabilitéit huelen an deene Leit mat niddregem Akommen ënnert d'Äerm gräifen, fir datt si och an der Zukunft eenegermoossen hire Liewensstandard hale kënnen.

D'Regierung ass sech deem voll bewosst an hëlt hir Responsabilitéit, well d'Mindestlounempfänger profitéieren an der Zukunft net nëmme vun der Upassung vum Mindestloun. Si profitéieren och vun de steierleche Moossnamen, spréch den nei agefouerte Steierkreditter, déi mer en Dënschdeg an der Chamber gestëmmt hunn. Si kréien all netto eppes méi an d'Paitut. Mir hëllefe konkret deenen, déi méi Hëllef brauche wéi anerer.

Dës selektiv Mesure kënnt all deenen zegutt, déi an der Vergaangenheet net vun den Abattementen um steierlechen Niveau konnte profitéieren, well se eben duerch hiert klengt Akommes keng Steiere bezuelt hunn. Duerch d'Steierkreditter an d'Upassung vun de Mindestléin un déi allgemeng Lounentwécklung suerge mer souzesoe fir eng gewësse Gerechtegkeet ënner alle Salariéen hei am Land.

Här President, dank dem System vum Mindestloun garantéiere mer hei zu Lëtzebuerg eng sozial Ëmverdeelung vum Wuelstand, an dat ass gutt esou.

Ech ginn duerfir den Accord vu menger Fraktioun zu dësem Projet de loi, well en all déi kleng Leit, déi op der niddregster Stuf vun der Lounskala stinn, net vergësst an hinnen dat zougesteet, wat se zegutt hunn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Kaes. Elo ass d'Wuert fir den Här Krieps.

**M. Alexandre Krieps** *(DP)*.- Merci, Här President. Effektiv wäert ech mech ganz kuerzfaassen. De Mëtteg, de ganzen Dag hu mer geschwat vun deene physeschen a psychesche Leiden. Hei schwätze mer vun deenen, déi ekonomesch leiden, an dat féiert och bei villen an d'existenziell Angscht.

2000 huet män deemolegen Noper hei an der Chamber, den André Hoffmann vun Esch, deen ech hei begréissen, eben dat gesot, wat och virdru gesot ginn ass: d'Adaptatioun vum SMIC, dat ass de Kollektivvertrag vun deene Leit, déi keen hunn.

Wou en ass…? Et wär net schlecht, Madame Loschetter, wann esou een erëm heihinner kéim, fir déi Leit ze verdeedegen.

Mä ofgesinn dovunner gleewe muncher, dass de Mindestloun ze héich ass, an anerer gleewen, dass d'Erhéijung vum Mindestloun onqualifizéiert Aarbechtsplazen accéléiéiert ofbaut, wéi mer dat scho momentan gesi bei den Interimsfirmen, wou déi Netqualifizéiert ganz schlecht ewechkommen.

Déi, déi behaapten, e wär ze héich, dat si gewéinlech déi, déi hir Déngschtmeederchер a Sekretärinnen um Mindestloun bezuelen a kaum doriwwer. Duerfir, ech bedaueren déi net.

Ech soen d'ailleurs dem Marcel Glesener fir säin exzellente Rapport hei - dee schrëftlechen huet 19 Säiten - Merci, well e war ganz no bei der Wourecht, muss ech soen.

Ech soen lech elo, wéi ech de Rapport gelies hunn. De Rapport baséiert sech op Zuele vun 2006 a 2007 a féiert dann un, dass d'Progressioun vum Revenu disponible vun den Haushälter déi mannste war an de leschten 20 Joer. Säit 3.

De Rapport féiert och un, dass de Chômage, egal wat d'Progressioune sinn, nach ëmmer virugeklommen ass 2006 a 2007. E féiert och un, dass d'Käschten an de Joren 2006 an 2007 an den Alters- a Fleegeheimer, an de Crèchen an an de Foyeren, bei de Gemengentaxen, Waasser an Offall, Stroumpräisser - an ech ka se net all opzielen -, dass déi nach ëmmer zolidd geklomme sinn.

Op der Säit 4 steet och, dass d'Salairen 2006 an 2007 eng Décélératioun kannt hunn. Op der Säit 5 steet, dass dem Index - dat wësse mer - d'Loft ausgaangen ass an deene Joren an dass d'Kollektivverträg vill méi schwiereg waren an deene Joren.

Dat gesot, de Marcel Glesener huet gutt gemaach ze soen, fir ons dorun ze erënneren, dass 11,2% vun de Salariéen am Privé vum Mindestloun bénéficiéieren, well d'Zuele befannen natierlech näischt an der Fonction publique dovunner.

Wou ech net d'accord war, war mat enger Appréciatioun vum Conseil d'État, deen der Regierung Merci seet, dass se deen heiten Ajustement virhëlt, vu dass dat jo awer scho laang eng Traditioun an dësem Ländchen ass.

D'Chambre de Travail seet natierlech wéi ëmmer, et wär net genuch an et misst een de Mindestloun all Joer adaptéieren an net all zwee Joer. Dat kann een nach eenegermoosse verdeedegen.

D'DP stëmmt wéi säit Laangem dësem Projet zou, dee jo deenen Äermsten an der Gesellschaft zeguttkënnt, a mir wënschen lech och, hinnen an ons alleguer, an lech, Här Minister, schéi Feierdeeg.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Krieps. D'Wuert huet den Här John Castegnaro.

**M. John Castegnaro** *(LSAP)*.- Merci, Här President. Kolleeginnen a Kolleegen, et ass dann eben haut den Owend eng Kuerzfaassung. Ech wëll och direkt dem Rapporteur Merci soe fir dee mëndleche Rapport, besonnesch awer fir dee schrëftlechen, well et e gutt Noschlowierk ass an eng gutt Dokumentatioun iwwert d'Entwécklung vum Mindestloun.

Mä, esou wéi ech an der Kommissioun scho gesot hunn, ass dee schrëftleche Rapport mat 19 Säiten e bëssen am Widdersproch mat deenen nëmmen 2% Mindestlounerhéijung, déi dobäi erausspprangen. Et hätt also kënnen entspriechend méi sinn.

Fakt ass awer, dass mat deem Projet, dee mer elo ofstëmmen, eng retroaktiv Upassung vum Mindestloun vun 2% un déi generell netto Lounentwécklung aus de Joren 2006 an 2007 gemaach gëtt. A wann ech soen, eng réckwierkend a verspéit Upassung, da wëll ech domat och ënnersträichen, dass et an deem Sënn keng Erhéijung ass, mä dass déi 2% ëmmerhin dann awer deenen zeguttkommen, déi an dësem Land am mannste verdéngen, an dat sinn der - dat ass jo scho gesot ginn - iwwer 34.000. Dat sinn iwwer 11% vun all deenen, déi schaffen, an et sinn nach méi Fraen - wéi ëmmer, géif ech leider wëllen ënnersträichen -, well déi 14,5% ausmaache vun alle Salariéen, déi also 2% méi kréien, mä domat ëmmer nach op engem relativ déiwen Niveau leien.

Et kann een och do soen, dass d'Mindestlounbezéiung eigentlech e ganz héijen Undeel un deene Mënschen huet, déi mer, wa mer iwwer Aarmut diskutéieren, mat Aarmut zu Lëtzebuerg a Verbindung bréngen.

Ech wëll awer hei direkt emol ënnersträichen: D'Mindestlounerhéijung ass keng Sozialpolitik, wéi ee vun de Riedner dat gesot huet, mä d'Mindestlounerhéijung ass en Deel Lounpolitik, well et déi Leit betrëfft, déi och musse schaffen, fir déi Pai ze kréien. Richteg ass, dass d'Mindestlounerhéijung vill Auswierkungen op vill sozial Parameter huet, déi a Sozialgesetzer stinn, déi doduerch dann och mat ugepasst ginn.

Ech soen och, wann een déi 2% hëlt a wann een déi steierlech a sozial Moossnamen hëlt, déi lescht Deeg hei ofgestëmmt ginn, dann dréit dat alles derzou bäi, dass d'Kafkraaft an domat d'Konsumkraaft vun deenen, déi déi niddregst Akommesbezéier sinn, verbessert gëtt.

Ech muss och ënnersträichen, well een dat soll soen, dass keng Automaticitéit besteet, mä dass et vum politesche Wëllen ofhänkt, ob eng Mindestlounerhéijung gemaach gëtt. Et muss een dann awer och dobäi soen, iwwer all Kritiken ewech, dass Lëtzebuerg iwwerhaapt emol zu deene Länner zielt - an dat ass net d'Majoritéit an Europa -, déi e gesetzleche Mindestloun hunn, an dass ee muss ënnersträichen, dass et deen héchste gesetzleche Mindestloun an Europa ass.

Wann een Europa seet a vum sozialen Europa schwätzt, da wier et un der Zäit, dass et géif eng Generaliséierung vun engem obligatoresche Mindestloun an allen europäesche Länner ginn, an dat méiglechst op engem héijen Niveau. Dat géif mat Sécherheet dozou bäidroen, dass sozialen Dumping kéint verhënnert ginn an dass besonnesch esou Diskussiounen, wéi se ëm Bolkestein stattfonnt hunn oder den Détachement an aneres, wesentlech ageschränkt kéinte ginn.

Mä Europa beweegt sech lues. Mir hunn zwar elo festgestallt mat Freed, dass d'Europaparlament déi Aarbechtszäitrichtlinn gekippt huet. Mir hoffen, esou wéi mer et och gewënscht hunn hei zu Lëtzebuerg an deene villen Diskussiounen, déi mer haten, dass déi aacht Wochen, déi elo bleiwen, genotzt ginn, fir eng europäesch gutt Léisung ze fannen.

Erlaabt mer kuerz virun de Feierdeeg Folgendes ze soen, well dat stëmmt ee jo dann e bëssen aneschters. Et gëtt een och no där schwiereger Debatt vun haut jo awer op déi méi douce Deeg do agestëmmt, sou dass een dann Hoffnunge kritt. Zu deenen Hoffnunge bei mir hätt gehéiert, dass mer eng Mindestlounupassung den 1. Januar 2009 gehat hätte fir d'Mindestlounbezéier, déi déi Indextranchen, déi ausgefall sinn, beinhalt hätt an domat e staarken Inflatiounsausgläich och nach hiergestallt hätt, oder wéinstens eng Erhéijung, wéi se vun der Chrëschtlecher Gewerkschaft nach virun e puer Woche gefuerdert ginn ass, vu 5%.

Ech hunn awer keng Motioun bruecht, well déi Waassermotioun mech do e bëssen ofgeschreckt huet an ech net hei wollt mat enger Motioun stoen, déi da keng Motioun herno gewiescht wier. Mä et hätt net schlecht derzou bäigedroen, d'Situatioun vun de Mindestlounbezéier ze verbesseren. Wéi gesot, Dreem an Hoffnunge solle jo ni, a besonnesch net an dëser Zäit, verbuede sinn.

Elo setze mer eis mat der Realitéit auserneen, stëmme fir 2% a wëssen, dass awer och déi 2% Afloss op d'Kollektivvertragsverhandlung an d'Gestaltung vun de Léin bei de Kollektivverträg wäert hunn. Dat ass eppes, wat sech ergänzt. Dat soll een ëmmer ervirsträichen. Déi Mindestlounerhéijung ab 1. Januar verbessert - ech soen dat nach eng Kéier - d'Kafkraaft vu ville Mënschen, déi méi Akommes doduerch kréien, an deen Deel, dee se do kréien, fléisst integral an de Konsum, profitéiert also dem Handel an der Ekonomie am Allgemengen.

***(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)***

Duerfir bedaueren ech, dass besonnesch déi, déi d'Vertrieder vum Handel sinn, erëm déi waren, déi am meeschte lamentéiert hunn, laang ier dann den Avis vun de Patronatsberuffschambere koum.

D'Handelsfederatioun huet den 31. Oktober am Ëmfeld vun der Wirtschafts- a Finanzkris an engem Otemzuch gefuerdert un d'Politik, un d'Chamber, dass d'Erhalung vun der Kafkraaft misst gesécher ginn, an huet awer gläichzäiteg do scho kritiséiert, dass et erëm zu enger Erhéijung vum Mindestloun géif kommen.

Dee Widdersproch fannen ech enorm. Ech fannen en och entsetzlech duerfir, well déi bescheiden 2% dach awer 2% sinn, déi iwwer eng verbessert Kafkraaft besonnesch hinnen zeguttkommen. A wa se da gläichzäiteg och nach soen, wann Dir de Mindestloun erhéicht, dann hätte mir gär en Ausgläich an Equivalenz vu Steiererliichterungen an Erofsetze vu Soziallaaschten, déi mir als Patron ze bezuelen hunn -, da léisst dat all Kéiers ganz déif blécken.

Déif blécke léisst och erëm eng Kéier den Avis vun deenen zwou Beruffschamberen, dee mer elo verdeelt kritt hunn, wou den Zwëschentitel ganz kloer ass: «Le patronat réitère son opposition formelle à toute augmentation du salaire social minimum.» Do gesäit een, wat fir eng geeschteg Haltung déi Leit do hunn! Mir huelen dat eng weider Kéier zur Kenntnis, mä déi Leit missten och emol nodenken. Wa se vill afuerdere vun der Politik a Saache Steieren an anere finanziellen Zouwendungen, da misste se och spontan bereet sinn, fir deene Klengsten ënner eis op d'mannst zoukommen ze loossen, wat se minimal zegutt hunn.

Dat alles gesot, ënnersträichen ech a wëll ech soen, dass eis Partei natierlech déi Mindestlounerhéijung do wäert stëmmen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Castegnaro. Den honorabelen Här Gibéryen huet elo d'Wuert.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Och vun eiser Säit aus e Wuert fir d'éischt vu Merci un de Kolleeg Marcel Glesener fir säin zéngte Rapport iwwert de Mindestloun.

Et ass e bëssen esou eng Traditioun, datt bei Gesetzer wéi de Mindestloungesetzer, wéi den Ajustementer d'Sozialpolitiker heibannen erausginn. Meng zwee Virriedner, d'Kolleege Marcel Glesener a John Castegnaro, déi maachen dat haut wahrscheinlech fir d'lescht, iwwert de Mindestloun heibanne schwätzen. Duerfir ware si och vläicht e bësse méi laang.

Ech kann, an der Hoffnung, och nach iwwert de 7. Juni d'nächst Joer ewech vläicht nach déi eng oder aner Kéier kënnen hei zum Mindestloun ze schwätzen, mech duerfir haut méi kuerzfaassen, andeem datt ech am Fong soen, datt mer d'Zoustëmmung wéi ëmmer zu dësem Projet wäerte bréngen.

De Mindestloun, dee mer all zwee Joer traditiounsméisseg mat dem Ajustement vun de Pensiounen hei augmentéieren, ass grad an dëser Zäit wichteg. D'lescht Woch, an dat hu meng Virriedner och scho gesot, hu mer eng Rei vu Moossname getraff, déi virun allem deene sozial méi Schwaachen hei am Land zeguttkommen. Dat heite muss een an déi Politik areien, grad an dëser Zäit, wou vill Leit um ënneschten Akommesniveau Problemer hunn, fir mat hirem Akommes auszekommen. Duerfir ass dat hei schonn eng wichteg Moossnam, déi gemaach gëtt.

Ech mengen, et sinn elo aacht, 14 Deeg hier, do huet et an engem Communiqué vum OGB-L geheescht, datt 40, 50% vun de Leit net ënner e Kollektivvertrag géife falen. Ech war iwwerrascht, wéi ech dat héieren hunn, datt dat esou en héije Prozentsaz vu 50% wär. Ech war effektiv der Meenung, bei deene ville Kollektivverträg, déi mer am Land hunn, datt do vill méi e grousse Prozentsaz vum Salariat géif erfaasst ginn.

Mä dat ënnersträicht dann awer och, wéi wichteg et ass, datt mer esou Mechanismen hu wéi d'automatesch Upassung vum Mindestloun an och vun engem Index, well soss wahrscheinlech 50% vun deene Leit, déi schaffe ginn, déi net ënnert d'Kollektivverträg falen, Problemer hätten, fir hir Gehälter un d'allgemeng Loun- an Inflatiounsentwécklung ugepasst ze kréien.

Duerfir solle mer alleguer frou sinn, datt mer hei e Land hunn, wat esou e soziale System huet, ëm dee vill aner Länner eis beneiden. Wa mer iwwer eis Grenzen eraus kucken an Däitschland: Wat do eng Diskussioun ass, fir e Mindestloun anzeféieren, obschonn déi beileiwen net vun deenen Ziffere schwätzen, iwwert déi mir schwätzen! Da kann ech nëmmen dat, wat de John Castegnaro hei gesot huet, ënnersträichen.

Ech mengen, mir sinn eis eens, datt mer alleguer en Intérêt drun hunn, fir op europäeschem Niveau och ze versichen, Mindestnormen, Mindestléin ze kréien, well an engem ëmmer méi grousse Wettkampf tëschent de Betriber an ëmmer méi oppene Grenze geréit eis Sozialpolitik och ëmmer méi ënner Drock. Duerfir hu mer schonn alleguer en Intérêt, fir ze kucken, op europäeschem Niveau Mindeststandarden ze kréien, déi dann domadder och eis gutt Sozialgesetzgebung, déi mer se hei am Land hunn, méi laangfristeg ofsécheren.

Dat gesot, Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, wëll ech d'Zoustëmmung vun eis zu dësem Projet bréngen.

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. Leschte Riedner ass den honorabelen Här Jaerling.

**M. Aly Jaerling** *(Indépendant)*.- Merci, Här President. Ech hoffen net, dass ech och ee vun deene sinn, déi elo hei fir d'lescht zum Mindestloun schwätzen.

***(Hilarité)***

Ech wëll awer dem Här Rapporteur Merci soe fir säi Rapport, dee wéi ëmmer ganz explizit war, an him och félicitéiere fir déi gutt Leedung vun der Kommissioun vum Travail a vum Emploi. Ech géif mengen, och dat muss eng Kéier gesot ginn. Hie bréngt et ëmmer erëm fäerdeg, eng Serenitéit an déi Kommissioun eranzebréngen, an där jo och net nëmme Gewerkschaftler sëtzen, mä wou mer et awer ëmmer fäerdeg bréngen, e gudde Konsens ze fannen.

Ech wollt eigentlech hei just main Accord ginn zu dësem Gesetzesprojet. Mä well dann awer erëm eng Kéier elo an der leschter Minutt - an do muss ech dem Här Minister Merci soen - nach en Avis erakomm ass, deen erëm ënner aller Klarinett ass, wëll ech awer soen a wierklech bedaueren, ouni awer méi wäit ze goen, dass trotz all deenen Hëllefen - trotz all deenen Hëllefen! -, déi d'Betriber an der leschter Zäit an ëmmer erëm iwwert d'Steieren, iwwer soss Subventioune kréien, an elo och, wou den Droit d'apport nach ofgeschaaft ginn ass an nach weider Ënnerstëtzunge kommen, fir dass se net faillite maachen an dass keng Leit an de Chômage kommen, dass trotz all deenen Efforten, déi do gemaach gi sinn, déi Leit einfach kee Respekt hunn a kee Merci hu fir déi Leit, déi hi hinne scho fir en Apel an e Stéck Brout schaffen, dass se kee Respekt fir déi Leit hunn an hinnen och emol déi aarmséileg 2% Lounerhéijung net gönnen!

Si hunn och kee Respekt virun de Gewerkschaften, déi an deene leschte Jore bei Kollektivvertragsverhandlungen eng ganz responsabel Haltung ageholl hunn, der wirtschaftlecher Entwécklung Rechnung gedroen hunn a moderat Lounverhandlunge gefouert hunn, och an hirem Interessi, am Interessi vun der Wirtschaft a vun de Betriber. Si hunn och kee Respekt virun hire Verhandlungspartner, déi am Fong matgeholle hunn, derfir ze suergen, dass eben dee Mindestloun haut hei net iwwer 2% erausgeet.

Ech fannen dat aarmséileg, an ech géif mengen, dass och emol eng Kéier misst e Message vun der Regierung erausgoen, dass se an Zukunft, wa se scho Fuerderungen un d'Regierung stellen, un d'Gesellschaft stellen, un d'Steierzueler stellen, och emol eng Kéier musse gesot kréien, dass se och eng sozial Responsabilitéit hunn, op déi mer awer endlech mussen emol pochen. Well et kann net esou virugoen, dass ëmmer nëmmen déi Klengst hei ofgezaapt ginn an anerer, déi sech d'Täsche fëllen, dann och nach ufänken ze kräischen, wann déi Kleng eppes bäikréien.

Also, ech wäert selbstverständlech dee Projet hei och stëmmen.

**M. le Président**.- Merci, Här Jaerling. D'Wuert huet elo den Här Aarbechtsminister François Biltgen.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll emol fir d'éischt allen Orateure fir hir kuerz a positiv Bäiträg Merci soen. E besonnesche Merci geet selbstverständlech och vu mir un de Marcel Glesener, dee säin zéngte Bericht gemaach huet. A wann een zéng Berichter iwwert de Mindestloun gemaach huet, da wëllt dat soen, dass een zënter 20 Joer Berichter iwwert de Mindestloun gemaach huet.

Dat ass schonn eng gëllen Auer wäert, Här Glesener! Just mam Mindestloun, do ass et net einfach, sech eng gëllen Auer ze leeschten! Also iergendeppes aneschters wäerte mer Iech dann amplaz kënnen eng Kéier offréiere fir déi Verdéngschter, déi Dir an dëser Chamber hutt fir de Mindestloun.

Wann ech an d'Ausland komme bei meng Kolleegen, ginn ech oft komesch gekuckt, well mer e Mindestloun zu Lëtzebuerg hunn. An da ginn ech nach méi komesch gekuckt, well mir zu Lëtzebuerg deen héchste Mindestloun hunn. A wann ech hinnen da soen, dass d'Mindestlounerhéijung all zwee Joer eestëmmeg vun der Chamber gestëmmt gëtt, da versti se guer näischt méi vu Lëtzebuerg.

***(Interruption)***

An dat ass schonn eppes, op dat ech eigentlech ganz houfreg sinn, dass hei de Mindestloun vun alle Fraktioune matgedroe gëtt.

Ech wëll och e puer Wuert soen zu deem Avis commun vun der Chambre de Commerce an der Chambre des Métiers, well e mech och e bësse stéiert. Et sinn och Argumenter dran, mat deenen ee sech muss auserneesetzen. Dat wëll ech och maachen. Mä et sinn awer och Argumenter derbäi, déi een net kann akzeptéieren.

Fir d'éischt dat Argument, wat ech ni kann akzeptéieren a wouriwwer de Statec bei der virleschter Mindestlounerhéijung eng ganz Etüd gemaach huet, nämlech d'Argument vum makroekonomeschen Impakt vum Mindestloun.

Ech ginn zou, dass de Mindestloun ka bei deem engen oder anere Betrib e mikroekonomeschen Impakt hunn. E Betrib, dee seng Präisser net kann an d'Luucht setzen an deen e puer Leit huet, déi um Mindestloun schaffen, dee kritt e mikroekonomeschen Impakt. Dat verstinn ech ganz gutt. Mä makroekonomesch fir d'Wirtschaft gekuckt, ass dat falsch, wat an deenen Avisen do steet.

Et muss een emol kucken, wéi vill de Mindestloun d'Wirtschaft kascht. E kascht pro Joer 17,3 Milliounen Euro. An déi deele sech nach op zur Halschent op den eigentleche Mindestloun an zur Halschent op de qualifizéierte Mindestloun. Dat heescht, den eigentlechen énneschte Mindestloun, d'Erhéijung pro Joer, kascht aacht Milliounen ongeféier.

Muer komme mer erëm mam Comité de conjoncture zesummen. Mir hu jo nach e Gesetz, wat mer am Januar wëlle stëmmen, fir nach méi de Betriber kënnen ze hëllefen, fir dass se net ofzebaue brauchen. Wann ech da kucken, wéi vill Sue mer pro Mount ewell an d'Kuerzaarbecht stiechen, an dat ass gutt esou, muss ech soen, dass et schonn e bësse klenglech ass, wann hei op e Méikäschtepunkt fir d'Wirtschaft vu 17,3 Milliounen Euro pro Joer higewise gëtt.

Esou dass ech nach eng Kéier wëll soen, dass de Mindestloun kee makroekonomeschen Impakt huet, am Géigesaz zum Index. Ech sinn absolut d'accord, dass ee muss iwwert de makroekonomeschen Impakt vum Index diskutéieren. Mä de Mindestloun huet kee makroekonomeschen Impakt.

Et muss ee jo elo kucken, wat dat ausmécht. Elo menge mer jo all esou, mir géife grouss Cadeauen ausdeelen. Dat mécht op den 1. Januar brutto 39 Euro aus pro Mount fir een, deen de Mindestloun verdéngt. Mat 39 Euro brutto, do geet een net grouss feieren iwwert d'Chrëschtdeeg. Do kënnt dann nach d'Steiersenkung derbäi, dat hëlleft dann och nach e bësselchen. An dat, wat mer gëschter gestëmmt, virgëschter gestëmmt hunn...

***(Interruption)***

Här Jaerling, een, dee keng Famill huet an dee fir de Mindestloun schafft, dee bezilt Steieren. Dee spiert och schonn d'Steiersenkung. Voilà, also ass dat net vill.

Do sinn zwee aner Argumenter, op déi ech wollt agoen, vun der Beruffskummer vum Patronat. Déi eng ass déi, dass ze vill Leit de Mindestloun zu Lëtzebuerg hunn.

Et ass richteg, dass gesot gëtt, wann ze vill Leit um Mindestloun leien, da kann en ze héich sinn. Op där anerer Säit muss ee sech och d'Fro stellen: Woufir sinn esou vill Leit um Mindestloun?

An déi Diskussioun war virdru schonn ugefaange ginn. Mir hunn an enger ganzer Partie Secteure keng Kollektivverträg. Dat heescht, an deene Secteure geschitt dann och keng Lounentwécklung. Natierlech ass de Punkt, wann de Patron weess, de Mindestloun gëtt jo all zwee Joer ugefouert, dann ass en och net interesséiert, fir selwer eppes ze maachen. Et ass schonn do dissuasiv, mä et muss ee wëssen, dass mer esou vill Mindestléin hunn, well mer a verschiddene Secteuren ebe keng Kollektivverträg hunn oder net vill Kollektivverträg. Am Commerce gëtt et wuel Kollektivverträg, mä déi Meescht falen net ënnert d'Kollektivverträg.

Dann de Punkt: Wéi héich muss e Mindestloun sinn? Ech plädéieren dauernd an Europa fir d'Recht vun all Salarié op e Mindestloun, deen der nationaler Situatioun ugepasst ass. An ech mengen, e muss sech ëmmer tëschent zwou Saache bewegen: tëschent engersäits der wirtschaftlecher Gréisst, dem PIB, der Produktivitéit, an awer och de soziale Gréissten. Ech mengen, dass ee muss kënnen als eenzel Persoun mat engem Mindestloun liewen. Iwwregens mécht d'OCDE déi lescht Zäit Plädoyere fir d'Mindestléin, an déi huet och viru kuerzem geschriwwen, dass mir eigentlech deen eenzege Mindestloun hätten, wou mer effektiv iwwert der Aarmutsgrenz géife leien. Och dat ass also eng Gréissenuerdnung, déi een an den Diskussioune mat berécksichtege muss.

Dann nach e leschte Punkt vun der Patronatskummer: „Duerch en héije Mindestloun ginn Aarbechtsplazen net geschaf, an dat huet eng Auswierkung op eise Chômage." Och do sinn ech géint dat Argument. Et ass richteg, dass, wann de Mindestloun méi niddreg wier, massiv méi niddreg wier, eng ganz Partie onproduktiv Aarbechtsplaze géife geschaf ginn.

Éischtens sinn ech der Meenung, dass onproduktiv Aarbechtsplazen näischt bréngen. Zweetens, wa mer onproduktiv Aarbechtsplazen zu engem méi niddrege Mindestloun hätten, géif nawell de Chômage zu Lëtzebuerg net erofgoen, well dann erëm Leit aus dem Ausland géife kommen, déi bereet wieren, op deenen onproduktiven, bëllegen Aarbechtsplazen ze schaffen, well se dann nach ëmmer méi géife verdénge wéi bei sech. Dat heescht, mir hätten awer mat engem erofgesatene Mindestloun näischt geschafft, fir eise Chômage erofzesetzen.

Dat gesot, mengen ech, dass mer als Lëtzebuerger sollte weiderfueren, a mir maachen et dauernd, och an Europa ze plädéieren, dass et iwwerall sollt d'Recht op e Mindestloun ginn. Duerfir muss den Traité eng Kéier ëmgeännert ginn. Am Traité ass zurzäit keng Base légale iwwert d'Rémunératiounen, déi sinn expressis verbis ausgeschloss. Ech menge mir solle frou sinn, dass mer zu Lëtzebuerg dee Mechanismus vum Mindestloun hunn, an duerfir soen ech nach eng Kéier villmools Merci, dass Dir unanime dëse Projet stëmmt, an ech wënschen Iech, a virun allem all deenen, déi net méi hu wéi de Mindestloun, schéi Feierdeeg.

Merci.

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum Vote vun dësem Projet de loi.

***Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel***

De Projet de loi 5943 ass eestëmmeg mat 60 Jo-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt (par Mme Christine Doerner), M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Haupert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber (par Mme Sylvie Andrich-Duval), Jean-Paul Schaaf (par M. Marcel Oberweis), Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;*

*MM. Marc Angel (par Mme Claudia Dall'Agnol), Alex Bodry, John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Romain Schneider), MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein (par M. John Castegnaro), Mme Lydia Mutsch (par M. Alex Bodry), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*MM. Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger (par M. Eugène Berger), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp et Robert Mehlen;*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

### 5. Discours de fin d'année de M. le Président

Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir sinn um Enn vun eiser leschter öffentlecher Sitzung virun de Feierdeeg ukomm. Wéi mer d'lescht Joer ëm dës Zäit auserneegaange sinn, dunn hätt kee vun eis sech dreeme gelooss, wat fir e schwieregt, jo dramatescht Joer 2008 géif virun eis stoen. Eng weltwäit Finanzkris, duerno eng Wirtschaftskris, Rezessioun, an doriwwer eraus och nach bei eis heiheem eng Ännerung vun der Verfassung, déi mer scho laang uvisséiert haten, iwwert där hir Ëmstänn mer awer net frou waren.

All dës Problemstellungen, léif Kolleeginnen a Kolleegen, si sechs Méint virun de Chamberswahlen, an enger Zäit vu Virwahlkampfatmosphär, e Mix, deen hätt liicht kënnen aus de Schinne sprangen. Deem ass awer net esou geschitt. Finanzen, Wirtschaft, Institutiounen, d'Regierung huet Décisioune geholl, dacks schwiereg Décisiounen, munchmol ënner Zäitdrock an net ëmmer mat Garantie op Succès.

Mir als Chamber hunn dës Décisioune begleet, mir hu se kritesch begleet, mir hu se ëmmer konstruktiv begleet, an ech menge virun allem huet d'Parlament an dësen Zäiten, déi aussergewéinlech schwiereg sinn, bewisen, dass d'Suerg ëm d'Land, seng Leit, seng Mënschen a seng Institutioune fir déi éischt Institutioun hir éischt Prioritéit war. An ech mengen, dat war gutt esou. Mir hunn eis Responsabilitéit iwwerholl. Mir hunn deelweis, iwwert d'Fraktiounsgrenzen eraus, versicht, och oft zesumme mat der Regierung, fir eist ze maachen, fir deene Krisen, déi mer hunn, entgéintzewierken.

Ech mengen, dass d'Leit dobaussen am Land och déi roueg a besonnen Aart a Weis, wéi d'Chamber an deene leschte Woche mat dëse Froen ëmgaangen ass, appréciéiert hunn. Ech wënschen eis, dass mer, an deene puer Méint, déi eis an dëser Legislaturperiod nach iwwreg bleiwen, an deemselwechte konstruktive Geescht zesummeschaffen am Interessi vum Land, an ech verbannen domadder de Wonsch, dass dat och fir de Wahlkampf vum nächste Joer zielt.

Erlaabt mer an deem Sënn Iech alleguerten, léif Kolleeginnen a Kolleegen, schéi Feierdeeg ze wënschen an e ganz gutt neit Joer. Net all Wënsch, déi jiddwereen huet, ginn d'nächst Joer an Erfëllung. Dat ass an engem Wahljoer nun eben emol esou. Trotzdeem jiddwerengem schéi Feierdeeg an e gutt neit Joer, an ech schléissen an dës Wënsch selbstverständlech d'Regierung mat an, d'Mataarbechter vum Greffe a vun de Fraktiounen, déi parlamentaresch Press an d'Sécherheetspersonal vun der Chamber.

Nach eng Kéier, alles Guddes fir d'nächst Joer, an ech soen Iech Merci.

Den Här Gibéryen huet d'Wuert gefrot. Et ass mer signaléiert ginn, dass hie géif d'Wënsch vun der Chamber iwwerbréngen.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Mir fält dëst Joer d'Freed an d'Éier zou, fir am Numm vun de Kolleeginnen a Kolleegen, an eisem Numm alleguer och Iech Merci ze soen, Här President, fir déi mustergülteg Aart a Weis, wéi Dir et fäerdeg bruecht hutt, wéi och an deene Jore virdrun, fir eis duerch déi Sitzunge hei ze leeden.

Et ass sécherlech net ëmmer einfach, mat eis ëmzegoen a fir ee wéi deen aneren esou korrekt wéi méiglech ze behandelen, a virun allem, wann d'Zäiten e bësse méi stiermesch ginn, da gëtt et ëmmer méi schwéier. Mä op där anerer Säit mengen ech, si mer eis awer alleguer eens, datt Dir dat ganz korrekt vis-à-vis vu jiddwerengem Eenzelnen heibanne maacht.

Duerfir eise Merci, vun eis alleguer, un Är Adress. An dee Merci schléisse mer selbstverständlech och mat an de Greffe mam ganze Personal, d'Sécherheetsdéngschter, d'parlamentaresch Press, déi versicht d'Informatiounen an dat, wat mer heibanne schaffen, esou gutt wéi méiglech an d'Land erauszebréngen.

Wéi Dir et elo grad gesot hutt, Här President, si mer um Enn vun engem relativ turbulente Joer ukomm, wat net einfach war, wou mer grad um Schluss vun dësem Joer vill Problemer op eis zoukomme gesinn hunn, a wou mer versicht hunn, déi zesummen ze léisen. Mir stinn um Virowend vun engem Wahljoer, wat déi Diskussiounen net méi einfach wäert maachen. Duerfir wënschen ech eis alleguer, datt mer och d'nächst Joer, an deene Méint, déi verbleiwen, wou mer hei zesummeschaffen, wou sécherlech d'Problemer net wäerten ophalen, well déi huele mer mat an d'nächst Joer eriwwer, datt mer et och alleguer zesumme mat Ärer Hëllef wäerte fäerdeg bréngen, den Deel Wahlcampagne vun deem Deel, wat mer als Parlamentarier hei mussen zesumme leeschten, kënnen ze trennen, fir déi Aarbecht och korrekt gemaach ze kréien.

Dat gesot, wëll ech Iech an eisem Numm, Här President, Iech an Ärer Famill, alles Guddes fir Chrëschtdag, fir déi Feierdeeg a fir d'neit Joer wënschen, a virun allem eng gutt Gesondheet.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Gibéryen. Den Här Aarbechtsminister, fréiere Minister zoustänneg fir d'Relatioune mam Parlament, huet d'Wuert gefrot.

**M. François Biltgen,** *Ministre du Travail et de l'Emploi*.- Jo, dat waren nach besser Zäiten. Här President, am Numm vun der groussherzoglecher Regierung wëllt ech Iech och villmools Merci soe fir déi Aart a Weis, wéi Dir dëst Joer iwwert d'Bühn bruecht hutt. Dir trount net nëmme physesch iwwer eis, Dir trount och geeschteg iwwer eis. Et ass ganz wichteg, dass op d'mannst een am Sall ëmmer d'Rou behält a kuckt, dass d'Debatten uerdentlech gefouert ginn.

Dir hutt Iech och ëmmer als exzellente Meeschter vun der Auer bewisen, och wann d'Regierung dat net ëmmer appréciéiert huet, mä Dir hat awer ëmmer Recht. Duerfir soen ech Iech och Merci, dass Dir ëmmer, net nëmme mat de Kolleege streng waart, mä och streng mat der Regierung. Et ka kee soen, Dir wäert mat deem enge méi streng wéi mat deem anere gewiescht.

Duerfir wëll ech Iech, Här President, an alle Membere vun der Chamber an hire Famillen, am Numm vun der Regierung, elo e puer méi besënnlech Deeg wënschen, well d'Zäite ginn net onbedéngt manner turbulent, an et ass wichteg, dass mer ausgerout an net ze vill nervös erëmkommen, fir och déi nächst Méint hei gutt Aarbecht zesummen ze maachen.

Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Minister. Ech soen Iech Merci fir déi léif Wënsch.

Ech wënschen Iech och nach eng Kéier schéi Feierdeeg an e gudde Rutsch.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 19.40 heures)***

Chamber TV
weist all öffentlech Sëtzung
live an integral
mat enger Rediffusioun
all Sëtzungsdag
vun 19:00 Auer un

**Présidence: M. Lucien Weiler, Président**
**M. Jos Scheuer, Vice-Président • M. Laurent Mosar, Vice-Président • M. Jean-Pierre Koepp, Doyen**

## Sommaire


**1.** Communications
- *M. le Président*

**2.** 5971 - Proposition de loi portant modification de l'article 355 du Code des Assurances sociales
- *Déclaration de recevabilité: M. le Président*

**3.** Ordre du jour
- *M. le Président*

**4.** 5759 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Jos Scheuer*
- *Discussion générale: Mme Françoise Hetto-Gaasch, M. Eugène Berger (déposant une motion et un amendement), M. Ben Fayot, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*

**5.** 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental
- *Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle: M. Jos Scheuer*
- *Discussion générale: M. Gilles Roth, M. Eugène Berger, M. Claude Adam, M. Robert Mehlen, Mme Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*


Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Mady Delvaux-Stehres, MM. Mars Di Bartolomeo, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres.

***(Début de la séance publique à 15.00 heures)***

**M. le Président**.- D'Sitzung ass op.

Huet d'Regierung der Chamber iergendwellech Matdeelungen ze maachen?

***(Négation)***

### 1. Communications

Ech hunn der Chamber Folgendes matzedeelen:

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et la proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés suivants ont été déposés au Greffe:

a) **5974** - Projet de loi modifiant la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales en vue de mettre en œuvre le Règlement (CE) N°1435/2003 du Conseil du 22 juillet 2003 relatif au statut de la société coopérative européenne (SEC)

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 18.12.2008

b) **5975** - Projet de loi portant création d'une École de la 2e Chance

Dépôt: Madame Mady Delvaux-Stehres, Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, le 23.12.2008

c) **5976** - Projet de loi relative à l'introduction des normes comptables internationales pour les entreprises et portant transposition: - de la directive 2001/65/CE du Parlement européen et du Conseil du 27 septembre 2001 modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE et 86/635/CEE en ce qui concerne les règles d'évaluation applicables aux comptes annuels et aux comptes consolidés de certaines formes de sociétés ainsi qu'à ceux des banques et autres établissements financiers; - de la directive 2003/51/CE du Parlement européen et du Conseil du 18 juin 2003 modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE, 86/635/CEE et 91/674/CEE du Conseil sur les comptes annuels et les comptes consolidés de certaines catégories de sociétés, des banques et autres établissements financiers et des entreprises d'assurance; - des articles 5 et 9 du règlement (CE) N°1606/2002 du Parlement européen et du Conseil du 19 juillet 2002 sur l'application des normes comptables internationales modifiant les directives 78/660/CEE, 83/349/CEE, 86/635/CEE et 91/674/CEE du Conseil sur les comptes annuels et les comptes consolidés de certaines catégories de sociétés, des banques et autres établissements financiers et des entreprises d'assurance; - de la directive 2006/46/CE du Parlement européen et du Conseil du 14 juin 2006 modifiant les directives du Conseil 78/660/CEE concernant les comptes annuels de certaines formes de sociétés, 83/349/CEE concernant les comptes consolidés, 86/635/CEE concernant les comptes annuels et les comptes consolidés des banques et autres établissements financiers, et 91/674/CEE concernant les comptes annuels et les comptes consolidés des entreprises d'assurance

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 09.01.2009

d) **5978** - Projet de loi relative au retrait obligatoire et au rachat obligatoire portant sur les titres de sociétés anonymes admis ou ayant été admis à la négociation sur un marché réglementé

Dépôt: Monsieur Luc Frieden, Ministre de la Justice, le 09.01.2009

e) **5979** - Proposition de modification du Règlement de la Chambre des Députés relative à la coopération entre la Chambre des Députés et le Gouvernement en matière de politique européenne

Dépôt: Monsieur Ben Fayot, le 12.01.2009

f) **5980** - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg et le Gouvernement de la République de Moldavie tendant à éviter les doubles impositions et à prévenir la fraude fiscale en matière d'impôts sur le revenu et la fortune et du Protocole y relatif, signés à Chisinau, le 11 juillet 2007

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 12.01.2009

g) **5981** - Projet de loi portant approbation de la Convention sur les armes à sous-munitions, ouverte à la signature à Oslo, le 3 décembre 2008

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 12.01.2009

### 2. 5971 - Proposition de loi portant modification de l'article 355 du Code des Assurances sociales

***Déclaration de recevabilité***

An hirer Réunioun vum 15. Januar huet d'Presidentekonferenz sech fir d'Recevabilitéit vun der Proposition de loi vum honorabelen Här Wagner ausgeschwat iwwert d'Ännerung vum Artikel 355 vum Code des Assurances sociales.

Schléisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Presidentekonferenz un?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

### 3. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaangt, gëtt Folgendes vun der Presidentekonferenz proposéiert: fir d'éischt haut de Mëtteg de Projet de loi 5759 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement fondamental; duerno de Projet de loi 5760 iwwert d'Léierpersonal; muer de Moien um 9 Auer de Projet de loi 5758 iwwert d'Schoulpflicht, an duerno diskutéiere mer de Projet de loi iwwert de SCRIPT.

Muer de Mëtteg um hallwer 3 mécht den Här Ausseminister eng Deklaratioun iwwert d'Situatioun am Gaza. Duerno diskutéiert d'Chamber iwwert dës Deklaratioun. Am Uschloss dorunner hu mer nach véier Projet-de-loien: deen iwwert d'Vollbeschäftegung; dann e Projet de loi wat eng Ofännerung vum Code du Travail ubelaangt; d'Aféierung vum Congé linguistique an e Projet de loi iwwert de Statut vun de Gemengebeamten.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstanen?

***(Assentiment)***

Dann ass et esou décidéiert.

Mir kommen dann zur Diskussioun vum Projet de loi 5759 iwwert d'Organisatioun vum Enseignement fondamental. D'Riedezäit ass nom Modell 3 festgeluecht. Dat heescht, de Rapporteur an d'Regierung hu jeeweils 60 Minutten. D'Riedezäit ass dann, esou wéi eise Statut dat virgesäit, ënnert deenen eenzelne Fraktiounen opgedeelt. Et si bis elo ageschriwwen: déi honorabel Madame Hetto, den Här Berger, den Här Fayot, den Här Adam an d'Madame Gantenbein. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Jos Scheuer, Rapporteur vun dësem wichtege Gesetz.

### 4. 5759 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle***

**M. Jos Scheuer** *(LSAP), rapporteur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass net einfach, fir e mëndleche Rapport vun dësem Gesetz a vun deem ganze Pak vu Gesetzer ze maachen, déi mer haut respektiv muer stëmmen. Déi Gesetzer hunn onheemlech vill Artikelen. Dat si méi wéi Kadergesetzer. Si setzen op där enger Säit eng Rumm, an op där anerer Säit gëtt déi Rumm da gefëllt mat ganz prezisen Indikatiounen, deenen d'Schoul Rechnung droe muss. Dat heescht, mäi mëndleche Rapport wäert net esou extensiv gi wéi de schrëftlechen. Ech beschränke mech op dat Wesentlecht.

Dir Dammen an Dir Hären, d'Zäit ass do fir eng Schoulreform ze maachen a fir eng grouss Schoulreform ze maachen. Dat ass de Konsens, dee quier duerch d'politesch Parteie geet. A wann een et emol esou zesummefaasst, wéi et och dobausse gesot ginn ass, dann ass d'politesch Landschaft zu Lëtzebuerg d'accord mat der Stoussrichtung vun de Gesetzesënnerscheeder an der Interpretatioun vun deene verschiddenen Instrumenter, déi mer an déi Gesetzer agebaut hunn.

Firwat ass d'Zäit komm fir eng grouss Schoulreform ze maachen? Déi setze mer iwwregens un der Basis vun eiser Schoul un. Dat heescht, mir fänken u beim Précoce a mir fueren dann erop, bis datt déi fréier Primärschoul ofgeschloss ass, bis zum sechste Schouljoer. Mir reforméieren d'Basis. A mir wëssen awer elo schonn, datt dat ee Schrëtt ass, deem sech aner Schrëtt mussen uschléissen. Dat gëtt d'Aarbecht vun der nächster Regierung an d'Aarbecht vun der nächster Chamber. Mä déi Basisaarbecht, déi mir elo maachen, ass immens wichteg.

Firwat dee Konsens uechtert d'Lëtzebuerger Land an uechtert d'politesch Parteien? Mir hu festgestallt, datt d'Lëtzebuerger Schoul net méi den Uspréch vun der Gesellschaft entspriécht an datt d'Lëtzebuerger Schoul net méi de Besoinë vun de Kanner entspriécht.

Éischtens huet d'Demographie terribel geännert am Laf vun deene leschte Jorzéngten. Mir si wierklech zu enger multikultureller Gesellschaft ginn. Méi wéi 40% vun deene Leit, déi zu Lëtzebuerg liewen, déi mat eis liewen, sinn net méi Lëtzebuerger. An der Schoulpopulatioun bedréit de Prozentsaz vun den net lëtzebuergesche Kanner méi wéi 42%. D'Tendenz ass steigend, wann een de Précoce an de Préscolaire kuckt. Déi Tendenz geet an d'Luucht a si wäert och net ze stoppe sinn. Dat ass och net gewënscht.

Déi zweet Bemierkung; Virbemierkung. Eis Schoul entspriécht net méi de Besoinë vun der Lëtzebuerger Wirtschaft. Mir hunn all Dag 120, 130.000 Frontalieren, déi iwwert d'Grenz kommen. Déiselwecht Zuel vun Netlëtzebuerger gëtt an eiser Wirtschaft beschäftegt.

Fait ass, datt déi Ausbildung, déi d'Lëtzebuerger Kanner kréien, déi d'Lëtzebuerger Studente kréien, keen Avantage gëtt vis-à-vis vun deenen, déi aus engem frieme Schoulsystem op de Lëtzebuerger Aarbechtsmaart kommen, déi aus der Grenzregioun kommen an déi nëmmen zwou Sprooche schwätzen, während mir eise Kanner dräi Sproochen octroyéieren. Déi Dräisproochegkeet gëtt bei dësem Gesetz och bäibehalen. En Avantage vum Lëtzebuerger Schoulsystem an der Lëtzebuerger Ekonomie ass net méi festzestellen.

Déi drëtt Remarque. D'Selektivitéit vun eisem Schoulsystem ass immens. A wann ee seet Selektivitéit, dann heescht dat, et fale ganz vill Kanner duerch. 20% vun deenen, déi am 6. Schouljoer sinn, sinn duerchgefall oder si sinn an enger Klass ageschoult, déi net méi hirem Alter entspriécht. Dat geet da weider am Secondaire, wou mer da bei engem Taux d'échec vu 40% a verschiddene Systemer ukommen.

Ofgesi vun de psychologeschen Affekter op d'Kanner, bréngt och dat Duerchfale keen Avantage fir d'Ekonomie, bréngt keen Avantage fir eis Kulturlandschaft a bréngt keen Avantage fir d'sozial Strukture vu Lëtzebuerg.

Dat sinn déi grouss Ursaachen, déi derzou féieren, datt nach e regelrechte Besoin zu Lëtzebuerg opkomm ass fir d'Schoul am Fong ze reforméieren a fir net nees Ajouten un d'Gesetz vun 1912 ze maachen.

Dir Dammen an Dir Hären, ëmmer wann eng grouss Schoulreform an der Vergaangenheet gemaach ginn ass, dann ass se no engem politesche Revirement oder uschléissend un e wirtschaftleche Changement komm. Dat war esou 1828, wéi d'Gemengen d'Obligatioun krute fir d'Primärschoul ze organiséieren. Dat war uschléissend un 1815, wéi sech jo wierklech fir Lëtzebuerg vill geännert huet. Uschléissend och dorun, datt aus Holland Impulser op Lëtzebuerg komm sinn. Et war esou 1839, wéi den hollännesche Kinnek Souverain ginn ass vu Lëtzebuerg an och nei Impulser erabruecht huet. 1843, also duerno eréischt, ass eng grouss Schoulreform komm.

1912 ass dat grousst Schoulgesetz komm, wat mer an dësem Moment ofschafen an ersetzen. D'Gesetz vun 1912 war och eng spéit Reaktioun op d'Changementer an der Gesellschaft.

Wann Der den Tableau kuckt, deen am Rapport ass, gesitt Der, datt ëm déi Zäit schonn d'Groussindustrie gebuermt huet, datt an där Zäit de Secteur vun der Industrie amgaang war an d'Luucht ze goen, datt de Secteur vun der Landwirtschaft schonn erofgaangen ass an nëmme 40% vun de Leit an der Landwirtschaft geschafft hunn.

Mir waren ënner Drock fir kënnen där Industrie capabel Leit un d'Sâit ze setzen oder zur Verfügung ze stellen. Dat ass deemools duergaange mat enger gudder Schoulausbildung, mat enger gudder postprimärer Ausbildung och, déi awer bäi Wäitem net déi Objektiver hat, déi haut déi postprimär Ausbildung huet.

1912 war e grousst Gesetz, war e wichtegt Gesetz. Dëst Gesetz huet och nach vill Bestand an deem neie Gesetz, wat mer elo stëmmen.

Wéi gesäit d'Schoulreform aus, vun där mer elo den Text virun eis leien hunn? Ech faassen lech déi puer wichteg Saachen zesummen. Déi puer Adagen, déi ech am schrëftleche Rapport opgezeelt hunn, sinn déi Leitsätz, déi ee muss berücksichtegen, wann een eng Schoulreform wëllt maachen.

Éischten Adage, éischt Maxime: An der Schoul muss dat geléiert ginn, wat vun der

Gesellschaft gebraucht gëtt. D'Schoulwëssen däerf keen „l'art pour l'art" sinn. Dat, wat do geléiert gëtt, muss een uwende kënnen. Iwwert dës Schoulreform soll festgehale ginn, datt d'Schoul net nëmme Wësse vermëttelt, mä och Kompetenzen. An eng Kompetenz heescht: Dat Wëssen, dat ee kritt, uwenden; mat deem Wëssen eppes ufänken, fir sech sozial anzegliddneren, fir sech kulturell ze betätegen, fir sech an der Ekonomie op enger Aarbechtsplaz zréckzefannen.

Den zweeten Adage: Eis Schoul, eis öffentlech Schoul virun allem, ass déi Plaz, wou d'Sozialintegratioun an eis international a multikulturell Gesellschaft an der Kannerzäit scho geübt soll ginn, wou se och praktizéiert gëtt. D'Schoul ass déi Institutioun, wou d'Kanner erzu ginn, wou se kulturell Perspektive gewise kréien a wou se Participatioun um Liewe léiere sollen. Et ass eng École d'inclusion; et ass eng Integratiounsschoul.

Drëttens, um Enn vun där Schoulzäit muss dann all Kand de Maximum vun deem Wëssen hunn an de Maximum vun deem kënnen hunn, wat et brauch, fir an der Gesellschaft ze existéieren, an e Maximum vun deem Wëssen, wat et léiere kann. Dat nennt ee Chancëgerechtegkeet; net onbedéngt Chancëgläichheet, mä awer Chancëgerechtegkeet. Jiddweree muss e Maximum u sech selwer realiséiere kënnen. Dat ergëtt dann eng École de la réussite.

Véiertens, fir Chancëgerechtegkeet hierzestellen, muss d'Schoul esou organiséiert sinn, datt se sozial Defiziter opfänkt. Dat féiert mech zu deene berühmte PISA-Etüden, déi Lëtzebuerg richteg duerchgerëselt hunn.

Mir hunn an de PISA-Etüde gewise kritt, datt mer am Ranking vu ville State ganz schlecht ofschneiden. Dat huet geheescht, datt eise Schoulsystem am Verglach mat anere Schoulsystemer net esou performant ass wéi mer eis dat geduecht hunn. Ech woen ze behaapten, datt et opgrond vun deenen internationale Vergläicher hei zu Lëtzebuerg méiglech ginn ass fir un dës fundamental Reform eruzegoen, déi mer haut virun eis leien hunn.

Dann de fënneften Adage: De Schoulsystem muss mat deene Methoden a mat deene modernen Équipementer operéieren, déi der Zäit an de Besoinë vun de Kanner entspriechen. Och dat ass op ville Plazen am Gesetz verankert, datt Methoden och modern Methode vum Enseignement solle sinn.

Sechstens, den Encadrement vum ganze Schoulsystem an d'Responsabilitéit vum ganze Schoulsystem läit op de Schëllere vum Stat an op de Schëllere vun de Gemengen a Gemengepäpp. Si mussen all Mëttel zur Verfügung stellen, fir datt d'Schoul gutt fonctionnéiert. Dat geet u bei den Infrastrukture bis zur Schoulorganisatioun, déi de Besoinen entsprieche soll. Stat a Gemenge sinn d'Garante vun engem gudde Schoulsystem.

Siwentens, zu de Missioune vun de politeschen Autoritéite gehéiert dann och, fir eng optimal Ausbildung a fir eng optimal Fortbildung vum Schoulpersonal ze suergen. A Schoulpersonal heescht an dësem Fall net nëmme méi Personnel enseignant, heescht net nëmme méi Schoulmeeschteren a Léierinnen, mä heescht a begräift déi ganz Équipen, déi op d'Bee gestallt ginn, fir dem Schoulpersonal, de Schoulmeeschteren an de Léierinnen ze hëllefen, fir all Kand optimal ze betreien.

Den aachte Punkt; e grousse Punkt vun dësem Gesetz: E Schoulsystem ass net rigide an e Schoulsystem muss sech vu bannen a Fro stellen, a muss sech vu baussen och evaluéieren an hannerfroe loossen. Dofir schafe mer net mat dësem Gesetz, mä mat engem anere Gesetz eng Struktur, déi dann derfir ze suergen huet, datt eng extern Evaluatioun vun eisem Schoulsystem stattfënnt, fir datt et sech regelméisseg upasse kann, wann e Besoin ass.

D'Schoul ass net fixe, d'Schoul ass och net onbedéngt e Laboratoire, an deem een experimentéiert, esou wéi een et gutt fënnt, mä d'Schoul huet e flexibelen Opbau. Si muss sech, souwuel wat d'Methoden ugeet wéi och wat d'Inhalter ugeet, ëmmer a Fro stellen an ëmmer versiche fir sech ze verbesseren.

Dat ass d'Essenz vun dësem Gesetz. Dat ass d'Essenz vum Enseignement fondamental. Den Detail ass ganz komplizéiert. En ass ganz komplex.

Ech huelen elo déi verschidde Sektiounen aus dem Gesetz eraus a kommentéiere se ganz kuerz.

D'Antécédentë vum Gesetz si bekannt. Et ass am August 2007 deponéiert ginn. Mir kënnen et am Januar 2009 ofschléissen. Virun där Period vun 2007 läit eng onheemlech Viraarbecht, déi geleescht ginn ass vun der Ministesch mat alle Syndikater zesummen, mat all deene Forces vives, déi um Schoulsystem interesséiert sinn. D'Resultat, wat mer virleien haten, war e Resultat, wat haart ausgehandelt ginn ass, mä e Resultat, wat zum Schluss awer elo net méi contestéiert ginn ass.

Wéi mir et an der Chamber haten, hu mer eis mat den Avisë vum Statsrot auserneegesat. Mir hunn am ganzen 53 Amendementer nees fir d'zweet an de Statsrot agereecht. Mir hu se erëmkritt a se de 14. Januar am Rapport an engem Texte coordonné dann ofgeseent.

Mir haten och an der Kommissioun - ech soen dat elo zu dësem Zäitpunkt - Amendementer vun der demokratescher Fraktioun virleien. Déi Amendementer hu sech alleguerten op Artikelen an op Alineae bezunn, an deene Rieds geet vum Reliounsunterrecht am Enseignement fondamental. D'Demokratesch Partei huet ëmmer virgeschloen, fir de Reliounsunterrecht erauszesträichen aus dësem Gesetz an ze ersetzen duerch den Unterrecht aux valeurs, de Wäerteunterrecht, d'Éducation aux valeurs. Déi Amendementer si mat de Stëmme vun der Majoritéit ofgelehnt ginn. D'ADR war dergéint, datt déi Amendementer géifen den Text esou änneren.

Dann zum Text; den Texte coordonné. Dat éischt Kapitel befaasst sech mat de Strukturen a mat den Definitiounen. Den Enseignement fondamental begräift elo néng Joer. E geet vum Précoce - ee Joer Précoce - iwwer zwee Joer Préscolaire, an da sechs Joer déi fréier Primärschoul. Den Enseignement fondamental ass opgedeelt a véier Cyclen.

Am Artikel 2 fannt Der dann Definitioune vun allen techneschen Termen a vun allen Intervenanten vun alle Beruffer, déi an der Schoul intervenéieren.

Déi zweet Sektioun befaasst sech mam Recht dat all Kand an all Bierger huet op eng elementar Ausbildung. All Kand huet e Recht op den Enseignement fondamental. Dat heescht am Kloertext, datt all Kand och e Recht huet op d'Éducation précoce. Do hu mer eis an der Kommissioun Gedanke gemaach iwwer zwee Faiten.

Éischtens, d'Schwieregkeet, déi fir d'Gemenge kann entstoen, wann all Leit elo hiert Kand am Précoce umellen. Dann heescht dat, datt d'Gemenge gefuerdert si fir ze bauen, fir déi Lokaler zur Verfügung ze stellen. Mir hunn an der Kommissioun awer och gesot, datt, fir datt den Enseignement précoce e Sënn behält, eng bestëmmt minimal Plaz fir all Kand muss garantéiert ginn. Soss erfëllt d'Éducation précoce hiren Zweck net. An den Objektiv ass jo fir ze sozialiséieren a gläichzäiteg och d'Sprooch ze léieren, esou datt ënner normale Konditiounen dann d'Alphabetiséierung no dräi Joer stattfanne kann.

Den Enseignement ass natierlech op fir Jongen a Meedercher. Et ass e bësse befriemend, datt dat och nach am Gesetz steet.

Da steet am Artikel 5 geschriwwen, datt all Kand, dat zu Lëtzebuerg wunnt, d'Recht huet op e Gratisunterrecht an op gratis Schoulbicher. Déi gratis Schoulbicher, déi vun de Gemengen zur Verfügung gestallt ginn, dat ass net esou evident. Ech weess net, ob all Gemeng zu Lëtzebuerg dat scho mécht. Op jidde Fall hunn d'Gemengeréit dat bis elo missen oder kënnen décidéieren. Dat ass elo heira verankert. Wuelverstan ass geziilt gesot ginn, datt Résidanten zu Lëtzebuerg d'Recht hunn. Et bezitt sech net op déi, déi an der Grenzregioun wunnen an déi d'Lëtzebuerger Nationalitéit hunn.

Déi drëtt Sektioun: d'Objektiver vum Enseignement fondamental. Déi Objektiver ginn opgezielt. Dat ass gutt esou. Éischtens soll et ausbilden. Déi Ausbildung begräift eng Ausbildung a Wëssen an a Kompetenzen; wat ech definéiert hunn. D'Kanner solle léieren hir Ëmwelt verstoen. D'Kanner solle sech an de Sport initiéieren, sech mat hire physesche Méiglechkeete vertraut maachen, a se sollen och Moral an Anstand léieren, fir spéider da kënne weiderzegoen an de Postfondamental.

Den Artikel 7 zielt all déi Domäner op, déi sollen am Enseignement fondamental entwéckelt ginn. Do taucht dann och fir d'éischt den Abschnitt op, datt Reliounsunterrecht oder Moral zum Choix stinn an der Primärschoul. Et ass also net esou, datt d'Elteren hir Kanner mussen an de Reliounsunterrecht schécken - esou gëtt dat ganz oft duergestallt -, mä et ass ganz kloer e Choix, deen d'Elteren treffe kënnen tëschent enger laizistescher Moralerzéiung an enger Doctrine chrétienne; an dësem Fall eng Doctrine religieuse.

Wichteg ass och dee Saz - ech liesen e vir: «L'éducation aux médias est intégrée dans les différents domaines.» Ech hat am Ufank vu moderne Methoden an och vu modernen Inhalter geschwat. Hei ass eppes ganz Wichteges, datt d'Kanner léiere mat där Flut vun Informatiounen a mat där Flut vun Informatiounsmëttelen, déi se hunn, ëmzegoen, an dat vu Klengem un.

D'Gesondheet gëtt natierlech gefördert.

Et steet och an dësem Abschnitt - an dat ass och ganz wichteg -, datt d'Kanner e Recht hunn op Appui an Hausaufgabenhëllef, an datt déi - ech liesen et esou - obligatoresch ugebuede gi muss. Esou steet dran: „soutiennent les apprentissages". Deen Indicatif présent ass fir mech eng Obligatioun. Och hei hänkt sech e Règlement grand-ducal u wéi un déi meescht Passagen, un déi meescht Sektiounen an dësem Gesetz.

Déi nächst Sektioun befaasst sech mat der pedagogescher Organisatioun. All Klass gëtt vun engem Schoulmeeschter geleet. Och dat war net esou evident. D'Missioun vum Schoulmeeschter gëtt an néng grouss Punkten ënnerdeelt. Ënner anerem steet dran, datt hie mat den Eltere kommunizéiere muss. Et steet och dran, datt et zu senger Charge gehéiert, sech un der Équipenaarbecht ze bedeelegen. An Équipenaarbecht heescht, deelhuelen u pedagogeschen Équipen - dat sinn déi, déi fir d'Cyclen zoustänneg sinn -, et heescht awer och deelhuelen un den Aarbechte vun deene multiprofessionellen Équipen, déi sech mat Kanner befaassen, déi a Schwieregkeete sinn. Dat, wat fir den Titulaire Schoulmeeschter gëllt, gëllt och fir den Titulaire Chargé, well d'Chargé-de-coursen, déi kënne jo och Klassen iwwerhuelen a musse se iwwerhuelen, wa keng aner zur Verfügung stinn.

Am Artikel 10 gëtt gesot, datt et niewent dem Léierpersonal och Personnel éducatif gëtt. Dat heescht, hei ginn d'Éducateuren an e Gesetz ageschriwwen. D'Léierpersonal an d'Éducateure bilden an engem Zyklus eng Équipe, déi ebe kollaboréiert mat all deenen aneren Instanzen, déi en charge si vun de Kanner. All Équipe huet e Coordinateur, esou datt kee Chaos entsteet.

Am Artikel 11 ginn d'pedagogesch Équipen als déi bezeechent, déi Material benotzen, Material zur Verfügung stellen. Et geet Rieds vun de Bicher, déi am Reliounsunterrecht benotzt ginn. Déi ginn elo vum Minister arrêtéiert. De Chef du culte proposéiert an de Minister seet, ob hien dermat d'accord ass oder net.

Den Artikel 12 da befaasst sech nees mam Reliounscours a mam Moralcours. Et soll ee ganz einfach soen, datt do par rapport zum ale Gesetz kaum Ännerunge virgesi sinn, well dat fonctionnéiert jo op der Basis vun enger Konventioun. An déi Konventioun fanne mer och an dësem Text zréck.

D'Sektioun 5 ass fir mech eng vun deenen allerwichtegste Sektiounen. Do geet vum Plan de réussite scolaire Rieds. Et ass kloer: Mir hu gesot, et gëtt eng École de réussite. An eng École de réussite heescht, all Kand en Erfollegserliefnis ginn; all Kand esou wäit ausbilden, datt et net duerchfält, datt et bis un d'Enn vu senge Capacitéite kann an der Schoul bleiwen. Do ginn dann d'Objektiver an d'Mëttelen definéiert, déi solle bereetgestallt sinn, fir datt d'Kanner duerchkommen an dësem Fall. Déi Entscheedung fält net méi vu Joer zu Joer, mä déi fält nom Ofschloss vun engem Zyklus. Se definéiert alles, wat muss an dëse Plang afléissen.

Dee Plan de réussite ass op véier Joer ausgeluecht an e gëtt all Joer aktualiséiert. Dat heescht, d'Schoule musse sech elo e Plang ginn no deem Schoul gehale gëtt. Si musse sech Objektiver ginn. An déi Objektiver, déi gi jo och der Gemeng ënnerbreet, déi domadder muss d'accord sinn. Si ginn och der Agence de qualité ënnerbreet, déi am Kader vum SCRIPT operéiert, déi hëlleft beim Ëmsetzen an déi och hëlleft bei der Evaluatioun vun deem, wat festgehale ginn ass.

Artikel 14, d'Stonnepläng kënnen deem Plang ugepasst ginn, an d'Schoul gëtt evaluéiert vum SCRIPT am Artikel 15.

Den Artikel 16 schwätzt vum Encadrement périscolaire, enger grousser Neierung an dësem Schoulgesetz. Et gëtt gesot, datt d'Gemenge mussen niewent der Schoul an no der Schoul och nach d'Kanner encadréieren. Encadréieren heescht, déi Kanner net eleng loossen. An ech kommen do nach eng Kéier zréck op d'PISA-Etüd, an där jo an der Evaluatioun ganz kloer gesot ginn ass, datt et zu Lëtzebuerg e ganz grousst Sozialgefäll gëtt.

Mir haten d'Illusioun wéi wa mer alles opgeschafft hätten, wat vun de 50[er] Joren an Raum geschwieft huet, datt d'Kanner aus manner bemëttelte Familljen an intellektuell manner héichgestallte Familljen awer déiselwecht Chancen hätte wéi hir aner Kolleegen. Dat stëmmt net!

D'Etüd PISA huet ganz kloer demonstréiert, et gëtt e Sozialgefäll zu Lëtzebuerg, an dat Sozialgefäll wierkt sech negativ aus op d'Leeschtunge vun de Kanner an der Schoul a virun allem och op d'Leeschtunge vun de Kanner am Enseignement fondamental. Dowéinst ass et esou wichteg, datt deen Encadrement périscolaire hei verankert huet misse ginn.

D'Gemeng kann deen Encadrement selwer iwwerhuelen, oder awer se iwwergëtt en un eng Organisatioun am socio-éducative Beräich, déi dann déi Charge iwwerhëlt. Mir wëssen, wat do drun hänkt: d'Maisons relais mat der ganzer Problematik.

Den Artikel 17 erlaabt et de Gemengen dann, fir d'Journée continue op d'mannst virzebereeden. Mir sinn nach net esou wäit, datt een dat generaliséiere kann. Fir eng Ganzdagsschoul also ze organiséieren, dat ass awer méiglech.

An hei ass fir mech déi ganz grouss Neierung am Gesetz, datt de Secteur public, datt d'Schoul elei mat abezu gëtt an den Encadrement vun de Kanner no der Schoul. Hei gëtt der Gesellschaftsentwécklung wierklech Rechnung gedroen.

Dir kennt all d'Chifferen iwwert d'Scheedungen an iwwer Kanner, déi sech eleng iwwerlooss sinn, Schlësselkanner, etc. Hei soll deem entgéintgewierkt ginn.

Véiert Kapitel; do geet et ëm d'Schüler selwer an d'Admissioun an d'Schoul. Dat huet an der Kommissioun zu Diskussioune gefouert. De Prinzip ass deen heiten: All Kand, wat virum 1. September dräi Joer huet, huet e Recht op den Enseignement fondamental. Dat heescht also, de Précoce kann ageklot ginn.

All Kand muss dann do an d'Schoul goen, wou et wunnt, dat heescht an d'Gemengeschoul respektiv an déi Schoulen, déi vun der Gemeng virgesi sinn. D'Eltere kënnen dann awer eng Demande maache fir hiert Kand an enger anerer Schoul oder an enger anerer Gemeng anzeschoulen. Si mussen eng schrëftlech Demande maachen un de Schäfferot vun der Gemeng, déi d'Kand soll ophuelen.

De Schäfferot préift d'Motiver an hëlt d'Kand un, wann d'Schoulorganisatioun et erlaabt. Am Gesetz stinn och véier Motiver, déi valabel si fir d'Demande ze maachen, fir net an der Residenzschoul - soe mer emol esou - ageschoult ze ginn. Véier Motiver, déi een opziele kann, well d'Gemengen ëmmer befaasst si mat esou Demanden:

1) Wann d'Kand versuergt ka gi vun engem Familljemember y compris de troisième degré;

2) wann eng drëtt Persoun d'Kand à charge huet;

3) wann en Organismus aus dem socio-éducative Beräich d'Kand à charge huet;

4) oder awer, an dat ass eng Ouverture, déi wahrscheinlech diskutéiert gëtt, wéint - ech soen et op Franséisch - la situation du lieu de travail d'un des parents. Wann also d'Kand net ka versuergt ginn, well ee vun den Elterendeeler op enger anerer Plaz schafft an deen aneren Deel natierlech och net zur Verfügung steet, da kann d'Schoul gewiesselt ginn.

Selbstverständlech kann och Unterrecht doheem erdeelt ginn ënnert der Kontroll.

An da wichteg, d'Sektioun 2: de Parcours scolaire. Normal ass, datt een déi Cyclen an zwee Joer duerchleeft. Et kann een et och an dräi Joer maachen. E Kand kann et awer och an engem Joer maachen.

Dat bedéngt eng grouss Flexibilitéit, bedéngt vill Souplesse an der Organisatioun. D'Cyclë kënnen nëmme fonctionnéieren, wann d'Équipë fonctionnéieren. Wann d'Promotioun refuséiert gëtt vun engem Cycle an deen aneren, ka Recours ageluecht ginn.

D'Dauer vun de Studien am Enseignement fondamental, an zwar vum 1. bis an d'6. Schouljoer, ass op e Maximum vun aacht Joer festgeluecht ginn.

E Wuert zur Evaluatioun dann. D'Bewäertung vun der Leeschtung ass vun elo un eng positiv. Et kann ee se vläicht esou ze-

summefaassen: Dem Schüler säi Schaffe gëtt gekuckt an da gëtt ugepasst, e gëtt informéiert mat den Elteren, an da fält zum Schluss vum Zyklus d'Entscheedung. Ugepasst ginn d'Mesuren, déi dat Kand soll kréien, fir datt seng Leeschtung gesteigert ka ginn.

All Kand kritt dann e Bewäertungsdossier iwwert d'Fortschrëtter, déi et gemaach huet. An deen Dossier geet mat bis an d'6. Schouljoer an deen Dossier geet weider mat bis an de Secondaire.

D'Mesure-d'aiden, d'Hëllefsstrukture ginn an der Sektioun 4 duergeluecht; Hëllefsstrukturen a Moossnamen, wa Léierschwierегkeeten optauchen.

An den Artikele 27 bis 34 ginn immens vill Detailregelungen opgefouert. D'Schafe vun Équipes multiculturelles, déi um Niveau vun de Regiounen operéiere kënnen, um Niveau vun den Arrondissementer, déi ënnert der Responsabilitéit dann och vun engem Inspekter schaffen a praktesch Pompjee spillen, wann Appel u si gemaach gëtt vun eenzelne Schoulen.

An allen Arrondissementer gëtt eng Kommissioun geschaaft, déi den Numm huet „Commission d'inclusion scolaire" - CIS genannt -, wou en Dossier opgestallt gëtt, wou e Plang opgestallt gëtt fir engem Kand ze hëllefen a fir et richteg ze orientéieren. Déi Artikelen, déi sech mam CIS beschäftegen, sinn immens detailléiert. D'Interventiounsméiglechkeete vun där Kommissioun sinn domadder reglementéiert an all Enseignant ka sech dann u si wennen.

Am Kapitel 3 ginn dann d'Verwaltungsstrukturen erwähnt. D'Artikele 35 bis 37 befaasse sech mat den Obligatioune fir d'Gemenge beim Schafe vu Schoulen op hirem Territoire. Esou kritt elo all Schoul zum Beispill en Numm. All Schoul kritt eng Adress an all Schoul soll Accès un déi nei Technologië garantéieren.

Eng Gemeng kann och mat anere Gemengen zesumme Klassen organiséieren. An de Stat selwer kann natierlech Schoule schafen a muss Schoule schafen, an deene Secteurë wou d'Gemenge selwer net eens ginn. Dat ass zum Beispill, wa Kanner am Spidol solle scolariséiert ginn, oder wa Kanner, déi frësch an d'Land erakommen a primo-arrivant sinn, musse scolariséiert ginn.

D'Organisation scolaire an der Sektioun 2 vun dësem Kapitel ass äusserst interessant. D'Artikelen 38 an 39: De Gemengerot stëmmt d'Schoulorganisatioun, déi virgeluecht gëtt vun der Schoulkommissioun.

Mir sollen net vergiessen, datt déi politesch Autoritéit vum Stat a vun de Gemengen nach ëmmer assuréiert gëtt. D'Gemenge sinn net eraus aus dem Schoulgeschäft, esou wéi dat gefaart ginn ass. An zwar organiséieren d'Gemengeréit op der Basis vun der Schoulorganisatioun d'Schoul no engem Kontingent, deen der Gemeng zur Verfügung gestallt gëtt vum Ministère.

Dat kléngt bombastesch, ass awer ganz einfach. E Kontingent si Schoulstonnen, déi eng Gemeng zur Verfügung kritt fir hir Missioun ze erfëllen. Wann d'Population scolaire schwiereg ass, da muss d'Gemeng méi investéieren an d'Scolariséierung vun hire Kanner, an Hëllefsstrukturen a Moossnamen, an dat gëtt vum Stat honoréiert. Da kann d'Gemeng also méi froe wéi aner Gemengen, déi méi eng einfach Schoulpopulatioun hunn.

De Gemengerot délibéréiert och iwwert de Plan de réussite scolaire, ass also impliзéiert an dat ganzt schoulescht Liewen, ass net erausgezunn, an domat ass en och net aus der Verantwortung, wann an der Schoul et net esou leeft wéi d'Gemeng sech dat virstellt a wéi d'Eltere sech dat virstellen. E befënnt iwwer vakant Posten an e befënnt iwwert de Budget an och iwwert d'Besetzung vun de Klassen an den eenzelne Cyclen.

D'Gemeng ass Partie intégrante vun dësem Gesetz. Geännert huet sech just a puncto Nominatioun eppes. Dat kréie mer och nach ze diskutéieren.

D'Gestioun vun de Schoulen. Hei gëtt de Comité d'école geschaaft, deen existéiert och.

Ech wëll onbedéngt bemierken, datt dat Gesetz hei net op enger theoretescher Basis berout, mä hei fléisse ganz vill Experienzen, ganz vill Projet-piloten, ganz vill Initiativen an, déi iwwer Joren a ville Schoulen zu Lëtzebuerg scho gelaf sinn. Hei gi se endlech eng Kéier formaliséiert an et gëtt dat generaliséiert, wat sech generaliséiere léisst. An dat, wat nach um Niveau vum Experiment ass, dat bleift eraus. Dozou gehéiert zum Beispill och villes, wat an där neier Primärschoul „Eis Schoul" fir de Moment leeft.

Dee Comité d'école, dat ass also e Schoulcomité, deen d'Schoulorganisatioun preparéiert, de Budget an d'Formation continue vum Léierpersonal, déi obligatoresch gëtt fir d'Léierpersonal. Dee Schoulcomité ass fir mech d'Séil vun der Schoul. Hei gëtt den Équipegeescht gefördert. Hei muss geschafft ginn, fir datt d'Schoul gutt fonctionnéiere kann. Si gi gewielt. Et sinn dräi bis néng Memberen, zwee Drëttel vun hinne sinn Enseignanten an dee Comité ass en place während fënnef Joer.

De President gëtt vum Minister genannt. An da gëtt am Artikel 42 hei d'Missioun an d'Attributioune vun deem Président du comité d'école och definéiert. En huet am ganzen eelef Attributiounen; ech zitéieren der nëmmen zwou.

En ass Bindeglied tëschent der Gemeng, den Elteren an der Agence, déi evaluéiere soll. E muss mam Inspekter zesummen - dat ass déi zweet Missioun - derfir suergen, datt déi Schoul gutt fonctionnéiert. Dat heescht, en huet en Inspekter op senger Säit, en huet eng Gemeng op senger Säit fir derfir ze suergen, datt alles an der Schoul klappt.

En huet kee Pouvoir disciplinaire. Dee Pouvoir disciplinaire, deen ass verlagert um Niveau vum Inspekter op den Niveau vum Stat. Dat hei ass e Gesetz wat op den Équipegeescht an op de Wäert vun der Zesummenaarbecht setzt vun all deenen, déi an der Schoul eben intervenéiere mussen.

Wa kee Kandidat do ass fir de Comité oder fir de President, da gëtt dee vum Gemengerot genannt. Menger Meenung no fënnt dat eng Kéier statt an duerno wäerte sech dann awer Kandidate fannen.

E grousse Gemengerot, dee fënnef Schoulen huet, koordinéiert dee Comité d'école iwwer e Comité de gestion. An da gëtt et natierlech Déchargë fir déi Leit, déi Missiounen iwwerhuelen.

D'Sektioun 4 schwätzt vum Partenariat - och en Accent an dësem Gesetz, dee ganz oft ënnerbewäert gëtt.

Et si ganz laang Texter och an dësen eenzelnen Artikelen, déi awer de Schlëssel zum Geescht vum Gesetz duerstellen. Den Term „Équipe" taucht och ëmmer an dësen Artikelen op.

D'Eltere sollen agebonne ginn a ginn agebonnen an den Oflaf vum Schouljoer. Si ginn agebonnen an d'Schoulaktivitéit vun hire Kanner. Si gi gehalen ze kommen an d'Schoul, wa se geruff sinn, wa se invitéiert ginn. An den Titulaire gëtt gehale fir den Elteren zur Verfügung ze stoen. Si ginn zesummegeruff all zwee Joer, fir zwee Vertrieder ze wielen, a se kënnen an d'Schoulkommissioun invitéiert ginn.

An der Kommissioun ass och heiriwwer diskutéiert ginn an et ass gesot ginn - och scho wéi mer iwwer PISA geschwat hunn -, datt et ee vun de groussen Défie vun dësem Gesetz ass, e Partenariat ze schafen tëschent den Elteren an der Schoul.

D'Schoulkommissioun gëtt och an dësem Gesetz hei definéiert. D'Schoulkommissioun ass d'Bindeglied zur Gemeng. Se befaasst sech och mat dem Périscolaire. Dat ass ganz wichteg, datt och d'Schoulkommissioun déi Leit rifft, déi d'Kanner no der Schoul betreien. Et steet am Gesetz, datt och déi Leit sollen an d'Schoulkommissioun kommen. D'Verbindung mat der Agence de qualité ass och virginn, dat heescht déi Schoulkommissioun schwätzt sech och aus iwwert de Wäert vun deem, wat gemaach gëtt, respektiv vun deem, wat nach ze maachen ass. D'Zesummesetzung vun der Schoulkommissioun ass ganz kloer definéiert am Artikel 51.

Da komme mer beim Artikel 52 un, wou d'Roll vum Inspekter ëmmer méi Wichtegkeet kritt. Den Inspekter gëtt ëmmer an d'Schoulkommissioun geruff, wann et ëm d'Organisatioun geet. Hie kann ëmmer kommen, wann e wëllt.

D'Schoulkommissioun invitéiert och d'Équipe multiprofessionnelle an och e Représentant vum Culte a regelméissegen Ofstänn.

Dann eng aner Kommissioun, déi gebilt gëtt um nationalen Niveau: d'Commission scolaire nationale. Ech wëll net dorop agoen, mä déi Commission nationale chaperonnéiert am Fong de ganzen Enseignement fondamental. All d'Schoulpartner an de Stat sinn an där Commission scolaire nationale vertrueden.

D'Surveillance vun de Schoulen, d'Responsabilitéiten ginn an den Artikele 57 bis 62 definéiert an doriwwer eraus nach.

Déi Hierarchiséierung vun der Iwwerwaachung vun de Schoulen ass ganz kloer. Un der Spëtzt steet de Stat mam Minister. Da kommen duerno d'Gemengen, déi de Plan de réussite opstellen, déi d'Schoulorganisatioun opstellen, doduerch datt se se stëmmen, déi den Encadrement périscolaire iwwerwaachen, an d'Gemenge virun allem och, déi d'Infrastrukturen zur Verfügung stellen.

An eent ass och sécher - dat hu mer och an der Kommissioun gesot -: Wann dat Gesetz hei ëmgesat gëtt, da muss och iwwert d'schoulesch Infrastrukturen nogeduecht ginn. Et kann een dann net méi, oder schwéier, an deene selwechte Gebaier ënnert deene selwechte Konditiounen an deene selwechte Schoulsäll Schoul halen, wéi dat bis elo de Fall war.

Zur Roll vum Inspekter. Vum Artikel 60 u geet Rieds vum Inspekter. Hien ass de Chef. Hien ass de Chef vun all eenzel Schoul an hien ass de Chef vun de Schoulen an engem Arrondissement. A keen heibanne wäert un d'Roll vum Inspekter rësele goen.

Hie steet iwwert dem President vum Schülercomité. Hien huet eng pedagogesch Missioun, hien huet eng administrativ Missioun a seng administrativ Roll gëtt méi grouss. E gëtt awer gestäerkt doduerch, datt d'regional Büroen elo méi Beamte kréien. Dat well se méi Aarbecht kréien, well och méi Schüler an de Fondamental kommen. Hir zousätzlech Aarbecht besteet doranner, datt se d'Réserve des suppléants géréiere mussen an d'Remplacementer assuréieren, wann d'Gemengen dat net méi kënne maachen an net méi wëlle maachen a wa se virun allem kee Service scolaire hunn.

De Collège des inspecteurs ass dann d'Versammlung vun deene wichtegen Inspekteren, déi d'Disziplinargewalt dann och hunn. Seng Missioun gëtt definéiert am Artikel 62. De Collège des inspecteurs koordinéiert dann och d'Aarbecht an den Arrondissementer, fir datt déi pedagogesch Aarbecht do net auserneeleeft, mä datt se gruppéiert an ëmmer vergläichbar bleift. An dee Collège des inspecteurs steet esou no beim Minister wéi keng aner Instanz. En informéiert, e beréit an e proposéiert.

Nach just eppes. Am Artikel 64 geet Rieds vun enger Kategorie vu Personal, Schoulmeeschter a Léierinnen, déi et nach net ginn ass. Se hunn elo e schéinen Numm, nämlech „Instituteur ressource". Dat sinn déi, déi den Inspekteren hëllefe fir Dépannagen ze maachen an de verschiddene Schoulen. Si dépannéieren d'Équipes pédagogiques a sinn de verlängerten Aarm da vun deem Arrondissementsinspekter.

Dann ass e Kapitel bäikomm, wat net esou geduecht war, an zwar op Wonsch vum Statsrot. Am Artikel 68 a folgend ginn d'Équipen opgezeechent, ginn d'Membere vun den Équipen opgezielt, dat heescht dat ganzt Personal, wat an deene Schoulen intervenéiere kann. Am Ganze gëtt et 18 Kategorië vu Beruffer, déi zu Rot gezunn an an déi Schoulen integréiert kënne ginn.

Dann ass dat Lescht hei nach d'Formation continue. An der Sektion 2 vun deem Kapitel ass „Formation continue" heescht et, datt dat ganzt Schoulpersonal e Recht drop huet an d'Pflicht huet fir sech weiderzebilden. Dat ass en individuellt Recht an dat ass awer och e kollektiivt Recht. De Minister, mam SCRIPT zesummen, ass gebieden, déi Formation continue ze organiséieren, déi kontabiliséiert ka ginn. Kontabiliséiert heescht, datt se mat a Betruecht gezu gëtt, wann et ëm d'Carrière vum Léierpersonal geet, wa se kann an Diplomer an a Certificaten zertifiéiert ginn.

Hei an dësem Kontext wär och nach eppes iwwert d'Roll vun der Uni Lëtzebuerg ze soen, déi awer weider net méi no bezeechent gëtt.

Am Kapitel 6 komme mer dann zu den Dispositions transitoires, modificatives, abrogatoires et finales. Dat sinn Dispositiounen, déi verschidde Spezialiste virbehale sinn an op déi ech net weider agoe kann an och net weider agoe wëll.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war e Rapport mat deene wichtegsten Elementer. Dat war nëmmen dat Wichtegst.

Ech ginn elo e puer Mercië lass. Fir d'éischt onbedingt Mercien un d'Madame Minister fir hir Gedold a munchmol hir Ongedold, déi awer och wichteg war...

***(Hilarité)***

...an där Kommissioun, fir virunzekommen. Si huet mir dat dann ëmmer an d'Ouer gesot, wa se ongedëlleg war. Ech hunn och aner Reaktioune gemierkt.

Merci un d'Kommissiounsmemberen, déi beim Opbau vun dësem Gesetz allegueрte gehollef hunn. Dat war keng onangenehm Atmosphär bei dësem Gesetz. Jiddereen huet probéiert ze hëllefen. Merci och menge Kolleegen aus der Fraktioun, an dësem Kontext besonnesch.

An dann e Merci der Sekretärin, der Madame Cocard, déi eng Heedenaarbecht gemaach huet. Wann Dir lech elo den Texte coordonné ukuckt, wat jo d'Resultat ass och vun der Zesummenaarbecht mat der Regierung, a virun allem awer och d'Rapporten an de Commentaire des articles, dann ass iwwert d'Rapports de réunion schonn e gudden Deel vun deem anere Rapport geschriwwe ginn. Dat ass de Mérite och vun der Madame Cocard, déi net nëmme fläisseg an dévouéiert war, mä och nach äusserst vill Wësse mat abrueecht huet.

Merci de Beamten am Ministère, déi och vill hei matgeschafft hunn an d'Basis geluecht hu fir den Text.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war dat Gesetz wat den Hannergrond bitt, d'Toile de fond bitt fir déi dräi Gesetzer, déi elo kommen. Et ass bestëmmt net dat lescht Schoulgesetz, wat am Laf vun deenen nächste sechs Joer gestëmmt gëtt - dat wäert Der gesinn -, mä et ass dat Basisgesetz un deem all déi aner Reforme sech orientéiere mussen.

Ech soe Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Rapporteur Merci fir säin exzellente Rapport. Ech ginn dann d'Wuert un déi éischt ageschriwwe Riednerin, déi honorabel Madame Françoise Hetto-Gaasch. Madame Gaasch, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech dem Rapporteur Jos Scheuer Merci soe fir säi schrëftleche Bericht a fir seng mëndlech Ausféierungen.

D'Organisatioun vun der Primärschoul gouf bis elo vun engem Gesetz geregelt, dat aus dem Joer 1912 staamt an deemno praktesch honnert Joer um Bockel huet. Eng Reform vun der Primärschoul war also méi wéi noutwendeg.

D'Éducatiounsministesch huet am August 2007 ënner anerem e Gesetzesprojet an der Chamber déposéiert, deen d'Organisatioun vun den éischte Jore vun der Schoulpflicht reforméiert, also déi sougenannte Primärschoul, déi an Zukunft Fundamentalunterrecht oder op Franséisch Enseignement fondamental wäert heeschen.

Dat neit Gesetz wäert am Ënnerscheed zum Gesetz vun 1912 net méi d'Organisation scolaire an d'Bestëmmungen, déi d'Schoulpersonal betreffen, regelen, mä dës Froe ginn a getrennte Gesetzer behandelt. Dat virleiend Gesetz definéiert d'Missioun vum Fundamentalunterrecht, d'Schouloffer an déi Fächer, déi enseignéiert ginn. En plus wäert d'Gesetz d'Relatiounen tëschent dem Stat an de Gemenge regelen, déi allebéid eng gedeelte Kompetenz am Éducatiounsberäich hunn.

***(M. Jean-Pierre Koepp prend la Présidence)***

De Gesetzestext behandelt awer och d'Froe vum Personal, dat berechtegt ass um Unterrecht deelzehuelen, an de Partenariat mat den Elteren, déi nach ëmmer un éischter Plaz fir d'Erzéiung vun hire Kanner verantwortlech sinn.

D'Reform vum Schoulgesetz ass batter néideg, well d'Primärschoul, de Préscolaire an de Précoce un déi rasant Entwécklung a Verännerung vun der lëtzebuergescher Gesellschaft mussen ugepasst ginn.

D'Erausfuerderunge vun eiser Zäit si kloer. Et gëllt hautdësdags säi Wëssen permanent un déi nei Erkenntnisser unzepassen. D'Digitalisatioun an dat deeglecht Wuesse vun den Informatiounen erlaben et net méi, e Kand just nach an der Primärschoul op d'Liewen ze preparéieren. D'Schoul léiert sécherlech nach ëmmer elementar Kompetenze wéi Liesen, Schreiwen, Rechnen. Allerdéngs sinn dës Fäegkeete keen Ofschloss méi, mä just eng Basis wourobber weidert Wëssen kann opgebaut ginn.

D'Schoul vun haut beweegt sech an engem vill méi komplexen an exigenten Ëmfeld, wéi dat nach am Ufank vum 20. Jorhonnert, also zu deem Zäitpunkt, wou dat aalt an nach ëmmer aktuellt Primärschoulgesetz geschriwwe ginn ass, de Fall war. De Choix vun deene Fächer, déi sollen enseignéiert ginn, muss esou getraff ginn, dass all Kand motivéiert ass fir ze léieren a virun allem och d'Gefill an

d'Sécherheet kritt, dass et iwwerhaapt capabel ass eppes fäerdeg ze bréngen.

Duerfir wäert de virleiende Gesetzesprojet onëmgänglech Kompetenze festleeën, déi all Kand am Laf vun de verschiddene Schouletappe muss kréien an déi et him erméiglechen, fir vun der Spillschoul un no vir ze kommen.

D'Zil vum Primaire muss en Iwwergang zum Secondaire sinn. D'Kanner mussen deemno dee Bagage kréien, deen hinnen et erlaabt am Secondaire hire Wee mat Erfolleg weiderzeféieren an eng Qualifikatioun ze kréien, déi hiren Talenter a Capacitéiten entsprécht.

Eist Land steet a weltwäiter Konkurrenz zu alle Länner, déi um Wee an d'Wëssensgesellschaft sinn an dowéinst hire Bildungssystem regelméisseg un déi nei sozial a wirtschaftlech Entwécklungen upassen.

Dobäi kënnt, dass d'Lëtzebuerger Gesellschaft sech an deene leschten 20 Joer immens séier entwéckelt an och verännert huet. Dee staarke wirtschaftleche Wuesstum, deen eist Land jorzéngtelaang kannt huet an deen der breeder Majoritéit vu sengen Awunner materielle Wuelstand bruecht huet, huet enorm sozial, kulturell an demographesch Verännerunge provozéiert, déi besonnesch fir d'Schoul eng grouss Erausfuerderung sinn.

Dës Missioun vun der Schoul ass an der heiteger Lëtzebuerger Gesellschaft schwéier ze erfëllen, well eist Land en Auslännerundeel vun 42% huet. An de 70er Jore waren et just 18%. An et ass nach ëmmer fir d'éischt an der Schoul, wou all déi Schüler, déi verschidden Originen hunn an enges Daags d'Aarbechtskräften an déi erwuesse Bierger vun eisem Land wäerte sinn, sech treffen a léiere mussen zesummen ze liewen an ze schaffen.

Bei déi sproochlech a kulturell Ënnerscheeder kommen awer och nach sozial a wirtschaftlech Ënnerscheeder souwéi ënnerschiddlech familiär Situatiounen derbäi. Ech denken do un d'Ménages recomposés an d'Familles monoparentales. Eng besonnesch Erausfuerderung fir d'Schoul besteet an deem Kontext doranner, déi Schüler ze ënnerstëtzen, déi keng Hëllef vun doheem aus kréien an och net kënne kréien.

Zu dëser schonn äusserst komplexer sozialer Realitéit kënnt dann och nach d'Lëtzebuerger Traditioun vun der Méisproochegkeet. D'Méisproochegkeet ass ouni Zweifel fir déi allermeeschte Schüler en onheemlech grousse Virdeel, mä et muss awer verhënnert ginn, dass dës Traditioun deene Schüler de Wee zu enger Qualifikatioun verspäert, déi den héijen Usprëch vum Sproochenunterrecht net gewuess sinn, déi sech am Alldag einfach net mam Ëmgank vu méi Sprooche familiariséiere kënnen an déi vun hirer Origine hier kee Bezuch zu deene Sproochen hunn, déi bei eis enseignéiert ginn.

An deem Sënn kënnt dem Précoce an dem Préscolaire eng wichteg Roll zou, déi doranner besteet, d'Kanner am mëndleche Beräich am Lëtzebuergeschen ze alphabetiséieren, en vue vun enger besserer Integratioun. D'lëtzebuergesch Sprooch soll zesummeféieren an net trennen. Ech wëll op dëser Plaz och nach emol betounen, dass et immens wichteg ass, de Schwéierpunkt am Précoce op d'Schwätzen, op d'Sech-Familiariséiere mam Lëtzebuergeschen an op d'Sozialiséieren ze leeën, an net op d'Bastelen.

D'Missioun, déi d'Gesellschaft der Schoul stellt, ass besonnesch fir déi éischt Jore vun der Schoulzäit immens villfälteg. All Kanner mussen ënnerriicht, sozialiséiert - an dat, well eng Partie Familljen net mat der Erzéiung vun hire Kanner eens ginn, sech eleng gelooss fillen an och carrément eleng an iwwerfuerdert sinn - an un déi nächst Etapp vun hirem Schoulparcours erugefouert ginn; dat mat der néideger Qualifikatioun, déi do vun hinne verlaangt gëtt. Duerfir mussen de Préscolaire an de Primaire e Kader kréien, deen et hinnen erlaabt, sech ze organiséieren an deen hinnen déi néideg Moyenë gëtt, fir hirer Missioun innerhalb vun eiser Gesellschaft gerecht ze ginn.

Wéi gesäit et dann elo aus mat der Relatioun tëschent dem Stat an de Gemengen? Abee, och de Gesetzesprojet 5759 wäert näischt dorunner änneren, dass sech de Stat an d'Gemengen d'Aufgaben an d'Kompetenzen am Schoulberäich deelen. An Zukunft gëtt allerdéngs d'Léierpersonal vum Stat nominéiert, an d'Gemenge suerge fir d'Affektatioun an déi verschidde Gebaier respektiv Klassen.

Dëst erspuert de Gemengeréit déi laangwiereg Nominatiounsprozeduren. Esou bleiwen d'Gemengen zoustänneg fir d'Schoulorganisatioun a fir d'Verdeele vun de Kanner op d'Schoulklasse vun der Gemeng.

De Gemengerot wäert och all Schoulaktioune suivéieren. Esou muss zum Beispill de Plan de réussite scolaire, deen all Schoul muss opstellen, dem Gemengerot presentéiert ginn. De Gesetzesprojet gëtt de Schoulen eng gewësse Autonomie. Wann een déi substanziell Ënnerscheeder tëschent den eenzelne Schoule kuckt, besonnesch elo wat hir Populatioun ubelaangt, esou ass et kloer, dass et net méiglech ass, duerch uniform pedagogesch Moyenen a Praktiken all Problemer ze léisen, déi u lokal Spezifissitéite gebonne sinn.

All Schoul muss sech permanent weiderentwéckelen a fir sech e Plan de réussite scolaire ausschaffen, deen derzou bäidréit, dass Ënnerscheeder, bedéngt duerch kulturell a sozial Disparitéiten, reduzéiert ginn. Duerch dëse Plang gi realistesch Objektiver fixéiert, verbonne mat prioritären Aktiounen.

Begleet ginn d'Schoulen dobäi vun der Agence pour le développement de la qualité de l'enseignement, déi am Kader vun der Reorganisatioun vum SCRIPT kreéiert gëtt. De Fait, dass d'Schoulen eng relativ grouss Handlungsfräiheet kréien, bedéngt awer och, dass se musse kontrolléiert ginn, fir och sécherzestellen, dass d'Haaptziler vun dëser Reform viséiert bleiwen.

Dëse Contrôle geschitt éischtens duerch d'Inspekteren, déi déi pedagogesch Verbindung tëschent der zentraler Autoritéit - also dem Stat - an dem Enseignant bilden. Si solle garantéieren, dass d'Léierpersonal am Sënn vun der nationaler Éducatioun handelt.

Zweetens huet déi regelméisseg Bewäertung vun de Schoulen als Zil ze iwwerpréiwen, ob d'Léierpersonal sech och all an déiselwecht Richtung beweegt. D'Schoul gëtt dobäi vun der Agence pour le développement begleet.

De Statsrot begréisst de Gesetzesprojet 5759 am Groussen a Ganzen, well en endlech d'Primärschoul moderniséiert, an dat souwuel wat d'pedagogesch Ausriichtung wéi och déi intern Organisatioun vun den éischte Jore vun der Schoulpflicht betrëfft. D'Reform vun den éischte Jore vun der Schoulpflicht wäert selbstverständlech och Auswierkungen op de Secondaire an de Secondaire technique hunn. Dofir missten dem Statsrot no och op deenen Niveauen Ännerungen duerchgefouert ginn.

Wat sinn dann elo déi wichtegst Innovatiounen?

Am Verglach zur aktueller Situatioun wäert de Gesetzesprojet iwwert de Fundamentalunterrecht zu folgenden Ännerunge féieren:

- Ënnert dem Begrëff „Fundamentalunterrecht" ginn déi éischt néng Joer vun der Schoulzäit regruppéiert: also de Précoce, de Préscolaire an de Primaire. Doduerch wäerten déi éischt néng Joer vun der Schoulzäit e Ganzt bilden, dat kohärent a kontinuéierlech ass.

- Ënnert dem Begrëff „Léiercyclen" si Schoulcyclë vun all Kéiers zwee Joer ze verstoen, an dëst fir eben en Total vun néng Joer.

Den éischten Zyklus zielt keng zwee, mä dräi Joer: ee Joer Précoce an zwee Joer Spillschoul. Dat éischt an dat zweet Schouljoer bilden den zweeten Zyklus; d'drëtt an d'véiert Joer den drëtten Zyklus; d'fënneft an d'secht de véierten. Dës nei Approche ass besser un den Entwécklungs- a Fortschrëttsrhythmus vun de Kanner ugepasst a soll dann och zu enger Pedagogik féieren, déi méi moduléiert virgeet an d'Widderhuele vun de Schouljore reduzéiert.

E Kand wäert d'Méiglechkeet kréien, en Zyklus an engem, zwee oder maximal dräi Joer ze absolvéieren, jee no senge Capacitéiten. Et ass awer och esou, dass e Schüler fir den zweete bis de véierten Zyklus minimal fënnef a maximal aacht Joer soll brauchen, en vue vun der Integratioun an de Secondaire. Dëst war och de Wonsch vun der CSV, déi sech et net ka virstellen, dass e Kand vun néng Joer, wat eventuell déi geeschteg Räif vun engem 14-Jähregen huet, awer net mat néng Joer kann op enger Septième sëtzen.

- Et muss derfir gesuergt ginn, dass all Kand sengem Rhythmus no, deen net fir all Schüler deeselwechten ass, an der Primärschoul Schrëtt fir Schrëtt kann un d'Haaptzil, also den Iwwergank zum Secondaire erugefouert ginn.

Déi schwaach an déi staark Schüler mussen individuell an differenzéiert gefuerdert ginn. Esou soll et an Zukunft méiglech sinn, fir mat enger differenzéierter Approche innerhalb vun der Klass deene Schüler ze hëllefen, déi Problemer hunn, oder awer och déijéineg ze förderen, déi besonnesch Fäegkeeten hunn. Et soll an Zukunft och méiglech sinn, fir d'Schüler fir eng bestëmmten Zäit hire Besoinen, Interessen a Kompetenzen no zesummenzebréngen.

Et soll an Zukunft méiglech sinn, dass ee Schüler Coursen an engem aneren Zyklus ka matmaachen, an et soll iwwert de Wee vum „peer teaching" derfir gesuergt ginn, dass déi staark Schüler deene schwaachen hëllefen.

Och eis Gesellschaft setzt sech aus Mënsche mat ënnerschiddlechste Kompetenzen zesummen. Och an eiser Gesellschaft geet et drëm, datt déi Staark déi méi Schwaach mat virunhuelen a se net am Reen stoe loossen.

- Ënnert dem Begrëff „Kompetenzsockelen" sinn e Mindestmooss vu Kompetenzen ze verstoen, déi vun all Kand zum Schluss vun engem Léierzyklus erreecht solle ginn. Dës nei pedagogesch Approche soll derzou féieren, dass d'Schüler am Verglach zu bestëmmte festgesatenen Ziler bewäert ginn. D'Bewäertunge vun de Kompetenze sollen zum Schluss vun all Zyklus stattfannen an et och erméiglechen, den Unterrecht selwer ze analyséieren. De Schoulmeeschter, de Schüler an d'Eltere kënnen da ganz genee erkennen, wéi eng Kompetenzen erreecht goufen a wéi eng nach mussen erreecht ginn. D'Bildungsstandarde mat de jeeweilege Kompetenze sinn e Referenzsystem fir all Acteur.

D'CSV begréisst d'Ofschafe vun de vill ze vill rigidë Schouljoren an d'Aféierung vun de Cyclen a Kompetenzen. Et muss awer och alles drugesat ginn, dass iwwer Appui déi schwaach Schüler och déi néideg Hëllef kréien, fir den erwënschte Kompetenzniveau ze erreechen. An et muss alles drugesat ginn, fir den Élève surdoué esou ze förderen, wéi et muss sinn.

- An Zukunft wäert all Schoul als „Schoulgebai / Établissement scolaire" bezeechent ginn. Dëst soll all Schoul eng richteg Identitéit gi mat engem eegenen Numm an enger Adress. D'Visibilitéit vun de Schoule gëtt do derduerch par rapport zu aussestehende Persounen an Instanze verstäerkt. Ausserdeem wäert och d'Autonomie vun de Schoule gestäerkt ginn.

- An Zukunft gëtt vun all Schoulen en Aktiounsplang ausgeschafft, dee sech iwwer dräi Joer zitt. Dës Pläng ginn „Schoulerfolegspläng" oder „Plans de réussite scolaire" genannt. Ech hunn dat jo scho virdrun explizéiert.

- Dann zu den Équipes pédagogiques. D'Enseignanten an d'Erzéier, déi en charge si vun de Klasse vum selwechten Zyklus vun enger Schoul, sinn eng Équipe pédagogique, déi zesumme sollen eng differenzéiert Pedagogik ausschaffen, fir all Kand jee no senge perséinlechen Dispositioune beschtens ze encadréieren. Et ass deemno e wichtegen an och neie Moment fir eng Partie Enseignanten, dass si mat aneren Acteuren an hirem Klassesall zesummeschaffen, dass déi verschidde Vuë vun dëse Spezialisten op d'Kand eng besser Prise en charge erméiglechen. Dës Synergie vu Kompetenzen an individuelle Stäerkte séchert och déi kollektiv Responsabilitéit fir e Grupp vu Kanner of.

Dann nach e puer Ännerungen:

- An all Schoul gëtt e Schoulcomité mat un der Spëtzt engem President respektiv e Cogestiounscomité geschaf.

- All Schoulklass huet en Titulaire, obwuel am Kader vum „team teaching" méi Leit wäerten am Enseignement intervenéieren. Esou ass et awer wichteg, dass all Klass säin Titulaire huet, eng Referenz- a Bezuchspersoun, déi d'Progressioun vun all hire Schüler am A behält an och kann intervenéieren, wann et néideg ass.

- An all Arrondissement këmmeren eng multiprofessionell Équipe, eng Kommissioun fir d'schoulesch Inclusioun an eng Referenzpersoun sech virun allem ëm déi Schüler, déi Schwieregkeeten hunn oder awer riskéieren den erwënschte Sockel net ze erreechen.

- Ausserdeem wäert d'Zesummeschaffen, de Partenariat mat den Eltere verstäerkt ginn. Op den Elteren hir Roll ginn ech spéider nach méi am Detail an.

De Sproochenunterrecht. Fir de Statsrot a fir munch aner Leit ass de méisproochegen Unterrecht ouni Zweifel eng vun de Stäerkten a Virdeeler vum lëtzebuergeschen Éducatiounssystem. An awer ass grad de Sproochenunterrecht fir vill Schüler zu engem wierkleche Problem a gläichzäiteg zu engem Selektiounskritär respektiv engem Facteur d'exclusion ginn. Dëst gëllt besonnesch fir déi Jonk, déi aus engem benodeelegte Milieu oder mat engem Migratiounsbackground kommen.

D'Scheiteren an der Schoul, ganz dacks duerch Problemer beim Léiere vun de Sprooche bedéngt, huet als Konsequenz, dass vill Jonker bestëmmte Beruffer net léieren an och net ausübe kënnen, während deems awer déi jonk Grenzgänger, déi iwwert däitlech manner Sproochekompetenze verfügen, mä en Diplom an der Täsch hunn, sech um Aarbechtsmaart besser kënnen duerchsetzen.

D'Méisproochegkeet ass deemno gläichzäiteg e Segen an e Fluch.

Mir als CSV begréissen et, dass duerch dës Schoulreform d'Léiere vun enger Sprooch sech op méi Piliere stäipt, déi zwar alleguer zesummegehéieren, mä sécherlech net gläich staark bewäert musse ginn, jee nodeem wat e Kand wëllt spéider léieren: verstoe wat ee liest, verstoe wat een héiert, schwätzen an nolauschteren, selwer en Text schreiwen an och d'Sprooch richteg gebrauchen.

D'Evaluatioun vun dësen eenzelne Kompetenze weist dem Schüler wou hie steet. Wéi e Kompetenzniveau huet hien an deenen eenzelne Beräicher erreecht? Wou muss nach méi geschafft ginn? Wou manner? Wou leien dem Schüler seng Stäerkten? Wéi eng Ausgläichsméiglechkeete besti fir hien? Dëse kompetenzorientéierte Sproochenunterrecht bedeit eng reell Chance fir all Kand, well et him seng Stäerkten a seng Progressioune ganz kloer weist.

Wéi eng Spezialiste kommen dann elo nach an der Schoul vir? Abee, och wann de Schoulmeeschter an d'Schouljoffer d'Réckgrat vun der Schoulorganisatioun bilden, esou këmmere sech mëttlerweil och nach aner Spezialisten ëm d'Kanner: Logopeden, Pedagogen, Psychologen, Éducateuren oder och nach Ergotherapeuten.

Si alleguer kënnen hiren Deel zur Entwécklung vun de Kanner bäidroen. Awer hir Interventioune musse koordinéiert sinn, an dëst fir ze verhënneren, dass d'Kanner an hir Eltere vun enger Consultatioun zu där nächster geschéckt ginn, a fir ze garantéieren, dass d'Betreiung duerch déi Spezialisten och kohärent ass.

Well de Fundamentalunterrecht net méi op individuelle Klassen, mä op der gesamter Schoul baséiert, ginn och déi verschidde Spezialisten a multiprofessionell Équipen agedeelt, déi fir eng bestëmmte Regioun zoustänneg sinn; an zwar d'Inspektiounsarrondissementer.

D'Schoulinclusiounskommissiounen, an deenen all déi Leit sëtzen, déi Kanner mat Léierproblemer hëllefe kënnen, wäerten iwwert déi néideg Hëllef fir d'Kanner diskutéieren an décidéieren.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

D'Consulatiouns- an d'Interventiounsprozedure gi standardiséiert. Bei all Demande fir en Appui spécial gëtt als Éischt vun der Commission d'inclusion scolaire eng Diagnos gemaach an duerno gëtt en individualiséierte Plan de prise en charge opgestallt, dee mat den Eltere muss duerchdiskutéiert ginn.

Natierlech gëtt d'Léierpersonal beim Suivi vum Kand mat agebonnen. Dëse Plang beschreift déi viséiert Objektiver, d'Kompetenzen, déi mussen entwéckelt ginn, déi pedagogesch Démarche a gegebenenfalls d'Adaptatiounen, déi musse virgeholl ginn. Et gëtt fir all Dossier eng Referenzpersoun designéiert, déi dann den Uspriechpartner vum betraffene Kand a vu sengen Elteren ass.

Wéi gesäit et dann elo aus mat der Plaz vun den Elteren innerhalb vun der Schoul? Abee, hir Roll ass am Éducatiounssystem fundamental. Déi nach aktuell Gesetzgebung vun 1912 erwähnt mat kengem Wuert den Elteren hir Roll an der Schoul. Mä dee virleiende Gesetzesprojet dogéint schreift de Partenariat mat den Elteren am Gesetz fest. D'Eltere mussen op Réunioune goen, déi den Enseignant aberifft, a si schaffen duerch déi gewielten Elterevertrieder am Schoulcomité mat.

D'CSV begréisst dëst, well dat neit Schoulgesetz zesumme kann optimal ëmgesat ginn, wann all d'Acteuren, also och d'Elteren, mat agebonne ginn.

Allerdéngs dränge sech hei eng Partie Iwwerleeungen op:

- Sinn d'Eltere sech hirer Responsabilitéit bewosst, dass si dës nei Aufgab ganz eescht huele mussen?

- Wéi kréien Elteren ënnert d'Äerm gegraff, déi mat hirer Erzéieraufgab komplett iwwerfuerdert sinn?

- Missten net konsequent, an zwar vun Ufank un, d'Coursen zum Beispill vun der Eltereschoul mat ugebuede ginn, fir dass d'Elteren déi néideg Ënnerstëtzung kréien?

- Maachen net eng Partie Eltere sech hir Eltereroll ze vill einfach, andeems se déi ganz Responsabilitéit un d'Schoul oftrieden a selwer den Konflikt mat hire Kanner aus de Féiss ginn, well se net capabel oder och net gewëllt sinn, fest Regelen a Limiten an hirer Erzéiung opzestellen?

- Ginn alleguer d'Elteren hire Kanner mat op de Wee, dass si de Schoulmeeschter als Autoritéitspersoun ze respektéieren hunn?

- Wëssen d'Elteren, dass et fir d'Schoulmeeschtere wichteg ass, och vun hinnen e Feedback ze kréien, wann doheem zum Beispill am Kader vu besonnesche Léiermesurë mat de Kanner geschafft gëtt? Dat heescht, dass den Informatiounsfloss en Échange iwwert d'Kanner muss sinn, an zwar esou, dass Schoulmeeschter an Elteren am Partenariat am Sënn vum Kand um selwechte Strang zéien a sech och doriwwer austauschen.

- Sinn d'Eltere sech all bewosst, wéi wichteg et fir hir Kanner ass, dass si als Elteren och en éierlechen Interessi un hinne weisen, un hinnen an un deem, wat se léieren, leeschten a schaffen?

All dës Froe loossen ech fir de Moment einfach emol am Raum stoen, mä mir mussen eis intensiv domat auserneesetzen, wa mer wëllen, dass déi nei Schoul e Succès fir all Kand gëtt.

Dann zu de Kanner. Duerch dat neit Schoulgesetz kréien d'Kanner eng ganz Partie Rechter. Si kënnen an hirem Tempo schaffen. Si gi bewäert op dat, wat se richteg maachen, an net exklusiv op dat, wat falsch ass. Doranner besteet fir d'CSV e wesentleche Pluspunkt vun dësem Gesetz.

D'positiv Bewäertung vun deem, wat de Schüler kann, an net eng Nummer op enger Prüfung, déi erëmspigelt, wat de Schüler alles falsch gemaach huet. Dat ass nämlech démotivant an dréit och kaum derzou bäi, dass e Schüler mat Freed u seng Aufgaben erugeet.

Wat awer an den Ae vun der CSV feelt, ass de Fait, dass am Text selwer keng Rieds geet iwwer eventuell Flichte vun de Schüler. Wuel schwätzt den entspriechende Règlement grand-ducal vun engem Règlement d'ordre interne, mä dernieft muss spezifesch fir all Klass e sougenanntenen „Code de vie“ opgestallt ginn; wéi zum Beispill an de Lycéeën, wou d'Schüler sech engagéieren an deem Code de vie, dee festhält, wéi d'Zesummeliewen an der Enceinte Schoul an hirer Klass soll fonctionnéieren. E Code de vie, dee si och verflicht sinn anzehalen. Mir bedaueren, dass d'Gesetz deemno dem Schüler seng Flichten net méi detailléiert festschreift.

D'Schoulmeeschteren. Ouni den Engagement vun de Schoulmeeschtere kann d'Ëmsetze vun dësem Gesetz net fonctionnéieren. Et ass kloer, dass schonn haut de Rôle vum Enseignant wäit iwwer eng reng Wëssensvermëttelung erausgeet. Si si fir vill Kanner eng fest Bezuchspersoun. Si enseignéieren, erzéien, beroden a begleeden.

Et ass fir eis als CSV begréissenswäert, dass d'Präsenz vun den Enseignanten an der Schoul eropgeet. Well keen anere wéi si ass besser placéiert, fir de Schüler am Appui ënnert d'Äerm ze gräifen. Dernieft kommen dann och nach déi vill Stonne vu Concertatioun, déi absolut noutwendeg sinn, fir dass d'Équipe kann optimal fonctionnéieren.

Mä fir dësen neien Aufgabe gerecht ze ginn, musse si och déi néideg Moyenen hu respektiv kréien.

- Ugefaange bei hirer Ausbildung: Dréit déi nei Formatioun den neien Ufuerderunge Rechnung?

- Si genügend Psychologie-, Pedagogiean och Sportscoursen an hirer Formatioun virgesinn?

- Sinn d'Enseignanten a puncto Didaktik um leschte Stand?

- Gi se preparéiert op d'Kollaboratioun mat hire Kolleegen? Gi se preparéiert op d'Kollaboratioun mat den Elteren?

- Gi se geléiert flexibel ze schaffen, individuell Programmer ze erstellen an och op verschiddenen Niveauen an engem an deemselwechte Raum ze enseignéieren?

- Sinn an hirer Ausbildung genuch Stagewoche virgesinn, ähnlech wéi bei hire Kolleegen, déi aus der Belsch kommen an déi eng exzellent praktesch Formatioun do kréien?

Mir froen als CSV, dass den Inhalt vun der Formatioun vun de Schoulmeeschtere ganz seriö op de Leescht geholl gëtt, a mir froen och, dass d'Ausbildung vum Enseignant unique an déi praktesch Applikatioun um Terrain no enger Rei Joren och evaluéiert gëtt.

- Dann awer och nach d'Fro: Ginn déi Schoulmeeschteren, déi elo scho méi laang am Déngscht sinn, och op dësen neien Challenge vun der Reform an enger Formation continue virbereet?

- Wéi gesäit et aus mat eventueller Ënnerstëtzung vu baussen? Abee, mir hunn hei wuel Équipe-multidisciplinaire, déi si ënnerstëtzen, mä kënnt déi Hëllef och séier genuch? Dauert deen administrative Wee, deen dës Équipe muss goen, net vill ze vill laang bis dann och reell Hëllef an Ënnerstëtzung an de Klassesall kënnt?

- An eng lescht Fro: Kréien d'Schoulmeeschteren de Réck gestäipt, wa se mussen duerchgräifen, eventuell bei disziplinäre Problemer?

All dës Froe mussen nach gekläert ginn.

Dann zum Direkter. Wat mir als CSV am allermeeschte bedaueren, ass de Fait, dass mer hei e gewielte Président d'école un der Spëtzt hunn, deem seng Kolleege gegebenenfalls musse Rechenschaft ofleeën. Eng Schoul, wéi se hei wäert fonctionnéieren, mat Schoulmeeschteren, Éducateuren an esou weider, brauch, esou wéi all Betrib, e richtege Chef, e Supérieur hiérarchique, deen och muss kënne wichteg Décisiounen huelen, deen och kann disziplinarech Mesuren ergräifen, wann et da muss sinn, an net e Primus inter Pares. An den Ae vun der CSV kann dat just e Schouldirekter sinn, dee fir dës Aufgab och eng spezifesch Formatioun muss hunn.

***(Interruption)***

An dësem Konsenstext - ech betounen, an dësem Konsenstext - ass de Schouldirekter leider net zréckbehale ginn,…

**Une voix**.- Très bien!

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- …mä d'Zukunft an d'Praxis wäerte weisen, ob een net muss op dësem Punkt den Text un d'Ufuerderungen, déi un d'Schoul gestallt ginn, an den nächste Joren adaptéieren.

***(Interruptions et coups de cloche de la Présidence)***

Ech kommen zur Konklusioun, Här President.

**M. le Président**.- Loosst d'Madame Hetto hir Konklusioun zéien, wann ech gelift.

***(Interruptions)***

**Mme Françoise Hetto-Gaasch** *(CSV)*.- Däerf ech weiderfueren, wann Der erlaabt?!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir ofzeschléissen nach just e puer Wierder. Mir als CSV wëlle wierklech dëst Gesetz op de Wee schécken, wëssend, dass mer am Laf vun der Zäit sécher nach mussen déi eng oder aner Adaptatioune maachen, déi eréischt d'Praxis wäert fuerderen.

Fir d'Schoul vu muer brauche mer Enseignantë vu muer. Motivéiert Enseignanten, déi bereet sinn, op dës nei Aart a Weis Schoul ze halen. Hir Formatioun an hiren Engagement sinn den A an den O vun der Ëmsetzung vun der Schoulreform.

D'Kanner sinn eist gréisste Kapital. A si musse mer och investéieren. Mir brauche gutt forméiert Leit, fir dass mer se net all mussen am Ausland rekrutéieren, an déi Formatioun, déi fänkt schonn an der Primärschoul un, do wou och d'Sozialkohesioun ufänkt.

Mat dësem Gesetz maache mer also ee ganz wichtege Schrëtt an déi richteg Direktioun. Dat wier et gewiescht fir mäin Deel.

Ech soen lech all Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Hetto. Den nächste Riedner ass den honorabelen Här Eugène Berger.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wéilt och dem Rapporteur Merci soen, deen och elo hei d'Séance presidéiert. Ech hätt natierlech och näischt dergéint gehat, wann e géif dohanne sëtzen, da kéinte mer vläicht méi och nach en direkten Austausch hunn.

**M. le Président**.- Ech och net, mä dat kënnt duerno. Ech mengen net, datt ech op éiweg Zäiten hei sëtze bleiwen.

***(Hilarité et interruption)***

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Dir Dammen an Dir Hären, säit bal 100 Joer baséiert sech d'Lëtzebuerger Primärschoul op datselwecht Gesetz. Rieds geet vum Schoulgesetz vun 1912. An et ass ganz interessant, och wann een déi Débatë vun deemools noliest, well se a verschiddene Punkten am Fong geholl guer näischt un der Aktualitéit verluer hunn.

Dat Gesetz ass e Gesetz, dat bei sengem Vote deemools net nëmmen der Zäit ugepasst war, mä dat och fir déi deemoleg Époque ganz couragéiert a wäitsichteg war. Duerfir konnte mer jo och ganz laang mat deenen Texter fueren, praktesch bal 100 Joer.

Mä an de leschte Jorzéngten hu sech vill nei Erausfuerderungen an Aufgaben un eis öffentlech Schoul gestallt. D'Gesellschaft huet sech geännert. D'Kanner kommen aus vill méi ënnerschiddleche Familljesituatioune wéi fréier. Den Undeel vun den Elteren, wou déi zwee Partner schaffe ginn, ass rasant geklommen, grad esou wéi déi Kanner, déi a monoparentalë Famillje liewen. Mir hunn e grousse Undeel un auslännesche Kanner, déi aus ënnerschiddleche Kulture kommen an déi aner Mammesproochen hunn.

D'Schoul - d'öffentlech Schoul - muss all deene Kanner Chancëgläichheet bidden. Si muss all Kand d'Chance opmaache fir d'Liewen an de Beruff. Zil muss et sinn all Kand d'Méiglechkeet ze ginn, sech zu eegestännegen a verantwortungsbewosste Membere vun der Gesellschaft ze entwéckelen.

Duerfir muss also d'Schoul sech gesellschaftlechen Entwécklungen upassen, hinne Rechnung droen, grad esou wéi och déi nei Ufuerderungen an de Beruffer an um Aarbechtsmarché musse considéréiert ginn.

Si muss och déi Ënnerschiddlechkeet vun all de Kanner berücksichtegen. Si muss Aufgaben iwwerhuelen, déi fréier vun der Famill iwwerholl gi sinn. Si muss virun allem integréieren.

D'Schoul muss och optimal ausbilden an de Schüler déi Kompetenz vermëttelen, déi se fir en erfollegräicht Beruffsliewe brauchen. E Beruffsliewen, eng Berufswelt, déi a permanenter Evolutioun ass.

Mer mussen awer feststellen, datt de Lëtzebuerger Schoulsystem sech ganz schwéier domadder deet an datt déi verschidden international Studien eis kloer verschidde Saache virun Ae gefouert hunn.

D'Schoul bréngt et nämlech net fäerdeg fir déi ëmmer méi heterogen Schoulpopulatiounen ze integréieren. A kaum engem anere Land si Leeschtungsënnerscheeder zwëschen Schüler aus sozial benodeelegten a gutt situéierte Milieuen esou grouss wéi bei eis.

Datselwecht gëllt fir Kanner mat auslännesche Originen, déi och an eisem Schoulsystem désavantagéiert sinn an déi zu 80% sech am Technique oder am Préparatoire erëmfannen.

Insgesamt fält op, datt Lëtzebuerg mat engem Undeel vun 43% vu Schüler, déi en Diplom fir op d'Uni ze goen erreechen, wäit ënnert dem europäeschen Duerchschnëtt vun 62% läit. Ech baséiere mech hei op Zuelen, déi am „Regards sur l'éducation“ stinn.

An de PISA-Tester, déi an de leschte Jore gemaach gi sinn, hu jo d'Lëtzebuerger Schüler insgesamt net mat deenen aus deene meeschten aneren europäesche Länner kënne mathalen.

Et ass also méi wéi noutwendeg fir vun ënnen erop eis öffentlech Schoul ze reforméieren.

Dobäi muss eis eng Iddi guidéieren, an zwar déi fir d'Fäegkeeten an d'Perséinlechkeete vun all deene verschiddene Schüler ze entwéckelen, ganz nom liberale Prinzip, datt de Mënsch am Mëttelpunkt steet.

All Kand ass aneschters. Differenzéierten an individualiséierten Unterrecht muss duerfir am Vierdergrond stoen an duerfir brauche mer eng Vielfalt u Léiermethode mat differenzéiertem, offenem an handlungsorientéierten Unterrecht.

An dat si jo och schonn déi éischt Konklusiounen, wa se der iwwerhaapt kënnen zéien an deem Projet vun „Eis Schoul“, dee mer virun e puer Deeg mat der Kommissioun kucke ware respektiv bei der offizieller Ouverture derbäi waren, wou och gesot ginn ass, no e puer Woche kënne se eng éischt Konklusioun zéien. Dat ass, datt et net eng Method fir all Kand an eise Schoule gëtt, mä datt mer der vill verschiddener brauchen.

Et besteet also och mëttlerweil e grousse Konsens bei Experten an och Politiker fir dës Approchen. An och dat neit Schoulgesetz, wat mer haut debattéieren, wëllt dësen Noutwendegkeete Rechnung droen.

Kompetenzunterrecht, Léiercyclen, differenzéiert Bewäertung, ewech vum 60-Punkte-System, „team teaching” sinn dobäi wichteg Bausteng fir eng Verännerung vun eiser Schoulpraxis, déi och voll eis Ënnerstëtzung fannen.

E puer kruzial Froe stelle sech awer an dësem Zesummenhank. Musse mer dat speziell an e Gesetz aschreiwen, fir datt et an der Praxis kann ëmgesat ginn?

Um Terrain, an eise Schoule lafe scho vill Initiativen, an net eréischt säit gëschter, mä schonn zënter ganz Laangem, fir nei Weeër am Schoulhalen ze goen. Ech kéint do vill Projeten opzielen. Ech selwer hunn och scho praktesch Enn vun den 80er Joren u verschidden esou klenge Projete matgeschafft, zu Réiser respektiv Bierchem an och an anere Schoulen, Briddel - ech kéint der eng ganz Rei nennen -, déi hu scho virun zéng Joer ugefaangen nei Weeër ze goen an de pedagogesche Methoden.

Esou Initiative waren och oft Virreider an hir Erfahrunge si jo da mëttlerweil och vill verbreet respektiv sinn och considéréiert gi fir op déi nei Weeër ze goen. An dat war och méiglech ouni en neit Schoulgesetz. Am Secondaire ass et jo och esou, datt do och elo ugefaange gëtt de Kompetenzunterrecht anzeféieren; och do gëtt de Moment net extra légiferéiert.

Wann een der Meenung ass, datt een also pedagogesch Detailer an e Schoulgesetz misst aschreiwen, da musse mer kritiséieren, datt da vill Elementer och vergiess ginn, zum Beispill déi vun der Sproocheproblematik an och aner Elementer, op déi ech herno nach wäert zréckkommen.

D'DP ass der Meenung, datt een net soll bis an de leschten Detail d'Pedagogik an d'Methoden an e Basisschoulgesetz aschreiwen. Et ass den Job vun den Experten um Terrain fir se ëmzesetzen. Doriwwer eraus kënnt een dann och an d'Situatioun, datt een ëmmer erëm muss nei légiféréiere wann een zu neien Erkenntnisser kënnt an nei Richtunge wëllt aschloen.

Ganz konkret Beispill: Cyclen, déi elo hei am Gesetz drastinn, seet, datt déi normal Cyclen am Primaire, an der Grondschoul villméi - mer mussen eis och elo dru gewinnen, datt mer dat Grondschoul nennen - zwee Joer hunn. Et sinn awer Experten déi soen, esou Cyclë missten am Fong geholl dräi Joer hunn. Och an dem Projet „Eis Schoul“ hu se Cyclë vun dräi Joer.

Et ass och esou, all Schoulpopulatioun ass anescht a wann d'pedagogesch Differenziatioun am Vierdergrond steet, ma da musse mer déi och erméiglechen, andeems mer keen ze enke legale Kader setzen.

D'Schoulpopulatioun an déi respektiv Besoine vun de Schüler sinn net iwwerall d'selwecht am Land. An der Fiels si se aneschters wéi zu Déifferdeng. An zu Déifferdeng si se eben aneschters wéi um Briddel.

Een ze enke legale Kader, wat pedagogesch Mesuren ubelaangt, kéint och kontraproduktiv ginn. Ech kéint elo e bëssen e Beispill huelen an an d'Zäit zréckversetzen.

Wann een zum Beispill 1989/90, wéi mer zu Réiser ugefaangen hunn a verschiddene Klassen aner Weeër ze goen, e Gesetz gehat hätt, wou dragestanen hätt, de Frontalunterrecht wier pedagogesch Virschrëft, dann hätte mer dee Moment net kéinte mat deene Projeten ufänken. Dann hätt sech näischt beweegt respektiv hätte mer misse fir d'éischt op de Wee goen ze légiféréieren, Gesetzer ëmzeänneren - wat oft laang Zäit brauch -, ier een dat hätt kënne maachen. Et besteet also da keng Souplesse.

Mir sinn der Meenung, datt ee méi e grousse Spillraum a méi Souplesse soll loossen, och am Sënn vun der Autonomie vun de Schoulen. Mir plädéieren duerfir och, datt een d'Constitutioun, besonnesch den Artikel 23 soll ëmänneren, fir datt een net fir all nei Konzepter an der Schoul muss extra e Gesetz op den Instanzewee ginn. Dat ass am Endeffekt en Hemmnis fir

d'Schoul an och fir kënne schnell an adequat Schoulreformen ëmzesetzen.

Ëmgedréint muss ee sech awer och d'Fro stellen: Ass de Fait, dass ee pedagogesch Guidelines an e Gesetz aschreift, eng Garantie, datt se kënnen erfollegräich an der Praxis ëmgesat ginn? Dat ass fir d'DP déi kruzial Fro a mir soe kloer Neen.

Neen, dat ass net méiglech, wann ee sech net déi noutwendeg Strukture gëtt. An dat ass de grousse Schwaachpunkt an deem virleiende Gesetzesprojet.

Et ass, wéi gesot, eng gutt Ofsicht, nei pedagogesch Objektiver an Démarchen anzeféieren, an ech hu jo schonn ënnerstrach, datt mer déi Objektiver an Démarchen och guttheeschen.

Mä dat ass nach keng Garantie, datt se um Terrain ëmgesat ginn. Sécherlech kann een dervun ausgoen - ech ginn dervun aus -, datt vill motivéiert Enseignantë wäerte versichen dëst no beschtem Kënnen elo ze maachen, déi Reforme mathëllefen ëmzesetzen. Si brauchen awer och eng Ënnerstëtzung a Begleedung op der Plaz. Si erwaarden dat ganz oft.

Et besteet, wann ee mat den Enseignantë schwätzt, och nach eng relativ Onsécherheet bei ville Kolleegen, déi een do ka fannen. Et ginn awer och anerer déi dat Gesetz guer net esou contraignant gesinn. Ech krut déi lescht Deeg e Mail vun engem Schoulmeeschter, deen houfreg drop ass, datt en elo schonn 30 Joer weess wéi ee Schoul hält. Deen huet mer dunn am Mail geschriwwen: „Also Eugène, d'Schoul gëtt nach ëmmer virun der Tafel a mat Prüfunge gehalen." An dat géif och bei him esou bleiwen, huet e gesot. Ech ginn dervun aus, datt hien awer leider net deen Eenzegen ass deen esou denkt.

Fir datt een déi nei pedagogesch Methoden an nei Usätz an eis Klassesäll erakritt, brauche mir an eisen Aen eng kompetent a responsabel Hierarchie, déi als Haaptaufgab huet, déi nei Approchen an de Schoulsäll konsequent ze begleeden an ëmzesetzen.

Ech wéilt do d'Ines Kurschat vum „Lëtzebuerger Land" zitéieren, dat am Leitartikel dee leschte Freideg mat dem Titel „Machbarkeit zur Schulreform" dat op de Punkt bruecht huet. Ech zitéieren: „Konsequent im Sinne der Schulentwicklung wäre es gewesen, professionellen Leitungen die anspruchsvolle Aufgabe der Erneuerung und deren Steuerung zu übertragen."

Deem wier am Fong geholl näischt méi bäizefügen. Am Kloertext wëllt dat heeschen, datt d'Inspekteren an d'Schouldirekteren dës Aufgabe missten iwwerhuelen, fir datt een erfollegräich Schoulreforme kann an der Grondschoul ëmsetzen a begleeden.

Als éischt d'Inspekteren, déi duerfir och schonn an der Vergaangenheet zoustänneg waren. Et muss ee feststellen, datt an dësem Gesetz net d'Chance genotzt ginn ass fir d'Inspektorat seriös op de Leescht ze huelen. Hinne feelt et u Personal an och mat 25 Inspekteren, déi elo am Personalgesetz ageschriwwe ginn, geet et net duer, well jiddweree vun hinnen an der Moyenne sech ëm iwwer 2500 Schüler an ëm iwwer 100 Enseignanten an anert Personal muss këmmeren.

Virun allem hätte se misse Geleeënheet kréie sech nei ze organiséieren, fir datt se sech essenziell deene pedagogeschen Aufgabe kéinten zouwennen. Well dat muss hir éischt an Haaptmissioun an Aufgab sinn.

An der Praxis ass et elo esou, dat war och schonn an der Vergaangenheet de Fall, datt se iwwerheeft si mat administrativen Aarbechten a wéineg Zäit bleift fir sech ëm d'Ëmsetzung vu Reformen um Terrain ze beschäftegen an och se ze begleeden. An dat wäert souguer nach zouhuelen, wann d'Chamber d'Nomination étatique vum Personal wäert stëmmen a wou dann d'Inspekteren duerno mussen d'Pan klaken.

D'Inspekteren haten och an der Vergaangenheet bei all Fraktioun den Tour gemaach. Si ware selwer Demandeur fir méi eng déifgräifend Reform vum Inspektorat. Si haten eng Rei Propositiounen. Hir Avisë sinn awer net considéréiert ginn, wat mer bedaueren.

Ënnert dem Stréch si si awer och weiderhin Demandeur, datt méi eng grondleeënd Reform vum Inspektorat kënnt, an ech géif duerfir och hei eng Motioun déposéieren - déi och vun deene Gréngen, vum Claude Adam mat ënnerschriwwen ass, dee jo och dee ganzen Domän vum Inspektorat kennt -, wou mer soen, datt dee ganzen Dossier vum Inspektorat nach eng Kéier misst nei op de Leescht geholl ginn.

***Motion 1***

*La Chambre des Députés,*

*- notant que les missions et attributions des inspecteurs de l'enseignement fondamental ainsi que leur charge de travail ont nettement augmenté ces dernières années;*

*- constatant que le projet de réforme gouvernemental de l'enseignement fondamental ne tient guère compte de cette évolution;*

*- considérant que devant cette toile de fond une réforme de l'inspectorat de l'enseignement fondamental s'impose;*

*invite le Gouvernement*

*- à élaborer dans les meilleurs délais un projet de loi réformant l'inspectorat de l'enseignement fondamental en définissant plus clairement les attributions et missions des inspecteurs de l'enseignement fondamental.*

*(s.) Eugène Berger, Claude Adam, Fernand Etgen, Charles Goerens, Carlo Wagner.*

Deen zweete wichtege Pilier, Här President, fir eng professionell Begleedung vun eise Schoulen, ass fir d'Demokratesch Partei de Schouldirekter. An ech sinn och net d'accord mam Rapporteur, deen elo leider hei hanneru mer als President sëtzt, deen am „Lëtzebuerger Wort" am Interview gesot huet, dat wier en Nieweschauplatz, wann ee géif doriwwer diskutéieren. Et ass an eisen Aen en essenziell Punkt fir Reforme kënnen ëmzesetzen.

De Schouldirekter soll sech um Niveau vun der eenzelner Schoul ëm d'Erneierung an d'Steierung vun de Schoulreforme këmmeren. De Schouldirekter hätt eng Rei administrativ Aarbechten. Hie kéint doduerjer och den Inspekter entlaaschten. Hie wier och Uspriechpartner fir aner Instanzen, déi an d'Schoul kommen, fir d'Elteren. An hie wier awer och zoustänneg an eisen Aen duerfir, datt déi Schoulreformen an de Klassesäll vu senger Schoul ëmgesat ginn an hien hätt domadder och pedagogesch Aufgaben an Zesummenaarbecht mam Inspekter.

Schouldirektere ginn et och praktesch an all Länner an Europa an och ëmmer méi Enseignantë schwätze sech duerfir aus, well se sech doran och eng Hëllef erwaarden. Besonnesch och déi jonk Enseignanten, déi frësch vun der Schoul kommen. Sécherlech missten dann déi Leit och eng speziell Formatioun respektiv eng Formation continue kréien.

An et ass jo och esou, bei de Parteie war u sech e grousse Konsens fir esou en Direkter. Dat konnt een an den Diskussiounen an der Kommissioun feststellen an d'CSV ass jo - wann ech d'Madame Hetto richteg verstanen hunn, déi viru mir geschwat huet - am Fong geholl och kloer fir e Schouldirekter. Ech kann also net verstoen, firwat mer also déi Geleeënheet net genotzt hu fir dat kënnen an d'Gesetz anzeschreiwen.

Hei ass et also erëm eng Kéier esou gewiescht, datt politesch Kouhändel gemaach gi sinn. D'LSAP konnt den Direkter erausstraichen. Op där anerer Säit war et da wahrscheinlech esou, datt d'CSV d'Nomination étatique am Géigenzuch wollt kréien. Ech wäert am Personalgesetz dorobber nach eng Kéier agoen.

Vu datt jo och nach aner spezialiséiert Personal an d'Schoulen erakënnt, bei der Équipe pédagogique op anere Momenter - dat sinn och Saachen, déi mer grondsätzlech begréissen -, wier et awer e weidert Argument, datt een e Coordinateur vun dësem Personal a Persoun vun engem Schouldirekter hätt.

D'Gesetz gesäit amplaz de Président de comité, also de President vun engem Comité vir a setzt op eng participativ Démarche.

D'DP, dat wëll ech ënnersträichen, ass guer net géint dës participativ Démarche. Mir begréissen, datt an enger Schoul all d'Enseignantë kënne sech zesummen an engem Gremium treffen, matschaffen, diskutéieren, och hir Iddiën ausschaffe fir hir Schoul. Sécher fonctionnéieren och op där enger oder anerer Plaz esou Comitéë relativ gutt, mä de President vun esou engem Comité huet net déi néideg legal Autoritéit, wann et haart ëm haart geet, an et mussen och emol wahrscheinlech kontrovers Décisioune geholl ginn.

De President vun esou engem Comité huet och net d'Autoritéit fir derfir suergen, d'Reformen effektiv an de Klassesäll ëmzesetzen. Hie ka kengem Kolleeg eppes virschreiwen. Wann e sech géint säi Comité stellt, ass e wahrscheinlech déi längsten Zäit President vun deem Comité gewiescht.

An esou e Comité huet jo laut dem Gesetzesprojet vill Aufgaben a Missiounen: d'Schoulorganisatioun mat ausschaffen, d'Plans de réussite scolaire, de Budget, d'Formatioun an esou weider. Vläicht eng kleng Remarque oder eng kleng Klamer: D'Reglement, wat mer elo virleien hunn, gesäit ledeglech nëmmen obligatoresch dräi Sëtzunge vun deem Schoulcomité vir, wat sécherlech net duergeet fir all Aufgaben, mä egal.

Also dee Comité huet immens vill Aufgaben an de President vun deem Comité, besonnesch wann dat méi grouss Schoule sinn, huet herno esou vill Aarbecht, datt dat e richtegen „full-time job" géif ginn.

Et ass sech och d'Fro ze stellen, ob mer dann esou e groussen Undrang hu vun Enseignantë fir esou eng Charge vum President oder fir iwwerhaapt eng Charge an engem Comité ze iwwerhuelen. Se hu jo dernieft och nach hir Aarbecht als Enseignant ze maachen. Et kann ee sech virstellen, datt also och op där enger oder anerer Plaz vläicht d'Situatioun kënnt, datt keen do interesséiert ass.

Dann ass virgesinn am Gesetz, datt dann d'Gemeng esou e President nennt, wat sécherlech wierklech keng gutt, éischter eng ganz schlecht Solutioun ass, wann ee Leit op déi Plaz setzt, déi guer net motivéiert sinn, déi guer net interesséiert si fir esou en Job ze maachen.

Fir eng effizient Ëmsetzung vu Schoulreforme brauch ee motivéiert a gutt forméiert Personal. Motivéiert si vill Enseignanten.

A puncto Formation initiale a Formation continue ginn et awer nach Schwaachstellen; ech wäert bei dem Gesetz iwwert d'Personal méi am Detail dorobber agoen.

Dee Projet, dee mer virleien hunn, huet awer aner Schwaachstellen, well en Deel vun eise Kanner gi vergiess a ginn ausgeklamert. Virun allem ass do d'Éducation différenciée ze nennen.

Wa mer wëllen, datt eis Grondschoul integréiert, da musse mer dat och onbedéngt fir déi Kanner maache mat engem Handicap. An dat ass och zum ganz groussen Deel méiglech. D'Praxis um Terrain a verschiddene Projeten huet dat gewisen. Als Beispill kéint ech do och erëm eng Kéier Réiser nennen, méi rezent och aner Schoule wéi de Projet „Eis Schoul". Sécherlech vergiessen ech hei och aner Plazen am Land, wou dat an der Vergaangenheet scho gemaach ginn ass. Wou eben a Projete Kanner mat engem Handicap zum Deel oder och ganz an déi normal Schoul, an déi normal Klassen integréiert gi sinn.

Do war zum Deel zousätzlecht Personal noutwendeg. Mä vu datt jo hei d'Gesetz och virgesäit, datt mer bei pedagogeschen Équipen och anert Personal kënnen derbäi huelen, datt mer virgesinn, datt „team teaching" ass, wier dat also och mat dësem Gesetz méiglech, wann een op dee Wee géif goen a wou ee misst goen.

Dat wier e Plus fir d'Kanner mat engem Handicap an och e Plus fir d'Kanner ouni Handicap, well déi léieren nei sozial Kompetenzen, well se sech e bësse musse mat ëm déi Schüler bekëmmeren. Op där anerer Säit ass et och e Plus fir déi Kanner mat Handicap, well all d'Resultater vun deene Projete weisen, datt déi Kanner mat Handicap, déi an d'Grondschoul integréiert gi sinn, herno insgesamt besser Resultater hunn. D'DP bedauert, datt hei enger Noutwennegkeet net Rechnung gedroe ginn ass. Dës Schoulreform ass also net integrativ fir all eis Kanner.

Wat d'Elteren ubelaangt, si si och e wichtege Partner vun der Schoul. Mir hu sécherlech net esou Traditioune wéi an Däitschland, wou zum Beispill dem „Elternbeirat" an dem Matwierke vun den Elteren insgesamt grousse Wäert bäigemooss gëtt. Et sinn e puer Usätz hei am Gesetz, besser misst ee soen e Minimum, fir den Eltere méi Matsproocherecht a Kollaboratioun ze erméiglechen.

Do hätt een och kéinte méi wäit goen. Et ass natierlech och esou, datt d'Elteren op där anerer Säit musse bereet sinn dëse Partenariat anzegoen. Och si si gefuerdert, fir dann aus dëse Méiglechkeeten, déi hinnen elo gebuede ginn, och eppes dorauser ze maachen. Den Elteren hir Plaz an der Schoul soll net déi sinn, datt se nëmmen an d'Schoul komme fir eventuell ze kritiséieren oder Saachen a Fro ze stellen, mä si solle matagebonne gi fir eben och déi Schoulreform mat ëmzesetzen, respektiv fir och positiv an der Schoul matzeschaffen.

Duerch dëst Gesetz kritt och den Encadrement périscolaire en offizielle juristeschen Agank an d'öffentlech Schoul. Dëst ass absolut ze begréissen, well duerch déi verännert Gesellschafts- a Familljestrukturen ass de Besoin an d'Noutwennegkeet ëmmer méi grouss fir de Kanner kënne vu klengem un eng Rei sozioedukativ Encadrementer ze bidden. Déi kënne jo och als Frühförderung ganz am Intérêt vun der Entwécklung vun de Kanner sinn. Et ass festgestallt ginn, datt Kanner, wat se méi fréi a Léierkontext kommen, sécherlech op eng spilleresch Aart a Weis, herno zum Beispill och an de Sproochen Avantagë kënnen hunn.

Mir sinn also kloer derfir, datt dëst am Kontext vun der Schoul geschitt. Mir sinn awer och kloer dergéint, datt dësen Encadrement net ënnert der Tutelle vun der Éducatioun steet. Dëst Gesetz schaaft elo e Fait accompli, datt de Familljeminister d'Obhut iwwert de Périscolaire huet, deen awer an eisen Aen en Deel vun der Schoul ass. An dat gëtt nach méi problematesch, wann een an d'Richtung vun der Journée continue geet, wou déi Aktivitéiten da jo wierklech Partie intégrante vun der Schoul sinn, wou dat Personal, wat fir d'Schoul mat de Kanner schafft, ënnert der Tutelle vun der Éducatioun steet, an déi aner vum Périscolaire ënnert der Tutelle vun der Famill.

Dat ass net gutt, an dat wäert dann och a verschiddene Fäll emol kënnen zu Konflikter féieren. D'DP hätt gären, datt all d'Activités périscolaires, och d'Maisons relais, der Éducatioun ënnerstinn, well se en Deel dovunner sinn.

An dësem Projet ass och d'Chance an d'Geleeënheet verpasst gi fir en allgemenge Wäerteunterrecht an eiser Schoul anzeféieren. Et gëtt da gäre gesot, datt et net wichteg an dësem Schoulgesetz wier. Ech sinn net där Meenung. Wäerter vermëttelen ass eng wichteg Missioun vun der öffentlecher Schoul, an déi muss an enger moderner an demokratescher Gesellschaft relious- a glawensonofhängeg vermëttelt ginn.

Wann d'Schoul integrativ soll handelen, kann et net sinn, datt een op där anerer Säit, grad a besonnesch bei der Wäertvermëttlung, spléckt opgrond vun enger Relioun oder enger kultureller oder philosophescher Weltanschauung. Dat ass absolut net am Sënn vun enger Schoul; déi muss integréieren an net ausschléissen. Dat ass net an enger Logik vu Wäertvermëttlung, déi op d'Zesummeliewe soll bauen.

Sécher muss an engem allgemenge Wäerteunterrecht och iwwer all Relioune geschwat ginn an déi sollen erkläert ginn. Mä doriwwer eraus muss dee Cours op d'Vermëttlung vun allgemenge Mënscherechter axéiert ginn, vum Liewe mateneen, vu soziale Kompetenzen, vun Toleranz.

Fir d'DP ass d'öffentlech Schoul net eng Maartplaz vu Reliounen, egal welcher Origine, déi hir Tribün am reguläre Stonneplang däerfen hunn oder zoustänneg fir Wäertvermëttlung däerfe sinn. Relioun ass Privatugeleeënheet a muss och duerfir ausserhalb vun der öffentlecher Schoul vermëttelt ginn.

De Statsrot, dee sech jo gewéinlech net esou speziell iwwer gesellschaftspolitesch Froen ausschwätzt, huet sech trotzdeem ganz ausféierlech mat deem Punkt befaasst an och bedauert, datt de Législateur net konsequent war an d'Geleeënheet genotzt huet fir de Wäertunterrecht anzeféieren.

De Statsrot weist och zu Recht op d'Gefor hin, datt aner Reliounen un d'Dier kéinte klappe kommen, a mir riskéieren herno eng Situatioun ze hunn, wou eng Multitude vu Relioune wëllt e Portail hunn an eisen öffentleche Schoulen. Dat ass an dat däerf net d'Aufgab vun der öffentlecher Schoul sinn.

Hei war et esou, datt an der Kommissioun vill Memberen där Iddi ganz favorabel vis-à-vis stoungen. D'Madame Hetto hat och emol eng Kéier an der Vergaangenheet an iergendenger Pressekonferenz vun der CSV gemengt, datt ee kéint op de Wee vun engem allgemenge Wäerteunterrecht goen. Ech menge si ass relativ schnell zréckgepaff ginn. Dat ass nach verständlech bei der CSV, déi jo a gesellschaftspolitesche Froen ëmmer ënnert der Fuchtel vun der Kierch steet, a si ka sech elo net erlaben nach eng Kéier de Poopst an de Bëschof ze brüskéieren.

Mä et ass awer - wann et bei der CSV nach verständlech an novollzéibar ass -, wierklech net novollzéibar bei der LSAP, bei de Sozialisten. Si hu wierklech do eng schizophren Approche, wann een op där enger Säit gesäit, datt an all de Publikatiounen, wahrscheinlech och an hirem nächste Wahlprogramm wäert stoen, datt se fir de Wäerteunterrecht sinn.

Ech mengen den honorabelen Här Fayot hat an enger Publikatioun vun de Sozialisten an der Stad och nach eng Kéier ënnerstrach, datt si fir de Wäerteunterrecht sinn. An elo, wou se en dann hätte kënne realiséieren, wou se et wierklech an der Hand hate fir et ze maachen, do huet de Courage se verlooss.

Mir hunn dat also leider net an d'Gesetz ageschriwwen. An nodeems d'Aarbechten dann ofgeschloss sinn, da gëtt gesot, jo elo huele mer awer deen Dossier trotzdeem op de Leescht, da ruffe mer elo an den nächste Wochen a Méint déi eenzel Leit an d'Kommissioun, fir do déi verschidde Meenungen an Avisen ze héieren, fir eis dann eng Meenung ze maachen.

Fir d'DP ass et kloer: Mir si fir en allgemenge Wäerteunterrecht; dat steet och kloer an eisem Wahlprogramm.

Ech hat och an der Kommissioun, zesumme mat der Madame Brasseur, Amendementer déposéiert, fir eben déi Lacune do nozebesseren, déi d'Sozialiste vergiess haten. Mä leider sinn déi Amendementer dee Moment ofgelehnt ginn.

Ech muss awer soen, se sinn nëmme lauwaarm ofgelehnt ginn. Et waren der do, déi hu laang gezéckt ier se d'Hand ausgestreckt hunn. Déi hätten also kënne mat deenen Amendementer liewen.

Dat war awer nëmmen e Vote an der Kommissioun an duerfir, géif ech mengen, wier et gutt fir nach eng Kéier dee Vote hei an der Chamber nozehuelen. Vläicht fanne mer dann hei eng Majoritéit, well do jo awer - hat ech gemengt - e grousse Konsens besteet. Bon, et ass kloer, wéi an anere gesellschaftspolitesche Froe kënne mer hei nëmme virukomme mat enger Majoritéit jensäits vun der CSV.

Duerfir, Här President, wéilt ech hei nach eng Kéier déi Amendementer déposéieren déi froen, datt mer en allgemenge Wäerteunterrecht an eise Schoulen aféieren amplaz vum Reliounsunterrecht.

***Amendement 1***

*L'article 7 est modifié et aura la teneur suivante:*

***Art. 7.** Le premier cycle de l'enseignement fondamental comprend les domaines de développement et d'apprentissage suivants:*

*1. le raisonnement logique et mathématique;*

*2. le langage, la langue luxembourgeoise et l'éveil aux langues;*

*3. la découverte du monde par tous les sens;*

*4. la psychomotricité, l'expression corporelle et la santé;*

*5. l'expression créatrice, l'éveil à l'esthétique et à la culture;*

*6. la vie en commun et les valeurs <u>à travers l'éducation aux valeurs.</u>*

*Les deuxième, troisième et quatrième cycles de l'enseignement fondamental comprennent les domaines de développement et d'apprentissage suivants:*

*1. l'alphabétisation, les langues allemande, française et luxembourgeoise;*

*2. les mathématiques;*

*3. l'éveil aux sciences et les sciences humaines et naturelles;*

*4. l'expression corporelle, la psychomotricité, les sports et la santé;*

*5. l'éveil à l'esthétique, à la création et à la culture, les arts et la musique;*

*6 la vie en commun et les valeurs enseignées <u>à travers l'éducation aux valeurs</u>.*

*<u>Les contenus et finalités des cours de formation morale et sociale et d'instruction religieuse et morale sont assurés par l'éducation aux valeurs. L'éducation aux valeurs, prenant en compte aussi bien la diversité croissante des cultures et des convictions religieuses et philosophiques que la nécessité de veiller à l'intégration de ces diversités dans un climat de respect et de tolérance réciproques, a pour mission de transmettre aux élèves une connaissance appropriée des grandes religions et familles de pensée au plan mondial. Elle tient spécialement compte des réalités de la société luxembourgeoise en réservant une place adéquate à la présentation authentique des divers courants de pensée religieuse et humaniste présents dans le pays.</u>*

*L'éducation aux médias est intégrée dans les différents domaines.*

*Les sujets de promotion de la santé sont définis conjointement par les ministres ayant l'Éducation et la Santé dans leurs attributions.*

*Les activités d'appui pendant et en dehors des heures de classe et l'aide aux devoirs à domicile soutiennent les apprentissages.*

*L'article 8 est modifié et aura la teneur suivante:*

***Art. 8.** Un règlement grand-ducal fixe un plan d'études qui définit les socles de compétences à atteindre à la fin de chaque cycle, les programmes ainsi que les grilles des horaires hebdomadaires.*

*L'article 11 est modifié et aura la teneur suivante:*

***Art. 11.** Les équipes pédagogiques peuvent utiliser du matériel didactique en dehors du matériel recommandé par le ministre ou la ministre, à condition que son utilisation ait été approuvée par le comité d'école et qu'il soit conforme au plan d'études.*

*L'article 12 est modifié comme suit:*

***Art. 12.** Le cours d'éducation <u>aux valeurs</u> est donné par un instituteur dans les locaux de l'école que fréquentent les élèves à raison de deux leçons hebdomadaires fixées à différents jours de la semaine, sauf dérogation accordée par le ministre ou la ministre.*

*L'organisation des cours d'éducation <u>aux valeurs</u> fait partie intégrante de la délibération annuelle du conseil communal sur l'organisation scolaire.*

*L'article 52 est modifié et aura la teneur suivante:*

***Art. 52.** L'inspecteur d'arrondissement assiste obligatoirement à la ou les séance(s) de la commission scolaire consacrée(s) à l'organisation scolaire. Il est invité également aux autres séances. Le secrétaire de la commission lui fait parvenir à cet effet les ordres du jour et les rapports des séances.*

*Selon les besoins et au moins une fois par trimestre, la commission scolaire invite un représentant de l'équipe multiprofessionnelle concernée, un représentant du service ou de l'organisme assurant l'accueil socio-éducatif, un médecin scolaire ou un membre de l'équipe médico-socio-scolaire concernée ainsi que d'autres experts.*

*Les personnes invitées assistent à la séance avec voix consultative.*

*L'article 54 est modifié comme suit:*

***Art. 54.** La commission scolaire nationale se compose:*

*1. de quatre membres à nommer par le ministre;*

*2. d'un membre à désigner par le ministre ayant la famille dans ses attributions;*

*3. d'un membre du personnel de l'enseignement postprimaire à désigner par le ministre;*

*4. de l'inspecteur général de l'enseignement primaire;*

*5. d'un inspecteur de l'enseignement primaire à élire par et parmi ses pairs;*

*6. de quatre instituteurs de l'enseignement fondamental à élire par et parmi leurs pairs;*

*7. d'un représentant des autorités communales à nommer par le ministre sur proposition du Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises;*

*8. de deux parents d'élèves nommés par le ministre sur proposition de l'organisation représentative des associations des parents d'élèves.*

*Le ministre désigne parmi les membres le président, le vice-président et le secrétaire de la commission. Il désigne en outre un secrétaire administratif.*

*Est reconnue organisation représentative des associations des parents d'élèves par le ministre, l'organisation qui compte parmi ses membres affiliés la majorité des associations sans but lucratif de parents d'élèves de l'enseignement fondamental dûment constituées.*

*Le mandat des membres de la commission a une durée de cinq ans. Ce mandat est renouvelable.*

*Les membres cessent de faire partie de la commission scolaire nationale quand ils ne remplissent plus les conditions de représentation requises. Dans ce cas, ainsi qu'en cas de démission, de révocation ou de décès d'un membre, il est pourvu, dans le délai d'un mois, à la vacance de poste par la désignation d'un nouveau membre qui achève le mandat de celui qu'il remplace.*

*Une fois par trimestre, le directeur de l'Éducation différenciée, le directeur du Centre de logopédie, un représentant du ministre ayant l'Enseignement supérieur dans ses attributions, un responsable de la médecine scolaire désigné par le ministre ayant la Santé dans ses attributions, sont invités à assister à la réunion de la commission.*

*Pour l'aider à remplir ses missions, la commission peut s'adresser à des organismes ou institutions luxembourgeois ou étrangers. En outre la commission peut s'adjoindre des experts et les charger d'études ponctuelles.*

*L'article 57 est modifié et aura la teneur suivante:*

***Art. 57.** La surveillance des écoles est exercée:*

*1. en ce qui concerne l'État, par le ministre,*

*2. en ce qui concerne la commune, par le conseil communal et le collège des bourgmestre et échevins, chacun selon ses compétences.*

*L'article 60 est modifié comme suit:*

***Art. 60.** L'inspecteur de l'enseignement primaire assure la surveillance des écoles de l'enseignement fondamental, publiques et privées, et de l'enseignement à domicile dans son arrondissement.*

*À cet effet, il s'assure de la bonne marche des écoles et veille à l'observation des lois, règlements et directives officielles.*

*Il coordonne les actions des présidents des comités d'école de son arrondissement.*

*Il exerce le pouvoir hiérarchique sur le personnel des écoles de son arrondissement. Il informe le ou la ministre des manquements disciplinaires éventuels du personnel précité. Le ministre procède conformément aux dispositions énoncées dans la loi fixant le statut général des fonctionnaires de l'État.*

*Il surveille l'ensemble des activités d'apprentissage ayant lieu pendant l'horaire scolaire.*

*Il soutient le dialogue et la concertation entre les partenaires scolaires.*

*Il participe à la mise en œuvre des plans de réussite scolaire.*

*Il assure la présidence de la commission d'inclusion scolaire de son arrondissement et il exerce le pouvoir d'instruction sur les membres de l'équipe multiprofessionnelle dans le cadre de leurs interventions dans les écoles.*

*L'article 68 est modifié comme suit:*

***Art. 68.** Le personnel des écoles peut comprendre:*

*1. des instituteurs de l'éducation préscolaire;*

*2. des instituteurs de l'enseignement primaire;*

*3. des instituteurs d'enseignement spécial;*

*4. des professeurs d'enseignement logopédique;*

*5. des pédagogues;*

*6. des psychologues;*

*7. des pédagogues curatifs;*

*8. des orthophonistes;*

*9. des rééducateurs en psychomotricité;*

*10. des ergothérapeutes;*

*11. des assistants sociaux;*

*12. des puériculteurs;*

*13. des éducateurs gradués;*

*14. des éducateurs;*

*15. des infirmiers;*

*16. des bibliothécaires documentalistes;*

*17. des chargés de cours.*

*Le personnel de l'école peut être assisté par des enseignants de cours en langue maternelle pour enfants de langue étrangère ainsi que par des médiateurs interculturels.*

*(s.) Eugène Berger.*

**M. le Président**.- Merci, Här Berger.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Här President, ech kann net an den Detail vun dem ganze Gesetzesprojet agoen. Ech wëll dat och net maachen. Dir hutt dat schonn als Rapporteur relativ ausféierlech gemaach. Ech hunn elo haaptsächlech e puer vun deene wichtegsten a kruziale Punkten erausgegraff, op deene mir net d'accord si mat dem Projet vun der Regierung, respektiv wou mir der Meenung sinn, datt eppes feelt oder aneschters misst ugepaakt ginn.

Ier ech zu menge Konklusioune kommen, wëll ech awer nach e puer allgemeng Remarquen zu den Défië vun der Lëtzebuerger Schoul maachen, déi mer net am Gesetz behandelt hunn, déi een och net esou einfach an e puer juristeschen Zeile ka léisen, un déi mer awer an nächster Zukunft resolut erugoe mussen. Dat ass an allereischter Linn de Sproochenunterrecht. D'Sprooch erméiglecht dem Mënsch Kommunikatioun a sozial Integratioun. Si ass vu grondleeënder Wichtegkeet fir d'Léierprozesser, fir de Schoulwee, fir d'Beruffswelt.

Mir stelle fest, datt an der Lëtzebuerger Schoul d'Sproochenufuerderungen, mä och déi Aart a Weis, wéi mer un d'Sproocheléieren eruginn, eng Haaptursaach vun deene meeschten Échecen ass. D'Méisproochegkeet soll am Fong e Virdeel sinn, kéint et och sinn, mä an der Realitéit stellt se eng vun den Haaptschwieregkeeten am Lëtzebuerger Schoulsystem duer. Et ass de gréisste Problem am Hibléck op d'Integratioun vun eisen auslännesche Kanner, wou mer feststellen, datt si systematesch wéinst Sproochenexigenzen net zu engem Schouloftschloss kommen. Ech hat dat jo och scho virdrun illustréiert, am Ufank vu menger Interventioun, mat deene verschiddenen Etüden, PISA an anerer, wourauser dat och ervirgeet.

D'Sproochenufuerdernisser sinn och eng grouss Schwieregkeet fir vill lëtzebuergesch Kanner. Dat muss een och ervirhiewen. Mir sinn dat eenzegt Land wou esou grouss Ufuerdernisser a ville Sprooche vu Kanner verlaangt ginn. An dat gëtt och fir vill Lëtzebuerger Schüler, awer och fir auslännesch Schüler, zu enger oniwwerwannbarer Hürd. Dat däerf net méi sinn. Duerfir musse mer och hei konsequent nei Weeër goen, net zu lescht och am Sënn vu Chancëgläichheet.

D'DP plädéiert derfir, datt d'Sprooche musse konsequent als Friemsproochen enseignéiert ginn, datt onbedéngt méi Wäert op d'kommunikativ Kompetenzen am Sproochenunterrecht muss geluecht ginn. D'DP proposéiert och de Kanner de Choix unzebidden, a wat fir enger Sprooch se alphabetiséiert ginn, op Däitsch oder Franséisch. Ëmmer méi Experten, déi sech mam Lëtzebuerger Sproochenunterrecht a -Kontext ausenanersetzen, plädéieren och derfir.

Ech wëll elo net op all déi Detailer agoen, wéi dat herno kéint an der Praxis ausgesinn, mä et gëtt an der Suite dann och Sproochefilièren, wou d'Gewiichtung vun den eenzelne Sproochen dann ënnerschiddlech ass a wou d'Ufuerdernisser och herno differenzéiert sinn. Haaptzil muss et sinn, datt d'Sproochen net méi eng Hürd, mä en Atout vun der Lëtzebuerger Schoul ginn, datt se net méi e Facteur vun Exklusioun sinn, mä vun Integratioun a Chancëgläichheet.

En allerleschte Punkt, Här President, ass deen, datt mer och Iwwerleeunge musse féiere fir d'Orientatioun an de Schoulen ze verbesseren an ze iwwerdenken. Ech géif gären och soen d'Selektioun, well et jo am Endeffekt de Moment nach ëmmer esou ass, an déi geschitt oft vill ze fréi.

Mir missten de Courage hunn och déi Problematik méi resolut unzegoen an och do méi op d'Experten ze lauschteren. Wéi aus eisem Éducatiounspabeier ervirgeet, kéinte mir eis virstellen, datt een d'Orientatioun net eleng am 6. Schouljoer mécht an ofschléisst, mä och nach d'Septième mat aschléisst. Ech perséinlech kéint mir och virstellen, datt een eng Kéier op de Wee géif goen d'Schüler alleguerte méi laang zesummenzehalen, ier ee se dann an déi verschidden Ordres d'enseignement orientéiert.

Här President, ech kommen awer elo zu menge Konklusiounen. Fir all Kand hei zu Lëtzebuerg gläich Chancen a Méiglechkeeten ze ginn, sech zu engem kompetente Mënsch an der Gesellschaft an am Grupp ze entwéckelen, musse mer eis öffentlech Schoul reforméieren. Virun allem musse mer nei Weeër am Schoulhalen, an de Methoden, an der Bewäertung, am Sproochenunterrecht, an der Integratioun vun all eise Kanner goen. Sécherlech besteet doriwwer bei villen och heibannen e Konsens.

Dëst Gesetz gëtt sech awer net déi Moyenen, net déi néideg Strukture fir noutwenneg Schoulreformen effizient ëmzesetzen. Doduerjer gi Reforme falsch ugepaakt a riskéieren ze scheiteren. Et feelen och wichteg Aspekter, déi onbedéngt hätte missen an enger Schoulreform derbäi sinn: D'Integratioun vun de behënnerte Kanner, eng Reform vum Inspektorat, eng nei Orientatioun, en allgemenge Wäerteunterrecht, de Schouldirekter.

Hei sinn noutwenneg Reforme verpasst ginn a mer wäerten dës Texter schnell erëm an deenen nächste Jore mussen op de Leescht huelen. Dat Gesetz vun 1912 huet bal 100 Joer gehal. Dat hei ass awer sécherlech keen esou e Jorhonnertwierk, mä eent vun de verpasste Chancen. D'Demokratesch Partei wäert dofir dëst Gesetz net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Berger. Den nächste Riedner ass den Här Ben Fayot. Här Fayot, Dir hutt d'Wuert.

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Här President, d'LSAP begréisst dëst Gesetz wéi och déi dräi aner, déi mer muer hei wäerten diskutéieren an ofstëmmen. Déi véier Gesetzer bilden e Ganzt. Si realiséieren de Regierungsprogramm op engem wesentleche Punkt a si bréngen e Meilesteen an der Erneierung vun der Lëtzebuerger Schoul. Dofir si mir och iwwerzeegt, dass se fir d'Schoul ganz vill Positives wäerte bréngen.

Fir d'éischt emol wëll ech drop hiweisen, dass dës Gesetzer, no véier an engem hallwe Joer CSV/LSAP-Regierung, den Ofschloss vun enger vaster Reflexioun sinn, och vu villen Diskussiounen, grad esou gutt wéi parlamentarescher Aarbecht. Et ass keng ideologesch oder dogmatesch Reform. Et ass eng inhaltlech, méi wéi eng strukturell Reform, a setzt also op eng kohärent Gesamtapproche, opgrond och vu ville Schoulversich, déi scho virdru stattfonnt hunn. Déi Reflexioun war natierlech néideg, well mer laang Joren eigentlech näischt Fundamentales un der Schoul geännert hunn an och déi viregt Regierungen eigentlech ni un déi Gesamtreflexioun erugaange sinn.

Mir hunn et haut mat enger ganz diverser Schoulpopulatioun ze dinn, mir hunn et mat Problemer vun Échec scolaire ze dinn, mir hunn et och mat der Noutwennegkeet ze di fir déi Schoul un d'Donnéeë vun haut unzepassen. Dat ass also eng Risenaarbecht gewiescht, fir déi ech selbstverständlech d'Ministesch félicitéieren, déi sech ganz vill doranner impliziéiert huet, perséinlech ganz staark engagéiert huet. Natierlech well ech och déi zoustänneg Chamberskommissioun an de Rapporteur fir säi Rapport begléckwënschen.

D'Chamberskommissioun huet, iwwer all Differenzen ewech - dat ass hei och scho gesot ginn -, intensiv un dëse Projete geschafft, egal ob elo Divergenzen op dem engen oder dem anere Punkt waren. Ech hat perséinlech gehofft, dass dës Reform, déi wierklech eng fundamental Reform ass, méi eng grouss Majoritéit iwwert déi vun der Majorité gouvernementale eraus fonnt hätt, well wéi bei alle Gesellschaftsreforme vun dëser Portée ass et wichteg, dass se politesch och ganz breet gedroe gëtt.

Et ass sécher och schonn interessant, dass déi Reform, soubal wéi se gestëmmt ass, fir d'Joer 2009-2010 ëmgesat gëtt, op jidde Fall deelweis ëmgesat gëtt, an et ass grad esou kloer, dass dës Reform eigentlech eng éischt Etapp ass an dass duerno weider Reforme musse kommen, besonnesch wat d'Folleg vum Fondamental, also d'Charnière zwëschent dem Secondaire an dem Fondamental, déi ënnescht Klasse vum Secondaire - général oder technique - betrëfft, well eben do, wéi mer jo wëssen, d'Bildungschancë fir d'Kanner sech determinéieren, ob se a méi eng akademesch Carrière ginn oder an aner Carrièren.

Här President, vun der Schoul fuerdere mer villes, esou wéi mer dat selbstverständlech och vun de Kanner verlaangen. D'öffentlech Schoul ass jo e wesentlecht Instrument fir sozial Kohesioun an onser Gesellschaft, an dofir engagéiere mer ganz vill Mëttelen, ganz vill Personal an och ganz vill Infrastrukturen.

Déi öffentlech Schoul ass en Instrument fir Chancëgläichheet an och fir sozial Solidaritéit. Et ass do wou ons Gesellschaft vu muer sech opbaut, wou se sech erausbilt. Déi Schoul ass och e multikulturelle Milieu a preparéiert als solch d'Integratioun vu ville sougenannten auslännesche Kanner.

Ech wollt iwwregens a Klameren eng Remarque maachen: Mir gesinn an de Statistiken, dass mer iwwer 40% sougenannt auslännesch Kanner hunn. Natierlech ass dee Prozentsaz e ganz diversen. Do gëtt et Kanner, déi zwar eng auslännesch Nationalitéit hunn, mä déi awer hei zu Lëtzebuerg gebuer sinn, déi vollkommen integréiert sinn, op jidde Fall sproochlech; an da gëtt et Kanner, déi Einsteiger sinn, déi am Laf vun dem Enseignement fondamental an d'Land erakomm sinn, déi also reng auslännesch Kanner sinn. Et wär sécher gutt, wann een och déi Konzepter do vun auslännesche Kanner a Lëtzebuerger Kanner an de Statistiken e bësse méi géif affinéieren, fir d'Schoulrealitéiten no bausse méi kloer ze gesinn.

Zu där Infrastruktur, déi mir do schafen, der öffentlecher Schoul gehéiert selbstverständlech den Encadrement an och déi Méiglechkeet, déi am Gesetz besteet fir eng Journée continue, also eng Ganzdagsschoul ze organiséieren.

D'Kompetenze fir deen Encadrement sinn nom Gesetz bei der Éducation nationale an och beim Familljeministère. Ech muss soen, dass ech dat eigentlech net gutt fannen. Ech hätt et och besser fonnt, wann d'Éducation nationale fir deen Encadrement eleng zoustänneg wär, well fir ons den Encadrement, wéi och eng Journée continue, e Ganzt ass. Esou wéi d'Schoulhale fir d'Kanner wichteg ass, esou ass och deen Appui, dee se kréien, deen Encadrement socioculturel, déi Spilltätegkeeten, déi se an dem Encadrement kënne kréien, wichteg, an dat soll konvergent, onser Usiicht no vun engem Ministère pilotéiert ginn.

Här President, d'Schoul ass e Liewensmilieu fir d'Kanner. Esou verschidden hire Milieu ass, wou se hierkommen, esou verschidden och hir Talenter a Fäegkeete sinn, d'Qualitéit vun deem Milieu vun der Schoul wäert déi Kanner fir hiert Liewe markéieren, am gudde wéi am schlechte Sënn.

Dat heescht also, dass et onwahrscheinlech wichteg ass, dass dee Milieu, dee mer an der Schoul schafen - an aller Hisiicht, ob et d'Infrastruktur, ob et d'Personal, ob et den Encadrement ass -, qualitativ héichstehend ass. Et geet net nëmmen duer fir ze soen: Mir hu vill Suen doranner investéiert. Et geet och dorëm, dass dee Milieu qualitativ esou ass, dass all Kanner sech kënnen do entfalen, dass se och glécklech sinn an deem Milieu an dass se net onglécklech sinn, wa se aus der Schoul erausginn. Dat ass op jidde Fall eppes, wat mäin héchste Wonsch wär.

D'Aufgab ass jo, all Kand d'Méiglechkeet ginn, sech ze entfalen - op alle Pläng - an dat ze erreechen, wat a senge Mëttelen ass. An duerfir muss ech soen, wat mer eigentlech un deem Usaz vun där ganzer Schoulreform, net nëmmen an dësem Gesetz, mä och an aneren Initiativen, déi an deene leschte Jore geholl gi sinn, am beschte gefält, dat ass déi positiv Approche - net déi negativ Approche, déi an onser Schoulpolitik ze laang dominéiert huet.

Amplaz d'Kanner duerch Feeler negativ ewechzeselektionéieren, also Matière grise perdue, 40% ewech, op d'Säit ze maachen, fir dann déi 60 bis zum Enn ze féieren, musse mer menger Asiicht no d'Kanner individuell esou huelen, wéi se do sinn, se förderen a kucken, se zur Entfalung ze bréngen. Net all Kand selbstverständlech - dat wësse mer - kann Unisprof ginn, mä ech mengen, all Kand kann eng Formatioun kréien, ka bis zu engem gewëssen Niveau sech entwéckelen, dee sengen Talenter entsprécht, a wou et dann och säi Gléck domat fënnt.

Här President, d'Grondschoul vu muer ass keng komplett aner oder nei Schoul wéi déi vun haut. Dëst Gesetz ass kee Broch par rapport zu deem, wat elo besteet. Et setzt eigentlech Steng, neier an och aler, esou zesummen, dass doraus e staark renovéiert, e modernt Haus entsteet.

Mir wëssen, dass et an der Schoul dobaussen, och an deene leschte Joren, eng ganz Partie interessant Initiative ginn ass, ob dat um Plang vum „team teaching" ass, ob et um Plang vun der individueller Approche vun de Kanner ass. Mir hunn elo e Schoulversuch vun integrativer Schoul am Primärunterrecht mat „Eis Schoul" gemaach. Also, bestehend Steng oder Iddien, déi et schonn dorëmmer ginn huet, gëllt et zesummenzesetzen a se och - wéi soll ech soen? - duerch hiert Aschreiwen an d'Gesetz esou ze verallgemengeren, dass se och fir jiddweree gëllen. Zum Beispill ersetzen d'Cyclen déi eenzel Joren. D'Versetzung geschitt no zwee Joer an der Regel, heiansdo emol no engem Joer, oder fir anerer no dräi Joer.

Dat ass eng Iddi, Här President, déi eigentlech scho längst dorëmmer geeschtert, nämlech nom individuelle Rhythmus vum Kand ze erméiglechen, dass een, deen am Ufank zum Beispill net esou gutt matkënnt, eppes méi lues ka maachen. Amplaz en herno redoubléieren ze loossen, datselwecht stupid nach eng Kéier maachen ze loossen, gëtt dee Rhythmus esou adaptéiert, dass e Kand sech kann domat entfalen. Et gëtt also kee Redoublement méi, mä amplaz eng méi lues Approche iwwer méi laang Zäit.

Zweete Punkt: d'Kompetenzen. D'Kompetenze ginn elo ausdrécklech niewent de kognitive Kenntnisser agefouert. Dat gëtt et sécher a ville Schoulen, a vill Enseignanten oder all d'Enseignanten hunn dat am Fong geholl gemaach - e bëssen, wéi den Här Jourdain Prosa gemaach huet. Dat heescht, si hunn d'Kanner Saache geléiert an hu probéiert se ze léiere mat deene Saachen ëmzegoen a mat deene Saache weider Saachen ze léieren.

Et gëtt een Titulaire an der Schoul, wéi et en nach ëmmer ginn huet. Mä all Titulaire an och all Personnel éducatif maachen zesummen eng Équipe. Dat gouf et och schonn. Et gëtt der op ville Plazen - Équipen. Mä net iwwerall. An et ass gutt, dass dat am Gesetz steet, dass et se iwwerall soll ginn. Et gëtt och gekuckt, an dat ass et och scho ginn, wat fir Kanner een an der Klass huet, wéi hire Milieu ass, wéi hir Problemer sinn, wéi d'Verhältnisser sinn, wat een asetze muss, wat fir Mëttelen ee muss asetzen, fir dass déi Kanner weiderkommen. Dat heescht, de Plan de réussite scolaire, wéi en am Gesetz steet, ass eigentlech konkret praktizéiert ginn, vläicht net ënnert deem Term, vläicht net mat där Systematik, déi elo am Gesetz ass, mä en ass praktizéiert ginn.

D'Noutwendegkeet wéi gesot vun der Schoul a vum Encadrement hunn ech ervirgehuewen. Dat ass och eng Iddi, déi schonn oft diskutéiert ginn ass, wou schonn oft gefuerdert ginn ass, dass dat enk matenee muss geschéien.

D'Evaluatioun ass sécher säit 1996 schonn net méi einfach eng Evaluatioun mat Nummeren, mat Noten, mä et ass eng Evaluation formative, déi och als Dossier e Kand begleet. Wat och interessant ass, dat ass, dass am Text vum Gesetz steet, dass deen Dossier um Enn vum Fondamental, also nom 6. Schouljoer, un den Direkter vum Lycée geet, fir dass den Direkter vum Lycée also weess, mat wat fir Kanner en ze dinn huet. Dat ass wichteg fir den Iwwergang an, op jidde Fall, fir dem Direkter vum Lycée d'Méiglechkeet ze ginn, d'Kanner kennen ze léieren.

Wat och nach un dëser Approche interessant ass, dat ass, dass mer eigentlech déi permanent Reflexioun iwwert d'Schoul an der Struktur vum Gesetz dran hunn. Fir d'éischt emol hu mer jo bei den Enseignanten ewell eng Formation universitaire initiale. Ech huele jo un, dass bei där Formation universitaire esou eng kritesch Reflexioun iwwert déi eege Praxis mat dran ass. Et ass jo kloer, dass en Enseignant net 30 Joer laang oder 40 Joer laang, wéi et elo gesot ginn ass, ëmmer datselwecht mécht an dobäi mengt, en hätt domat d'Wourecht mat der décker Zéif. Et ass wichteg, dass en Enseignant seng Praxis reflektéiert an dass e sech Gedanke mécht iwwert d'Réussite vu senge Kanner an iwwert d'Problemer, déi seng Kanner hunn. An dat, hoffen ech, ass op jidde Fall an där universitärer Formatioun vum Léierpersonal, déi mer jo elo hunn, dran.

Dozou gehéiert selbstverständlech d'Formation continue. Ech gesinn och déi Formation continue net nëmmen als eng Transmissioun vun neie Recetten, mä virun allem als eng Weiderbildung iwwert de Wee vun der eegener Recherche an der eegener Reflexioun.

De Fait, dass mer e Plan de réussite scolaire hunn, muss jo och Ulass ginn zu enger Evaluatioun, déi ee mécht vun deem wat een um Enn vun deem Plan de réussite scolaire gemaach huet, gradesou gutt wéi den Travail en équipe, deen och am Gesetz dran ass, eng Garantie ass, a mengen Aen, fir eben déi Evaluatioun an déi Reflexioun; also Recherche och vun neie Modeller, vun neie Methoden, déi een domat muss engagéieren.

Och zum Beispill déi Aarbecht vun där Commission d'inclusion scolaire, déi jo awer mat ville Spezialisten zesummeschafft, ass eng Aarbecht, déi an déiselwecht Richtung geet. An dat alles ass a mengen Ae wesentlech fir all eenzelnen Enseignant, och deen um Terrain, an eng Reflexioun mat ze engagéiere mat anere Kolleegen zesummen, an eng permanent Reflexioun iwwer seng Praxis an iwwert d'Schoul, déi gehale gëtt, an dann och natierlech iwwer seng Responsabilitéit vis-à-vis vun de Kanner.

Nach eng Kéier: Vill Enseignantë maachen dat elo schonn. Dat ass jo ganz kloer. An et ass och ganz kloer, dass dofir d'Konditioune musse geschaf ginn, fir dass dat fonctionnéiert.

Ech hoffen och, dass d'Uni Lëtzebuerg, déi mer jo säit 2003 hunn - dat ass och eng nei Donnée fir esou e Gesetz -, ganz staark mat dobäi hëllefe iwwer Instrumenter, iwwer Konzepter, déi se den Enseignantë liwwert.

Och déi Projets pilotes, déi an deene leschte Joren an der Schoul à l'intérieur vun der École publique geschitt sinn, verhënneren, dass d'öffentlech Schoul zu engem Block gëtt ouni intern Flexibilitéit.

Ech hunn ëmmer bedauert, dass nei Modeller entstane sinn niewent der öffentlecher Schoul, op privater Basis. An ech war ëmmer der Meenung, dass et soll méiglech sinn, dass een an der öffentlecher Schoul bannendran déi Flexibilitéit misst hu fir Schoulversich duerchzezéien - ob dat am Primaire oder am Secondaire ass - an déi Schoulversich ze evaluéieren an och d'Konklusiounen ze verallgemengeren.

Ech mengen, och de Partenariat mat den Eltere gëtt ons ganz sécher d'Geleeënheet um Terrain an der Schoul, fir och erëm eng Kéier déi Reflexioun iwwert d'Praxis vu baussen ze kréien, well d'Elteren hu jo awer e gutt Gespier fir dat, wat hir Kanner an der Schoul maachen, a wësse ganz genee, wéi dat bei hire Kanner ukënnt. An dat ass menger Usiicht no och e Gain fir d'Schoul, wann dee Partenariat gutt fonctionnéiert.

Här President, da kommen ech op déi Fro, déi den Här Berger an och d'Madame Hetto schonn ugeschwat hunn: déi berühmt Fro vun dem Schouldirekter. D'Madame Hetto huet gesot, mir brauchen an der Schoul e richtege Chef. Den Här Berger huet dat e bësse weider ausgefouert.

Am Gesetz steet de Modell, dass mer de Comité des enseignants an der Schoul hu mat engem President, dee vun deem Comité gewielt gëtt an deen och eng Nominatioun fir fënnef Joer kritt. Dat ass also - esou géif ech et emol nennen - e participative Modell. Anerer froen en Direkter wéi an de Lycéeën. Ech wëll mech hei net iwwert d'Direkteren an de Lycéeën ausloossen. Ech hunn iwwer 20 Joer an engem Lycée Schoul gehalen a weess also, wéi dat do fonctionnéiert - sur le plan de la réflexion pédagogique.

Dann héieren ech - an ech hunn dat och gelies, wat den Här Berger zitéiert huet aus dem „Lëtzebuerger Land" - dat Zitat, dat e bruecht huet fir ze soen, dass een d'Aufgab vun der pedagogescher Erneierung an d'Erneierung insgesamt soll enger professioneller Leedung iwwerginn. Dat ass de Saz aus dem Artikel vum „Lëtzebuerger Land". Dat ass wierklech eng Reflexioun wäert, well de Punkt ass jo deen - an do huet de Berger Recht -, dass et schwéier ass…

***(Interruption)***

Entschëllegt, hat ech vergiess „Här" ze soen? Entschëllegt, ech menge selbstverständlech den honorabelen Här Berger.

Do huet den honorabelen Här Berger Recht, a wou e Recht huet, do huet e Recht.

Fir d'Innovation pédagogique, fir d'Erneierung vun de Methode bis op den Terrain ze kréien, fir also deen Enseignant, deen Dag fir Dag, Joer fir Joer seng Schoul hält, derzou ze kréien ze bougéieren, eppes aneschters ze maachen, dat ass net einfach. Dat wësse mer. Well mir hu jo nach ëmmer een Titulaire. A wann deen Titulaire hannert sech d'Dier zouméckt, dann ass e Chef a senger Klass. An duerfir ass dat en echte Problem, deen domat opgeworf gëtt.

Mir mengen awer, Här President, dass et eng Illusioun ass ze mengen, wann een eng Institutioun géif schafen, eng nei Institutioun, da wär de Problem geléist. Ech gleewen net dorun. Och zum Deel aus Erfahrung, muss ech Iech soen.

Ech gleewen net, dass, wa mer Problemer hunn a mir schafen eng nei Administratioun oder eng nei Institutioun oder an engem Gebai eng nei Stell mat engem Direkter, vläicht nach mat enger Sekretärin an engem Sous-Direkter derbäi, also erëm eng Kéier eng kleng Institutioun, dass et da géif vill besser goen, wéi wa mer um Terrain probéieren d'Leit derzou ze kréien, an engem Comité mat engem President zesummenzeschaffen an op déi Manéier d'Innovatioun duerchzebréngen.

Sécher ka keen d'Garantie ginn, dass dat fonctionnéiert. Mä ech fanne perséinlech, dass dat méi e participativen, méi en dynamesche Modell ass, wéi elo eng nei Institutioun ze schafen. An duerfir ware mir géint dee Schouldirekter. An obschonn ech och mengen, dass dat net elo esou e wesentleche Punkt ass, dass een dowéint elo d'Gesetz kéint unhuelen oder net unhuelen, ass et scho richteg, dass et en echte Pro-

blem ass fir d'Innovatioun an der Schoul duerchzesetzen a se och esou ze maachen, dass se permanent sech mécht vu Joer zu Joer, och sécher bei deene Jonken, wa se aus der Schoul kommen, oder och bei deenen Eeleren, wa se scho méi laang an der Schoul sinn a wa se hir Habituden hunn, fir se do zu neien Approchen ze kréien.

Et ass och hei geschwat ginn nach vum Wäerteunterrecht. Den honorabelen Här Berger huet déi Fro opgeworf a gesot, e géif Amendementer bréngen. Et ass ze bedaueren, dass, wéi de viregte Projet vun der Madame Brasseur och iwwert d'Reform vum Schoulgesetz 1912 abruecht ginn ass, d'Madame Brasseur net schonn den Här Berger un hirer Säit hat.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Mir kucken no vir!

**M. Ben Fayot** *(LSAP)*.- Jo, Dir kuckt no vir, mä ech muss trotzdeem drun erënneren, dass…

***(Interruption)***

…Här Berger, an där Koalitioun, wou Dir mat der CSV dra waart, och dee Reliounsunterrecht bliwwen ass. Dat ass aktenkundeg. An duerfir ass dat e bëssen onglaubwürdeg, wat Dir hei elo wëllt maache mat Ären Amendementer.

***(Interruption)***

Ech wëll Iech soen, ech perséinlech an och meng Partei si fir e Wäerteunterrecht, e reliounsneutrale Wäerteunterrecht, esou wéi mer en ugefaangen hunn. Dat ass an däser Legislatur geschitt an net an der viregter Legislatur, wéi Dir an der Regierung waart. Et ass am „Neie Lycée" e reliounsneutrale Wäerteunterrecht agefouert ginn, dee gutt fonctionnéiert, wou d'Relioune presentéiert ginn a wou d'Wäerter vum Zesummeliewen och enseignéiert ginn.

Ech sinn dermat d'accord, dass dat an enger Gesellschaft wéi onser - multikulturell a multireliéis - soll esou geschéien. Mir sinn op kee Fall d'accord, dass een iergendwann eng Kéier all d'Reliounen an d'ëffentlech Schoul soll loossen a jiddereen do seng eegen Zëppche kache soll loossen. Dat kënnt mat ons net a Fro.

Mä ech mengen - an do muss d'CSV menger Usiicht no och eng Kéier bougéieren -, dass mer eng Kéier esou e reliounsneutrale Wäerteunterrecht solle kréien. Dat deet onser Gesellschaft gutt. Dat deet der Kohesioun vun onser Gesellschaft ganz gutt.

Et ass also eng politesch Fro, déi och fir ons wichteg ass, mä et huet ons och geschéngt, dass een awer - ofgesinn dovunner, obscho mir dat net als secondaire considéréieren - eng ganz Partie Punkten an där Schoulreform elo direkt misst maachen.

Ech wëll dann och nach soen, Här President, dass mer zwar hei an dësem Gesetz näischt iwwert d'Sproochen hunn.

Dës Gesetzer enthale keng Bestëmmungen iwwert d'Manéier, wéi Sproochen enseignéiert ginn. Ech wëll awer dorun erënneren, dass d'Madame Delvaux an dëse véier an en halleft Joer vun hirer Amtszeit am Sproochenunterrecht fundamental Neies geschaf huet.

Si huet 2004, 2005 eng wëssenschaftlech fundéiert Bestandsopnahm vum Sproochenunterrecht zu Lëtzebuerg maache gelooss vum Conseil de l'Europe mat Lëtzebuerger Spezialisten - eppes wat et, säit ech weess, an där Qualitéit zu Lëtzebuerg ni ginn huet.

Si huet dorobber hin och e Plan d'action vu 47 Mesuren ausschaffe gelooss, déi elo scho kënnen an de Schoulen agesat ginn an déi selbstverständlech och an deene Klassen am Primaire an am Secondaire kënne gebraucht ginn an déi selbstverständlech komplementär absolut noutwendeg si fir dës Gesetzer. Dat wollt ech trotzdeem rappeléieren, well dat gëtt jo ganz liicht vergiess zu Lëtzebuerg. Wann eng Pressekonferenz eriwwer ass, mengt een, d'Saachen u sech wären och eriwwer.

Här President, fir ofzeschléisse vläicht just eng Remarque nach. D'Gesetz vun 1912 war jo e Gesetz vun Erneierung vun der Schoul, mä d'politesch Passiounen hu sech deemools net esou séier ëm d'Schoulneierunge gedréint, wann een emol déi Débatë liest - et ass interessant ze liesen -, mä et ass jo an der Haaptsaach dorëm gaangen, ob d'katholesch Kierch zu Lëtzebuerg an dëser Primärschoul nach ëmmer d'Soen hätt, ob se de Grëff op d'Schoul hätt an d'Schoul also eigentlech hiren Objet sollt bleiwen oder net.

Dat war deemools d'Ausenanersetzung. Dofir war se och esou hefteg. An dofir si jo déi Leit, déi fir dat Gesetz gestëmmt hunn, exkommunizéiert ginn; sinn all déi Zeitungen, déi sech derfir agesat hunn, op den Index gesat ginn. Et war also e rise Problem zwëschent der Schoul an der Kierch. Dat ass et haut net méi. Mir sinn haut net méi an deem Film. Mir sinn haut hei fir e Gesetz ze stëmmen, wat Neies mat Alem verbënnt. D'Richtung vun deem Gesetz stëmmt.

Et si wesentlech Reformen, déi doranner stinn, déi noutwendeg si fir Schoulgerechtegkeet ze schafen, fir d'Schoul un d'Gesellschaft unzepassen, fir de Kanner Échecen ze verhënneren. Dofir si mir der Meenung, well et hei ëm den Erfolleg vun all Kand geet, wat hei zu Lëtzebuerg wunnt, dass dës Schoulreform absolut wichteg ass. Mir wäerte se selbstverständlech mat grousser Begeeschterung stëmmen.

Merci.

**Une voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Fayot. Den nächste Riedner ass den Här Adam. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir unzefänke wëll ech dem Rapporteur a President vun der Kommissioun, dem honorabelen Här Scheuer, Merci soe fir säi mëndlechen a fir säi schrëftleche Rapport a fir säin onermiddlechen Asaz an der Éducatiounskommissioun.

Dëse Projet de loi war de 24. August 2007 vun der Madame Éducatiounsminister an der Chamber déposéiert ginn, zesumme mat dem Projet iwwert d'Obligation scolaire an deem iwwert d'Schoulpersonal. Ee véierte Projet ass den 28. Februar 2008 nogereecht ginn; deen iwwert d'Reform vum SCRIPT.

DÉI GRÉNG si frou, datt déi véier Projets de loi matenee fäerdeg gi sinn, fir datt si konnten an enger Woch op den Ordre du jour kommen. Dat war vun Ufank un esou geplangt. D'Regierung hat awer selwer op eemol net méi dru gegleeft an den Terrain preparéiert, fir déi Gesetzer kënnen zäitlech versat ze stëmmen.

Dat hat eis derzou verleet eng Proposition de loi ze maachen, fir datt déi éischt Schoulmeeschteren a Léierinnen, déi vun der Uni Walfer mat hirem Bachelor en Sciences de l'éducation kommen, net géife riskéieren tëschent de Still ze sëtzen. Wéi gesot, mir si frou, datt déi véier Projete matenee kommen. Mir deelen d'Positioun vum Regierungsrot, datt eis Proposition de loi 5960 net méi aktuell ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, d'Schoul ass eng Insel. Si steet ëmmer a Relatioun zu de gesellschaftleche Verhältnisser. D'Schoul ass eng lieweg Organisatioun. Si beweegt sech ëmmer virun, och wann d'Politik sech net beweegt. No engem jorzéngtelaange Reformstau si mer elo endlech derzou komm e Projet virleien ze hunn, deen dat aalt Schoulgesetz vun 1912 ersetzt. Nodeems blo-schwaarz schonn eng Kéier dru gescheitert sinn een neit Schoulgesetz bis zum Vote ze féieren, ass et rout-schwaarz elo gelongen een neit Gesetz duerch d'Instanzen ze kréien.

DÉI GRÉNG sinn awer enttäuscht vun dësem Gesetz. DÉI GRÉNG sinn der Meenung, datt mer mat dësem Gesetz kee Ruck duerch d'Lëtzebuerger Schoullandschaft kréien. Dëst Gesetz ass ee Jorhonnertgesetz andeems et ee bal 100 Joer aalt Gesetz ofléist. Vu sengen Ambitiounen hier, vu sengen Ausriichtungen op d'Zukunft, vu sengen Uspréch hier kann een dëst Gesetz éischter als eng Mise en conformité vun der aktueller Situatioun um schouleschen Terrain betruechten.

Dobäi gi vill bestoend Problemer net geléist. Wierklech nei Impulser entdecke mer keng. Ee modernt richtungsweisend Schoulgesetz fir d'Schoul vum 21. Jorhonnert, dat eis seet wéi mer eis Kanner zu kompetente kritesche Bierger erzéien, dat eis weist wéi d'Schoul zur sozialer Kohesioun an eiser Gesellschaft bäidroe kann, esou e Gesetz hu mer leider net zur Debatt virleien.

Wann eis sozialistesch Kolleegen iwwert d'Schoulreform schwätzen, kréien hir Rieden e reliéisen a léisende Charakter. Si schwätze vun engem Paradigmewiessel, wa se d'Kompetenzsockelen an d'Cycles scolaires an der Primärschoul entdecken. Méi wichteg wéi Priedegten nom Motto „Mir wëllen dat Bescht fir eis Kanner" - ech mengen, et ass keen heibannen, deen dat net wëllt -, ass et fir eis fir kloer Ziler ze formuléieren an dann ze kucken, ob mer mat eiser Aarbecht déi Ziler erreeche kënnen.

1912 waren d'Erausfuerderungen un d'Schoul anerer wéi haut. Op d'Erausfuerderunge vun 1912 wëll ech net méi agoen; déi stinn zum Deel och am Rapport. Et ass mer awer wichteg, léif Kolleeginnen a Kolleegen, op d'Erausfuerderungen, déi sech der Schoul haut stellen, anzegoen, ier ech mech am Detail mam Projet de loi auserneesetzen.

Grad wéi soss an der Welt huet sech zu Lëtzebuerg déi gesellschaftlech Situatioun verännert. Och zu Lëtzebuerg ass den Trend an d'Noutwendegkeet, datt all Erwuessenen, ob Mann oder Fra, ob bestuet oder net, schaffe geet, méi grouss wéi jee. Och zu Lëtzebuerg gëtt ee gudde Schoulofschloss ëmmer méi eng Bedingung fir um Aarbechtsmaart Fouss ze faassen. Och zu Lëtzebuerg gëtt et haut méi wéi jee virdrun Monoparentauxen a Patchworkfamilljen.

De Lëtzebuerger Schoulsystem kritt net eréischt zënter den internationale PISA-Studie virgeworf e wier sozial ongerecht, och d'MAGRIP-Etüd „Matière grise perdue", déi Enn de 60er Joren ënner anerem vum Gaston Schaber op de Wee gesat ginn ass, war däitlech an der Ausso: De soziale Milieu vum Schüler léisst zu Lëtzebuerg däitlech Prognosen iwwert de méigleche Succès vun deem Schüler an eisem Schoulsystem zou.

Zu Lëtzebuerg ass den Aarmutsrisiko fir Kanner méi héich wéi am EU-Duerchschnëtt. Den Aarmutsrisiko fir Kanner ass och sechs Prozentpunkte méi héich wéi den allgemengen Aarmutsrisiko hei am Land. Dëse Risiko läit bei Famillje mat Kanner méi héich wéi bei Familljen ouni Kanner a klëmmt mat der Zuel vun de Kanner. Den Aarmutsrisiko läit bei Elengerzéiende besonnesch héich. Wa mir dann eng Relatioun tëschent sozialem Milieu a schouleschem Erfolleg festgestallt hunn, dann ass selbstverständlech d'Schoul gefuerdert.

Awer, léif Kolleeginnen a Kolleegen, hei ass och d'Familljepolitik gefuerdert. D'Schoul muss sech beméien, fir all Kand gerecht Chancen ze ginn. Mä si muss hei vun der Familljepolitik, vun alle Politiken ënnerstëtzt ginn; soss kämpft d'Schoul en heroesche Kampf, dee se awer net gewanne kann.

Eng Familljepolitik, déi den Eltere mat Berodung a gudden Infrastrukturen zur Säit steet, déi op Fréifuerderung a sozialen Ausgläich setzt, dat ass den éischte Grondsteen, dee mir brauchen, fir eng erfollegräich Schoulpolitik ze bedreiwen.

Zu Lëtzebuerg wunnen a schaffe vill Leit, deenen hir Mammesprooch lëtzebuergesch net ass. An eise Spill- a Primärschoule sinn dat an der Moyenne ronn 50% vun de Kanner. Hei gëtt et erstaunlech Ënnerscheeder. An der Gemeng Fiels zum Beispill si 70% vun de Schüler auslännesch Schüler - dat sinn déi meescht hei am Land -, an an der Gemeng Béiwen un der Attert sinn et der manner wéi 10%, dat sinn déi mannst. Dat ass och nach ganz interessant, well déi zwou Gemengen net wäit auserneeleien. Déi leien allen zwou am selwechte Kanton Miersch am Zentrum vum Land.

An eise Schoule si mer ëmmer dervun ausgaangen, datt d'Kanner all géife lëtzebuergesch schwätzen. Mir alphabetiséieren op Däitsch a mir léieren Däitsch par assimilatioun. Mir stelle scho méi laang fest, datt dat net méi gutt fonctionnéiert a sichen no anere Méiglechkeeten. Duerfir hu mer ënner anerem och déi vill Mesuren zesummegestallt, vun deenen den Här Fayot virdru geschwat huet.

Déi demographesch Situatioun zu Lëtzebuerg ass also eng speziell. Awer och schonn déi historesch gewuesse sproochlech Situatioun ass eng extra. Am Sproochegesetz vun 1984 ass festgehale ginn, datt mir eng Nationalsprooch zu Lëtzebuerg hunn, d'Lëtzebuergescht, an dräi offiziell Sproochen: Lëtzebuergesch, Däitsch a Franséisch. Mir hunn also dräi offiziell Sproochen an déi fonctionnéieren net niewenteneen, mä mateneen. Dat ass eng grouss Erausfuerderung fir eise Schoulsystem a fir d'Sozialkohesioun vun eiser ganzer Lëtzebuerger Gesellschaft.

Déi demographesch an déi sproochlech Situatioun bei eis maachen et och onméiglech fir e Schoulmodell an d'Ausland kopéieren ze goen. Mir hunn ee Lëtzebuerger Modell fir eis Schoul a mir brauchen och ee Lëtzebuerger Modell. Mir mussen an d'Ausland kucke goe wéi aner Länner et besser maachen; zum Beispill a Finnland. Mir kënnen do eppes léieren. Mä aner Länner kënnen och op Lëtzebuerg kucke kommen, zum Beispill wéi mir mat deene villen Natiounen a Sprooche mat alle Schwieregkeeten awer nach relativ gutt eens ginn.

Mir hunn zu Lëtzebuerg eng speziell Situatioun. Mir brauchen och ee spezielle Lëtzebuerger Schoulmodell fir eis Problemer ze géréieren. Mä d'Ausbildung an d'Bildung vun eise Kanner a Jugendlechen ass natierlech an engem gesamteuropäesche Kontext ze gesinn. Mir hu méi Leit zu Lëtzebuerg schaffen, déi hir Formatioun am Ausland gemaach hu wéi am Lëtzebuerger Schoulsystem. Mir stelle mëttlerweil genausou vill Diplomer duerch Unerkennung vun auslänneschen Diplomer aus, wéi mer der u Schüler aus dem Lëtzebuerger Schoulsystem ausstellen. Dat kann eis an eisem Schoulsystem net egal sinn.

Et ass och ganz interessant an hëllefräich zum Beispill no den EU-Zilsetzunge vun der Lissabon-Strategie am Beräich Bildung a Formatioun ze kucken. Ech gräifen dräi vun deene fënnef Ziler, déi hei relevant fir dës Diskussioun sinn, eraus, déi sech d'EU fir 2010 gesat huet: D'Zuel vun de Schoulofbriecher soll ëm 10% gedréckt ginn. Déi lescht Statistiken aus eise Schoulen hunn den Androck ginn, wéi wa mer dat Zil erreecht hätten. Datt mer dës Positioun och hale kënnen oder nach verbessere kënnen, dat soll eist Zil sinn.

D'Zuel vun de ganz schlechte Lieser bei de 15-jährege Jonken, wéi mer se am PISA-Test feststellen, soll ënner 15,5% gedréckt ginn. Mir leien nach wäit iwwer 20%. Hei muss d'Schoul nach vill leeschten. Mä och hei däerf d'Schoul net elenggelooss ginn. Ech erënnere just un déi onzefriddestellend Förderung vun der Lieskultur zu Lëtzebuerg, d'Trauerspill nei Nationalbibliothéik. En anert Trauerspill ass de Mangel u Regierungsdynamik beim Opbau vun engem ëffentleche Bibliothéiks- a Mediathéiksréseau hei am Land.

D'Zuel vun de Jonken, déi e Secondairesschoulofschloss hunn, soll op 85% wuessen. Hei hu mer dee gréissten Defizit. Bei eis sinn dat knapp 70% vun deene Jonken. Am EU-Duerchschnëtt sinn et haut schonn ëmmerhi bal 78%.

Am Kloertext heescht dat: Mir bréngen ze wéineg Jugendlecher mat Erfolleg duerch de Secondaire. Mir mussen d'Aart a Weis, wéi mer Schoulleeschtunge certifiéieren, änneren. Hei läit eng vun deene gréissten Erausfuerderungen un de Lëtzebuerger Schoulsystem. Mir brauche méi gutt forméiert Jonker, déi Zougank zu universitairen oder anere postsecondairë Studien hunn. D'Weiche fir den Erfolleg am Secondaire ginn am Primaire gestallt. Dat däerfe mer net aus den Ae loossen, wa mer d'Schoul reforméieren.

DÉI GRÉNG sinn, gradesou wéi déi aner Parteien hei an der Chamber, der Meenung, datt dat neit Schoulgesetz an déi richteg Richtung geet. D'Schaffen no Kompetenzsockele schéngt sech allgemeng an der Pédagogie duerchzesetzen. Mir sinn och der Iwwerzeegung, datt hei e wichtege Grondsteen fir ee méi individualiséierten an differenzéierten Unterrecht geluecht ka ginn a muss ginn.

Datt mer d'Cycles d'apprentissage, vun deene mer an der Primärschoul jo scho ganz laang schwätzen, och elo an d'Schoulgesetz schreiwen, ass u sech weder nei nach e grousse Gewënn. Ech kommen nach dorop zréck.

Mir hunn e Gesetz virleien, dat an déi richteg Richtung geet. De Contraire wär jo carrément net auszehalen. Mä dat Gesetz geet eis net déif genuch, net wäit genuch. Et ass eis net couragéiert genuch.

DÉI GRÉNG si frou, datt mir an de Schoulen d'Dieren opmaache fir Équipes multiprofessionnelles. Dat heescht, och wann d'Haaptpersounen nach ëmmer d'Léierinnen a Schoulmeeschtere sinn, datt eng ganz Rei aner Beruffer hiren Zougank an d'Schoul fannen. Ënner wéi enge Konditiounen dat geschitt, do bleiwen nach vill Froen op.

DÉI GRÉNG si frou, datt de Partenariat Elteren/Schoul institutionaliséiert gëtt; och wa mer eis hei nach méi Courage erwaart hätten.

DÉI GRÉNG fannen d'Nominatioun vum Léierpersonal no där neier Prozedur besser wéi et virdru war. Dat war jo och net extra schwéier. DÉI GRÉNG sinn awer och iwwerzeegt, datt hei déi eng an déi aner Chance verpasst ginn ass.

DÉI GRÉNG stinn zur Iddi vun engem Contingent de leçons, deen all Schoul zur Verfügung gestallt gëtt, a bedaueren, datt dat eréischt 2019 soll voll zur Geltung kommen.

Den honorabele Rapporteur huet säi schrëftleche Rapport ugefaangen, andeems hien en historesche Réckbléck op d'Schoulentwécklung zu Lëtzebuerg ge-

maach huet. Mir huet e bësse gefeelt, datt hien net op de Certificat de moralité agaangen ass, deen de Schoulmeeschter am 19. Jorhonnert vum Paschtouer huet missen ausgestallt kréien, wann hie sech op en neie Poste gemellt huet.

Ech wëll och wéinstens mat engem Saz drun erënneren, datt ëm 1900 d'Schoulmeeschteren zu Lëtzebuerg ugefaangen hu sech gewerkschaftlech ze organiséieren an datt ënner anerem och dat wichteg ass fir d'Situatioun ronderëm d'Schoulgesetz vun 1912 ze verstoen.

Den honorabele Rapporteur huet eng Rei Gesetzer a sengem Rapport opgeziilt, déi och aus eiser Siicht méi oder manner wichteg sinn. Erstaunlech ass awer wat de Rapporteur net opgeziilt huet an an eisen Aen awer vun eminenter Wichtegkeet an der Schoulentwécklung zu Lëtzebuerg war.

Dir Dammen an Dir Hären, et sinn net ëmmer d'Gesetzer, déi d'Lëtzebuerger Schoullandschaft am meeschte verännert hunn. Heinsdo goung et schonn duer mat engem Règlement grand-ducal. Et huet eis onméiglech geschéngt eng Reflexioun iwwert dat aalt an dat neit Schoulgesetz ze maachen, ouni op de Règlement grand-ducal vum 3. Mee 1989 anzegoen, wou den deemolegen Unterrechtsminister Fernand Boden dem Léierpersonal seng Tâche d'enseignement direct ëm véier Stonne gekierzt an op 23 Stonne festgeluecht hat am Primaire.

Domat hat hien e Wee ageschloen, deen alles anescht wéi e séchere Wee war. Hien hat probéiert déi jorelaang Gehälterfuerderunge vun de Schoulmeeschteren ze ëmgoen. Doduerch, datt all Schoulmeeschter een Urecht op véier Iwwerstonnen hat, krut hie jo praktesch méi an der Pai, ouni dass sech eppes an der Gehältertabell bei der Fonction publique geännert hätt an ouni datt d'Leit Usproch, zum Beispill op méi héich Pensiounen, kritt hätten. An dëser Form war déi Réduction de la tâche emol net vun de Gewerkschafte gefrot.

Dat hat awer mat sech bruecht, datt eise ganzen Enseignement anstänneg op d'Kopp geheit ginn ass. Ëmmer méi Leit hunn zu Recht gesot, si géife keng Iwwerstonnen halen. D'Gemeng stounge virun engem gewaltege Problem, wou si da genuch Leit géife fanne fir Schoul ze halen.

***(M. Laurent Mosar prend la Présidence)***

E jorelaange rigouréisen Numerus clausus um ISERP hat schonn zu enger Pénurie vum Léierpersonal gefouert. Mam Här Boden sengem Règlement grand-ducal ass d'Situatioun eskaléiert. A wa mir haut nach ëmmer 20% net brevetéiert Enseignanten an eise Primärschoule schaffen hunn, dann ass dat ënner anerem och dem Här Boden säi Mérite.

Et sinn och emol net ëmmer Règlements grand-ducaux, déi fir grouss Verännerunge gesuergt hunn. Heinsdo war et eng einfach Lettre ministérielle. Esou ass de fräie Samschdeg an eise Schoule plus ou moins duerch d'Hannerdier vun der Lettre circulaire fir d'Schouljoer 2001/2002 duerch déi deemoleg Éducatiounsministesch Anne Brasseur agefouert ginn.

En éischte Schrëtt zou op de fräie Samschdeg ass scho vun der Madame Erna Hennicot-Schoepges geholl ginn, wou si als Konsequenz vun der Konventioun tëschent der Regierung an dem Bistum de Reliounsunterrecht vun dräi op zwou Stonne reduzéiert hat, den Horaire an eise Primärschoulen ass vun 30 op 29 Stonnen zréckgeschrauft ginn. Samschdes war dunn ëmmer um 11 Auer fräi, an et huet net laang gedauert bis déi éischt Gemengen hir Stonne kumuléiert hunn an all véierte Samschdeg schoulfräi ginn hunn.

An hirer Lettre ministérielle, fir op d'Madame Brasseur zréckzekommen, sinn d'Unterrechtsstonne vun de Kanner vu 29 op 28 Stonnen erofgesat ginn. D'Madame Brasseur hat déi Stonn „options et sujets divers" - wou kee sech esou richteg eppes konnt drënner virstellen, déi awer eng dankbar Stonn war, eng flott Pufferstonn, an déi schonn zënter éiwegen Zäiten am Stonneplang stoung - ofgeschaaft. Dunn hate mer nach just zwou Stonnen um Samschdeg leien.

Dee Wee, deen déi blo Ministesch deemools gewielt hat, war en Ierwee. Wann d'Madame Brasseur dee Moment, wou se op eng 28-Stonne-Schoulwoch eriwwergaange war, déi zwou Stonne vum Samschdeg op e fräien Nomëtteg geluecht hätt, dann hätte mir et haut vill méi einfach fir op de Wee vun enger Ganzdagsschoul ze goen.

Dat hätt een 2002 de Leit kënne schmackhaft maachen: Dir kritt samschdes ganz fräi an dofir kommt der zwou Stonne mëttes. Un der Stonnenzuel hätt sech weder fir d'Léierpersonal, nach fir d'Kanner eppes geännert. Déi Chance ass verpasst ginn. Et ass mat Minutten hantéiert ginn an ënnert dem Motto „Rythmes scolaires" si ganz onregelméisseg Stonnepläng entstan.

Mat der Madame Brasseur hirer Lettre ministérielle ass et wéi mam Här Boden sengem Règlement grand-ducal: Dat mécht haut kee méi réckgängeg.

Dir Dammen an Dir Hären, den éischte Punkt, wou eis Virstellunge sech net mat deene vun der Regierung iwwerschneiden, ass d'Definitioun vum Enseignement fondamental. Well et net evident ass wéi eng Terme sech eng Kéier am Lëtzebuergeschen duerchsetzen, bleiwen ech bei der franséischer Terminologie: «L'enseignement fondamental devrait être l'enseignement qui sert de fondement, l'enseignement qui a un caractère essentiel et déterminant.» Dat ass eis Erklärung vu fondamental. Déi deele mer mam „Petit Robert".

Fir eis ass den Enseignement fondamental nach net mat zwielef Joer ofgeschloss. Fir eis dauert déi essenziell elementar Schoulbildung esou laang wéi d'Kanner schoulpflichteg sinn; also bis 15 respektiv 16 Joer. Mir hätten eis also gewënscht, datt ee Gesetz iwwert den Enseignement fondamental net bei den 12-jährege Schüler ophält.

Eng Neierung ass, datt mir d'Spillschoul mat an d'Primärschoul huelen. Mir hoffen, datt dat eis net derzou verleet fir ze vergiessen, datt mer d'Kanner an hirer ganzer Perséinlechkeet musse förderen, an net just sollen drop virbereede Schüler ze ginn, déi am Schoulsystem fonctionnéieren.

Besonnesch bei klenge Kanner ass Förderung net datselwecht wéi schoulesch Förderung. Mir hu jo och ëmmer vun Éducation précoce an Éducation préscolaire geschwat, an net vun Enseignement précoce a préscolaire. Mir sinn eis also vill méi sécher, datt den Enseignement fondamental bei de Schüler vun zwielef Joer nach net eriwwer ass, wéi datt e bei de Kanner vun dräi Joer soll ugoen.

En zweete fundamentale Virworf, deen DÉI GRÉNG am Kader vum neie Schoulgesetz un d'Regierung riichten, ass de Fait, datt mir mat dësem Gesetz nëmme bedéngt e Schoulgesetz fir all Kanner maachen. Mir hunn 2009 en neit Schoulgesetz virleien, dat weiderhin eng parallell Struktur vun der Éducation différenciée virulafe léisst.

Dat ass aus eiser Siicht kee Schéinheetsfeeler. Dat ass eng Ënnerloossung, déi gravéierend ass an an engem moderne Schoulgesetz vum 21. Jorhonnert net dierft virkommen. Ech erkläre firwat.

Wéi am Schoulgesetz vun 1912 zu Lëtzebuerg déi allgemeng Schoulpflicht agefouert gouf, huet d'Schoulpflicht net fir all Kanner gegollt. Ausgeschloss waren déi Kanner mat enger Behënnerung, mat Ausnahm vun den Héier- a Séigeschiedegten.

Dës Diskriminatioun ass eréischt 1973 mat dem Gesetz iwwert d'Éducation différenciée opgehuewe ginn, dat och d'Schoulpflicht fir d'Kanner mat enger Behënnerung agefouert huet.

Mam sougenannten Integratiounsgesetz vun 1994 ass et méiglech gemaach ginn, datt d'Kanner mat engem Handicap an de sougenannten normale Schoulsystem integréiert ginn. Fir datt de Wëlle vun der Integratioun och um Terrain, dat heescht an de Schoule ka realiséiert ginn, gouf de SREA duerch Règlement grand-ducal 1998 geschafen.

DÉI GRÉNG sinn der Iwwerzeegung, datt mat dësem neie Schoulgesetz onbedingt d'Strukture vun der EDIFF hätte missen an eng Loi cadre iwwert d'Schoul integréiert ginn.

Mir si ganz frou, datt, ënner anerem och op eis Interventioun hin, de Kader vum Schoulpersonal ganz wäit erweidert ginn ass. Wa bis haut eigentlech just dierfte Schoulmeeschteren a Léierinnen zum Schoulpersonal gezielt ginn, dann ass dat vun dem Moment u wou dat neit Gesetz a Kraaft trëtt ganz anescht.

Niewent Schoulmeeschteren a Léierinnen däerfen dann och Pedagogen, Psychologen, Heilpedagogen, Orthophonisten, Logopeden, Éducateuren an eng ganz Rei aner Leit, wéi se am Artikel 68 vum Gesetz opgeziilt sinn, zum Schoulpersonal zielen.

Mir fannen dat wichteg a richteg well dat alle Schoulkanner zegutt kënnt. Dat wäert et engem nächsten Éducatiounsminister oder, deemno wéi, eréischt engem iwwernächsten erlaben, d'Éducation différenciée an d'Schoul ze integréieren. Mir bedaueren et, datt dat nach net mat dem Gesetz vun haut geschitt ass.

Mat dem Gesetz vun haut maache mer nach net definitiv Schluss mat der Praxis vun Exklusioun, op déi mer da mat enger Rei Mesurë vun Integratioun musse reagéieren. Wa mer vun Inclusion scolaire schwätzen, dann däerfe mer keng parallell EDIFF-Struktur mat enger ganz anerer Organisatiounsstruktur wéi eis Schoulen hunn.

Ech kann Iech vill Beispiller ginn, firwat déi aktuell Praxis a ville Punkten net gutt ass. Esou fonctionnéiert de SREA am Moment net zefriddestellend, well en net flexibel genuch ass a well en net enk genuch mat de Schoulen zesummeschaffe kann.

Esou ass all Mesure vun Integratioun mat Schwieregkeete verbonnen, well zum Beispill d'Personal wat d'Kanner betreit mat engem Chargé de direction vun hirem Centre EDIFF ze dinn huet, an dann och nach mat engem Direkter vun der EDIFF, an net zum Personal vun der Schoul gehéiert, wou integréiert ginn ass. Esou ginn d'EDIFFs-Leit zum Beispill net automatesch op Personalversammlunge vum Lycée invitéiert, wou si schaffen, hu keen Zougank zum Intranet, kréie vun hirem Chargé alt emol ze héieren, ech zitéieren: „Wann et sech ergëtt, dass Kanner am Zenter méi Betreiung brauchen, läit et a menger Responsabilitéit fir eventuell Ressourcen aus dem Lycée an den Zenter ze huelen, Integratioun am Lycée hin oder hier."

Deem Onsënn, léif Kolleeginnen a Kolleegen, setze mir mat dësem Gesetz leider keen Enn. Dat ass eng verpasste Chance.

Wat d'Inclusioun vun alle Kanner betrëfft, schafe mir also heimat wierklech kee progressiivt Gesetz. Mir bleiwen einstweile beim Status quo. Mir hunn niewent der Schoul eng parallell Struktur déi integréiere soll. Mir loossen déi Leit, déi beim SREA, beim Service de guidance oder an de Centres EDIFF schaffen, am Onkloren iwwert hir Zukunft.

D'Regierung huet bei dëser wichteger gesellschaftspolitescher Fro net Faarf bekannt. A bei enger anerer gesellschaftspolitescher Fro bekennt d'Regierung och net Faarf; ech kommen zum Wäerteunterrecht.

DÉI GRÉNG triede fir ee gemeinsame Wäerteunterrecht an, deen all d'Kanner aus der öffentlecher Schoul zesummebréngt. Den Niewentenee vu Reliounsunterrecht an net reliéisem Wäerteunterrecht trennt d'Kanner vum éischte Schouljoer un. Mir sinn der Meenung, datt et fir den Zesummenhalt an eisem Land an Zukunft immens wichteg ass, datt mer verschidde Reliouns- a Volleksgemeinschaften zesummebréngen, datt mer gemeinsam Wäerter wéi Chancëgläichheet, Solidaritéit, Respekt, Gerechtegkeet, Nohaltegkeet musse pflegen an eis gemeinsam Ziler fir d'Zesummeliewe musse setzen.

D'Reliounsfräiheet an d'Gläichberechtegung vun alle Reliounen erlaben eis fir d'Zukunft just zwee Weeër: ee gemeinsame Wäerteunterrecht fir all Kanner, deen ënner anerem och Wëssen iwwert Relioun a Relioune vermëttelt, oder awer mir loossen all Reliounsgemeinschaften an eis öffentlech Schoulen eran.

DÉI GRÉNG triede kloer fir e gemeinsame Wäerteunterrecht fir all Kanner an. Mir sinn der Meenung, datt een dat net muss op eng fern Zukunft vertagen. Do hätten d'Weiche misse mat dësem Gesetz gestallt ginn.

An dann zitéieren ech den Här Fayot aus engem Blietchen, wat den Här Berger och gelies huet, dat seng Partei am November 2008 am Uelzechtdall verdeele gelooss huet. Do steet ënnert dem Här Fayot sengem Numm, an en huet et och haut nach eng Kéier gesot: „Mir wëssen, datt d'Aféierung vun engem allgemenge Wäerteunterrecht net vun haut op mar geet. Et hänkt villes vun der CSV a vun der katholescher Kierch of, wou déi hir Akzenter wëlle setzen. Den Zesummenhalt vun der Lëtzebuerger Gesellschaft an dat friddlecht Zesummeliewen an engem Land mat 40% Net-Lëtzebuerger vu ganz verschiddenen Originë misst och si vun der Noutwendegkeet vun engem allgemenge Wäerteunterrecht iwwerzeegen."

Léif Frënn vun der sozialistescher Aarbechterpartei, Dir maacht Iech et hei awer e bëssen ze vill einfach! Wann Dir dat selwer gleeft, wat Dir an Äre Broschüre schreift, firwat hutt Dir dann net mat eis d'Amendementer vun de bloe Kolleege gestëmmt, dann hätte mer den allgemenge Wäerteunterrecht elo.

***(Interruption)***

Den Här Berger gëtt Iech jo nach eng zweet Chance. Voilà.

D'FGIL huet och schonns am Mee 2008 an engem Communiqué zu Recht drop higewisen, datt dat politesch machbar wär. Déi Parlamentarier, déi d'Aféierung vun engem reguläre Fach „gemeinsame Wäerteunterrecht" wëllen, hunn eng breet Majoritéit hei an der Chamber, an et wier ee Feeler, deen een net kéint entschëllegen, wa mer géifen eng Primärschoulreform aleeden an esouguer votéieren, ouni d'Fro vun der ethescher Erzéiung vun de Schüler am Sënn vun enger oppener, demokratescher a pluralistescher Gesellschaft definitiv ze regelen.

Och hei huet d'Regierung d'Chance verpasst op de Wee vun enger wichteger Schoul- a gesellschaftspolitescher Reform ze goen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et heescht, mir géifen näischt um Reliounsunterrecht änneren, well näischt doriwwer am Koalitiounsvertrag vun deenen zwou Regierungsparteie stoung - esou ass ëmmer an der Kommissioun diskutéiert ginn - a well een eben an der Politik misst Kompromësser maachen.

Fir Oublien an engem Koalitiounsvertrag ass d'Oppositioun net haftbar ze maachen. Mä de politeschen Alldag handelt oft iwwert dat eraus, wat an engem Koalitiounsvertrag steet, soss wier eng Regierung jo guer net handlungsfäeg!

Datt een an der Politik muss Kompromësser maachen, dat misst jiddwerengem heibanne kloer sinn. De Kouhandel vun de Regierungsparteien ass awer iwwerdäitlech a mëttlerweil och offiziell: D'Sozialiste maachen ee Kompromëss beim Reliounsunterrecht; si verzichten op all Reform op dësem Plang. Déi Chrëschtlech-Sozial maachen ee Kompromëss beim Schouldirekter; si verzichten op eng kloer Struktur an eise Schoulen, obschonns si dat nach ëmmer wichteg fonnt hunn an - wann ech se richteg verstinn - och haut nach wichteg fannen.

Och DÉI GRÉNG wëssen, datt een an der Politik muss Kompromësser maachen. Mir hätte mat Begeeschterung engem Kompromëss zougestëmmt, wou d'CSV beim Reliounsunterrecht noginn hätt a sech duerfir mam Schouldirekter duerchgesat hätt.

***(Hilarité)***

Dat wier an eisen Ae vill méi e sënnvolle Kompromëss gewiescht, am Intérêt vun eise Kanner an am Intérêt vun eiser Schoul.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Ech kommen zu engem véierte Punkt wou mir eng fundamental aner Virstellung hu wéi d'Majoritéit, oder en Deel vun der Majoritéit: de Schouldirekter, deen net am Gesetz dran ass an awer dra gehéiert.

Mir deelen d'Grondphilosophie vun der Madame Minister. Et geet drëm fir méiglechst all eenzelnen Enseignant ze responsabiliséieren, fir all eenzelne Member vum Schoulpersonal derzou ze bréngen fir bei der Gestaltung vu senger Schoul matzeschaffen.

Et ass natierlech ee grousse Fortschrëtt, wa mir elo ee Comité d'école kréien, wou mer bis elo - zumindest um Pabeier - just een Delegéierten haten, deen eigentlech och nach néierewou eppes ze soen hat.

Am schouleschen Alldag gesäit et allerdéngs och haut schonn anescht aus. Déi allermeeschte Schoulen hu sech selwer mat engem Comité d'école oder Comité de cogestion organiséiert, an dat ass de gudde Beweis, datt d'Leit erfinderesch sinn a sech selwer hëllefen, wa si keng Hëllef zum Beispill aus der Politik oder vum Ministère kréien.

Spéitstens zënter der Réduction de la tâche vum Här Boden, ass d'Organisatioun vum schouleschen Alldag ëmmer méi kompliziéiert ginn.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- D'Kanner sinn 28 Schoulstonnen an der Klass, de Schoulmeeschter 23, wann en da keng Décharge huet fir um Ministère, um SCRIPT oder op der Uni auszehëllefen. Vläicht huet en och eng Décharge fir d'Schoulbibliothéik oder -mediathéik ze féieren, oder de Schoulgaart ze versuergen, oder well e Sekretär vun der CMPP régionale ass, oder well en am Comité vun der Schoul ass. Et gëtt och d'Altersdéchargë beim Léierpersonal. Da gëtt et nach Véirels-, Hallef- an Dräivéirelstächen an der Schoul.

Haut ginn d'Schoulklassen alleguer an d'Piscine an an d'Turnhal a leider ëmmer nach vill ze wéineg an de Museksaal. Mir mussen dann och nach praktesch fir all Klass parallell ee Relious- an ee Moralscours organiséieren. Dat eleng wier schonn eng Ursaach fir ee gemeinsame Wäerteunterrecht fir all Kand!

An da schaffe mer och nach an Équipen: dräi Titulairen huelen zwou Klassen. Et gëtt all méiglech an onméiglech Kombinatiounen. Et gëtt kaum ee Modell, dee mer net iergendwou ausprobéieren.

Do derbäi kënnt nach, datt eis Schoulen ëmmer méi grouss ginn. Den Trend fir zentral Schoulkomplexer opzeriichte schéngt net méi ze bremsen ze sinn. Dat ass haut schonn alles schwéier ze organiséieren. Do hunn déi vill Comités de cogestion, wéi et se duerch d'Land gëtt, Pionéieraarbecht gemaach. Si hu gutt a vill Aarbecht gemaach. Dat erkenne mer selbstverständlech un. An der Zukunft wäert déi Aarbecht net méi kleng an och net méi einfach ginn.

Niewent deenen Aufgaben, déi haut schonns d'Léierpersonal iwwert hir Comitéën an Delegéierte muss erfëllen, komme jo nach eng Rei nei Aufgaben derbäi. Zum Beispill steet am 2. Punkt vum Artikel 40: „élaborer un plan de réussite scolaire et participer à son évaluation". Eng ganz wichteg Aufgab, a wa se seriö gemaach gëtt, ass se och ganz zäitintensiv.

Am Punkt 3 vum selwechten Artikel steet: „déterminer les besoins en formation continue du personnel". Och dat dierft net vum selwe goen.

Mam neie Schoulgesetz schafe mer ee Coordinateur de cycle a mir kréien och eng Rei Sozialpedagogen an aner Professioneller an eis Schoulen. Wat mer begréissen, mä wat d'Gestioun net méi einfach mécht.

Mir sinn der Meenung, datt eis Primärschoulen eng Direktioun an e Sekretariat brauchen. Ob den Direkter Direkter oder President heescht, ass eis egal. Dem Direkter seng Missiounen, wéi se am Artikel 42 opgezielt sinn, si vielfälteg. Mir ginn dervun aus, datt an deene meeschte Fäll de Presidentenjob ee Ganzdagsjob ass.

Mir stelle fest, dass de President vum Comité d'école vill Responsabilitéiten ze droen huet. Mir stellen awer fest, datt de President keen hierarchesche Virgesetzte vu senge Kolleegen ass. Dat bedauere mir. An der beschtméiglecher Welt bräicht de Chef dat vläicht net explizit um Pabeier stoen ze hunn; an der real existéierender Schoulwelt schéngt eis dat awer eng Noutwendegkeet. Esou misst dann ëmmer nach den Inspekter aspringen, wa schoulintern Problemer sinn. 1. Kann den Inspekter sech et erlabe Positioun géint de gewielte President ze huelen? 2. Huet den Inspekter net aner wichteg Missiounen als Garant vun der Schoulqualitéit ze erfëllen? Wieren esou Befugnisser net besser bei engem Schouldirekter?

Mir stelle fest, datt de President an de Comité null Matsproochrecht hu wann et ëm d'Astellung vu Personal geet. Wéi ass dann eng gewëss Autonomie scolaire ze realiséieren, wann déi Leit, déi fir d'Organisatioun vun der Schoul, d'Réussite scolaire an d'Evaluatioun responsabel sinn, net däerfe mat décidéieren, wien se an hirem Betrib astellen?

Mir stelle fest, datt kee Sekretariat fir de President a säi Comité virgesinn ass. Et bleiwen also engersäits an deene grousse Gemengen d'Services scolaires bestoen. An der Industrie géif ee vun engem Phenomeen vun Outsourcing schwätzen. An deene klenge Gemenge sollen d'Inspektere villes regelen; obschonns déi duerfir denkbar schlecht équipéiert sinn.

DÉI GRÉNG sinn der Iwwerzeegung, datt staark Schoule mat staarken an transparenten interne Strukturen dee beschte Garant fir eng positiv Schoulentwécklung am Interesse vun eise Kanner, vun hiren Elteren, vum Léierpersonal a vun eiser Gesellschaft sinn.

Déi Strukturen, wéi se an dësem Gesetz stinn, si mat Sécherheet e Fortschrëtt par rapport zum Gesetz dat bal 100 Joer al ass. Si maachen eiser Meenung no d'Schoulen awer net fit fir déi nächst Jorzéngten.

Déi Angscht virun engem Schouldirekter ass fir eis onverständlech. Déi Angscht ass och bei den Enseignanten net esou verbreet, wéi dat heinsdo gemengt gëtt. Et ass verständlech, datt zum Beispill eng Rei Enseignanten aus menger Generatioun, déi bal 30 Joer ouni Schouldirekter iwwert d'Ronne komm sinn, net schaarf drop sinn, wa se esou ee Chef virun d'Nues gesat kréien. Mä virun allem déi jonk Enseignantë gesinn awer och den Avantage vun engem Chef hiérarchique, dee vill present ass, dee kloer Missiounen huet an deen och emol Problemer a sengem Büro ka regelen, déi dann net onbedingt mussen am Klassenzëmmer oder virun der Dier vum Klassenzëmmer geregelt ginn.

D'Regierung huet sech, well se keen Direkter wëllt, fir ee Méi un Autonomie vum eenzelne Schoulmeeschter ausgeschwat. Mir hätte léiwer ee Méi un Autonomie fir déi eenzel Schoul gesinn.

Datt besonnesch d'Eltere frou wieren, wa se et mat engem kloer definéierten Direkter ze dinn hätten, huet d'Majoritéitsparteien net iwwerzeegt. Si hunn un hirem Bild vun enger globaler kollegialer Gläichheet vun alle Leit aus dem Schoulpersonal festgehalen. Eiser Meenung no ass dat Bild net nëmme wéineg hëllefräich, mä och nach falsch.

Déi vill verschidde Beruffer, déi an der Schoul zesummekommen, hunn aner Aufgaben an Aarbechtskonditiounen, an d'Enseignantskolleegen aus dem Comité kréie ganz vill Poids an de Schoulen. Just fir ee Beispill ze ginn: Am Punkt 7 vum Artikel 40 steet, datt d'Enseignantskolleegen aus dem Comité däerfen den Enseignantskolleegen, déi net am Comité sinn, virschreiwen, wéi een didaktescht Material datt si däerfe benotze respektiv net benotzen. Dat erënnert mech un d'„Animal farm" vum George Orwell, wou et heescht: „All animals are equal, but some animals are more equal than others."

Mir bedaueren och, datt am Kontext vun den internen Organisatiounsstrukture vun de Schoulen de Rôle vum Inspektorat net kritesch analyséiert gouf. Dofir hu mer och mat Freed déi Motioun vum Här Berger, vun der DP matgedroen.

D'Missioune vum Inspektorat sinn an den europäesche Länner ganz verschidden. A Finnland hu se d'Inspekteren 1994 ofgeschaf. An Däitschland si se amgaangen d'Schoulinspekteren anzeféieren. Do gëtt et Interessantes derzou ze liesen. Zu Berlin zum Beispill ginn d'Schoulen an der Regel vun engem Team inspizéiert, zu deem - et ass bal net ze gleewen - och ee Vertrieder vun der Eltereschaft gehéiert.

Wéi gesot, hei ass am Kader vun enger ugekënnegter Jorhonnertreform eng Diskussioun net gefouert ginn, déi onbedingt hätt misse gefouert ginn. Ech kommen op d'Inspektorat nach eng Kéier zréck wa mer iwwert d'Personal vum Enseignement fondamental schwätzen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an deem neie Schoulgesetz sinn eng ganz Rei pedagogesch Iwwerleeunge verschafft. Prinzipiell fanne mir, datt ee Gesetz soll fir kloer an transparent Strukture suergen. D'Politik soll sech méiglechst aus der Pédagogie eraushalen.

Ee Schoulgesetz soll kloer Ziler formuléieren. Iwwert de pedagogesche Wee zu den Ziler, solle méiglechst d'Enseignantë selwer kënnen décidéieren. Net an der Anarchie a jiddwereen a sengem Klassenzëmmer fir sech eleng, mä am beschten no enger selwechter Linn fir eng ganz Schoul. Esou kritt eng Schoul eng Identitéit. Esou gëtt fir d'Eltere sichtbar, no wéi enge Methoden an hirer Schoul geschafft gëtt. Esou kritt d'Aarbecht an enger Schoul eng gewësse Kontinuitéit.

Zwou pedagogesch Approchë ginn am Schoulgesetz festgehalen: d'Socles de compétences an d'Cycles d'apprentissage.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, mir hunn e bëssen d'Gefill wéi wann den Éducatiounsministère hei eng Niewelmaschinn géif asetzen, déi den Här Fayot zwar als Paradigmewiessel bezeechent, woumat ganz vill Normalstierflecher awer wéineg kënnen ufänken.

Mat dësem Gesetz wëlle mir, datt mer an de Schoule vun enger Programmlogik erofkommen an op eng Kompetenzlogik hikommen. An de Programmer steet dra wat d'Enseignantë sollen enseignéieren. An de Kompetenzsockele steet dra wat d'Schüler um Enn vun enger bestëmmter Phas musse beherrschen an uwende kënnen.

Jo, dat ass eng gutt Approche. Jo, dat ass alles och zimlech theoretesch. Neen, fir esou eng Approche brauch ee keen neit Gesetz. Dee beschte Beweis: Mir si jo schonns gutt amgaang an déi Richtung ze schaffen, schonns e puer Joer, ouni datt dat am Gesetz steet.

Dës Approche mécht awer nëmme Sënn wa mir unerkennen, datt net all Kand an enger Klass zur selwechter Zäit op deem selwechte Kompetenzniveau stoe kann. Mir mussen d'Kanner do ofhuele wou se sinn. Dat heescht, mir musse bereet sinn am Unterrecht ze differenzéieren a méi individuell ze schaffen. Dovu gëtt ganz vill geschwat. Esou geschafft gëtt vill manner.

Dat seet sech nämlech liicht. Dat organiséiert sech awer net sou einfach. Dat huet engersäits eppes mat der Formation initiale a mat der Formation continue vum Léierpersonal ze dinn, anerersäits eppes mat eisem Punktenzensursystem. Esoulaang wéi mer 3-mol am Joer all Kand eng Punktenzensur, déi iwwert säi Wëssensstand Rechnung soll ofginn, ausdeelen, esoulaang behënnere mir massiv all eis Efforte fir en differenzéierten an individualiséierten Unterrecht. Do ännert sech och näischt dru wa mir hannert d'Punktenzensur een décken Dossier stelle mat engem Portfolio.

**Une voix**.- Très bien!

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, am Règlement grand-ducal iwwert d'Missiounen an de Fonctionnement vun den Équipes pédagogiques ginn d'Pedagoge quasi opgefuerdert fir d'Kanner wéinstens zäitweis - an ech hoffen et bleift derbäi - a Leeschtungsgruppen opzedeelen: «organiser la répartition des élèves (…) dans des groupes d'apprentissage temporaires de besoin».

Dat fanne mer kriddelech. Et muss net, mä dat ka ganz schnell contraire zu der Iddi vun enger Binnendifferenzéierung, contraire zu der Iddi vun engem Individualiséiere vum Unterrecht, contraire zu engem Enseignement no Socles de compétences ginn.

Ech kenne Schoulklasse wou d'Léierpersonal aus dem Team d'Kanner a Leeschtungsgruppe setzt, déi Gutt beieneen an déi Schlecht beieneen. A fir datt net ëmmer deeselwechte Schoulmeeschter däerf mat deene staarke Schüler schaffen an deeselwechte Schoulmeeschter muss mat deene schwaache Schüler schaffen, wiesselen d'Léierpersoune sech och nach of.

Här President, dat ass kee Fortschrëtt, dat ass pedagogeschen a gesellschaftspolitesche Horror. Wann dat d'Resultater vun der Niwwelmaschinn aus dem Ministère sinn, dann trauere mer nach eng Kéier dem ale Schoulgesetz no.

Da schreiwe mer an d'Schoulgesetz fest, datt mer net méi no Schouljore fueren, mä no Cycles d'apprentissage. Dës Cyclë ginn dann och festgeschriwwen op zwee Joer. Dat ass net revolutionär. Mir schwätzen an der Primärschoul jo schonns éiweg vu Cycle inférieur, moyen a supérieur. Mir fannen et net gutt, datt Cyclë mat zwee Joer an d'Gesetz festgeschriwwe ginn.

Mir wësse jo alleguer, well mer d'Gesetz eréischt d'lescht Joer gestëmmt hunn, datt an „Eis Schoul" d'Cyclë mat dräi Joer festgeschriwwe sinn. „Eis Schoul", déi eng École de recherche ass, soll eis jo Erkenntnisser liwweren, an déi Erkenntnisser sollen dann an eise Schoulsystem afléissen. Wann d'Erkenntnis vun „Eis Schoul" iere sollt sinn, datt d'Cyclë vun dräi Joer besser si wéi déi vun zwee, da musse mer dat Gesetz schonn erëm änneren.

***(Interruptions)***

Et wier glécklech, Här Scheuer, wann een an d'Gesetz géif Saache setze wou ee kéint dervun ausgoen, wa mer vun engem Reformgesetz, vun engem Jorhonnertgesetz schwätzen, da misste mer och bis déi nächst zéng, 20 Joer virauskucken. Wann Dir mer elo haut scho sot: „Da musse mer d'Gesetz dann eben änneren", da fannen ech dat net glécklech.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Neen, Här Adam, e Gesetz däerf net op Spekulatioun berouen.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Dir sidd grad amgaang ze spekuléieren. Et steet néierens am Gesetz, datt sech wa méiglech all Enseignant vun enger Schoul fir déiselwecht Approche am Ëmgank mat de Cyclë soll décidéieren. Mir mengen dat wier, am Interessi vun der Transparenz, fir d'Kanner an hir Elteren awer ganz wichteg.

Am Artikel 23 steet: «Sur décision de l'équipe pédagogique prise au cours du cycle, un élève peut passer une année supplémentaire au sein du cycle afin de lui permettre d'atteindre les objectifs définis pour la fin du cycle.» Op al Lëtzebuerger Schoulsprooch iwwersat, heescht dat: Wann de Schüler de Programm vum zweete Schouljoer net gepackt huet, da kann de Schoulmeeschter décidéieren, datt hie seng Klass nach eng Kéier mécht. Op nei Lëtzebuerger Schoulsprooch klëngt dat esou: Wann de Schüler d'Kompetenzsockele vum zweete Cycle am Enseignement fondamental net accaparéiert huet, da bleift hien nach e Joer méi laang an dësem Cycle. D'Resultat riskéiert fir de Schüler genau datselwecht ze sinn.

Wa mer wëlle konsequent an iwwerall, an ouni Mogelpackung, an déi pedagogesch Richtung goen, déi an dësem Schoulgesetz ugeduecht gëtt, da brauche mer eng Hällewull vu qualifizéierten an héich motivéierte Beroder a Begleeder, déi déi dausenden Enseignanten op dëse Paradigmewiessel preparéieren a mathuelen, ganz dervun ofgesinn, datt ech der Meenung sinn, datt dat kee richtegt Bild ass. Mir brauchen och Direkteren, déi de Pouvoir hunn och emol ze soen: „Elo geet et duer, mir schaffen an eiser Schoul all zesummen. D'Regele gëllen och fir dech."

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ier ech zum Enn vu menger bis elo längster Ried hei an der Chamber kommen, wëll ech nach gären op d'Schafung vun engem Contingent de leçons d'enseignement agoen, deen an dësem Gesetz geschaaft gëtt. Hei hu mer et effektiv mat enger Neierung ze dinn, a mir fannen dat eng gutt Neierung. De Ministère huet zwar ëmmer missen all Posten, deen an der Schoul geschaaft ginn ass, approuvéieren; de Schoulinspekter huet jo schliesslech missen all Schoulorganisatioun mat senger Ënnerschrëft ofseenen. Mat der Entwécklung vun all méiglechen Teamzesummesetzungen ass et awer un der Zäit gewëssen Norme festzeleeën.

„team teaching" ass keen DIN-genormte Begrëff, an et muss och an Zukunft eng Richtlinn ginn, wéi vill Erwuessener mat wéi vill Kanner schaffen. Wa mer an Zukunft ëmmer méi a Richtung Teamaarbecht ginn, wa mer jorganksiwwergräifend Schoulgruppe maachen, wann d'Équatioun „eng Klass ass gläich eng Léierpersoun" ëmmer manner stëmmt, da brauche mer Richtlinnen, no deene mer Posten accordéieren.

Mat der transparenter Erstellung vun engem Kontingent u Schoulstonnen, déi enger Schoul zur Verfügung stinn, ass de Wee fir eng autonom Organisatioun vun all eenzelner Schoul innerhalb vu bestëmmte Grondlinnen opgemaach. Mir begréissen dat. Mir hunn an der Éducatiounskommissioun och u Beispiller gewise kritt, datt déi no dësem System errechent Stonnen zimlech no bei der Realitéit um Terrain leien, an dofir wier et fir eis och mat enger Iwwergangsfrist vu fënnef Joer - an net vun zéng Joer, wéi am Gesetz virgesinn - duergaangen.

Erlaabt mer zum Schluss nach e puer Wuert iwwert de Partenariat mat den Elteren. An all Klass war, ass a bleift den Titulaire an d'Équipe pédagogique vun der Klass de Partner vun den Elteren. Och e Saz ewéi: «les parents et les enseignants procèdent régulièrement à des échanges individuels au sujet des élèves», ass a senger ganzer Banalitéit a Selbstverständlechkeet gutt am Gesetz. D'Eltere musse kommen, wa se vum Titulaire, vum President vum Comité oder vum Schoulinspekter geruff ginn. Och dat schéngt eis korrekt. De Fall wou Eltere gäre géife mam Schoulmeeschter oder President vun der Schoul schwätzen, an deejéinege wëllt net, dee Fall ass net am Gesetz virgesinn.

Mä de Kontakt Elteren/Schoul léisst sech och net exklusiv iwwer Gesetz regelen. Dozou gehéiert eng Schoulkultur, déi zu Lëtzebuerg bis elo vill ze mann gefördert ginn ass. Mir stelle fest, datt d'Relatiounen Elteren/Enseignantë ganz oft net selbstverständlech sinn, géigesäiteg Ängschten a Mësstraue sinn heefeg. Staark Schoulen, déi als Unitéit ze erkenne sinn, gutt forméiert a motivéiert Léierpersonal, Förderunterrecht an der Schoul an net doheem, eng gutt Orientatioun vun de Kanner, Schoulen, déi sech d'Elteren als Partner wënschen, dat sinn d'Ziler vun der Schoulentwécklung, och fir Lëtzebuerg.

Dat Schoulgesetz, wat mer haut zum Vote virleien hunn, ass fir eis eng Mise en conformité vun der Situatioun wéi se um Terrain ass. Alles, wat an dësem Schoulgesetz steet, gëtt et haut schonn an där enger oder anerer Form, an där enger oder anerer Schoul. Et gëtt keng Schoul méi zu Lëtzebuerg wou net iergendeppes ausprobéiert gëtt. D'Zil vun dësem Schoulgesetz hätt misse sinn, dësen innovative Wandel an eise Schoulen ze notzen an ze kanaliséieren.

Och wa mer eis iwwert d'Innovatiounsfreedegkeet an eise Schoule prinzipiell freeën, si mer eis awer bewosst, datt net alles gutt ass, wat nei ass, datt dat eent Joer eppes agefouert gëtt, wat d'Joer drop erëm ofgeschaaft gëtt. Net alles, wat e fortschrëttle-

chen, pedagogesche Mäntelchen dréit, ass och fortschrëttlech a pedagogesch wäertvoll. Well d'Pedagogie nun emol keng exakt Wëssenschaft ass, eegent se sech gutt derzou fir waarm Loft a faarweg Tuten ze verpaken an deier ze verkafen. Domat stellen ech och eng gewëss Analogie zur Politik fest.

DÉI GRÉNG vermësse couragéiert Akzenter, esou wéi ech se a menger Ried opgezielt hunn. Dëst Schoulgesetz huet gesellschaftspolitesch wichteg Décisiounen ausgeklamert. Ech mengen domat d'Integratioun vun den EDIFF-Strukturen an den allgemenge Wäerteunterrecht. Dëst Schoulgesetz suergt net fir Transparenz, well seng Auteurë sech net mat dem Rôle vum Inspektorat an der Schouldirektioun auserneegesat hunn.

An dësem Schoulgesetz ginn d'pedagogesch Iddië festgehalen, ouni datt d'Ëmsetzung vun dësen Iddië garantéiert ass. Dat ass en traurege Bilan vun zéng Joer Reformbeméiunge vu schonns zwou Regierungen.

Dat neit Schoulgesetz ass kee grousse Worf an hält déi Hoffnungen a Verspriechungen net, déi an et gesat gi sinn. Dëst Gesetz ass weder gutt ugepaakt, nach léisst et d'Kanner zesumme wuessen. Et ass eng verpasste Chance, an duerfir wäert déi gréng Fraktioun och géint dëst Gesetz stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Adam Merci. Als nächste Riedner ass den Här Mehlen agedroen. Här Mehlen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech si mer dësem historesche Moment bewosst, fir hei däerfen d'Wuert ze ergräifen, wou zu Washington d'Vereedegung vun engem neie President stattfënnt, an duerfir leider Gottes d'Opmierksamkeet e bëssen ofgelenkt ass. Ech géif mer awer fir Lëtzebuerg wënschen, datt déi Perspektiven, déi d'amerikanesch Populatioun an der Vereedegung vun hirem neie President gesäit, datt d'Lëtzebuerger Populatioun och eng grouss an nei Perspektiv an der Ëmsetzung vun dësem Gesetz géif erblécken. Ech muss allerdéngs soen, datt ech Schwieregkeeten hu fir déi Perspektiven ze gesinn, an ech mengen et sinn där Leit nach méi. Mäi Virriedner huet dat jo och gesot.

Ech wëll awer, Här President, dem Président-rapporteur Merci soen. Et war ganz vill Aarbecht, et waren immens vill Sitzungen an et war net ëmmer einfach. Duerfir muss ech och soen, datt ech frou sinn, datt dat hei endlech zum Ofschloss kënnt. Dann ass meng Satisfaktioun awer och schonn um Enn, well mer dervun iwwerzeegt sinn, datt dëst Gesetz qualitativ dee Paradigmewiessel erbäiféiert, dee mer dréngend brauchen, wa mer net eng Kéier eent vun deenen äermste Länner an der Europäescher Unioun solle ginn.

Dëst ass keen Zweckpessimismus, dëst ass eis Iwwerzeegung. Woufir? Ech ziele fënnef Punkten op. Éischtens, an de Strukturen - ech sinn net deen Éischten deen dat seet - ass keng kloer Führungshierarchie an der Primärschoul oder an der neier École fondamentale virgesinn. Et feelt um Schouldirekter. Et bleiwe weider Kompetenzïwwerschneidungen tëscht Stat a Gemengen. Mir hätten eis wierklech gewënscht, datt dat méi kloer ofgegrenzt gi wär. Et sinn ze vill Gremien. Et ass ze vill Bürokratie dran. Et gëtt hei ganz sécher Reiwungsverloschter an och Zäitverloscht fir déi Leit, déi concernéiert sinn.

D'Cyclë si fir eis eng Mogelpackung, awer kee wierkleche Fortschrëtt an, an dat schéngt mer dee wichtegste Punkt ze sinn, déi negativ sozial Selektioun, fir net ze soe Ségrégatioun, déi mer allegurte bekloen an déi mer wëllen ofschafen, gëtt eiser Meenung no mat dësem Gesetz net iwwerwonnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wat sinn d'Viraussetzunge fir eng erfollegräich Léierzäit? Ech wollt déi Fro virop stellen. Éischtens, ech mengen do si mer eis alleguer driwwer eens, am Elterenhaus muss et klappen. Wann d'Kanner moies onausgeschlof oder, wéi eng Léierin mer erzielt huet, hongereg, esou hongereg, datt si de Kanner d'Iesse matgeholl huet, an d'Schoul kommen, da sinn d'Viraussetzungen net geschafen, ofgesi vum Klima doheem, vun der psychescher Belaaschtung, deenen d'Kanner heiansdo ausgesat sinn, déi se mat an d'Schoul bréngen, da sinn d'Viraussetzunge schonn net ginn, fir datt den Unterrecht kann erfollegräich sinn.

Zweetens, d'Beherrschung vun der Ëmgangssprooch. Dat ass jo e grousst Thema. Mir fannen et - egal vu wat fir enger Säit een et kuckt - normal, datt all Kanner d'Ëmgangssprooch musse kënnen, éier se an den normalen Unterrecht integréiert ginn.

Drëttens, wichtegste Punkt, héich motivéiert Léierpersonal.

Véiertens, grad esou wichteg, d'Motivatioun vun de Schüler, an zwar Freed um Léieren, wierklech Freed drun ze léieren. Ech kommen nach op déi Punkten.

Fënneftens, genügend Zäit fir ze léieren. Net ënner extremem Zäitdrock alles probéieren duerchzeknätsche wat virgeschriwwen ass.

Sechstens, individuell Hëllef fir d'Kanner, wa se Schwieregkeeten hunn, an zwar an der Schoul, net ausserhalb der Schoul.

Siwentens, gutt Infrastrukturen.

An aachtens, och wann dat vläicht net iwwerall als esou wichteg ugesi gëtt, eng gutt Lieskultur. D'Schoul muss de Kanner och dat vermëttele kënnen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mer wëssen, datt dës wichteg Viraussetzunge fir en erfollegräicht Léieren, en erfollegräiche Studium nach laang net ëmmer, a scho guer net all mateneen erfëllt sinn. Ech huelen déi Punkten der Rei no duerch.

D'Elterenhaus. Dat muss ganz fräi usetzen. Mir wëssen, datt mer haut do grouss Feeler maachen. Ech weess och, datt dat net eleng ënnert d'Kompetenz vum Éducatiounsministère fält, mä ech denke mer hu jo awer eng Regierung wou soll zesummegeschafft ginn.

Mir mussen effektiv d'Mëssstänn, déi an den Elterenhaiser bestinn, selbstverständlech net iwwerall, mä et gëtt der, wou mer herno als Schoul just nach als Reparaturbetrib fonctionnéieren, an do muss derfir gesuergt ginn - dat fällt awer méi ënnert de Beräich vun der Familljepolitik, wéi gesot, mä et huet awer seng Auswierkungen an d'Schoulpolitik -, datt mer ganz fräi usetze wa Saache schif lafen. Mir wëlle kee culpabiliséieren, mä mer wëssen, datt Elteren heiansdo iwwerfuerdert sinn, an da musse se déi Hëllef kréien déi se brauchen, fir datt d'Erzéiung vum Kand vum éischten Dag un an déi richteg Bunne leeft.

De Kontakt mat den Eltere soll verbessert ginn. Dat ass jo och hei scho monéiert ginn. D'Gesetz ass einfach an där Bezéiung ze vague. Wat passéiert dann, wann et net esou fonctionnéiert wéi d'Wonschvirstellung ass?

D'Positioun, Här President - mir si jo net déi Éischt déi dat hei soen - vun engem staarken Direkter feelt einfach an dësem Gesetz, wann all dat, wat beabsichtegt ass, och soll kënnen ëmgesat ginn. Notamment wa Leit, egal vu wat fir enger Zort och ëmmer, hiren Aufgaben net gerecht ginn a wa Konflikter entstinn. D'Schoul ass en Terrain op deem Konflikter ausgedroe ginn, an dann ass et wichteg wann eng staark Perséinlechkeet do ass fir esou séier wéi méiglech nom Rechten ze kucken an derfir ze suergen, datt déi Konflikter eliminéiert ginn.

Mir hunn dat jo alles net erfonnt. An der PIRLS-Etüd, déi ganz nëtzlech ass, steet e Saz dran, ech zitéieren: „notwendig" fir Lëtzebuerg „sind eine starke Schulleitung und ebenso Formen der Kooperation, die das Schulkollegium als kollektives Handlungssubjekt auftreten lassen".

Selbstverständlech muss d'Kollegialitéit do dra spillen, mä et muss awer och een Arbiter do sinn. Et muss een do sinn, deen d'Décisiounen hëlt, dee séier Décisiounen huele kann an dee muss kënnen derfir suergen, datt de Betrib, ech nennen et emol esou, fonctionnéiert. „Eine starke Schulleitung", dat kann net e Kollegium si wou een de Primus inter Pares ass, wéi d'éinescht gesot ginn ass, a wou am Fong gehollt déi aner kënne soen: „Mäi Gott, du hues mir jo näischt ze soen. Ech maachen awer an Zukunft wéi ech et fir richteg fannen."

Dat zweet ass d'Beherrschung vun der Ëmgangssprooch. Mir sinn der Meenung, datt een de Précoce soll notzen. Mir sinn och net der Meenung, datt een e soll obligatoresch maachen, mä et muss een dann awer derfir suergen, datt d'Vermëschen tëscht de lëtzebuergeschsproochege Kanner an de friemsproochege Kanner esou ass, datt déi friemsproocheg vun de lëtzebuergeschsproochege Kanner kënne léieren. Mir wëssen, datt dat an deem Alter ganz séier geet.

D'Léierpersonal muss sech och drun halen, datt nëmme lëtzebuergesch geschwat gëtt. Et kéint ee sech vläicht iwwerleeën, ob et net utile wär - fir Eenzelkanner wier et sécher net schlecht, wa se dann emol mat anere Kanner a Kontakt kéimen - derfir ze suergen, datt vläicht zwee hallwer Deeg an der Woch dach awer de Précoce méi oder wéineger sollt besicht ginn.

Seiteneinsteiger. Do ass e grousse Problem, wann een d'Léierpersonal héiert. Déi kommen eran a ginn dann a Klasse gesat. Ganz besonnesch déi déi Sprooche schwätzen, déi hei praktesch net geschwat ginn, musse virdru fit gemaach ginn, egal wéi vill Zäit do derbäi dropgeet. Déi musse lëtzebuergesch léieren. Et sinn der jo awer, déi nach jonk sinn, déi dat och ganz sécher léieren, an dann däerfe se eréischt an de Schoulbetrib integréiert ginn. Domadder wollt ech och de Problem vun de Sproochen allgemeng opwerfen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir kënnen net akzeptéiere wa gesot gëtt, eis Situatioun ass alt déi, déi se ass. D'Lëtzebuerger léiere besser däitsch oder méi liicht däitsch, a soe mer emol d'Portugisen oder déi Frankophon léieren ebe léiwer, besser, wa se dat kënnen op franséisch maachen. Neen, mir musse kucken, datt mer d'Eenheet vun eisem Schoulbetrib erhalen a mer däerfen net kapituléiere virun där Fro. Mir hunn et dach fréier och an eise Schoule fäerdegbruecht, wou sechs, siwe Klasse mateneen enseignéiert gi sinn.

D'sproochlech Kompetenz, Madame Minister, ech menge mer wëssen dach alleguer, datt se déi Zäit wesentlech besser war wéi se haut ass. Neen, ech soen dat net eleng. Dat soen d'Vertrieder vun der Privatwirtschaft an dat soen an de Statsexamen d'Examinateure genau esou. Madame Minister, ech sinn hei an der Chamber an deem Gremium gewiescht, deen d'Astellung vum Personal gemaach huet. Mir hunn dacks mat eisem Personal hei iwwert déi Resultater geschwat, déi an deenen Épreuven erauskomm sinn. Dat seet einfach alles. An dat sinn der jo, déi eng Lëtzebuerger Première hunn. Do versteet een d'Welt net méi.

Et ass och net richteg, wa gesot gëtt, d'Auslännerkanner wären déijéineg, déi ënnert deem System géife leiden an déi do benodeelegt wären. Et ass effektiv esou, datt Lëtzebuerger Kanner och hir Schwieregkeeten hu fir an dat Franséischt eranzekommen. Duerfir eng gemeinsam Basis an déi richteg pedagogesch Approche, datt se herno, déi déi sproochlech begaabt sinn, op den absolut beschtméiglechen Niveau kommen. Mir kënnen net dorobber verzichten, wa mer eis Avantagen, déi mer hunn an der Beruffswelt, am Konkurrenzkampf, wëlle weiderhi behalen.

Drëtte Punkt, héich motivéiert Léierpersonal. Ech hu gesot, dat ass fir eis dee wichtegste Facteur. Ass dat de Fall? Wat bréngt an dësem Fall d'Gesetz an där Bezéiung? Hei feelt eis och d'Autonomie vun der Schoul an, op där anerer Säit, den Direkter, deen déi Schoul esou féiert, datt Motivatioun opkënnt an datt Motivatioun do ass.

E Wuert iwwert d'Léierpersonal. Mer kommen herno jo nach dorobber ze schwätzen. Mer wëssen opgrond vun enger Etüd, déi d'Uni Potsdam gemaach huet, datt 30% vun deenen, déi wëllen an d'Léierfach goen, zu deutsch „Lehramtsanwärter", vun hirer natierlecher Dispositioun hier net gëeegent si fir Schoul ze halen. Si ginn d'Recommandatioun eraus fir Tester virzelageren, an dat Léierfach ze goen, fir do net eng Ausbildung ze maachen, déi herno jo awer da kee Wäert huet.

Ech hunn emol gelies, datt Finnland 70% vun deenen, déi gären an d'Léierfach ginn, eraussifft, dat heescht, datt nëmmen 30% effektiv zougelooss sinn. Wann d'Konditiounen am Léierfach - ech soen dat elo emol ganz banal, wéi mir Lëtzebuerger soen: d'Pai an d'Fräizäit - d'Motiv sinn, fir an d'Léierfach ze goen, dann ass den Usaz sécher de falschen. Dat sinn da ganz dacks Leit, déi herno demotivéiert sinn, déi keng Freed un der Schoul hunn, well se einfach net fir d'Schoulhale gemaach sinn. Et muss een dofir gemaach sinn, oder et soll een d'Fanger dervun ewech loossen.

Mir wëssen awer, datt mer zu Lëtzebuerg an där Bezéiung e Problem hunn, well mer net onbedéngt genuch jonk Leit hunn, fir datt mer esou eng relativ streng Selektioun kéinte maachen. Doriwwer musse mer dann an Zukunft emol nodenken, wéi mer do erauskommen.

Wa mer vun héich motivéiertem Léierpersonal schwätzen, da muss een och un d'Konflikter denken, déi entstinn, déi d'Léierpersonal huet mat de Schüler a mat den Elteren an ënnert deenen d'Léierpersonal ganz dacks enorm ze leiden huet. Mir kenne jo d'Astellung vun enger Partie Elteren hei am Land, an déi vun hire Kanner ass da meeschtens net anescht, wa se gesot kréien: „Du brauchs der vun deem näischt gefalen ze loossen." Och emol ganz einfach esou gesot. Do ass et néideg, datt eng staark Führung do ass, déi sech deene Fäll unhëlt an derfir suergt, datt d'Kierch erëm an d'Duerf zréckkënnt.

Véierte Punkt: Motivatioun vun de Schüler, d'Freed um Léieren. Wann d'Léiere keng Freed mécht, da kann et net fonctionnéieren. All Kand ass awer vun Natur aus dorop programméiert fir ze léieren. All Kand wëllt léieren. D'Kanner si wëssbegiereg, se huelen alles a sech op, wat se interesséiert, a wann et flott presentéiert gëtt.

Mä, da liese mer erëm eng Kéier an der PIRLS-Etüd 2006: De Schoulklima zu Lëtzebuerg ass miserabel - ech zitéieren: „In keinem der..." - an et sinn der 43 - „..in die Untersuchung einbezogenen Länder ist der Prozentsatz der Eltern, die die Schule ihres Kindes positiv einschätzen, so niedrig wie in Luxemburg und Hongkong. Der Wert von 39%..." - déi d'Schoulklima als gutt bezeechnen - „...liegt immerhin 21 Punkte unter dem internationalen Mittelwert von 60%..." - mir leie bei 39, de Mëttelwäert bei 60% - „...und sogar 42 Punkte unter dem Spitzenreiter Rumänien. - In keinem anderen Land äußern sich die Schüler derart negativ über das Schulklima."

D'Léierpersonal an d'Eltere mussen d'Kanner motivéieren. Dat ass ganz kloer. D'Kanner loosse sech och motivéieren a gäre motivéieren. Duerfir musse si selwer awer motivéiert sinn, an da kommen ech erëm op de Punkt zréck, dee mir och, genau wéi praktesch all déi aner, kritiséieren: Duerfir muss eng gutt Direktioun do sinn, déi d'Schoul esou organiséiert, datt déi Motivatioun kann opkommen.

Fënnefte Punkt: Mir brauche genügend Zäit fir ze léieren. Léiere kann nëmme stattfannen ouni Zäitdrock an ouni Stress. Ënner Stress fonctionnéiert d'Léieren net.

Wann een d'Zuel vun de Schoulstonne mat fréier vergläicht, wat kënnt dann dobäi eraus? Madame Minister, ech hat emol eng Kéier eng Question parlementaire gestallt, wou ech gefrot hunn, wéi vill Stonne fréier enseignéiert gi wären. Ech hat 1950 ugesat, '50, '60, '70, '80, esou vill Stonne pro Schouljoer. Déi Äntwert, déi ech kritt hunn, war esou, datt ee guer näischt konnt dermat ufänken.

Et hätt mech wierklech interesséiert, gekuckt opgrond vun der deemoleger Reglementatioun, wéi vill Stonnen, voll Stonnen datt déi Zäit enseignéiert gi wär a wou mir haut stinn...

**Une voix**.- Et ass vill manner!

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Et si vill manner, dann täuscht mäi Gefill mech op jidde Fall net.

Zum Verglach mam Saarland hu mer bei der Visite vum Schengen-Lycée héiere vun der Direktioun - do ass jo eng -, datt d'Lëtzebuerger Personal, wat do schafft, fräiwëlleg dräi Woche méi géif schaffe wéi hir Kolleegen hei zu Lëtzebuerg, déi d'selwecht rémunéréiert ginn, an datt et souguer véier Woche wäre par rapport zum Saarland als solches.

Da muss ee sech froen: Sinn eis Kanner esou vill méi gescheit, datt mir eis et leeschte kënnen, se am Joer véier Woche manner ze enseignéieren, wéi d'Saarland dat zum Beispill mécht? Ech ka mir et net virstellen, well d'Neurologen, well d'Gehirfuerscher soen, esoubal wéi Stress opkënnt, wéi Drock opkënnt, fonctionnéiert d'Ophuele vum Wëssensstoff net méi.

Mir sollen d'Schoulzäiten och voll ausnotzen. Et kann net sinn, datt duerch net schoulesch Aktivitéite vill Leerlaf entsteet. Ech hunn och kee Verständnis derfir - ech si selwer nach Papp vu Kanner, déi an d'Primärschoul ginn -, wa während de Schoulstonne Konferenze gehale ginn. Ech weess net, ob dat a Privatschoulen esou ohne Weiteres géif toleréiert ginn.

En Niewenaspekt, an trotzdeem net onwichteg, sinn d'Stonnepläng. D'éinescht ass vun der Circulaire Boden geschwat ginn oder esou ähnlech, wou deen Duerjerneen ugeriicht ginn ass, ënnert deem mer allegurte leiden. Mir brauchen och Stonnepläng, déi kannergerecht sinn. Et kann net sinn, datt se zwou Stonne schwamme ginn an, wa se gutt midd sinn, dann och nach iergendwéi Franséisch oder Mathé léieren, oder ech weess net wat.

Sechste Punkt: Individuell Hëllef bei Schwieregkeeten. Ech erkennen un, datt

d'Gesetz do gewëss Effortë mécht oder, wou ee kéint e bëssen Hoffnung kréien, datt dat kéint fonctionnéieren. Et soll jo och eng Partie zousätzlecht Personal agestallt ginn. Dofir solle jo och déi Équipes pédagogiques forméiert ginn. Et sinn Équipes multifonctionnelles virgesinn, wa besonnech Schwieregkeete sinn.

Mä mir froen awer: Wéi geet et dann elo, wann e Kand ganz einfach banal an deem engen oder anere Fach Schwieregkeeten huet fir matzekommen, wann d'Léierpersounen net gewëllt sinn do richteg matzezéien an deenen Équipen, oder wa se sech carrément net verdroen?

Ech mengen, mäi Virriedner hat dat jo och schonn opgeworf. Da vermësse mir erëm eng Kéier déi Persoun, déi derfir suergt, datt dat trotzdeem fonctionnéiert.

Ech muss awer soen - do sinn ech bei de Cyclen -, mir hunn en anert Verständnis vun de Cyclen, woubäi ech den Akzent net wëll dorop leeën, ob et elo zwee Joer oder dräi Joer solle sinn, mä mir gesinn an där Duerstellung eigentlech net direkt eng grouss Differenz zu deem, wat elo ass.

Madame Minister, wann en Zyklus d'éischt an d'zweet Schouljoer ass oder d'drëtt an d'véiert Schouljoer, an et gëtt gesot: Mir loosse kee Kand méi sëtzen, dat héiert emol op, well dat ass jo schrecklech décevant fir déi Kanner, a si hunn zwee Joer fir en Zyklus ze maachen, a wa se dann nach net prett sinn, da kënne se awer dann nach e Joer an deem Zyklus bleiwen - wat ass dann anescht?

Et muss emol ee mir déi Differenz do erklären, zu deem wat bis elo ass, wou et heescht: En ass sëtze bliwwen. An elo brauch en dann dräi Joer fir zwee Joer ze maachen. Ech weess net, ob de Sproochgebrauch sech duerno ännere wäert. Dem Kand ass domadder jiddefalls net gehollef.

Wat mir brauchen, dat ass, datt déi, déi Schwieregkeeten hunn, individuell gehollef kréien. An duerfir gesi mir éischter Fäll, datt een zwee Schouljore mateneen enseignéiert an deemselwechte Sall an datt zousätzlecht Personal, dee Moment wéinegstens eng zweet Léierpersoun, do ass, fir individuell deene Kanner op deene Punkten ze hëllefen, wou se Schwieregkeeten hunn.

Gutt Infrastrukturen - ech mengen, dat ass hei am Land an deene wéinegste Fäll e Problem, mä och hei wär villes méi einfach, wa mer eng aner Struktur hätten, da wär et nämlech de Schouldirekter mat senger Équipe dee géif als Interlocuteur mat der Gemeng schwätzen, wat hir Wënsch sinn, an e géif dann och mam Buergermeeschter a sengem Schäfferot kucken, wat dann elo konkret soll gemaach ginn, fir datt seng Schoul esou ka fonctionnéieren, wéi hie sech et virstellt.

Aachte Punkt, eng gutt Lieskultur. Ech mengen, mir wëssen, datt dat - besonnesch wat déi sproochlech Kompetenzen ubelaangt - ee vun deene ganz kruziale Punkte vun eiser Zäit ass. D'audiovisuell Dominanz huet derzou gefouert, datt d'Liesen ëmmer méi wäit aus der Moud komm ass; an hei ass effektiv d'Zesummenaarbecht tëscht Elterenhaus a Léierpersonal erëm ganz intensiv gefuerdert.

Mir brauchen och Bibliothéiken, obschonn datt dat net de virrangege Problem ass, awer d'Freed um Liese muss de Kanner vermëttelt ginn. Mir mussen et fäerdeg bréngen, engem d'Begeeschterung um Liese bäizebréngen. Mir kréie ganz vill Problemer domadder geléist, ouni datt mer soss vill Effortë musse maachen.

Mä wat liese mir ëmmer an der PIRLS-Etüd: „Je besser das Schulklima eingeschätzt wird, desto günstiger ist die Einstellung zum Lesen." Also erëm de Schoulklima. Mir hunn hanner Hongkong dat schlechste Schoulklima vun alle Länner, déi ënnersicht gi sinn, da brauche mer eis och net ze wonneren, wa laut der PIRLS-Etüd hei d'Begeeschterung fir ze liesen och net ganz gewalteg grouss ass.

An ech froen erëm eng Kéier: Wéi kréie mer de Schoulklima verbessert - well dorobber kënnt et jo dann un - ouni eng gutt Direktioun, déi duerch déi richteg Initiativen an Décisiounen derfir suergt?

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, fir eis ass déi Reform hei eng Pseudoreform. Amplaz déi wierklech Problemer um Fong unzegoen, gëtt hei eng Pseudoreform duerchgezunn. An ech ginn zwee Beispiller: Et gëtt jo elo grouss dobausse Reklamm gemaach mat deene Socles de compétences. Déi meeschte Leit verstinn net, ëm wat et geet.

Et kann ee sech jo d'Fro stellen: Wat ass dann elo domadder gemengt? Ech probéieren et emol einfach ze formuléieren. Et heescht, datt een net nëmme rechne kann, mä och seng Rechekonscht an der Praxis uwende kann, datt een d'Rechnen an der Praxis applizéiere kann. Dat setzt viraus e gewësst logescht Denken, en Entraînement vu logeschem Denken.

D'Fro, déi sech stellt: Et muss een awer emol fir d'alleréischt rechne kënnen, ier een eng Applikatioun vun der Rechekonscht ka maachen. Wann ech da kucken, datt en Handwierkerverband sech beklot, datt déi jonk Leit, déi si an d'Ausbildung kréien, net rechne kéinten, da froen ech mech: Wéi solle se da Kompetenzen aus dem Rechnen uwenden, wann d'Rechne selwer net fonctionnéiert?

Dat ass, Här President, wéi wann een e Päerdsrennen organiséiert an d'Lat, déi bis elo bei 1,20 m loung, méi héich leet, well d'Kompetenzen uwenden, dat ass jo awer nach eppes méi verlaangt wéi just, datt een - fir beim Rechnen ze bleiwen - rechne kann. Da gi mer hin a leeën d'Lat nach 30 Zentimeter méi héich a soen: Elo hu mer eppes geschafft.

Jo, mer hunn eppes geschafft, wann d'Päerd da wierklech driwwer kënnt! Do gesi mer awer an dësem Gesetz net ganz vill wat eis jonk Leit géif derzou bréngе fir zu deene Kompetenzen ze kommen, déi hei ugekënnegt ginn.

Den zweete Punkt, deen ech hei wollt uféieren, fir ze illustréieren, datt eng Pseudoreform hei gemaach gëtt, dat ass dat mat der Evaluatioun. Dat gëtt jo och elo grouss erausgestallt: Beschreiwung vu Kompetenzen, d'Kompetenze solle bewäert ginn. Et soll eng positiv Bewäertung gemaach ginn. Dat géif d'Schüler encouragéieren. Ech kann dat och novollzéien.

Wann ee schlecht Punkten op der Zensur huet, dann ass dat net onbedéngt vergnügungssteuerpflichteg? Et seet deemjéinegen awer vill méi däitlech wou e steet a wou e muss Effortë maachen.

Ech bezweifelen, datt mat där Approche hei vill Positives beweegt gëtt. Den Unterrecht soll souwisou dorop ausgeriicht si fir d'Kanner ze encouragéieren, net fir hinnen ze erziele wéi domm se wären an datt souwisou näischt mat hinnen unzefänke wär an datt se am beschten hätten, Steng klappen ze goen, wéi dat heiansdo dohier gesot gëtt, mä et muss ee se luewen, fuerderen, encouragéieren, et muss een hinnen hëllefen.

Ech weess net, ob d'Eltere ganz frou herno bei der Beschreiwung vun de Kompetenze sinn, well de jëtzege System hat ëmmerhin den Avantage, datt se wossten, wou se dru wären. Ech froe mech, ob dat do wierklech e Schrack no vir ass. Mir gesinn et éischter wéi esou eng kleng Niewelgranat, fir datt een an Zukunft nach manner soll gesinn, wou mer da wierklech mat eise Kompetenze vun de Kanner stinn.

Här President, ech kommen domadder zu de Konklusiounen. Mir sinn der Meenung, datt dëse Projet den Ambitiounen, souguer deene vun der Regierung, net gerecht gëtt. E verseet op deene wierklech wichtege Punkten.

Fir eis ass déi Fro vum Schouldirekter eng ganz essenziell Fro. Et ass déi zentral Fro vun der Schoulorganisatioun. Mir gesinn eng Schoul - ähnlech wéi mäi Virriedner et gesot huet - mat enger relativ grousser pedagogescher Autonomie: Si muss sech kënne selwer organiséieren, esou wéi hir Situatioun ass. All Schüler ass anescht, all Schüler kënnt aus enger anerer Situatioun. All Schoul huet eng aner Schoulpopulatioun. An et ass einfach noutwendeg, fir datt dee Schoulbetrib fonctionnéiert, datt duerfir genuch Autonomie do ass.

D'Konterpartie vun där Autonomie ass awer eng gutt Direktioun. D'Madame Minister huet eis eng Kéier gesot: Jo, wou soll ech dann elo déi Direkteren och nach hierhuelen?

Ech hu jo Verständnis fir déi Nout, mä mer kënne jo awer net virun där Fro kapituléieren. Natierlech brauche mer fir alles eng gewëss Iwwergangszäit, mir zaubere se net an Zäit vun engem Joer dohinner. Mä et ass awer absolut noutwendeg, datt mer Direktioune kréien. D'PIRLS-Etüd seet eis et och.

Ech war mat op Helsinki op eng international Konferenz, wou mer iwwert d'Schoule geschwat hunn. All déi aner Länner, déi do vertruede waren, hu sech gewonnert, datt mir keng Direktiounen am Primaire hätten. Ëm déi Fro siedelt dee ganzen Échec vun dësem Gesetz sech un.

Et ass vill gudde Wëllen dran, et si vill gutt Intentiounen dran, mä, Madame Minister, Dir wäert gesinn, datt den Erfolleg, datt dat, wat ugepeilt ass, wäert ausbleiwen, well et net esou fonctionnéiere kann.

An ech schwätzen aus menger Erfahrung aus der Privatwirtschaft. Den Erfolleg vun engem Betrib - an d'Schoul ass en Déngschtleeschtungsbetrib, och wann et en ëffentlechen Déngschtleeschtungsbetrib ass - läit an enger gudder, staarker Féierung. A wéi gesot, mir hunn dat net erfonnt, et steet jo an der PIRLS-Etüd, an déi hutt Dir jo och net dohinnergestallt, wéi wa se falsch wär.

Dat Ganzt bleift schwéierfälleg a bürokratesch. Et gesäit een net, wéi d'Motivatioun an deem System do kéint verbessert ginn. D'Motivatioun ass awer de Schlëssel zum Erfolleg.

Här President, ech kommen domadder zum Schluss. Mir gesinn net, datt dat Gesetz hei Wesentleches géif verbesseren, an duerfir wäerte mer och eis Zoustëmmung verweigeren.

Ech soen Iech Merci.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Très bien!

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Mehlen Merci. Als nächst Riednerin ass d'Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen ageschriwwen. Madame Gantenbein, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen** *(CSV)*.- Här President, léif Kolleeginnen a léif Kolleegen, et ass entre-temps 20 vir 7. Ech wäert alles ewechloossen, wat de Mëtteg schonn zwee- oder dräi- oder véiermol gesot ginn ass,...

**Une voix**.- Huelt Iech Zäit.

**Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen** *(CSV)*.-...mä ech wäert mech awer op dat konzentréieren, wat mir um Häerz läit.

Dës Schoulreform gëtt jo vun deenen engen als Jorhonnertreform glorifizéiert a vun deenen aneren als verpasste Chance dénigréiert. Dat ass de Mëtteg jo wéi vill mol gesot ginn.

Mä fir d'CSV ass dëst Schoulgesetz en extrem couragéierte Projet, deen, wann e geléngt, e Quantesprong am Bildungssystem vu Lëtzebuerg wäert duerstellen.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Wann e geléngt?! Dir schéngt net iwwerzeegt ze sinn!

**Mme Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen** *(CSV)*.- Dëse Projet ass och keng Arrivée. Et ass en Départ, et kéint ee souguer soen, et wär e Chantier. Mä mir sinn eis eens, Madame Minister, Här President: Dës Reform ass net nëmmen noutwendeg, mä längst iwwerfälleg. Wa mer d'Kanner wëlle fit maachen a wa mer wëllen den Uschloss un d'21. Jorhonnert net verpassen, da muss Lëtzebuerg sech bewegen, well: „Die Gesellschaft wird morgen sein, was Schule heute ist."

Mä Schoulreforme sinn net nëmmen e Lëtzebuerger Phenomeen, mä och en europäeschen, emol op alle Fall an all deene Länner, deenen de PISA-Schock nach am Nacke sëtzt an déi doduerch waakreggerëselt gi sinn.

Här President, munch Schoulen, munch Enseignanten - an et ass och de Mëtteg scho gesot ginn - hunn hei am Land scho längst mat der Reform ugefaangen. Eng Weisheet vun den Dakota-Indianer seet: „Wanns de mierks, dass de op engem doudege Päerd sëtz, da klamm erof."

Fir déi Enseignantë war d'Zäit räif fir erofzeklammen a fir definitiv aner Weeër an der Schoul ze goen. Ech denken do un déi fënnef Écoles en mouvement. Ech weess net, ob et vill Gemengen am Land gëtt, wou net deen een oder aneren Deel vun enger Reform entaméiert ginn ass. Och a menger Gemeng - nach e puer Deeg däerf ech soen: meng Gemeng - ass e Projet d'école duerchgezu ginn, an zwar „Eng Schoul fir se all, eng Schoul fir d'Liewen", mat enger extrem engagéierter Équipe, mat de Schwéierpunkten: Integratioun (vivre ensemble), intensiv Elterekollaboratioun a Lëtzebuerger Sprooch.

Här President, ech hunn duerch d'Buch gebliedert „Treibhäuser der Zukunft" vum Reinhard Kahl, mam Ënnertitel: „Wie Schulen in Deutschland gelingen". Ech géif soen, dass dat, wat do beschriwwen ass, dat ass, wat mer mat engem engagéierte Personal, mat Hëllef vun allen Instanzen, och an eiser Lëtzebuerger Schoul fäerdeg wäerte bréngen. An et deet mir leed, dass de Mëtten esou villes auserneegeholl ginn ass.

Et geet net nëmmen ëm d'Strukturen. Et geet fir d'éischt emol ëm d'Kand. Mä da kommt, mir kucken emol: Wat kënne mer him gi mat der Schoulreform? Am neie Schoulgesetz kritt d'Schoul jo méi eng grouss Autonomie, wat e grousse Plus ass. An d'Kand ass net méi Lehrobjekt, mä Lehrsubjekt.

Et ass eng Schoul, wou den Enseignant sech zréckhält, wou hien hëlleft, wou hie guidéiert, wou hie bereit, wou hie motivéiert, wou hien encouragéiert. Et ass eng Schoul, wou déi Staark gefuerdert an déi Schwaach gefördert ginn. Et ass eng Schoul, wou dat zielt, wat d'Kand fäerdeg bréngt. Et ass eng Schoul, wou d'Kanner Erfollegserliefnisser hunn, nom Motto: „Wer die Stärken stärkt, schwächt die Schwächen." An et ass eng Schoul, wou den Unterrecht de Capacitéiten, de Kompetenzen an dem Rhythmus ganz besonnesch vum Kand ugepasst ass, an net ëmgedréint.

Et ass eng Schoul, wou déi Kleng vun de Grousse léieren. Et ass eng Schoul, wou déi Staark deene Schwaachen hëllefen. Et ass eng Schoul, wou d'Kanner virwëtzeg gemaach ginn, wou d'Kanner Loscht op Leeschtung kréien. Et ass eng Schoul, wou d'Kanner gären an d'Schoul ginn.

Ech brauch net méi ze widderhuelen, wat den Här Mehlen gesot huet vun der PEARL-Etüd. Effektiv ware mer d'Schlusslicht do, wann et drëm gaangen ass ze bewäerten, wéi gär datt d'Kanner an d'Schoul ginn oder wéi d'Klima an der Schoul ass. Mä wann een d'Gesetz ëmsetzt, esou wéi den Esprit vum Gesetz an och d'Philosophie vum Gesetz ass, da kënnt dat doten. Mir mussen et just méiglech maachen.

Et ass awer och eng Schoul, wou d'Kanner u sech gleewen, wou d'Kanner an hirem Selbstwäertgefill gestäerkt musse ginn. Et ass eng Schoul, wou de Kanner hir Wuerzele gefesteg ginn a wou hir Flilleke flugséi cher gemaach ginn. Dat ass d'Schoul vu muer. Dëst Gesetz gëtt d'Méiglechkeet derzou.

E Wuert zum Encadrement périscolaire. Här President, am Ausland sinn déi performantst Schoule Ganzdagsschoulen. Elo wëll ech awer net soen, dass dee Modell fir Lëtzebuerg zielt. Et sinn och nëmmen eenzel Schoulen, deenen dat esou gelongen ass.

Mä trotzdeem, d'Ganzdagsschoul ass awer en Thema. Ech wëll awer och soe wuerfir. Ech mengen net, dass d'Fro ass: Sinn ech derfir oder sinn ech dergéint? Oder dulden ech se? Et kann ee begrënnen, woufir dass se noutwendeg ass; net verallgemengert, mä do wou de Besoin ass.

Fréier hat d'Gesellschaft dräi Pilieren. Dat war d'Famill, et war d'Kierch an et war d'Schoul. Mir wëssen, dass haut d'Famill fragiliséiert ass an d'Kierch haut en anere Stellewäert huet. A wat bleift dann nach? Da bleift nach d'Schoul. An déi ass do iwwerfuerdert.

Da mussen aner Strukturen hier fir den Encadrement vun de Kanner ze garantéieren, well d'Koppel vum 21. Jorhonnert geet schaffen. Si kommen aus allen Äerddeeler op Lëtzebuerg, hu keng Famill hei, déi se kéinten am Encadrement vun de Kanner ënnerstëtzen. Mä da muss d'Politik dat dote méiglech maachen.

D'CSV begréisst an dësem Gesetz d'Zesummenaarbecht mat der Schoul, mat de Structures d'accueil a mat de Gemengen. Et gëtt eng gewalteg Aarbecht fir d'Gemengen, mä et ass d'Méi wäert. Well soss, wann den Encadrement net stëmmt, bréngе mer dat, wat ech virdrun opgezielt hunn, och net fäerdeg.

Ech géif wëllen e Wuert zur Medienerzéiung an der Schoul soen. Ech wëll awer och nach de President félicitéiere fir seng Standhaftegkeet an all deene Sitzungen an och fir säi Rapport a fir säin engagéierte Virtrag. Am Artikel 7 „Les objectifs de l'enseignement fondamental" gëtt jo gesot: «L'éducation aux médias est intégrée dans les différents domaines.» Ech wollt do derzou eppes soen.

D'Schoul vu muer ass och eng Schoul wou d'Medienerzéiung vun eminenter Wichtegkeet ass. Déi nei Technologië kënnen e Sege sinn, si kënnen awer och e Fluch sinn. Et ass un der Schoul fir derzou bäizedroen, datt et fir Kanner e Segen ass an e Sege bleift.

D'Neurobiologe si sech net eens. Déi eng warnen a behaapten, d'Kand géif an eng virtuell Welt andauchen, et géif an de Sog vun enger virtueller Welt geroden an hätt

kee Bezuch méi zur realer Welt an dat wär schiedlech. Anerer, déi soe bei ganz jonke Kanner kéinte sech emotional Kompetenzen och duerch indirekt Erfahrungen entwéckelen.

Mä Medien an hir Inhalter sinn net per se geféierlech, mä ausgedehnten TV-Konsum a Computerbetätegung verännert awer bei de Kanner hir Perceptioun, verännert och hiert Raum- an hiert Zäitgefill an hir Gefillswelt.

D'Mediepedagoge roden, déi ausserschoulesch Medienerfahrunge vun de Kanner an den Unterrecht ze integréieren. D'Medie solle genotzt gi fir d'Verbesserung vum „Lehren" a vum „Lernen". Si sinn Instrumenter déi kënnen hëllefen d'Wëssen opzebauen, ze verdéiwen an och ze assimiléieren.

Onbedéngt hei ass d'Zesummenaarbecht mat den Elteren ze sichen. Fir mediekompetent Bierger a Biergerinnen ze maachen, soll fréi mat der Medienerzéiung ugefaange ginn. An England an an der Schwäiz gehéieren d'Kommunikatiounskompetenzen an d'Fäegkeeten, déi sech op d'Informatiounstechnologië bezéien, zu de Schlësselqualifikatiounen.

D'Europaparlament, d'UNESCO, d'Europäesch Kommissioun, den Europarot: alleguerte fuerdere se, datt d'Mediepedagogik hir fest Plaz an der Schoul kritt. Si fuerderen des Weideren d'Ausbildung an d'Weiderbildung vu Léierpersounen, och vum Personnel éducatif.

Menges Wëssens gëtt awer op der Uni Lëtzebuerg d'Mediepedagogik net studéiert. Wat et awer gëtt, kritt een am SCRIPT, am Internetportal „my school" an an der Association „Blickwechsel"; do kritt ee mediendidaktescht a mediepedagogescht Material, wat den Enseignanten zur Verfügung gestallt gëtt. Awer, Här President, dat geet net duer. Hei ass nach en Terrain dee ka beackert ginn.

E Wuert zum Wäerteunterrecht. Gefuerdert gëtt d'Abolitioun vum Reliounsunterrecht an der Schoul. Et gëtt gesot eis Gesellschaft wier net homogen, si wier multikulturell, si wier multikonfessionell. Dat mag jo alles stëmmen, mä déi meescht Bierger, déi op Lëtzebuerg kommen, sinn EU-Bierger, a vill kommen der och aus dem südlechen Deel. Fir ze denken, dass multikonfessionell soll bedeiten, dass honnert verschidde Relioune sollen hei sinn, dat entsprécht net der Realitéit.

Dann awer gëtt der Kierch d'Mëttelalter ëmmer erëm ëm d'Ouere gehäit a se kritt hir Irrweeër, déi tatsächlech begaange gi sinn, virgeworf. Mä, Här President, ech froe mech awer dat heiten: Wat huet Däitschland mat Lëtzebuerg am Zweete Weltkrich gemaach? Wann déi däitsch Politiker op Lëtzebuerg kommen, geheie mer hinnen dann hir Gräueltaten vun deemools haut nach vir? Mä just well se dat gemaach hunn, komme se mam Message: Haut ass et aneschters. Haut si mer Partner an haut hu mer e gemeinsaamt Zil.

Firwat maache mer dat net och mat der Kierch? Den Zweete Weltkrich ass méi no wéi d'Mëttelalter. An der Broschür „Werteunterricht, Religion, Ethik" an den öffentleche Schoulen an der EU, do liese mer, dass an 23 vu 27 Länner Reliounsunterrecht an Ethikunterrecht ugebuede gëtt. Gewëss, et ass net nëmme kathouleschen; awer ëmmerhin. Ech schwätzen och net nëmme vum Katholeschen. Ech schwätze vum Reliéisen.

D'Ëmfroe bei den Elteren hunn eng kloer Sprooch geschwat. Am Primaire sinn 81% fir de Reliounsunterrecht; 19% fir d'Éducation morale et sociale. Dat musse mer zur Kenntnis huelen.

Déi fréier Ostblocklänner hate jo gewëss Zäit fir de «Fait religieux» auszeradéieren - Wat geschitt awer? Och do gëtt de Reliounsunterrecht erëm ageféiert.

Frankräich, wou d'Trennung vu Kierch a Stat besteet, ass amgaang demi-tour ze maachen, wéinstens deelweis. Virun zwee Joer huet de fréiere Kulturminister Jacques Lang eng Deklaratioun an deem Sënn gemaach.

Här President, den Ethikunterrecht ass e Wëssen, dat op de Mënscherechter berout. D'Relioun berout och op de Mënscherechter, mat enger vertikaler Dimensioun. Wat heescht Relioun? Et kënnt vun „religere": ubannen un e Fundament. Wann dat fir déi eng Leit déi vertikal Dimensioun sollt sinn; an enger Demokratie muss een dat dach respektéieren.

Elo virun enger Stonn huet de Barack Obama den Eed an Amerika ofgeluecht, net op d'Mënscherechtskonventioun, mä op d'Bibel.

An d'Jugend, déi stellt ganz vill Froen, nom Sënn vum Liewen, d'Fro vum Liewen nom Doud. Déi Jugendlech gi konfrontéiert mat de Grenzberäicher vum Liewen. Si stelle pertinent Froen am Beräich vum Irrationalen, Paranormalen an och vum Okkulten. Dat sinn oft reliéis Froen. Loosse mer se eleng mat hire Froen, mat hiren Zweifel a mat hiren Ängschten? Mir brauchen eng sachlech an eng kompetent Aart a Weis fir mat der Reliounsfro ëmzegoen.

Et gëtt e russescht Spréchwuert, dat seet: „Gott sei Dank, Gott existiert nicht. Wenn aber, was Gott verhüten möge, Gott doch existiert?" Vum François Mitterrand gëtt Folgendes gesot. Kuerz viru sengem Doud gouf hie vum Franz-Olivier Giesbert interviewt. Ech mengen, et ass e franséische Journalist an Auteur. An de Giesbert huet hie gefrot: „Monsieur le Président, Dir, deen athée sidd, wann nom Doud sech sollt erausstellen, datt et Gott awer gëtt, wat sot Dir dann?" Dunn huet hie geäntwert: «Enfin je saurai.» An deen „enfin" do, Här President, dat wëllt einfach soen, datt hie sech e Liewe laang mat der Gottesfro auserneegesat huet an dass en e Liewe laang gesicht huet. Siche mer net all?

Loosse mer dach den Elteren d'Chance vum fräie Choix. Mir mussen net eise jüdesch-chrëschtlechen Héritage iwwer Bord werfen. Et kënnt vläicht den Dag wou et eis géif leeddoen. Dat wëllt net soen, dass mer beim Wäerteunterrecht, esou wéi d'Françoise Hetto an och nach aner Kolleegen et gefrot hunn, eng Evaluatioun vum Reliounsunterrecht maachen. Et war mer wichteg dat doten ze soen.

Här President, iwwer villes ginn ech ewech, mä nach dat heiten zum Schluss. D'Schoul vu mar gëtt eng Schoul wou den Enseignant méi muss schaffen, wou en aneschters muss schaffen. Et ass eng Schoul wou e méi Responsabilitéite kritt. Et ass och eng Schoul, wou e méi demüteg, wou e konsensfäeg, diskussiounsfreedeg muss sinn a wou e bereet muss sinn, sech a Fro ze stellen.

Et ass eng Schoul wou d'Enseignantë mussen déi al Denkautobunne verloossen an den Deuil maache vun deem, wat se e Liewe laang gemaach hunn, a vun deem se och geduecht hunn, datt se et gutt gemaach hunn. Mä et ass awer och en Enseignant, deen encouragéiert a gestäipt muss ginn.

A mir deet et leed, dass mer de Mëtten d'Barrièrë vun de Parteien net konnten iwwersprangen. Ech froe mech: Déi, déi de Mëtteg virum Schierm souzen an déi hei d'Diskussioun nogelauschtert hunn, mengt Der, dass déi bereet wieren, wou esou villes auserneegeholl ginn ass, fir de September prett ze sinn a fir ze soen: „Yes we can." Ech zweiwelen drun. Et géif mer leed doen.

Mä op alle Fall réusséiert se nëmmen, wann deen dote Pari eis geléngt. An, Madame Minister, ech wollt Iech soen: «Le succès n'est pas quelque chose qu'il faille attendre. Il faut le rendre possible.» Dat stoung an enger Préface vun engem Kachbuch.

***(Hilarité)***

An Dir krut elo déi schwéier Missioun, dee Succès do possibel ze maachen. Ech wënschen Iech do derbäi „bonne chance".

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat heiten ass déi leschte Kéier wou ech d'Wuert kann hei op der Chamberstribün ergräifen. Ech si frou an houfreg bei der Reform vum Schoulgesetz derbäi gewiescht ze sinn, well méi e schéinen Ofschloss vu menger kuerzer parlamentarescher Aarbecht hätt ech mer net kënne wënschen.

Mäi Grousspapp, Schoulmeeschter, war beim 1912er Gesetz derbäi. Mäi Papp, Schoulmeeschter, huet derfir gesuergt, datt ech Léierin gi sinn. Meng Duechter, Léierin, wollt net um doudege Päerd sëtzebleiwen an ass erofgeklommen a versicht am Journalissem säi Gléck, mä mat engem Häerz, wat der Schoul ëmmer verbonne wäert bleiwen.

Et war fir mech eng Éier hei kënnen ze siégéieren. Hei schléit de Bols vun der institutioneller Demokratie. Ech ginn elo zréck bei d'Foussvollek an d'Basisdemokratie, awer net ouni den onageschränkten Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Gesetz ze ginn.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

***(Applaudissements)***

**M. le Président**.- Ech soen der Madame Marie-Thérèse Gantenbein e ganz grousse Merci fir hir lescht Interventioun. Elo kritt dann d'Madame Unterrechtsministerin Mady Delvaux d'Wuert.

**Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer fir d'éischt dem Rapporteur, dem Jos Scheuer Merci ze soe fir säi Rapport, dee méndlechen an dee schrëftlechen, fir seng Gedold mat mir an der Kommissioun. Mä erlaabt mer awer och extra dem Marie-Thérèse Gantenbein Merci ze soen. Merci fir déi onermiddlech Ënnerstëtzung, déi ech bei Iech ëmmer fonnt hunn. Ech war frou, dass Der derbäi waart an ech wäert Iech vermëssen.

Dir Dammen an Dir Hären, ech sinn och frou, dass déi Gesetzer gestëmmt ginn. Ech si frou, dass mer et gepackt hunn déi véier Gesetzer zesumme fir de Vote an d'Parlament ze bréngen. Duerfir wëll ech der Chamber Merci soen, dem Conseil d'État, menge Kolleegen an der Regierung, besonnesch dem Minister Wiseler a senge Collaborateuren, an deene ville Mataarbechter, deene ville Leit um Terrain, Schoulmeeschteren, Proffen - de Proffen net, Pardon; bei dësem Gesetz net -, awer Inspekteren, Elteren, mat deenen zesumme geschafft gëtt, fir dass mer dat hei géife packen.

Dat Gesetz iwwert d'Organisatioun vun der École fondamentale setzt jo de Kader, an deem d'Schoul sech kann, soll entwéckelen, esou wéi mer dat erwaarden. A mir erwaarde vill vun der Schoul. An Dir erlaabt mer déi dräi op Franséisch ze soen. Mir hätte gär, dass d'Schoul soll „instruire, socialiser et qualifier".

Zu deem Éischten, instruire: Ëmmer nach sinn d'Kanner an d'Schoul gaange fir eppes ze léieren. All Generatioun huet sech Gedanke gemaach, wat se där nächster Generatioun géif mat op de Wee ginn, fir dass se kéinten am Liewe bestoen, an och haut geet een an d'Schoul fir ze léieren.

Wéi d'Schoulgesetz vun 1912 gestëmmt ginn ass, huet d'Diskussioun dorëms gedréint: 1. Wéi brénge mer et fäerdeg, dass d'Leit hir Kanner an d'Schoul schécken? Fir déi, déi keng Loscht hate se ze schécken. 2. Wéi maache mer déi Moderniséierung vun deem Land, vun enger Landwirtschaft zu enger Industrieekonomie? Ech wëll drun erënneren, deemools och war et eng demokratesch Suerg, well d'allgemengt Wahlrecht ass agefouert ginn a Lëtzebuerg huet eng Populatioun gebraucht, déi méi qualifizéiert war.

Haut brauche mer eis d'Fro vun der Schoulpflicht net méi ze stellen, vun der Obligation scolaire. Allerdéngs geet haut den Défi drëm: Wéi bréngen mer et fäerdeg all Kand, wat zu Lëtzebuerg an d'Schoul geet, esou héich wéi méiglech kompetent ze maachen?

Well mer wëssen, dass een an der Primärschoul haut - fréier war ee jo fäerdeg ausgebilt oder, loosse mer soen, déi meescht Leit ware fäerdeg ausgebilt wa se aus der Primärschoul erauskomm sinn; haut ass dat net méi de Fall.

Mir wëssen och, dass een an der Initialausbildung net méi alles ka léieren. A mir wëssen, dass d'Wësse sech esou séier multipliziéiert, dass een am Fong muss säi Liewe laang léieren. Et geet also drëm: Wéi bréngen mer et fäerdeg sécherzestellen, dass déi Kanner, déi duerch d'Lëtzebuerger Schoul ginn, déi Basiskompetenzen hunn, déi hinnen et erlaben um liewenslaange Léieren deelzehuelen?

An dofir zielt esou vill wéi d'Wëssen d'Kompetenz, dat heescht wëssen, kënnen a wëllen.

Et geet net duer theoretesch kënnen ze rechnen. Et muss een och wëssen: Firwat rechnen ech et? Wéi eng Operatioun setzen ech an? Wéi kann ech mäi Wëssen uwenden? An et muss een eng Haltung hunn, déi een habilitéiert, déi ee motivéiert fir wëllen ze léieren an dat Wëssen och unzewenden.

Déi zweet Missioun vun der Schoul ass soziliséieren. Mir waren zu Lëtzebuerg ëmmer ganz stolz, dass eis öffentlech Schoul et fäerdeg bruecht huet, d'Kanner vun all Milieu zesummen an der öffentlecher Schoul ze scolariséieren. Mir hunn dat ëmmer als e grousst Argument vun der Integratioun vun alle Leit hei zu Lëtzebuerg duergestallt.

Haut, géif ech soen, wär déi Missioun nach méi wichteg. Well et ginn ëmmer manner Plazen, wou d'Kanner sech soss kënnen zesummefannen. Geschwënn ass d'Schoul déi eenzeg Plaz - d'Schoul an déi périscolaire Aktivitéiten -, wou d'Kanner sech zesummefannen, wou se sech kënne kenne léieren.

An zweetens ginn et ëmmer méi Eenzelkanner an eiser Gesellschaft an et ass also wichteg, dass och an der Schoul déi sozial Kompetenzen déi sinn: Wéi liewen ech an engem Grupp? Wéi ginn ech ëm mat Kritik? Wéi kann ech meng Meenung soen ouni direkt aggressiv ze sinn? Dass déi an der Schoul och gepflegt ginn.

Ech wëll dobäi direkt soen, d'Schoul kann net alles. Dat ass net eleng d'Missioun vun der Schoul. Mä d'Schoul ass e wichtegt Instrument derfir.

Déi drëtt Missioun vun der Schoul: qualifizéieren. Fréier - an duerfir hat ech e bësse reagéiert wéi gesot ginn ass, fréier konnte se méi - hu mer e klenge Prozentsaz vu Leit gebraucht, déi héich ausgebilt waren. An haut wësse mer, dass ee Jonken, deen ouni Qualifikatioun oder mat enger niddereger Qualifikatioun an d'Liewe geet, wéineg Chancen huet fir um Aarbechtsmaart iwwerhaapt ënnerzekommen.

Mir wëssen, dass déi jonk Leit an der Konkurrenz si mat Jonken aus allen anere Länner. Duerfir musse mer eis beméie jiddwereen hei zu Lëtzebuerg esou héich wéi méiglech ze qualifizéieren. Déi Gutt nach besser, déi Mëttel gutt an déi, déi schlecht qualifizéiert sinn oder net qualifizéiert sinn, op een Niveau ze bréngen, deen hinnen et erlaabt sech am Liewen ze behaapten; och - an dat ass mer wichteg - wann ee muss méi Zäit opwende fir déi Schüler zu där Qualifikatioun ze bréngen. Et geet net drëm se ze qualifizéieren, ouni dass se Kompetenzen hunn, mä et geet drëm déi Zäit ze fanne fir se kompetent ze maachen.

Ech mengen ech brauch heibannen net ze soe wéi wichteg dass dat ass. Fir jiddwereen Eenzelnen ass et en Drama, wann e mat 18 Joer an d'Liewen erausgelooss gëtt an e kritt gesot: Du kanns näischt an Du bass fir näischt gutt an Du gëss net gebraucht.

Dat ass dramatesch, mä ech menge fir eis Gesellschaft ass et dramatesch, wa mer all Joer Honnerte vu jonke Leit esou an d'Liewe loossen. Mir waren ëmmer stolz op eise soziale Fridden a mir hunn eis ëmmer beméit fir deen ze halen.

Ech denken, dass hei dee wichtegsten Usaz ass fir jiddwerengem eng Perspektiv ze ginn a jiddwerengem ze soen: Du bass wichteg an hei an deem Land gëss De gebraucht.

Natierlech ass et net d'École fondamentale, et ass net d'Spillschoul an d'Primärschoul déi d'Qualifikatioun garantéiert. Well all Schüler gi jo no der Primärschoul an eng weiderféierend Schoul. Mä, och dat wësse mer aus den Erkenntnisser vun der Recherche, et sinn déi éischt Joren, déi Wichtegst sinn an déi déterminéieren, ob ee Succès a senger Carrière scolaire an domat a sengem Liewe kritt oder net.

D'Motivatioun, dass ee sech selwer gleeft an dass ee Strategien entwéckelt fir ze léieren, dass ee léiert léieren, dat alles décidéiert sech ganz fréi an der Schoul oder loosse mer soen, wann een net e gudde Start huet, da kascht et immens vill Méi an Zäit fir dat ze rattrapéieren.

Dofir wëll ech hei soen, fir mech sinn déi éischt Joren an der Schoul déi déterminant a mir mussen alles drusetze fir de Kanner dee beschtméiglechе Start an hir Schoulcarrière an an hir Liewenscarrière ze ginn. Dofir ass et wichteg sech ëm all Kand ze këmmeren, déi Gutt ze förderen - och dat geschitt vläicht net oft genuch - an déi Schwaach esou ze stäipen, dass se weiderkommen.

Dat heescht fir all déi Leit, déi an der Schoul intervenéieren - an dat ass net einfach -, op all Kand kucken, diagnostizéiere wann eppes net klappt, hëllefen, fir dass et klappt, an haaptsächlech sech ëmmer erëm soen, jiddwereen ass lernfäeg.

Et ass net esou, dass een no engem oder zwee Joer an der Schoul scho condamnéiert ass, dass een net méi kéint zum Succès an der Schoul kommen.

Ech mengen dat sinn déi Haaptmessagen an deem Kader wou d'Schoulgesetz sech placéiert an do ginn natierlech Instrumenter an deem Gesetz beschriwwen. Ech wëll net op se alleguer agoen, well meng Virriedner hunn hei, mengen ech, all Aspekt vum Gesetz analyséiert, auserneegeholl, déi eng gelueft an déi aner kritiséiert, mä ech géif gären e puer wichteg Elementer vum Gesetz eraushuelen.

Dat éischt ass en differenzéierten a kompetenzorientéierten Unterrecht dee mer gär hätten. Ech hunn dat an der Introduktioun erkläert. Fir dat ze erméiglechen, gëtt d'Schoul a Cyclen agedeelt.

An zwar wëlle mer och drop hiweisen, dass et déi éischt Jore sinn, dat heescht d'Spillschoul ass immens wichteg. Dat heescht net, dass d'Kanner do sollen negativ gestrooft ginn. Mä dat heescht, dass ee soll opmierksam sinn a kucken, wéi entwéckelt d'Kand seng Kompetenzen, wou kënne mer him hëllefen, wann ee mierkt, dass ee Problem géif bestoen. Dat sinn also de Cycle vum Préscolaire an dräi Cyclë vum Primaire.

Just ee Wuert zu de Cyclen. Cyclen heescht, dass een Ziler, wou ee mat de Schüler wëllt hikommen, op zwee Joer fixéiert amplaz op ee Joer. Kompetenzorientéiert heescht och, dass een eigentlech net méi de Programm kuckt. Dat heescht net, wat muss den Enseignant maachen, mä wat muss d'Kand kënnen. Wat e Perspektivewiessel ass an oft schwéier ass fir den Enseignant.

Wa mer soen, op zwee Joer ginn d'Ziler definéiert, dann heescht dat natierlech net, dass ee soll zwee Joer waarden an da kucken a soen: „Oh là là, Pech, elo huet dat Kand dat Zil net erreecht." Et geet drëm fir esou fréi wéi méiglech ze kucken, wou ass d'Schwieregkeet, a fir sech da mam Kand déi Zäit ze huelen; well et huet kee Wäert am Programm weiderzefuere wann en d'Basis net huet, wann en net kann op dat opbauen, wat e virdru soll geléiert hunn.

Dat ass also, wëll ech soen, eng Ëmstellung an der Zäit. Et ass awer och eng Ëmstellung an der Aarbecht vun den Enseignanten. Well dat heescht jo ganz kloer, ech kann net méi soen, elo maachen ech mat der ganzer Klass eng Prüfung iwwert d'Säit 35 oder iwwert d'Table de multiplication bis 100, an deen, deen dat net kann, da fueren ech mam Programm weider. Neen. Ech muss da sécherstellen, dass jiddwereen an deem Zyklus op dat Zil kënnt, an dat ass eng grouss Erausfuerderung, géif ech soen, fir d'Schoul.

Dat zweet wichtegt Element ass d'Équipe. E Kand huet a senger Schoulcarrière net nëmmen ee Schoulmeeschter, wéi dat vläicht op de Landgemengen nach laang de Fall war, jiddefalls wéi d'Schoulgesetz gestëmmt ginn ass, mä haut si vill spezialiséiert Beruffer, well mer jo och vill méi wëssen iwwert d'Entwécklung an d'Kannerpsychologie. Et sinn also vill Intervenanten an der Schoul an duerfir musse mer sécherstellen, dass déi Leit, déi sech ronderëm e Kand bewegen, sech och concertéieren, well fir e Kand gëtt d'Auer net op null gestallt wann et vun engem Enseignant bei deen anere kënnt. Et muss eng Kontinuitéit sinn an duerfir ass déi Concertatioun zwëschent Équipë wichteg, zwëschent deene Leit, déi sech ëm déiselwecht Kanner këmmeren, fir d'Kohärenz an der Prise en charge vun de Kanner ze garantéieren.

Duerfir ass déi nei Definéierung vun der Tâche vun de Schoulmeeschteren a vun de Léierinnen, déi jo méi Zäit mussen opbrénge fir déi Concertatioun ze maachen, natierlech ee wichtegt Element vun dëser Reform.

Dat drëtt wichtegt Element ass d'Partenariat mat den Elteren. Och do wësse mer aus den Erkenntnisser, dass, wa keng gutt Relatioun besteet zwëschent der Schoul an den Elteren, déi, déi drënner leiden, d'Kanner sinn. Et ass also immens wichteg e Partenariat mat den Elteren opzebauen. Partenariat heescht net Bevormundung. An dat heescht och net, dass een den Elteren Aufgabe gëtt, déi net an der Schoul gemaach gi sinn. Mä Partenariat heescht, dass en Échange stattfënnt. Natierlech spillt d'Partenariat op zwee Niveauen: deem individuellen an deem institutionellen. Duerfir si jo déi verschidden Instanze virgesinn.

Dat véiert wichtegt Element, dat ass d'Équipe multiprofessionnelle. Vun där ass vill geschwat ginn; déi spezialiséiert Beruffer, déi sech entwéckelt hunn. Mir hätte gären, dass déi méi no bei d'Schoul ginn.

Ech däerf ee Wuert e bësse méi laang dorobber agoen, well hei e puermol dorobber intervenéiert ginn ass. D'Reorganisatioun soll doranner bestoen, dass déi Leit, déi elo am SREA an am Service de guidance sinn - also an de Services ambulatoires an an de Services de consultation; net déi, déi an den Institutioune sinn -, dass déi Servicer nei organiséiert ginn an dass se regional opgedeelt ginn. An dass all Inspekter weess mat wéi enge Leit dass en ze dinn huet, fir dass déi méi no an der Schoul kënnen agesat ginn.

D'Zil, wat ech mer ka virstellen, ass à moyen terme hoffentlech, dass mer déi Équipen natierlech mussen étofféieren. Ideal wär et, wa mer bei all Schoul déi néideg Leit derbäi hätten, fir déi Prise en charge kënnen ze garantéieren. Mä ech mengen, mir fänken emol domadder un ze identifizéieren, wéi eng Ressourcë sinn zur Verfügung fir eben d'Interventiounen: e Professer vu Logopedie, ee Psychomotoriker, Éducateuren; also déi Leit déi kënnen intervenéieren, dass se um Niveau vun der Schoul intervenéieren.

Dat ass och fir mech d'Konditioun, oder loosse mer soen d'Begleedung vun der Integratioun vun deene Kanner, déi speziell Besoinen hunn. D'Kanner mat Handicap, mä awer och Kanner, déi soss Opmierksamkeetsdefiziter hunn oder aner Schwieregkeeten hunn.

Mir hätte jo gären, dass all Kanner kënnen an d'Lëtzebuerger ëffentlech École fondamentale goen. Dat impliziéiert natierlech, dass déi Moyenen zur Verfügung stinn, fir dass déi Kanner kënnen och en charge geholl ginn. An dass de Schoulmeeschter an d'Léierin net seet: Majo, muss ech dann déi ganz Laascht do droen?

Wichteg ass et mer och an deem Kontext ze soen, dass déi Décisioun, ob ee wëllt e Kand an d'„normal" Schoul integréieren oder an eng Spezialschoul ginn, ëmmer bei den Eltere bleift. Och nom Vote vun dësem Gesetz.

Dann ass dee fënnefte Punkt, mengen ech, e wichtegt Element, wou ech ee Moment drop agoe wëll: Dat ass d'Gestioun vun der Schoul. Fir dass ka geschafft ginn an enger Schoul a fir dass d'Kanner kënne léieren an dass se mat Succès léieren, brauch een e gutt Schoulklima. Mir wëssen, dass mer dorun ze schaffen hunn. Net an alle Schoulen, mä a verschiddene Schoulen. A fir dass d'Schoulklima gutt ass, ass dat Éischt emol, dass d'Gestioun vun der Schoul fonctionnéiert.

Ech wollt eng Kéier kuerz opzielen, wéi dat dann elo ass. Éischtens muss eng Schoul definéiert sinn. Eng Schoul ass net einfach e Gebai. Eng Schoul ass éischtens all déi Leit, déi dozou gehéieren. Am Prinzip muss eng Schoul all Cyclen offréieren, well et jo ëm d'Kohärenz vun der Prise en charge geet. Et kann net sinn, dass déi aus dem zweete Cycle herno soen, déi am éischte Cycle hunn alles falsch gemaach an duerfir geet et net. Also, et ass eng Kohärenz vun deem Ganzen. D'Schoul ass definéiert.

All Schoul muss sech da Strukture ginn. Et muss en Elterecomité an de Comité vun den Enseignanten do sinn, fir dass déi Partnerschaft kann organiséiert ginn. An deene Gemengen, wou méi Schoule sinn, ass jo dann nach doriwwer um Niveau vun der Gemeng d'Schoulkommissioun, déi weider Responsabilitéit och huet. An da gëtt et an der Schoul e Comité vun den Enseignanten, wou e President ëmmer muss sinn an op d'mannst zwee aner Memberen. An iwwer hinnen alleguerten ass den Inspekter, dee jo de Chef hiérarchique ass vun all de Schoulmeeschteren an de Léierinnen an dee Weisungsbefugnis huet iwwer all déi aner Intervenanten an der Schoul.

Da gëtt gesot, ech mengen, dat war jo de Mëtteg ugeschwat ginn - ech hu mech gefrot, déi Leit, déi net fir dat Gesetz sinn, wat se als Argument fonnt hätten, wann elo net dee Problem vun deem Schouldirekter do wär. Well dat ass jo elo d'Diskussioun: Schouldirekter? President? An ech sinn eigentlech erstaunt, dass gesot gëtt, also wann elo en Direkter do wär, da wäre mer sécher, dass alles géif fonctionnéieren. Also, wann dat esou einfach wär, ech weess net…

***(Interruption)***

Fillt Der Iech concernéiert, Här Adam? Fillt Der Iech elo ugeschwat?

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Mä Dir sot dat einfach esou hei an d'Landschaft eran!

**Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ma ech hunn dat awer héieren! Da waart Dir do dobaussen, wéi dat gesot ginn ass. Ech hu jo net gesot, Dir hätt dat gesot.

***(Interruptions diverses)***

**Une voix**.- Ech mengen, et war ee vun der CSV.

**M. le Président**.- Sou, elo huet ganz eleng d'Madame Delvaux hei d'Wuert!

**Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle*.- Ech wonnere mech iwwert déi Opreegung hei. Ech soe just, dass ech zimlech vill Departementer, Servicer, Schoule kennen, an ech kennen der och ganz vill mat Direkter, an ech kennen der mat Direkter, déi fonctionnéieren, an ech kennen der mat Direkter, déi net funktionéieren. An ech wonnere mech hei just, dass Der sot, dass dat elo d'Saach ass.

Ech mengen nämlech, dass dat Wichtegst ass - an doriwwer freeën ech mech, dass et do en Accord gëtt -, dass mer an enger Schoul en Équipëgeescht hunn. Well dat ass fir d'Lëtzebuerger Schoul eppes Neies. An alle Schoulen, och an deene wou et en Direkter gëtt. En Enseignant ass traditionell, esou wéi mir - ech soen och: mir - ausgebilt gi sinn, ee Solitaire. Wann een a seng Klass geet, da mécht een d'Dier zou an dann ass een „seul maître après Dieu" an där Schoul do. An ech mengen, dat Wichtegst ass, dass déi Conscience kënnt, dass ee muss, jiddwereen eenzel Verantwortung iwwerhuelen an zesummen d'Verantwortung droen. Duerfir ass d'Équipe wichteg.

Da sinn ech och nach der Meenung, dass ech keng Équipe kennen, déi sech net e Chef gëtt. Ech kenne keng. Alleguerten hu se e Chef. An déi, déi vu bausse kommen, mierke genau, wa se an e Grupp kommen, wou de Chef ass.

Elo stellt Dir dann d'Fro: Gëtt dee Chef gewielt oder gëtt e vun uewen imposéiert? Hei hu mer optéiert, dee gëtt gewielt. An deen huet Missiounen. Hie muss kucken, dass d'Schoul fonctionnéiert, Relatioune mat den Autoritéiten a Relatioune mat den Elteren; wat fir mech e wichtegt Element war an der Diskussioun, well ech ëmmer verstanen hunn, dass d'Elteren net frou wären, dass se keen Uspriechpartner hunn, wa se an eng Schoul kommen.

Et ass net normal wann een an eng Lëtzebuerger Primärschoul kënnt, dass een do als Uspriechpartner de Portier huet, wann een dohinner kënnt. Et ass richteg, dass do muss en Uspriechpartner sinn. An en ass zouständeg fir d'Kollaboratioun mat der Agence qualité, wou ech nach drop zréckkommen. Dat heescht also fir d'Qualitéit vun der Schoul.

De President ass allerdéngs net de Chef hiérarchique. Domadder gëtt da gesot, jo, dann huet en deenen aneren näischt ze soen. Also ech wëll just hei meng perséinlech Meenung soen, firwat ech net dru gleewen, dass d'Asetze vun engem Direkter eis géif fundamental weiderhëllefen: well d'Schoul keng hierarchesch Struktur ass. Mir mussen all eenzelnen Enseignant responsabiliséieren. Hie muss Verantwortung iwwerhuelen. Well et ka jo net sinn an et geet jo net nëmmen drëm, dass en zur Zäit seng Dier zoumécht. Et geet jo drëm: Wat geschitt an der Klass? An do muss jiddwereen seng Verantwortung iwwerhuelen.

Ech gleewen eigentlech nëmmen drun, dass ee Verantwortung iwwerhëlt, wann een och Vertraue kritt. An ech sinn iwwerzeegt, dass d'Équipe dat Déterminant ass fir d'Qualitéit vun der Schoul, well en Échange stattfënnt zwëschent all deene Leit, déi an der Schoul intervenéieren. An ech wëll och soen, dass mir de Schoulmeeschteren an de Léierinnen ëmmer eng grouss Verantwortung ginn hunn. Mä eigentlech gëtt se nach méi grouss.

Well fir déi „Nei Schoul" hu mer nei Strukturen diskutéiert an et sinn och nei Inhalter. Mir hunn an deene leschte Jore ganz vill op de Kompetenzen, den Inhalter vun der Schoul geschafft. Ech mengen, do sinn ech d'accord, duerfir brauch ee kee Gesetz. Mir maache jo de kompetenzorientéierten Unterrecht. Och op Septième ass en elo dëst Joer am Franséischen, am Däitschen, an der Mathematik, an der Éducation artistique, an de Sciencen agefouert ginn. Duerfir eleng brauch ee kee Gesetz.

Mä et ass e grousse Changement, well bis elo ass et jo esou, dass vun der Gesetzgebung hier de Ministère eigentlech alles zentraliséiert. De Ministère seet: Dir musst déi Bicher huelen an Dir musst dee Programm maachen, an dat an esou vill Stonnen an der Woch.

An Zukunft gëtt et esou, dass de Ministère, oder loosse mer soen de Gesetzgeber seet: Wat erwaarde mer? Wat hätte mer gär, dass de Schüler soll kënnen? An d'Schoul muss d'Verantwortung iwwerhuele fir ze soen: Wéi eng Moyenë setzen ech dann an? Wéi ee Material, wéi eng Methoden, fir zu deem Zil ze kommen? Dat gëtt also eng ganz grouss, vill méi grouss Autonomie vun der Schoul. Dat gëtt also vill méi eng grouss Verantwortung vun der Schoul.

Duerfir mengen ech, dass ee jiddwereen an der Schoul muss responsabiliséieren. Déi Fräiheet, déi Autonomie, also dat Verzichten op deen zentraliséierte System, dee jo am Fong ganz vill kritiséiert ginn ass, deen eigentlech d'Leit och déresponsabiliséiert. Well da kann ech jo soen, ech hu jo alles gemaach wat de Ministère gesot huet. An d'Kanner sinn ze domm a si hate Pech. Wann een dat karikatural ausféiert.

Hei soe mer, mir hätte gär, dass d'Kanner dat Zil sollen erreechen, an Dir setzt d'Moyenen an, fir dohinner ze kommen. An dat ass eng kollektiv Verantwortung vun der Équipe, an déi Fräiheet geet natierlech zesumme mat der Evaluatioun, mat engem System vu Monitoring.

Well fir déi Objektiver ze erreeche muss d'Schoul éischtens e Feedback kréien, fir ze kucken: Ass dat dann och esou? Hu se d'Ziler erreecht? Duerfir musse mer jo Late setzen, wann ech dat esou däerf soen. Dat ass jo d'Suerg vun eis alleguerten, dass mer d'Qualitéit am Land garantéieren, net an der eenzelner Schoul, mä dass mer kënne soen: „Dir kënnt Äert Kand an all Schoul zu Lëtzebuerg berouegt schécken. Mir garantéieren Iech den Niveau vun der Qualitéit."

Duerfir brauche mer e System vun Evaluatioun, deen zu engem grousse Deel op enger Auto-Evaluatioun baséiert. Well et ass wichteg, dass d'Enseignantë sech domadder auserneesetzen, analyséiere wat d'Stäerkten a wat d'Schwächte vun der Schoul sinn, an da kucke gezilt déi Prioritéiten ze setzen, déi fir hir Schoul wichteg sinn. Dat ass eng grouss Verantwortung. Dat ass och e grousst Vertrauen an d'Schoul an et ass eng riseg Erausfuerderung.

D'Organisatioun vun der Schoul, e Wuert dozou, déi bleift eng gedeelte Kompetenz zwëschent de Gemengen an dem Stat. D'Gemenge sinn zouständeg fir d'Infrastrukturen, wat eng net ze négligéierend Influenz op d'Schoulorganisatioun huet. Wann ech eng kleng Schoul hunn, muss ech eng aner Schoulorganisatioun hu wéi wann ech méi grouss Schoulen hunn. An dann ass se zouständeg fir d'Verdeele vun de Kanner, fir de Contrôle vun der Obligation scolaire, fir d'Schoulkommissioun a fir d'Schoulorganisatioun.

De Stat ass zouständeg fir d'Inhalter, fir de Contrôle, fir de Monitoring an, wat nei ass, ebe fir d'Affektatioun vun den Enseignanten, well mer do eng Nomination étatique ginn, déi zesumme mat engem System vu Contingents geet, deen och hei beschriwwe ginn ass a wou ech just wëll soen, dass et eis wichteg ass - d'Objektiv vun deem Contingent ass net fir ze spueren - ze kucke wéi mer déi Moyenen, déi mer hunn, esou gutt wéi méiglech an esou gerecht wéi méiglech am Land verdeele kënnen. Ech mengen dat ass jo jiddwer Deputéierte seng Suerg: Wéi kréien ech garantéiert, dass mer d'Ressources humaines, déi mer hunn, gerecht verdeelen?

D'Gesetz eleng ass natierlech keng Reform. Ech wëll awer soen, dass ech frou si wann déi Gesetzer gestëmmt sinn. Dann heescht et jo dat ëmsetzen, an do brauche mer d'Participatioun vun alleguer de Leit. Ech wëll Iech just kuerz soe wéi dat elo geplangt ass. Fir d'Rentrée 2009 soll also all Nominatioun duerch de Stat geschéien, awer d'Organisation scolaire, dat heescht déi Pläng wéi d'Klasse verdeelt ginn, déi fänkt jo elo gläich un, déi sollen d'Gemengen eigentlech nach no deem Schema maache wéi se et virdru gemaach hunn. Just wann d'Posten ausgeschriwwe ginn, gëtt d'Nominatioun da vum Ministère aus gemaach.

Dat zweet wat muss en place si fir d'Rentrée, also virun der grousser Vakanz, dat sinn d'Comitéën. Dat heescht, d'Wahle vun de Comitéë géif ech gär organiséieren zwëschen Ouschteren a Päischten. Dat heescht awer, dass mer vun de Gemenge bis dohinner musse wësse wéi se hir Schoulen definéieren, well dat jo eng Attributioun vun der Schoul ass. D'Équipes pédagogiques solle spéitstens bei der Schoulorganisatioun en place sinn, an dat misste mer dëst Joer ronn kréie virun der Summervakanz, also fir de 15. Juli misste mer all Plaze besat hunn.

Bei der Rentrée sollen dann all Schoulen, all Klasse mat Cyclë fonctionnéieren. Dat heescht net, dass do „team teaching" gemaach gëtt, mä dat heescht einfach, dass - huele mer e Beispill vun enger Schoul, wou e fënneft an e sechst Schouljoer bis elo war, dee vum fënnefte geet weider an d'sechst, et kënnt jo en neien Titulaire deen eventuell dat fënneft kritt - déi sech da concertéiere mussen, sech zesummesetze fir sech ofzeschwätzen, fir sech iwwer Methoden, iwwer Inhalter fir pedagogesch Objektiver eens ze ginn. Dat ass déi minimal Form vun Equipe. Do ginn et Schoulen déi scho méi wäit sinn, mä de Minimum muss an all Schoul geschéien.

Alleguerten d'Schoule musse sech efforcéiere fir mat Kompetenzen ze schaffen. A

wéi dat net zu Onrecht gesot ginn ass, ech zitéieren dann elo den Här Adam: „Wann ee kompetenzorientéiert schafft, muss ee jo d'Progrèsë vum Schüler dokumentéieren."

Dat geet schwéier zesumme mat enger Benoutung op 60, well soss misst ech jo konsequenterweis an där éischter Prüfung null gi fir ze weisen, dass e sech verbessert huet, an dann zum Schluss vum Joer eventuell op 60 kommen.

Duerfir wëlle mer an deene klengen, also éischte Cycle an zweete Cycle, ouni Nummeren elo bei der Rentrée schaffen. Mir kucken, dass an de Schoulen alleguerten - déi, déi am drëtten an am véierte Cycle sinn, déi loosse mer nach mat hiren alen Zensure weider grouss ginn - déi, déi elo nei am éischten an am zweete Cycle sinn, net méi déi traditionell Zensuren hunn, mä déi ginn ersat duerch e Bilan de compétences.

E Bilan, deen trimestriell den Eltere gewise gi muss. Dat ass wichteg, well dat impliséiert, dass een Échange ass mat den Elteren, fir hinnen ze erkläre wat dat ass. Dat heescht och, dass d'Elteren dann dee Bilan an d'Schoul siche komme fir kënnen doriwwer ze diskutéieren.

D'Gesetz gesäit jo och e Bilan de fin de cycle vir, an ech mengen, dass dat en Effort wär, deen ee vun alle Cyclë kéint erwaarden, dass also niewent den traditionellen Zensuren op d'manst ëmmer um Enn vum Cycle e Bilan gemaach gëtt, wou drasteet wat dat heescht, déi Punkten, déi do op der Zensur stinn. Wat heescht dat? Wéi ass eis Appréciatioun vun de Kompetenze vun de Schüler? Dat, géife mer soen, misste mer an alle Schoule kënnen duerchsetzen.

Dat ass also de Plang vun elo bis d'Rentrée, wat alles muss gemaach ginn. Dat ass also e risegen Effort vu Weiderbildung, vun Informatioun, an duerfir sinn ech frou, dass déi Gesetzer elo gestëmmt ginn. Ech hätt jo léiwer gehat wann dat schonns hätt kënnen éischter gemaach ginn, mä ech mengen et ass awer e formidabelen Défi deen ee kann ophuelen. Ech hätt net gär, dass e Ruck duerch d'Schoul geet. Ech hätt gär, dass d'Schoul sech a Bewegung setzt.

„Eis Schoul?, ech sinn iwwerzeegt dovunner, an ech revendiquéieren en differenzéierten Unterrecht, dass ee soll all Kand huele wou et ass an et esou wäit brénge wéi ee kann an dru schaffe fir et héich ze bréngen.

Ech revendiquéieren awer och déi Differenzéierung fir d'Enseignanten, fir d'Schoulmeeschteren a fir d'Léierinnen. Et gëtt der - wéi hei richteg gesot ginn ass - déi scho laang amgaange sinn op Projeten ze schaffen, sech mat Kompetenzen ze beschäftegen, sech domadder auserneenzesetzen, dorobber ze schaffen; déi kënne méi wäit goen. An déi, déi sech mussen eraschaffen, deene solle mer awer och d'Chance gi fir sech domadder auserneenzesetzen an déi richteg Weiderbildung ze kréien, fir dass se mat Energie, mat Courage, mat Motivatioun a mat Élan dohinner ginn.

Domadder wollt ech Iech alleguerte Merci soen.

Ech wëll kuerz op déi zwou, oder soll ech dat muer de Moie maachen? Ech mengen et sinn Amendementer déposéiert ginn, et ass eng Motioun. Ech kéint dat vläicht nach den Owend maachen.

Also ech hunn de ganze Mëtteg nogelauschtert an ech hunn awer vill Konsens héieren, och wann dräi Parteien hei gesot hunn, si kéinten d'Gesetz net stëmmen. Ech kann dat alles novollzéien, firwat se dat maachen, mä ech hunn awer op ville Punkte Konsens fonnt: Kompetenzorientéiert Cyclen, dass mer differenzéiert virgoe mussen, dass mer eis méi ëm d'Kanner këmmere mussen, besser Strukturen an der Schoul, d'Équipen.

Et ass also esou, dass ech optimistesch si wat d'Zukunft vun der Lëtzebuerger Schoul ugeet. Ech fir mäin Deel mengen, dass mer no véier Joer Consultatioun, no villen Diskussiounen an ongezielte Kommissiounssitzungen, wou mer och nach Suggestioune vun den anere Parteien opgeholl hunn, um richtege Wee sinn. Et gëtt nach vill Aarbecht, pedagogesch an administrativ, an ech géif soen, mer mussen deem Gesetz eng Chance gi fir sech ze entwéckelen an ze entfalen.

Duerfir géif ech och soen, dass dat, wat am Här Berger senger Motioun gefrot gëtt, „à élaborer dans les meilleurs délais un projet de loi réformant l'inspectorat de l'enseignement fondamental", net gutt wier. Ech mengen net, dass een net soll doriwwer nodenke wat een um Inspektorat verbessere kéint, well et ass sécher, dass mer do nach Denkaarbecht maache mussen. D'Zesummespill zwëschent der „Agence pour le développement de la qualité de l'enseignement", wat muer um Ordre du jour ass, an dem Inspektorat, do musse mer e Modus vun Zesummenaarbecht fannen. Ech weess awer elo net wéi ee sech kéint engagéieren, fir „dans les meilleurs délais" en neit Gesetz ze maachen; an duerfir géif ech d'Chamber froe fir dat net unzehuelen.

An da wëll ech och nach ee Wuert soen zu deenen Amendementer. Ech verstinn eigentlech d'Freed vun der DP net fir hei Amendementer eranzereechen, déi se am Fong selwer net duerchgesat huet wéi se an der Regierungsverantwortung war. Dat fannen ech éierlech gesot net immens berouegend fir eng Partei, déi eigentlech wëllt seriö geholl ginn.

Fir mech sinn d'Erausfuerderunge vun der Schoul d'Verbesserung vun der Qualitéit, d'Verbesserung vum Schoulklima, sech ëm all Kand këmmeren, all Kand fuerderen, förderen, encouragéieren, an ech muss soen, an ech ginn dat och zou, et war fir mech keng Prioritéit fir elo de Wäerteunterrecht an der Schoul duerchzesetzen. Ech hat dat net op mengem Programm stoen, ech hu mech och net drëm gekëmmert. Duerfir géif ech Iech soen, dass ech dat Gesetz hei derwäert fannen ze stëmmen, an ech géif Iech bieden et ze stëmmen an d'Amendementer net unzehuelen.

Merci.

**Plusieurs voix.**- Très bien.

**M. le Président.**- Ech soen der Madame Minister Merci. Mir komme muer zum Vote iwwert d'Amendementer an och zum Vote iwwert de Projet an d'Motioun.

Mir fuere viru mat der Diskussioun vum Projet de loi 5760 iwwert d'Léierpersonal. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht; dat heescht, datt de Rapporteur an d'Regierung jeeweils 40 Minutten zegutt hunn. Et si bis elo schonn ageschriwwen: den Här Roth, den Här Berger an den Här Adam. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Jos Scheuer.

## 5. 5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental

***Rapport de la Commission de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle***

**M. Jos Scheuer** *(LSAP), rapporteur.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir stëmmen e Pak vu véier Gesetzer, an déi véier Gesetzer hänken zesummen, an zwee Gesetzer sinn net vuneneen ze trennen, dat ass dat iwwert den Enseignement fondamental, iwwert d'Grondschoulgesetz, an d'Personalgesetz.

Ech hätt mer kënne virstellen, datt een déi zwee Gesetzer an engem zesummegefaasst hätt, da wär awer d'Grondschoulgesetz nach méi monumental gi wéi et fir de Moment ass. An dësem Gesetz ginn all déi Leit opgezielt, déi an der Schoul interveneieren, an déi wichtegst vun deene Leit kréien dann och hire Statut definéiert an dësem Gesetz.

Den Historique vum Projet de loi ass séier gemaach. De 24. August 2007 ass d'Gesetz agereecht ginn. De Conseil d'État huet méi wéi ee Joer gebraucht fir en Avis ofzeginn. Mir hunn e kritt am November 2008, den éischten Avis, an de Conseil d'État huet nach eng Kéier en zweeten Avis ofginn, en Avis complémentaire, no enger Kuelebootsch vun Amendementer, déi mer gemaach hunn opgrond vu sengem Avis, den 19. Dezember 2008.

Dir mierkt wéi op dësem Gesetz geschafft ginn ass, an och am Laf vum leschte Mount, just fir déi Kombinatioun vun deenen zwee Gesetzer kënnen iwwert den Instanzewee ze kréien, an duerfir gëtt et och eng Serie vun Ursaachen. Mir hunn all Avisë gekuckt déi mer haten. D'Chambre des Fonctionnaires, d'Chambre des Employés privés, d'Chambre de Travail, a mer haten och nach en Avis vum Syvicol, dee sech et net huele gelooss huet fir d'Implikatioun vun de Gemengen an dësem Gesetz op de Leescht ze huelen.

Am Ganzen hate mer fënnef Réuniounen éier mer den Avis vum Conseil d'État haten. Duerno nach eng Kéier fënnef, plus déi déi mer reservéiert hate fir den Avis complémentaire vum Conseil d'État. Esou datt mer just am leschte Mount ganz intensiv geschafft hunn an de 14. Januar dann de Rapport ugeholl hunn. Och dëse Rapport ass ugeholl ginn, esou wéi deen iwwert d'Grondschoul, mat de Stëmme vun der Majoritéit.

Just zum Contenu vum Projet de loi. Ech hat gesot, en huet ee Volet, dat ass de Volet vum Statut vun den Intervenanten an der Schoul. En zweete Volet ass awer de Volet iwwert d'Carrièrë vun deene Leit, déi hei impliséiert sinn. An och dee Volet ass also en Element vun dësem Projet de loi an expliziéiert och, firwat et esou laang gedauert huet bis mer ofschléisse konnten.

Zum Contenu vum Projet de loi, ech beschränke mech op dat Wesentlecht. Ech ginn net méi all déi Artikelen a Sektiounen duerch. Et gëtt e Corps geschaf, deen an der Grondschoul interveneiert. Da ginn d'Conditions d'admission definéiert, d'Conditions de nomination an och d'Affektatioun respektiv d'Réaffektatioun vum Personal. Mä et geet och Rieds vun der Disziplin, vun de Remplacementer a vun der Planifikatioun. Hei ginn also d'Structures de gestion definéiert, déi mer am Enseignement fondamental scho fonnt hunn.

E puer wichteg Elementer hei aus deem Gesetz. Fir d'éischt d'Nomination étatique. Haut steet d'Léierpersonal ënner enger duebeler Autoritéit. Engersäits ënnert der Autoritéit vum Inspekter an op där anerer Säit ënnert der Autoritéit vun der Gemeng, ënnert der administrativer Autoritéit vum Buergermeeschter. Dat ännert elo. Am Prinzip kënnt elo, doduerch datt d'Nominatioun duerch de Stat gemaach gëtt, d'Personal ënnert d'Autoritéit vum Stat. An dat gëllt souwuel fir d'Enseignantë wéi och fir d'Éducateuren.

D'Gemeng ass, wéi gesot, net ausgeschalt an dësem Raster. D'Gemeng huet sech mat der Schoulorganisatioun ze befaassen, suergt fir d'Kollaboratioun mat dem Minister a suergt och fir d'Kollaboratioun ënnert deenen eenzelnen Équipen, doduerch datt déi och verankert ginn an der Schoulorganisatioun. Am Ministère gëtt e Service du personnel geschaf, deen dann domadder och d'Gemengen entlaascht.

Zur Prozedur elo, zu deene verschiddene Prozeduren, déi am Gesetz stinn. D'Nominatioun vun den Enseignantë gëtt vum Grand-Duc virgeholl an de Stat affektéiert déi Enseignanten, déi d'Nominatioun vun him hunn, an all Enseignanten, déi en place sinn, an eng Gemeng. Déi an enger Gemeng sinn, kënnen do bleiwen, an déi an eng aner Gemeng wëlle wiesselen, déi ginn dohinner affektéiert, sur avis vun de Gemengeréit. De Gemengerot ass also och net ausgeschalt an der Prozedur vun den Affektatioune respektiv vun de Réaffektatiounen. An d'Gemeng selwer ka sech dann, wa se verschidde Schoulen huet, e Règlement de permutation ginn, fir de Wiessel ënnert deene verschiddene Schoulen aus enger Gemeng méiglech ze maachen.

Zur Prozedur vun der Affektatioun. Déi Schoulmeeschter, Léierinne mat Diplom, déi melle sech op déi fräi Posten, wann der dann do sinn, op déi Posten déi deklaréiert gi vun de Gemengen a kommen dann op eng éischt Lëscht. Wichteg ass och als Informatioun, datt déi Leit sech op méi Postë melle kënnen. Dat war am Ufank net esou kloer. Dat heescht, wa se op enger Plaz net ugeholl géife ginn, wa se net hir Nominatioun dohinner kréien, da kënne se vun enger zweeter Gemeng awer gestëmmt ginn.

Wichteg ass och, datt de Ministère, dee jo all déi Demanden a vakant Posten enregistréiert, eng national Lëscht presentéiert, an net nëmmen eng Lëscht déi pro Arrondissement dann opgestallt gëtt. D'Gemenge ginn hiren Avis dann zu deene Leit, déi sech bei si mellen, an de Ministère mécht dann déi Affektatioun.

D'Fro, déi sech da stellt: No wat fir enge Kritäre geschitt dat? Op der nationaler Lëscht, déi presentéiert gëtt, muss dann e Klassement virgeholl gi vun deene Kandidaten, an dat Klassement gëtt virgeholl opgrond vun der Note d'inspection déi se kréien - do nach eng Kéier de Wäert an d'Importenz vum Inspektorat -, an d'Ancienneté spillt dann.

Dat sinn also fir d'Gemeng zwee objektiv Kritären un déi se sech hale kann, fir sech fir deen een oder fir deen aner Kandidat ze entscheeden. Dat sinn d'Grondprinzipien dervun, den Detail ass nach méi kompliziéiert.

Ech kommen dann zum Inspektorat. Dat ass en neit Element. Vill Fonctioune vum Inspektorat sinn nei, an ech ka kee Komentar zu där Diskussioun vu virdru maachen. D'Inspektorat gëtt duerch déi zwee Gesetzer gestäerkt, kritt Missiounen a kritt Fonctiounen, kritt och eng Wichtegkeet, déi et virdrun net an deem Mooss hat. Op jidde Fall war et net esou festgeluecht. Den Inspekter eleng ass de Chef hiérarchique, wat d'Disziplin vun den Intervenanten an der Schoul ugeet.

Den Inspekter huet den Avantage fir eben eng Autorité supérieure ze sinn. Eng Distanz besteet têschent him an deene Leit, déi an enger Schoul intervenéieren, an op där anerer Säit ënnersteet en dem Minister, deen ëmmer nach a leschter Fonctioun dann en Aval gëtt oder en Avis défavorable zu deem, wat proposéiert gëtt.

D'Inspektorat ass zoustänneg fir de ganzen Enseignement fondamental. Et kommen aacht nei Inspektere bäi. Esou steet et am Gesetz, quitte datt gesot ginn ass, déi wäre schonn en place.

Wichteg ass och beim Inspektorat, datt d'Inspektorat gestäerkt gëtt, net nëmmen an der Tâche an an der Responsabilitéit, déi se kréien, mä wichteg ass och, datt d'Verwaltung, déi d'Inspektorat zur Verfügung gestallt kritt, endlech emol an engem Text steet. D'Inspektorat kritt och Büroen, quitte datt se zu e puer Arrondissementer zesummegefaasst ginn, an déi Verwaltung setzt sech zesummen aus Redakteren an aus Expéditionnairen.

Den Inspekter ass jo elo net méi deen, deen en Arrondissement verwalt aus dem Auto eraus, vum Autostëlefon, a vun enger Plaz op déi aner fiert. Den Inspekter ass elo een, deen iwwer eng Verwaltung verfüge kann. Et ass am Intérêt - an dat ass och an der Kommissioun gesot ginn - vun der ganzer Schoul, datt d'Inspektorat gestäerkt gëtt, och wat d'Verwaltung ugeet, déi dem Inspektorat zur Verfügung steet.

Et kënnt méi Aarbecht op se zou um pedagogesche Plang - dat hu mer héieren -, fir déi sëlleche Gremien zesummenzehalen a fir se mateneen ze verbannen, ze vernetzen. Déi pedagogesch Aarbecht hëlt zou.

Mir däerfen net vergiessen - ech kann dat hei aflécken -, datt d'Leit hir éischt Nominatioun, nodeem se d'Schoul an de Concours ofgeschloss hunn, vum Minister kréien, an nodeem déi éischt Lëscht ofgeschloss ass, affectéiert de Minister déi nei Zougäng op déi Plazen, déi fräi sinn, déi net besat ginn. Dat huet deen Avantage, datt brevetéiert Leit op Plaze komme wou se gebraucht ginn a sech net an enger Schoul, déi eventuell méi attraktiv ass, gruppéieren. Dat nëmmen als Ergänzung.

Déi Verbindungen, déi duerch d'Inspektorat mussen hiergestallt ginn, brauchen en administrative Suivi. Wichteg ass och, datt déi Remplacementer, déi soss vum Portier an der Schoul gemaach gi sinn - fir et e bësse karikatural duerzestellen -, oder vum President vum Comité, aus deem Arrondissement kënne gemaach ginn, deem d'Lëscht vun de Suppléanten zur Verfügung gestallt gëtt.

Also méi Aarbecht fir d'Inspektorat a méi Aarbecht och doduerch, datt an deem ganzen Enseignement fondamental, vum Précoce bis erop an d'sechst Schouljoer, och méi Élève do si wéi virdrun an datt déi Zuel och nach zouhëlt.

Och d'Carrière vun den Inspektere gëtt hei festgeleucht. Den Inspekter muss e Master-Diplom hunn, während fir de Schoulmeeschter, fir den Enseignant an och fir den Éducateur de Bachelor-Diplom an Zukunft erfuerdert ass.

En anert wichtegt Element an dësem Gesetz ass d'Planifikatioun. Ech soen dat just, fir ze weisen, datt et méi wéi e Gehältergesetz ass. Esou wéi e Plan de recrutement fir de Secondaire existéiert huet, esou gëtt et elo och een am Primaire. Vläicht huet et ee ginn, ouni datt een et wosst. De Plan de recrutement geet op fënnef Joer, kee Pilotage à vue also, mä eng Planifikatioun déi och am Intérêt ass vun deenen, déi elo nach wëllen an d'Carrière vum Enseignant am Enseignement fondamental eragoen.

Eng aner Remarque nach iwwert d'Réserve des suppléants an iwwert d'Remplaçanten. Dat ass esou en däregen Terrain, mat deem dëst Gesetz sech ofgëtt, wou et relativ schwiereg ass, oder och net esou schwiereg, mä trotzdeem, fir festzestellen, festzeleeën, wat sech geännert huet par rapport zum Istzoustand.

2002 ass d'Réserve des suppléants geschaaft ginn, an dat wat deemools festgeluecht ginn ass, gëtt elo ersat duerch dëst Gesetz. D'Argumenter sinn déi hei: De Lëtzebuerger Enseignement an den Enseignement fondamental kommen net aus ouni

Remplaçanten a kommen net aus ouni déi Réserve des suppléants. Dat ass esou, dat kënne mer net änneren an dat wëlle mer och net änneren. Derhannert sti Leit déi e Statut brauchen an déi e Statut zegutt hunn an déi och iwwer geriichtlech Uerteeler mat deene Schoule respektiv mat de Gemenge verbonne sinn. Dat ass dat Éischt.

Mir hunn en Istzoustand, mat deem musse mer liewen, a mer hu virun allem och déi Jurisprudenz, déi mer alleguerte kennen, déi dann enger ganzer Serie vu Leit e Contrat à durée indéterminée ginn huet. Dat hunn d'Gemenge missen akzeptéieren.

Am Kapitel 5 gëtt d'Tâche vun deene Chargéen definéiert op eng prezis Aart a Weis, esou wéi mer iwwerhaapt an dësem Gesetz d'Tâche vun deenen Intervenanten hu missen op Wonsch vum Statsrot ganz prezis festleeën.

Dir wësst, wéi et fir d'Schoulmeeschteren ausgesinn huet. Ech kommen nach dorop zréck. Datselwecht gëllt fir d'Chargéen. Datselwecht gëllt och fir d'Éducateuren. E Chargé, deen nëmme manner wéi ee Mount an der Schoul ass, deen huet d'Charge wéi de Schoulmeeschter oder d'Léierin, an doriwwer eraus, wann e méi laang do ass, muss e 26 respektiv 24 Stonnen halen. Déi Réserve des suppléants ass attachéiert un den Arrondissement vun den Inspekteren.

D'Konditiounen, fir an déi Reserv eranzekommen, sinn och beschriwwen: Éischtens solle se e Premièresdiplom hunn an zweetens musse se natierlech de Stage gemaach hunn. D'Chargéë kréien eng Obligatioun fir sech weiderzebilden, eng Weiderbildung, eng Formatioun, déi ofschléisst mat engem Examen respektiv mat engem Certificat. Um Enn vun där Formatioun steet dann e Contrat à durée indéterminée. Souguer d'Klassement steet am Gesetz: Si gi klasséiert an den E2.

Den Artikel 27 ass asoufern nach interessant fir ze erwähnen: Wa keng Suppléanten zur Verfügung stinn an der Reserv, da kënnen nach ëmmer nei Chargéen agestallt ginn.

Dat zu deem därege Kapitel vun de Chargés de cours, deen nach méi nuancéiert an nach méi komplizéiert ass, an där vereinfachter Versioun.

Ech wollt dann nach e Wuert soen zum Reklassement vun der Carrière. Dat ass den zweeten Deel vum Gesetz. Dee Reklassement vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen aus dem E3 an den E5 léisst sech explizéieren aus enger ganzer Serie vun Ursaachen. Fir d'éischt aus dem Fait, datt elo véier Joer Studie fir de Schoulmeeschter an d'Léierin virgesi sinn. Se mussen als Bachelor intervenéieren. Et kann ee mam neie Profil argumentéieren, an et kann een och argumentéiere mat deem Retard, deen déi Professioun hat par rapport zu aneren.

En Enseignant an der Schoul huet - den Här Adam ass ganz laang dorop agaangen - 23 direkt Schoulstonnen ze halen, Appui huet hie 54 Stonnen am Joer ze halen, an Aarbechtsstonnen - ech nenne se emol einfach Aarbechtsstonnen - am Intérêt vun der Schoul a vun de Schüler - dorënner verstoppt sech ganz vill - 126 Stonnen am Joer, wou en disponibel soll sinn.

D'Déchargë ginn och festgeluecht. 45 Joer muss een hu laut Gesetz. Dat, wat vill Enseignantë gemaach hunn an nach ëmmer maachen, ass ewell kloer definéiert. Ech mengen net, datt een hei vun engem Aschnëtt an der Carrière vun den Enseignantë schwätze kann. D'Déchargë si bei 45 Joer eng Stonn, bei 50 Joer zwou Stonnen a bei 55 Joer véier Stonnen - och dat steet am Gesetz.

D'Carrière vum Enseignant am Fondamental. Den Enseignant am Fondamental ass an Zukunft e Generalist. Et gëtt nëmme méi eng eenzeg Kategorie vu Schoulmeeschter a vu Léierinnen. Dat ass d'Endzil vun dëser Reform. Et sinn nach esou vill Iwwergangsbestëmmunge virgesi fir déi Leit, déi net Bachelor sinn. Et muss ee kucken, wéi et mat der Formation continue ass. Och dat gëtt opgezielt.

E Bachelor kënnt vun der Uni Lëtzebuerg oder aus dem Ausland, wou en dann déi entspriechend Studie gemaach huet. Et ass e Generalist fir Schoul ze hale fir Kanner vun dräi bis 12 Joer. Do muss ee kee Prophéit si fir ze soen, datt d'Formation continue deem Generalisteprofil muss ugepasst sinn, wann eng Demande besteet, déi individuell ka si respektiv vun enger Schoul kann ausgoen oder vum ganze Personal oder vun der Professioun.

Ee Wuert zum Stage, deen net virgesi war an net virgesinn ass, mä dee vum Statsrot gefuerdert gi war. Doduerch, datt elo de Stat d'Nominatioun mécht, huet de Statsrot d'Konklusioun gezunn, datt dann de Fonctionnaire-Enseignant, Fonctionnaire-Schoulmeeschter och muss e Stage maachen, esou wéi all Fonctionnaire beim Stat dat ze maachen huet, an en huet eis eng Oppositioun formelle opgebrummt.

Mir hunn eis mat där Opposition formelle auserneegesat a mat Hëllef och vu Leit, déi d'Verfassung ganz gutt kennen, si mer zur Konklusioun komm, datt ee sollt déi Oppositioun formelle a Kaf huelen, argumentéiere mam Statsrot an hoffen, datt de Statsrot op déi gutt Argumentatioun géif agoen. Mir hu souguer drop verzicht - fir de Statsrot oder eis net an d'Labrenten ze bréngen - fir eng op constitutionnellen Argumenter berouend Argumentatioun an eisen Avis ze schreiwen, an der Hoffnung dat anert géif duergoen.

An déi Argumentatioun war evident. D'Formatioun vun engem Bachelor gesäit vir, datt 30 Woche Stage - bei de Chargéë sinn et Stonnen - agebaut sinn, ier e säin Examen ofschléisst, an domadder huet en also de Kontakt mam Terrain. D'Bachelor-Ausbildung ass eng Beruffsausbildung an dësem Fall, wou Theorie a Praxis matenee kombinéiert sinn, an déi, déi duerch déi Schoul gaange sinn, sinn direkt asetzbar.

Mä, ech betounen nach eng Kéier, datt awer trotzdeem eng Proufzäit agebaut ass, wann ee vun deene Leit, déi dann affektéiert sinn an eng Schoul, et guer net sollte bréngen, aus iergendwellech Ursaache verhënnert si fir Schoul ze halen, da kann och en Avis défavorable ausgeschwat ginn an da musse se déi definitiv Nominatioun net kréien.

Just nach e puer aner Saache ganz zum Schluss: Den Artikel 25 gesäit och eppes vir, wat et sécher ginn ass, mä wat awer net an engem Gesetz stoung, nämlech de Médiateur culturel. De Médiateur culturel ass eng Persoun déi dann agräift, agesat gi kann, wa Primo-arrivanten an eng Schoul kommen; Primo-arrivanten, wou d'Elteren d'Sprooch net verstinn an d'Kanner och d'Sprooch net verstinn. Da stellt dee Mann oder déi Fra, déi där hir Sprooch beherrscht, d'Bindeglied hier tëschent der Famill, dem Kand an tëschent den Elteren an der Schoul.

Zum Schluss dann d'Kapitel 9. Do geet et ëm d'Gehälter an ëm d'Carrièren, déi och en Deel vun dem Gesetz hei sinn, wat relativ spéit komm ass, well dat Kapitel net ofgeschloss konnt ginn. Et geet ëm d'Geld, et geet ëm d'Carrière, an dat Ganzt ass zesummegefaasst ënner esou engem anodinen Titel „Dispositions modificatives".

Do gëtt d'Gesetz vum 22. Juni 1963 geännert. Déi Carrièren, an deenen déi Enseignantë waren - d'Carrière vum E3, E3ter an E4 -, gi suppriméiert, an déi Beruffsgruppe ginn aklasséiert an d'Carrière vum E5.

Am Kapitel 10 vun den Dispositions transitoires gëtt festgeluecht, datt d'Léierpersounen, déi en place sinn, hir Affektatioun behalen. Déi brauche sech also keng Suergen ze maachen, datt se elo op eemol op de Maart kéimen. Dat soll een einfach esou soen, fir d'Leit ze berouegen.

Am Artikel 44 geet nach eng Kéier Rieds vun de Chargés de cours. Déi Chargés de cours kréien dräi Joer Zäit fir sech ze entscheeden zwëschent dem Engagement duerch de Stat oder awer dem Choix, Gemengebeamten ze bleiwen.

Dir Dammen an Dir Hären, dat war a Kuerzform dat Wichtegst aus dësem Gesetz, wat net ze trennen ass vum Gesetz iwwert d'Grondschoul. D'Ëmsetze vun deenen zwee zesumme misst d'Garantie ginn, datt sech och déi zwee Gesetzer zum Wuel vun der Schoul kënnen auswierken.

Merci.

**Une voix**.- Très bien.

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Scheuer Merci fir säi Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Gilles Roth agedroen. Här Roth, Dir hutt d'Wuert.

***Discussion générale***

**M. Gilles Roth** *(CSV)*.- Här President, Madame Minister, Dir Dammen an Dir Hären, eng Schoul reforméieren heescht och, dofir déi néideg Mëttelen hunn. D'Reform vun der Schoul an d'Reform vun dem Schoulpersonal ginn duerfir Hand an Hand. De Gesetzesprojet 5760 zeechent dofir eng Rei vu Weeër op. Dës goufen am Virfeld op ville Plaze breet diskutéiert.

De Mérite vun dem Reformprojet ass deen, dass en elo als Gesetz eng konkret Richtung virgëtt. Et ass e Choix, deen am Kader vum politesch Méigleche getraff gouf. Ech wëll och duerfir dem Rapporteur Jos Scheuer Merci soe fir säin ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport an awer och fir seng objektiv Aart a Weis, wéi en d'Aarbechten an der Kommissioun geleet huet.

Här President, e wesentleche Punkt vun deem Gesetzesprojet iwwert d'Schoulpersonal betrëfft d'Gehälterrevisioun vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen.

D'CSV-Fraktioun steet hannert dem Accord. Et ass ee Kompromëss vun der ganzer Regierung mat de Schoulmeeschtergewerkschaften. Bei all Kompromëss heescht et, Ofstrécher maachen, an dat op béide Säiten. Hanner all Accord steet e Wuert. A Wuert muss een halen. Dat zielt ëmsou méi bei Gehälterverhandlungen am ëffentlechen Déngscht.

Den Accord gouf ofgeschloss den 12. September 2008. Dat, wat ofgemaach gouf, ass duerno duerch Regierungsamendementer an de Gesetzesprojet agefloss. Weder de Conseil d'État nach eng Chambre professionnelle hunn dës Amendementer am Detail kommentéiert.

Et ass kloer, de Reklassement vun dem Schoulpersonal ass ouni Zweifel dee politesch delikaatsten Deel vun der Schoulreform. Sécherlech wären d'Diskussiounen anerer gewiescht, wann den Accord net grad 14 Deeg virun dem Aschloe vun der internationaler Finanzkris op eis Bankeplaz ënnerschriwwe gi wär. Natierlech kritt dëse Reklassement Auswierkungen op zukünfteg Gehälterverhandlungen am ëffentlechen Déngscht. Déi gesamt Gehälterstruktur am Secteur public ass nun eemol, wéi d'Wuert et seet, ëffentlech. Jiddwereen, deen dat dann interesséiert, kann zimlech genau norechnen, wien da wou wat verdéngt.

Dës Gehälterstruktur ass e Ganzt. Wann een doru fréckele geet, huet dat onweigerlech och seng Niewewierkungen. Natierlech ass eng Gehälteropbesserung grad am ëffentlechen Déngscht schwéier ze vermëttele virum Hannergronn vun der aktueller Wirtschaftskris. Vill Leit stelle sech haut keng Froen iwwer eng besser Pai, mä si mussen un éischter Stell ëm den Erhalt vun hirer Aarbecht bangen. Grad dowéinst, Dir Dammen an Hären, sti béid Säite bei der Ëmsetzung vun dësem Accord an der Pflicht. Dat zielt fir d'Politik, mä dat zielt och fir d'Léierpersonal.

Här President, et gëtt oft behaapt, dass eng performant Schoul e wichtege Facteur fir d'Kompetitivitéit an de sozialen Zesummenhalt vun eisem Land ass. Eng performant Schoul heescht sech den Erausfuerderunge vun der Zäit stellen, sech ëmorientéieren, wann dat ubruecht ass. D'Gehaltsopbesserung ass de Géigepart vun enger neier Method fir Schoul ze halen.

Schoulreform an Ëmklasséierung vum Schoulpersonal sinn e Ganzt. D'Schoulmeeschteren an d'Léierinne sinn elo den Haaptacteur fir d'Geléngе vun dëser neier Schoulreform. Et ass eng riseg Erausfuerderung. Si all droen eng grouss Verantwortung. Hir Roll ass net déi vun engem renge Wëssensvermëttler. Si sinn och Pedagog. Si bereeden eis Kanner, déi nächste Generatioun vun deenen, déi fir eist Land d'Verantwortung droen, op hir Zukunft vir.

Eng nei Schoul, fir déi d'Politik elo de Kader geschaaft huet, heescht Inhalter, Methoden a sech selwer a Fro stellen. Dat ass eng nobel Aufgab fir déi Enseignanten, déi elo en place sinn. Et ass en Challenge fir déi, déi elo hir Ausbildung kréien.

Eng esou grondleeënd Schoulreform geléngt nëmme mat motivéiertem Schoulpersonal. Jiddwer eenzelnen Enseignant ass en Deel vun dem grousse Riederwierk, der Reform. Dëst Wierk muss gutt géuelecht sinn. Jiddweree muss eng Hand mat upaken, sech als en Deel vun deem Ganze verstoen, matdréinen. Eis nei Schoul brauch motivéiert Enseignanten, déi als Team d'Erausfuerderung vun enger moderner Bildung vun eise Kanner uginn.

D'CSV-Fraktioun begréisst duerfir ausdrécklech, dass de Gehälteraccord eng méi grouss Präsenz vun den Enseignanten an der Schoul virgesäit. Dës nei Definitioun vun der Tâche duerch d'Gesetz selwer ass keng einfach Verlängerung vun der Aarbechtszäit fir méi Pai. Et ass vill méi eng logesch Konsequenz vun der neier Ausriichtung vun der Schoul.

Et ass richteg, dass den Enseignant selwer en Appui pédagogique fir seng Schüler gëtt, well kee kennt d'Stäerkten an d'Schwächte vum eenzelne Kand besser wéi den Titulaire.

Als CSV-Fraktioun begréisse mir, dass d'Gesetz elo eng verstäerkte Präsenz vum Enseignant an der Schoul virgesäit. Déi verännert Pedagogik verlaangt eng besser Koordinatioun, e bessert Zesummespill tëschent allen Intervenanten. Eng Partnerschaft tëschent Schüler, Enseignant an Elteren - e wesentleche Pilier vun där neier Schoul - verlaangt, dass jiddwereen am Interessi vun der Saach dofir déi néideg Zäit opbréngt.

Konkret muss déi nei Gehälterregelung mat staatlecher Nominatioun, mat neier Tâche och heeschen, dass déi leideg Diskussiounen iwwert d'Iwwerstonneregelung ophéieren. Dëst huet an der Vergaangenheet vill schlecht Blutt gemaach ënnert den Enseignanten a wäit doriwwer eraus. Et däerf dofir net weider sinn, dass, wéi dat alt de Fall war, verschidde Congéen oder ähnlech Déchargë fir d'éischt vun der Tâche ofgezielt ginn, an da vum Titulaire selwer ersat ginn, fir als Iwwerstonn bezuelt ze ginn. Als CSV wënsche mir eis, dass d'Reglementer an d'Ausféierungsbestëmmunge vun deem Gesetz, vun dësem Plang an Zukunft méi Kloerheet schafen.

Här President, d'CSV begréisst, dass an Zukunft d'Léierpersonal ausschliesslech ënnert der Autoritéit vum Stat a speziell dem Éducatiounsminister steet. Et ass rechtlech eng logesch Konsequenz vum Statut vum Enseignant.

An der Praxis héiert déi zum Deel fir all Bedeelegt oft humiliant Rekrutéierung vun neie Schoulmeeschteren a Léierinnen duerch d'Gemengen op. Dat Ganzt ass kee Kompetenzverloscht fir d'Gemengen. D'Gemenge bleiwe weiderhi fir d'Infrastrukturen zoustänneg, si musse weiderhin d'Schoulorganisatioun guttheeschen.

D'Zouuerdnung vun deem eenzelne Schoulmeeschter an déi jeeweileg Gemeng geschitt awer elo zentral duerch den Éducatiounsministère. D'Affektatioun dréit dem Kandidat senger Preferenz a sengem Klassement am Concours Rechnung. Dëst ass a ville Carrièrë beim Stat d'selwecht.

D'CSV huet déi staatlech Nominatioun vun Ufank u gefuerdert. Mir ënnerstëtzen duerfir dës nei Prozedur. Den Interessi vun der Schoul an dem Schüler muss bei all deem awer am Mëttelpunkt stoen. Mir wëllen eng Schoul vun der Chance.

D'Chancëgläichheet fir all Kand am Land heescht och, dass jiddwer Schüler e Recht op en diploméierten Enseignant huet, an dat egal a wat fir engem Deel vum Land hie wunnt. Do oder grad do, wou d'Schoulhale vermeintlech méi schwiereg ass, ass d'Ufuerderung un den Enseignant ëmsou méi grouss. Fir d'CSV muss dofir iwwert d'Land der Chancëgläichheet vum Schüler bei enger zentraler Zouuerdnung vum Léierpersonal verstäerkt Rechnung gedroe ginn.

Här President, de Schoulmeeschter vun der Reform ass méi wéi jee e Generalist. Wann hie säi Bachelor professionnel, also eng véier Joer laang Ausbildung op der Uni Lëtzebuerg oder en equivalenten Diplom aus dem Ausland huet, kann hien an engem vun de véier Cyclë vun der Grondschoul schaffen.

Den Enseignant vun der Reform ass deemno polyvalent asetzbar, vum Précoce bis zum sechste Schouljoer. Dëst bedeit nei Ufuerderungen an der Ausbildung. Et heescht och Fort- a Weiderbildung während der Carrière. Fir d'CSV-Fraktioun ass dëst déi richteg Approche. Den „lifelong learning" zielt och fir déi, déi solle léiere léieren.

De Schoulmeeschter vun der Reform mat Bachelor professionnel huet, wéi säin Diplom et seet, eng professionell ausgeriichte Formatioun. Hie mécht während senger Ausbildung ronn 30 Woche praktesche Stage an der Schoul. D'CSV-Fraktioun dréit dofir de Virschlag vun der Regierung mat, fir d'Schoulmeeschtere keng Stagezäit no hirer Nominatioun virzegesinn.

D'Ersetze vum Stage bei de Schoulmeeschteren duerch eng provisoresch Nominatioun op zwee Joer ass eng Ausnahm zu de generelle Regelen an der Fonction publique. Et bedeit och en Avantage an der Pai. Eng Bevirdeelegung zu anere Carrièren. Fänkt een definitiv eng Carrière méi fréi un, falen domat d'Avancementer méi séier an d'Gehalt klëmmt méi schnell.

Am Interessi vun der Schoul ass d'CSV-Fraktioun awer gradesou kloer, dass déi provisoresch Nominatioun och esou wuertwiertlech ze verstoen ass. Sollt den neien Enseignant um Ufank vu senger Carrière an am Kader vu senger pedagogescher Begleedung sech net a sengem Beruff zurechtfannen, da muss och de Courage do si fir dat festzestellen. Am Interessi vun der Schoul däerf et dann och net zu enger definitiver Nominatioun kommen.

De Schoulmeeschter vun der Reform ass e Generalist. Och dat heescht, dass seng Formatioun dorop ausgeriicht ass. Och dat heescht, dass hien als Generalist schafft. De Schoulsport gehéiert an deem Sënn zur fester Ausbildung vum Schoulmeeschter. De Schoulsport muss am Interessi vun de Kanner och vu brevetéierten Enseignanten an der Schoul gehale ginn.

Als Generalist schaffen, heescht och, dass d'Mobilitéit vum Schoulmeeschter während senger Carrière tëschent den eenzelne Cyclë vun der Schoul gefördert gëtt. Als CSV-Fraktioun begréisse mir dofir och, dass niewent dem Schoulmeeschter punktuell Leit mat anerer Ausbildung, wéi zum Beispill Éducateuren, Psychologen, Ergotherapeuten, Assistant-sociauxen, fachspezifesch an der Schoul intervenéiere kënnen, a si sinn dofir duerch d'Gesetz am Kader vum Schoulpersonal opgeléscht ginn.

Här President, de Gesetzesprojet iwwert d'Schoulpersonal geet och de quokelegen Dossier vun de Chargés de cours un. D'Léisung, déi am Endeffekt zréckbehale gouf, fënnt d'CSV net ideal. Am Prinzip ginn all d'Chargés de cours mat där néideger Qualifikatioun an enger festgeluechter Rémunératioun an de Statsdéngscht integréiert. Als CSV-Fraktioun deele mir dës Approche.

D'Integratioun an de Statsdéngscht läit an der Logik dovunner, dass och dat brevetéiert Schoulpersonal vum Stat genannt an affektéiert gëtt. D'CSV bedauert awer, dass doniewent de Gesetzesprojet weider d'Méiglechkeet opléisst, dass d'Chargés de cours, déi net wëlle bei de Stat eriwwergoen, well se bei der Gemeng zum Beispill besser bezuelt sinn, bei der Gemeng bleiwe kënnen an trotzdeem weider am Enseignement täteg sinn, virausgesat et gëtt eng Konventioun tëschent dem Stat an där betraffener Gemeng dofir gemaach.

Mat dësem Gesetzesprojet féiere mir deemno fir all brevetéierten Enseignant d'Nomination étatique an, mat engem feste Personalkader, deen am Gesetz verankert ass. Mä op dem Niveau vun de Chargés de cours erlabe mir weiderhin och net brevetéierte Gemengesalariéen an der Schoul ze intervenéieren.

D'Mériter vun de Chargés de cours an Éieren: Als CSV-Fraktioun si mir awer der Meenung, dass am Interessi vun der Schoul an de Kanner d'Méiglechkeet, fir weider nach Chargés de cours, déi net wëlle bei de Stat eriwwergoen, als Gemengesalariéen am Enseignement täteg ze loossen, sollt restriktiv gekuckt ginn. Hei sinn am Sënn vu gläichen Aarbechts- a Lounbestëmmunge vu sämtleche Chargés de cours deemno souwuel d'Gemenge wéi de Stat gefuerdert. Gëtt nämlech keng Konventioun tëschent dem Stat an der Gemeng gemaach, da kann de Chargé de cours, deen net wëllt bei de Stat eriwwergoen, net mat an dem Enseignement täteg sinn.

Här President, d'CSV ënnerstëtzt ausdrécklech déi nei Roll, déi dem Inspektorat vun der Schoul zoukënnt. Mat der staatlecher Nominatioun ass den Inspekter aus dem Ressort den hierarchesche Chef vum dem Enseignant. De Gesetzesprojet schaaft op dësem Punkt méi Kloerheet. Am Sënn vun der reforméierter Schoul, mat méi enger breeder Missioun, déi op den Enseignant zoukënnt, ass et fir d'CSV eng richteg Entscheedung, och d'Unzuel vun den Inspekteren an d'Luucht ze setzen. Mir ënnerstëtze gradesou däitlech eng Verbesserung vun dem administrativen Encadrement vun den nationalen a regionalen Inspektiounsbüroen.

Här President, et wär ee sécherlech onkomplett, op dëser Plaz iwwert d'Reformgesetz vum Schoulpersonal ze schwätzen, ouni en A op de Käschtepunkt vun der Reform ze werfen. Der Fiche financière no, déi dem Gesetzesprojet bäigefügt ass, kascht de Reklassement vun de Schoulmeeschteren 13,4 Milliounen Euro fir dat éischt Trimester vum Schouljoer 2009/2010 a 35,8 Milliounen Euro fir dat ganzt Joer 2010. D'Astellung vun 285 neie Schoulmeeschteren ass mat 5,3 Milliounen Euro fir 2009 respektiv 18,3 Milliounen Euro fir 2010 veruschlaagt.

Absolut soen dës Chifferen am Hannergronn vun der aktueller Wirtschafts- a Finanzkris sécherlech wéineg aus. Fir e Chef vun enger grousser auslännescher Bank wären dat an der Vergaangenheet emol keng Peanuts gewiescht. Mir sollen dat awer méi bescheide kucken. De Reklassement kascht wéi gesot ronn 35 Milliounen Euro pro Schouljoer. Dat ass am Verhältnis zum leschten Accord salarial an der Fonction publique de Käschtepunkt fir de Stat vun deenen zwou Primes uniques vun 0,9% Joresgehalt, déi 2007 an 2008 bezuelt goufen a respektiv 17 an 18 Milliounen Euro kascht hunn. 35 Milliounen Euro entspriechen och der Augmentatioun vun der Lounmass fir d'Statsbeamten duerch d'Erhéijung vum Punktwäert vun 1,5%. Den Nettokäschtepunkt fir de Stat ass natierlech manner, well en Deel vun der Gehaltserhéijung duerch de Reklassement iwwert d'Steieren nees an d'Statskeess eraännt.

Här President, och d'Gemengen droen een Drëttel vun de méi grousse Personalkäschten, bedéngt duerch d'Schoulreform. Dat ass eng zousätzlech Belaaschtung fir d'Gemengebudgeten, déi natierlech net verfügbar ass dee Moment fir Investissementer op lokalem Plang. Fir d'CSV-Fraktioun ass d'Bedeelegung vun de Gemengen un de Schoulmeeschtesch-Gehälter trotz staatlecher Nominatioun awer weider vertrietbar, well d'Schoulhale jo eng Prestatioun am Interessi vun de Bierger an am dësem Fall vun de Kanner vun der jeeweileger Gemeng ass.

Här President, de Gesetzesprojet iwwert d'Schoulpersonal ass ee Pilier vun der gesamter Schoulreform. Et ass e couragéierte Schrëtt vun der Regierung am Sënn vun enger méi performanter Schoul. Dëse Gesetzesprojet ass sécherlech net perfekt. En ass d'Resultat vun engem Kompromëss. Mä d'Politik lieft nun eben emol vu Kompromësser. Eng Reform, a besonnesch eng Schoulreform kann een nëmme mat de Leit maachen. Eleng d'Resultater op dem Terrain mussen am Endeffekt weisen, ob déi nei Mëttelen, iwwert déi mir haut ofstëmmen, déi richteg sinn oder ob se musse weider ugepasst ginn.

Wa weider Upassungen néideg sinn, dann ass et un der Politik fir déi zum richtegen Zäitpunkt anzeleeden, am Interessi vun de Kanner, der zukünfteger Generatioun. Als CSV-Fraktioun wëlle mir mat op de Wee vun enger besserer Schoul goen. Mir stëmmen duerfir dëse Gesetzesprojet.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Ech soen dem Här Roth Merci. Als nächste Riedner ass den Här Berger agedroen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ier ech wëllt dem Rapporteur Merci soen, wëll ech eng allgemeng Remarque maachen zu der Organisatioun vun den Débaten haut. Ech fannen, datt wierklech esou e groussen a wichtegen Débat wéi d'Schoulreformen, och wa mer net alleguerten hei därselwechter Meenung sinn iwwer wéi mer herno wäerten déi Gesetzer stëmmen, awer sécherlech eppes Besseres verdéngt hätt.

Wann elo haut den Owend net méi ganz vill Deputéierten hei sinn, ass dat net onbedéngt hir Schold. Mir wëssen, et ass eng Zäit wou vill Kolleegen aner Engagementer hunn. D'sozialistesch Kolleegen hunn e Kongress an enger Circonscriptioun. Dat war och scho länger gewosst. Et ass wierklech schued, datt mer dann also hei déi Débatë mussen esou féieren. Do hätt wierklech kënnen de Chamberspresident respektiv d'Conférence des Présidents dat aneschters organiséieren.

En Donneschdeg de Mëtteg hu mer keng Chamber, muer de Moien hu mer Chamber. Mir hätte wierklech dat kënnen esou organiséieren, datt mer haut en sérénité d'Grondschoulgesetz diskutéiert a gestëmmt hätten an da muer mat den Aarbechte weidergefuer wieren. Ech fannen dat wierklech ganz ongllécklech, wéi mer hei verfueren. Ech mengen, mir hätten eis do kënnen e Virbild huele vun 1912. Ech huelen un, datt do d'Débatë mat méi Assistenz a mat méi Opmierksamkeet verfollegt gi sinn.

**M. Jos Scheuer** *(LSAP)*.- Déi Débatten hu méintlaang gedauert.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Déi schéi gutt al Zäiten!

**M. le Président**.- Här Berger, ech well lech just soen, datt an der Conférence des Présidents all Fraktiounschefen, och de Fraktiounschef vun der DP inklusiv, dat wossten an drop gehalen hunn, datt déi Debatt haut géif bis zum Schluss gefouert ginn.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Här President, ech weess just, datt op alle Fall ech mengem President mat op de Wee ginn hat, Demandeur war, fir dat eben esou ze etaléieren, iwwert déi dräi Deeg.

**M. le Président**.- Dir hutt net vill Autoritéit dann op Äre President, Här Berger.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Et kann nëmme besser ginn!

***(Hilarité)***

**Une voix**.- Et ass gutt, dass den Här Grethen net méi do ass.

**M. Eugène Berger** *(DP)*.- Ech wéilt awer dann trotzdeem dem Rapporteur Merci soe fir säi Rapport. Mir hu jo elo grad d'Organisatioun vun de Grondschoulen debattéiert, an et ass evident, datt dëst Gesetz och enk verbonnen ass mat dem Personalgesetz. Déi zwee Gesetzer hu Wiesselwierkungen. Dat eent kann een net ouni dat anert gesinn. Dat eent geet a fonctionnéiert och net ouni dat anert. Ouni motivéiert, gutt preparéiert a forméiert Personal kann ee keng Reformen an eise Schoulen ëmsetzen. D'Personal, dat ass dat wat all Dag um Terrain am Schoulgeschéien dran ass an dat ass dann och de Schlëssel zum Erfolleg vun all Schoulreform.

Ech wëll och direkt ënnersträichen, datt mir an eise Schoule vill engagéiert a kompetent Léierinnen a Schoulmeeschteren hunn. Verschiddener si Virreider, ech hat dat virdru scho gesot, ouni déi mer zu Lëtzebuerg sécherlech net de Wee fir d'noutwendeg pedagogesch Erneierunge fonnt hätten.

An der öffentlecher Diskussioun konnt een an der leschter Zäit d'Gefill hunn, datt virun allem vum Personalgesetz oder vu verschiddenen Aspekter vum Personalgesetz vill geschwat ginn ass an do och déi eng oder aner Wellen alt emol méi héich geschloen hunn. Mir sollen awer net aus den Ae verléieren, datt bei enger Schoulreform déi éischt a wesentlech Froen, déi eis solle beschäftegen, déi vun dem Rôle an dem Zil vun der Schoul solle sinn: Wéi mer all Kand kënnen integréieren, Chancëgläichheet bidden an hinnen zu engem kompetente Mënsch an der Gesellschaft, an der Aarbechtswelt kënnen hin hëllefen. Déi Froe musse fir mech an der Diskussioun iwwert d'Schoul ëmmer Prioritéit virun all Personalfroen hunn.

Dat Gesetz, wat mer elo debattéieren, huet och eng Rei Schwaachstellen, déi am Endeffekt och d'Ëmsetzung vu pedagogesche Reformen net begënschtegen an éischter eng Hürd kënne ginn. Den Avis vum Statsrot war jo och kritesch an hien huet eng Rei Oppositions formelles ausgedréckt an dem Gesetzesschreiwer eng gewëssen Inkonsequenz virgeworf. De Rapporteur ass jo och schonn op verschidde vun deenen Oppositions formelles agaangen; ech wäert net méi op se alleguerten agoen, well dat scho gemaach ass.

Ech kommen direkt, well jo och nach déi eng oder aner Kolleegen aner Verpflichtungen hunn, a fir net ze laang ze sinn, op de wesentleche Punkt, deen d'Demokratesch Partei an dësem Projet net ka matdroen a wou mir fundamental eng aner Approche hunn. Et ass dëst de Punkt vun der Nominatioun vum Personal duerch de Stat. Eng Nomination étatique vun uewen erof.

Dat ass fir eis awer e wichtege Punkt an dëser Schouldiskussioun, och wann den Här Fayot a senger Pressekonferenz vum leschte Freideg - wéi ech dat konnt an enger Zeitung liesen - dëst net erwähnt huet a gemengt huet, déi eenzeg Differenzen, déi mer hätten, wär de Schouldirekter an de Wäerteunterrecht. Dat ass net de Fall.

D'DP plädéiert jo fir d'Schoulautonomie, an déi fänkt dobäi un, datt eng Schoul och hiert Personal soll kënnen eraussichen a wielen, an net doduerjer, datt een zentralistesch vum Stat aus Personal octroyéiert kritt.

Déi Experienzen, déi mir aus de Pilotprojeten hei zu Lëtzebuerg an am Ausland hunn, ënnersträiche jo grad, datt een enger Schoul muss d'Méiglechkeet gi fir déi Enseignanten, dat Personal erauszesichen, dat un hirem Projet interesséiert ass, dat un där pedagogescher Démarche, déi do gemaach gëtt, och interesséiert ass, an dat ënnert dem Stréch dann e Plus ass fir e Schoulprojet.

Et misst een op där anerer Säit Enseignantë fannen, déi och spezifesch un deene Projeten interesséiert sinn. Am Projet „Eis Schoul" war dat jo och de Fall, wéi d'Enseignantë méi spezifesch erausgesicht gi sinn. Och am Secondaire si mer schonn déi eng oder aner Kéier op dee Wee gaangen.

Ech wëll drun erënneren, datt zum Beispill am Ufank beim Projet vum Lycée Aline Mayrisch - am Ufank wéinstens - den Direkter konnt cibléiert Enseignanten astellen, déi wollte bei deem Projet matmaachen a wou et net nëmmen nom sakrosankte Prinzip gaangen ass vun Anciennetéit oder Déngschtjoren an all déi Kritären, déi normalerweis spillen, fir datt ee sech eigentlech kann op eng Plaz mellen.

Eng zentralistesch, bürokratesch Nominatioun vum Personal ass also aus eiser Siicht an aus pedagogescher Siicht net ze vertrieden. Och aus der Siicht vum Enseignant ass et net eng gutt Solutioun, well ee jo do manner Méiglechkeete respektiv kee fräie Choix méi huet fir sech op eng Plaz ze mellen, wou een da besonnesch interesséiert wier ze schaffen, an dat riskéiert eventuell sech jo och an der Motivatioun vum Personal erëmzespigelen.

D'Majoritéit huet awer elo dee Forcing gemaach fir vun uewen erof d'Personal an d'Gemengen ze nennen, well virun allem d'CSV drop insistéiert huet, wahrscheinlech jo als Géigepart fir keen Direkter. Dat wonnert een net bei der CSV, déi jo ëmmer versicht d'Gemengen ze entmündegen a wou hei och elo eng onméiglech Bürokratiséierung opgebaut gëtt.

D'Madame Ministesch huet elo e bësse mam Kapp geréselt an ass vläicht net där Meenung, mä och d'LSAP schéngt jo net mat ganz grousser Iwwerzeegung un d'Saach erugaangen ze sinn. Well am Interview am „Tageblatt" vu Méindeg, ech hunn hei dat och derbäi, steet jo d'Éducatiounsministesch mat enger gewëssener Éierlechkeet, muss ee soen, an ech zitéieren: „…eine große, arbeitsintensive Umstellung, für die ich persönlich nicht Demandeur war." Dat bedéngt eigentlech kee Kommentar.

Ech hat och d'Impressioun, datt verschidde Buergermeeschtere vun der CSV - där sinn der jo eng Rei an der Éducatiounskommissioun Member - och guer net begeeschtert waren iwwert déi Dispositioun fir déi Nomination étatique. Bon, den Här Roth huet elo hei am Fong geholl net esou e kritesche Message eriwwerginn, wéi dat awer heiansdo vun him an der Kommissioun komm ass par rapport zu där Nomination étatique. Et freet ee sech also, wien iwwerhaapt da bei der CSV wollt onbedéngt déi Nominatioun vun uewen erof hunn.

Ech kann och net esou richteg verstoen, datt d'Gemengen an och de Syvicol - an do ass jo och den Här Klein ëmmer e ganz emsege Virspriecher fir d'Gemengenautonomie - esou einfach mat dësem Aschnëtt an hir Autonomie konnten d'accord sinn.

Et gëtt verschidden Argumenter, déi ëmmer opgefouert ginn. Een Argument ass jo dat, datt da kleng Gemenge kee Personal géife fannen. Dat huet a mengen Ae guer näischt domadder ze dinn, datt dat eng Nominatioun ass, déi vun uewe vum Stat kënnt oder vun de Gemengen. Den Haaptproblem, datt kleng Gemenge kee Personal fonnt hunn, ass einfach, datt net genuch brevetéiert Personal do war. Dat ass den Haaptpunkt gewiescht, fir datt een do Schwieregkeeten an der Vergaangenheet hat.

Bon, elo hu mer also e Projet, deen eng bürokratesch Léisung virgesäit, déi eigentlech keen esou richteg wollt, wann een dat da kann awer aus deenen eenzelne Reaktiounen an Interviewen erausgesinn. Dat ass och vläicht d'Ursaach, firwat d'Regierung dann och net ganz konsequent an hirer Virgehensweis ass, well se jo awer op verschiddene Punkten eng Zwitterléisung an de Projet geschriwwen huet.

De Statsrot, dee jo eng Rei Oppositions formelles zu dësem Projet formuléiert huet, huet dat och e bëssen als Leitfuedem vu senger Kritik geholl. Hie seet jo, wann Der op de Wee gitt vun enger Nomination étatique, fir datt da wann ech gelift maacht et wierklech komplett a bis an déi lescht Konsequenz. Intellektuell kann ech déi Approche vum Statsrot suivéieren, novollzéien, och wann ech se net kann deelen. Mä effektiv, wa schonn, dann hätt een et wierklech solle bis an dee leschten Dibbelche maachen.

Mat der Léisung, wéi d'Majoritéit se elo proposéiert, sinn déi ideal Viraussetzunge geschaf, fir datt et um Terrain, an der Praxis vill Duerjernee wäert ginn. Besonnesch elo, wann dës Dispositioune sollen am Juni a Kraaft trieden. Dat sinn net optimal Viraussetzunge fir Reformen an eiser Grondschoul nei unzegoen.

***(M. Jos Scheuer prend la Présidence)***

D'Gemenge stëmmen zwar nach d'Schoulorganisatioun an hire Schoulen, mä si kënnen dobäi net méi iwwert d'Personal décidéieren, oder nach just an engem ganz klenge Mooss. Si kënnen och net méi décidéieren, wéi vill Personal se kënnen astellen. Bei der éischter Lëscht dierfe se e Choix ausdrécken, bei der zweeter net méi. An dat huet a mengen Ae keng Logik.

Dat bedeit och, datt een als Enseignant oder als Statsbeamten no zwou Formulë kann agestallt ginn, respektiv kéint een och soen, dat ass eng Diskriminatioun. Do gëtt eng Diskriminatioun gemaach tëschent Beamten, déi an därselwechter Carrière sinn. Jee nodeem op wat fir enger Lëscht se sinn, gi se aneschters agestallt. Et ass also schwéier och erauszeliesen, wou déi eenzel Kompetenze leien an och wou am Endeffekt herno d'Reschtkompetenzen, fir et emol esou ze formuléieren, bei der Gemeng sinn, respektiv wou d'Haaptkompetenze vum Ministère sinn. Hei si sécherlech Konflikter virprogramméiert, well déi eng oder aner Ongenauegkeeten am Gesetz stinn.

Dat hu mer och unanime an de Kommissiounsaarbechte gemierkt. Et riskéiert een herno zu deem Punkt ze kommen, datt d'Geriichter déi eng oder aner Saache mussen tranchéieren.

Wann een elo onbedéngt dëse Wee wëllt aschloen an d'Enseignanten an der Grondschoul als reng Statsbeamte gesäit, déi direkt dem Ministère ënnerstinn, da wier et op alle Fall aus dëser Siicht och noutwendeg gewiescht fir de Schouldirekter anzeféieren. Ech kenne kee Service, keng Verwaltung beim Stat, wou et bei dausende vu Beamten als Personal an der Hierarchie just en Inspekter an dann de Minister gëtt.

A well jo dann och nach anert Personal an d'Schoule kënnt, Éducateuren, aner Spezialisten - wat mir u sech jo begréissen, dat hunn ech virdru gesot -, wier dat och eng Ursaach méi gewiescht fir en Direkter ze hunn, dee responsabel fir d'Koordinatioun vun all deem Personal an der Schoul gewiescht wier.

Et ass och ze fäerten, datt de Ministère a grouss Schwieregkeete kënnt fir dës staatlech Ernennungen elo ëmzesetzen, well hien net dat néidegt Personal huet a sech net deementspriechend kann organiséieren. Zwee, dräi Leit am Ministère kënnen elo onméiglech all déi Personalfroe géréieren, déi virdrun awer ënnert dem Stréch vun 116 Gemengesekretäre géréiert gi sinn, oder vu Leit, déi an de Gemenge responsabel ware fir administrativ d'Schoulorganisatioun mat ze maachen. E puer Leit am Ministère kënnen elo net all déi Aarbechten, déi also vun esou vill Leit an esou ville Gemenge gemaach gi sinn, eleng maachen.

Da wäerte sech also am Endeffekt d'Inspektere massiv a wahrscheinlech exklusiv während e puer Woche mat deenen administrative Personalfroen erëmklappen. An déi hunn da guer keng Zäit méi zum Schluss vum Schouljoer, sech ëm hir pedagogesch Missiounen ze këmmeren, déi awer missten absolute Virrang hunn.

Här President, ech hunn et scho gesot, ech wëll net op alles agoen, well d'Zäit net onbedéngt fortleeft, mä fir awer hei dann dat Ganzt zum Ofschloss ze bréngen. Ech wëllt awer nach e puer Punkten uschneiden, déi e bësse méi kontrovers an dësem Projet sinn.

Et ass jo elo virgesinn, datt een, fir Léierin oder fir Schoulmeeschter ze ginn, e Bachelor an de Sciences d'éducation an Equivalent muss hunn, wat sécherlech ze begréissen ass, well d'Aarbechte vun den Enseignanten ëmmer méi komplex a spezialiséiert ginn. Suerge mécht mir awer d'Ausriichtung vun der Formatioun, déi elo op der Uni Lëtzebuerg ugebuede gëtt. Déi schéngt wéineg oder net genuch Akzenter op déi praktesch Formatioun ze leeën, och wann et e Bachelor professionnel ass.

Mir hunn och schonn an der Kommissioun doriwwer diskutéiert a gefrot fir datt déi Responsabel vun der Uni eis Informatioune ginn oder nach eng Kéier kloerstellen, wéi déi Formatioun dann en définitive soll ausgesinn. Vun de Studente kritt ee mat, datt si sech selwer Suerge maachen a sech zum Deel onsécher spiere fir elo bei der Rentrée hir Aarbecht unzefänken, well se der Meenung sinn, datt se net genuch Praxis hätten.

Et ass zum Beispill méiglech - ech mengen et ass och scho virdrun erwähnt ginn -, datt ee praktesch keng Stonn Éducation physique an deene véier Joer gehalen huet, keng Turnstonn gehalen huet, datt een awer dann am Hierscht muss Turnstonnen halen. Et gëtt och Studenten, déi gefrot hunn, fir praktesch en Tuteur déi éischt Wochen ze kréien, fir dann nach eng Rei Saachen um Terrain nozehuelen oder do begleet ze ginn, fir an de Beruff eranzeklammen.

Et ass elo ze hoffen, datt da mat den Équipen a mam „team teaching", datt een och do kann e bësse weiderhëllefen. Et gëtt op alle Fall ze bedenken. Hei muss relativ schnell Kloerheet an och eventuell Remedur geschafe ginn.

En anere Punkt, deen ech wëll uschneiden, ass dee vun der Réserve des suppléants, vum Pool des remplaçants, wéi en och nach op där enger oder anerer Plaz genannt gëtt, deen also soll hëllefe méi effizient Chargés de cours anzesetzen an optimal déi vakant Plazen oder kuerzfristeg Absencen ze ersetzen. Ech wéilt awer och nach eng Kéier hei drun erënneren - et ass zwar virdru scho gemaach ginn, bei deem aneren Débat vum Claude Adam -, wéi et iwwerhaapt zu där Problematik komm ass, déi elo geschwënn säit 20 Joer eis Primärschoul an d'Organisatioun dovunner belaascht.

Et war 1989, kuerz viru Wahlen, wou deemools, wahrscheinlech aus elektorale Grënn, haaptsächlech vum deemolegen Unterrechtsminister Fernand Boden d'Déchargen am Primaire agefouert gi sinn, wou guer net déi praktesch Konsequenzen duerchduecht gi waren. Op ee Coup hu missen honnerte vun Déchargëstonne besat ginn, obwuel net genuch Personal mat enger fäerdeger Formatioun do war. Op där anerer Säit ass awer ëmmer ferm den Daum op den Numerus clausus gehale ginn an et sinn net genuch Studenten op den ISERP zougelooss ginn.

Doduerjer hunn du vill Leit missen asprangen, déi awer oft a prekäre Situatioune geschafft hunn an déi awer och net de Wee fir eng Formation en cours d'emploi direkt opgemaach kruten. Et waren am Fong geholl bëlleg Aarbechtsplazen, dat huet arrangéiert, an déi Leit hu missen hir Aarbechtsrechter, déi de Stat net respektéiert huet, virun de Geriichter akloen.

Ech wëll virun allem ënnersträichen, datt déi Leit laang matgehollef hunn, datt d'Schoul iwwerhaapt konnt fonctionnéieren, weider fonctionnéieren. Vill vun hinnen hunn och Formatioune gemaach a si hu sech an der Schoul bewäert. Vill hunn der an der Zwëschenzäit eng geregelt berufflech stabil Situatioun kritt. Elo solle se och d'Méiglechkeet kréien, an de staatleche Pool ze kommen, wat u sech a priori och eng gutt Offer schéngt ze sinn.

Et ass awer net sécher, ob dat ëmmer onbedéngt vu Virdeel fir si ass, an et dierf op alle Fall net sinn, datt se nach eng Kéier bei d'Lisette gelooss ginn, andeem se en neie Parcours des combattants mussen ufänken. Dat gëllt virun allem fir déi, déi hiren Aarbechtskontrakt bei der Gemeng wëlle bäibehalen.

Vu datt d'Gemenge jo elo net méi kënnen décidéieren, wéi vill Personal se hunn, komme se vläicht an eng Situatioun, datt se vun uewen erof gesot kréien, Dir braucht manner Personal, oder Dir kritt manner Personal. An da kann d'Gemeng deem Chargé, dee se awer do an engem feste Kontrakt huet, keng Aarbecht méi ginn, an da sinn déi Leit um Enn vun deem ganze Prozess ouni Aarbecht an där Schoul, wou se laang geschafft hunn, a mussen da kucken nei unzefänken.

Nach zwou kleng aner Remarquen, Här President, zu zwee klenge Punkten. Dat eent ass de Médiateur culturel, wat sécherlech eng sënnvoll Initiativ ass, mat där mer kënnen och d'accord sinn.

Eng aner Remarque ass déi, datt mer elo - wéi soll ech et ausdrécken - en Allroundenseignant kréien, deen also vum Précoce praktesch bis an de leschte Cycle kann enseignéieren. An der Theorie ass dat eng Approche, déi ee kéint novollzéien. Si musse jo deeselwechten theoretesche Background hunn. En Enseignant ass jo och nach e bëssen en Analyst oder en Dokter, dee muss d'Analys maachen: Wat sinn d'Problemer bei de Kanner? Wat kann ech als bescht Démarche fannen, fir datt ech deem eppes ka vermëttelen?

Mä et ass sech awer ze froen, ob et an der Praxis wierklech esou sënnvoll ass, do esou en Allrounder ze hunn, well jo awer besonnesch um didaktesche Plang aner Besoinë sinn am éischte Cycle wéi eventuell am zweeten oder drëtte Cycle.

E lescht Wuert zu dem Gehälteraccord, deen och duerch dëst Gesetz ëmgesat gëtt. Ech stelle fest, datt hei op där enger Säit d'Formatioun vun de Léierinnen an de Schoulmeeschteren, déi elo eng universitär ass, berücksichtegt ginn ass, datt och d'Enseignantë vun der Grondschoul hir Tâche oder hir Aarbecht ëm 180 Stonnen eropgesat kruten. Op där anerer Säit ass also duerfir d'Carrière vun den Enseignanten un déi nei Donnéeën ugepasst ginn. Deen Accord ass zwëschent de Gewerkschaften an der Regierung ausgehandelt ginn, a mir stellen deen Accord net a Fro.

Här President, ech kommen zum Schluss. Keng Schoulreform kann ouni motivéiert a gutt ausgebilte Personal ëmgesat ginn, dat a gudde Konditioune ka schaffen. Wa mer mat enger Rei Dispositioune kënnen d'accord sinn, kënne mer awer wierklech guer net mat der staatlecher Nominatioun, déi hei agefouert gëtt, d'accord sinn. Dat ass net am Sënn vun der Schoulautonomie, net am Sënn fir Schoulreformen effizient a kohärent ëmzesetzen. An déi nächst Méint wäerten eis och weisen, datt mer nach vill Problemer an der Praxis mat dëser bürokratescher, zentralistescher Approche kréien.

D'DP gëtt dem Projet aus deene Grënn net hir Zoustëmmung.

Ech soen lech Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Berger. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Adam.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Här President, Madame Minister, léif Kolleegen a Kolleeginnen, ech wollt fir unzefänken awer och nach eng Remarque maachen, déi ech scho beim éischte Gesetz wollt maachen an aus Zäitgrënn mer do gespuert hunn. Ech hunn elo hei besser Zäit. Meng Explikatioune wäerten awer net méi wéi 20 Minutten huelen, fir lech ze berouegen.

Mir wollten nämlech bei deene véier Schoulgesetzer, déi mer muer votéieren, op engem Punkt och ganz richteg innovativ sinn an hate ursprénglech virgesinn, all Persoun an der weiblecher an an der männlecher Beruffsbezeechnung an d'Gesetz ze schreiwen. Motivéiert ware mir, an d'Madame Minister och, vläicht ënner anerem duerch d'Tatsaach, datt an der Schoul majoritär Frae schaffen. Weder de Statsrot nach d'Conférence des Présidents wollte mat op dësen innovative Wee goen. Duerfir bleiwe mer bei der männlecher Beruffsbezeechnung, och wann domat Männer a Frae gemengt sinn.

Här President, et ass scho vill gesot ginn, an duerfir ginn ech net méi op all Punkt vun deem Gesetz an. Ech maache mer et e bëssen einfach. Ech motivéieren eise Vote an ech gräifen awer och een oder zwee Detailer eraus, wou ech wëll e bësselche méi ausféierlech ginn. Dat eent ass d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren an dat anert sinn d'Inspekteren, wéi ech et scho beim Gesetz virdrun ugekënnegt hunn.

Ech wëll dem honorabelen Här Scheuer Merci soe fir säi mëndlechen a schrëftleche Rapport. Och den honorabelen Här Roth huet mat senge schonns aus der Kommissioun gewinnter sachlecher Aart a Weis eng Rei detailléiert Informatioune ginn. Mir deele seng Onzefriddenheet iwwert d'Tatsaach, datt et och méiglech ass, nach mat dësem Gesetz eng Rei Chargéen eventuell als Gemengenugestellte weiderschaffen ze loossen. Mir ginn awer ze bedenken, datt d'Gemenge keng nei Chargéë méi däerfen astellen, an datt et virun allem aarbechtsrechtlech Iwwerleeunge waren, déi zu dëser Formule gefouert hunn. Et ass also en Auslafmodell, wou mer net frou driwwer sinn, awer Verständnis dofir opbrénge kënnen.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, eng ganz Rei vun de Remarquen, déi mer beim Gesetz iwwert den Enseignement fondamental gemaach hunn, gëlle selbstverständlech och fir dëst Gesetz. Den honorabelen Här Scheuer huet jo och gesot, datt déi zwee Gesetzer ganz enk zesummenhänken. Dat eent ass ouni dat anert net ze denken, kann net ouni dat anert fonctionnéieren.

Et geet domat un, datt mer bedaueren, datt d'Enseignantë vum Cycle inférieur vum Secondaire net an dësem Gesetz sinn, well d'Regierung fënnt, datt den Enseignement fondamental mat zwielef Joer fäerdeg ass. Et geet domat virun, datt am Artikel 2 de Kader vun de Fonctionnairen opgezielt gëtt, déi an der Schoul schaffe kënnen, a mir do selbstverständlech kee Schouldirekter fannen, obschonns mir eis deen do gewënscht hätten.

Mir kënnen och net mam Artikel 26 averstane sinn, wou d'Konventioun tëschent der Regierung an dem Bistum vun Oktober '97 a legislative Bëton gegoss gëtt.

Am Artikel 4 ass d'Tâche vun den Enseignanten ëmrass. Dat ass e Resultat - dat ass och schonns hei gesot ginn - vu Verhandlungen tëschent dem Patron, der Regierung an de Gewerkschafte vum Léierpersonal. Mir fannen deen Accord an de grousse Linnen an der Rei. D'Léierpersonal kritt seng méi laang Studienzäit an der Pai unerkannt. Duerfir gëtt seng Aarbecht ënner anerem duerch méi Präsenzstonnen an der Schoul méi visibel gemaach.

Enttäuscht si mer iwwert den zweete Saz am Artikel 4: «Les classes d'éducation précoce au premier cycle d'apprentissage sont encadrées par des équipes comprenant un instituteur et un éducateur.» Dat ass an eisen Aen anengend, restriktiv, datt gëtt der Éducation précoce eng Aussesäiterroll am éischte Cycle. De Précoce ass déi eenzeg Schoulklass zu Lëtzebuerg, wou d'office zwee Leit zesummen an enger Klass schaffen. D'office!

Wéi sinn d'Erfahrungen, déi mer hei gemaach hunn? Mir mengen, et misst eigentlech positiv sinn, datt mer et hei mat zwee Leit mat ënnerschiddlecher Formatioun ze dinn hunn. Hätt een dës Zesummenaarbecht net op déi ganz Spillschoul misse ausdehnen? Wier et net méi sënnvoll, anstatt ëmmer méi kleng Gruppen ze maachen, wou geschwënn iwwerhaapt keng Gruppendynamik méi dran ass, d'office déi ënnescht Klasse vum Enseignement fondamental duebel ze besetzen?

An der Spillschoul ware bis elo déi eenzeg Klassen, wou d'office Kanner vun zwee Joergäng beienee waren. Et gëtt och Pilotprojeten, wou déi dräi Joergäng vum éischte Cycle elo schonns zesummen an der Klass sinn. Hätt een dat net kënne fir de ganzen éischte Cycle verallgemengeren?

Et ass net fir d'éischt wou ech iwwert de Précoce schwätzen. De Précoce, e Pilotprojet, deen 1998 agefouert gouf, wou mer näischt definéiert haten, näischt evaluéiert hunn, wou mer villes hätte kënne léieren. Ee Pilotprojet, vun deem vill Akzenter hätte kënne kommen, wou keng nei Dynamik am Schoulgesetz zréckbehale ginn ass. Wat verpasste Chancen!

Wat d'Nominatioun an d'Affektatioun vum Léierpersonal ugeet, do si mir der Meenung, datt déi Regelung, wéi se hei am Gesetz virgesinn ass, däitlech besser ass wéi déi Regelung, déi mer nach aus dem Schoulgesetz vun 1912 iwwreg haten. Mir sinn der Meenung, datt d'Gemenge selbstverständlech sollen a musse responsabel fir hir Schoul bleiwen. Mir mengen, datt dat awer net iwwert de Wee vun enger Schäinautonomie bei der Nominatioun vum Léierpersonal ze realiséieren ass.

Mir hätten eis eigentlech och gewënscht, datt d'Remplacementer iwwert d'Schoule géife geregelt ginn, an net iwwert déi kommunal Schoulservicer. Mä dat hätt eng ganz Rei Preparatioune gebraucht, an et war méi einfach alles beim Alen ze loossen. De Präis duerfir ass manner Autonomie fir d'Schoulen, wat sech och däitlech mécht an der Tatsaach, datt déi eenzel Schoul kee Profil kann ausstelle vun de Leit, déi se sichen a brauchen. Mä et geet just ëm Posten, déi accordéiert respektiv net accordéiert ginn.

Wat d'Éducateuren an d'Éducateurs gradués ugeet, si mer frou, datt ee gewëssene Parallelismus zu de Schoulmeeschteren am Gesetz steet, wat d'Nominatioun an d'Réaffektatioun ugeet. D'Schoulmeeschteren, d'Éducateuren an d'Éducateurs gradués sinn dräi verschidde Beruffer mat dräi verschiddene Formatiounen a mat ganz verschiddenen Aufgaben an Aarbechtskonditiounen. D'Disponibilitéite vun den Éducateure stinn am Gesetz. Si hu mat dësem Gesetz kee Sprong an der Carrière gemaach. Et dierft allerdéngs awer sécher sinn, datt genuch interesséiert Kandidate fir dës Posten am Enseignement fonnt ginn.

Dës Virbemierkungen an d'Tatsaach, datt dëst den noutwendege Complément vum Gesetz iwwert den Enseignement fondamental ass, wat mir virdru gewien an als liicht emfonnt hunn, motivéieren eise Refus fir dësem Gesetz eis Zoustëmmung ze ginn. En plus kënnt nach derbäi, datt och bei dësem Gesetz däitlech gëtt, datt d'Regierung eng Rei Hausaufgaben net genügend gemaach huet, wéi se déi Schoulreform hei ugaangen ass.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech sinn iwwerzeegt dervun, datt eng déif gräifend Schoulreform net ka geléngen, wa mer eis net och intensiv mat der Formatioun vum Léierpersonal auserneesetzen. Dat ass net den direkten Objet vum Gesetz. D'Gesetz ass jo och keng déif gräifend Schoulreform. Indirekt ass et awer selbstverständlech och bei dësem Gesetz een Thema.

Eist éischt Schoulgesetz ass aus dem Joer 1843. Hei gouf ënner anerem och d'Schafe vun der Normalschoul décidéiert, déi 1845 hir Dieren eng éischte Kéier opgemaach huet. Mam Schoulgesetz vun 1912 huet sech un der Normalschoul wahrscheinlech haaptsächlech geännert, datt et der Bibel an dem Katchëssem e bëssen un de Pelz gaangen ass. 1958 ass den Institut pédagogique duerch e Gesetz geschaf ginn an

zënter 1960 goufen hei Studente mat engem Secondairesofschloss zum Schoulmeeschter ausgebilt. Déi Ausbildungszäit ass als Stage betruecht ginn a war och bezuelt mat 30.000 Lëtzebuerger Frang d'Joer. Dat waren 1960 vill Suen, déi allerdéngs net indexéiert gi sinn.

1983, wéi den ISERP komm ass, ass d'Studienzäit op dräi Joer verlängert ginn an ass och net méi als Stage betruecht ginn. Mat der Grënnung vun der Uni Lëtzebuerg ass dann och nach eng Kéier eng Neierung an der Formatioun vum Léierpersonal komm. Haut mussen d'Studenten eng Formatioun vu véier Joer maachen. Am Jargon vu Bologna heescht dat, si musse sech 240 „ECTS credits" erschaffe fir hire Bachelor en Sciences de l'éducation ze kréien. Si mussen also ee Joer méi studéieren, kréien duerfir awer och net, wéi bis elo, e Brevet fir an der Primärschoul oder am Préscolaire ze schaffen, mä si sinn elo Spezialiste fir mat Kanner vun dräi bis zwielef, 13 Joer an, wann een de Préparatoire mat derbäi hëlt, bis 15 Joer ze schaffen.

Mir wëssen, datt d'Uni onofhängeg ass an net däerf an net soll vum Ministère virgeschriwwe kréien, wéi se forméiert. Mir ginn awer och dervun aus, datt de Patron, de Ministère de l'Éducation nationale muss kënnen d'Qualitéitskritäre setzen, déi si vun deene Leit verlaangen, déi se an Zukunft an hirem Betrib astelle wëllen. Mir ginn dervun aus, datt an der Formatioun vun de Schoulmeeschteren a vun de Proffen zu Lëtzebuerg nach munches an deenen nächste Joren dierft a Bewegung kommen.

Et sprengt de Kader fir gréng Virstellunge vun enger Schoulmeeschteschformatioun hei am Detail ze développéieren. Mir bedaueren awer, datt mer eis net vun Ufank un an der Chamberskommissioun mat dëser Formatioun auserneegesat haten. Mir hate viru kuerzem als Éducatiounskommissioun déi Responsabel vun der Uni an d'Chamber invitéiert. Mir haten alleguer d'Gefill, wéi wann een do en Dialog misst féieren a wa méiglech keen Dialogue de sourds. Aus gréngер Siicht ass den aktuelle Master professionnalisant, deen e Generalist ausbilt, fir mat Kanner vun dräi bis zwielef respektiv 15 Joer ze schaffen, net „der Weisheit letzter Schluss". Mir sinn der Meenung, datt et ee Gewënn wier, wann op der Uni Lëtzebuerg méi auslännesch Studenten ee Bachelor an de Sciences de l'éducation géife maachen.

Mir mengen domat net, datt mir méi Erasmus-Austausch brauchen. Däers kréie mer automatesch méi. Dat ass och gutt esou. Neen, mir géifen et gutt fannen, wann op der Uni Lëtzebuerg wéinstens esou vill belsch Studente wiere wéi Lëtzebuerger an ähnleche belsche Instituter sinn. Walfer misst och mat de Formateuren am däitsche Grenzraum, ech denken un d'Saarland an u Rheinland-Pfalz, enk zesummeschaffen.

DÉI GRÉNG gesinn d'Uni net just als een Instrument fir Doktoranden auszebilden, mat enger méiglechst grousser Retombée économique directe. Mir mengen, eng Retombée d'instruction, d'éducation et de formation géif eisem Land och nohalteg guttdinn an ekonomesch net schueden, och wann et selbstverständlech gréisser Investissementer géif bedeiten.

Et ass gutt, datt mir an dësem Gesetz Passerellë gebaut hu fir d'Studenten, déi am Moment an der Belsch hir Schoulmeeschterformatioun maachen. Et ass net gutt, datt mir an der Groussregioun eis net besser iwwert déi Formatioun ofgeschwat hunn.

De Statsrot hat sech schwéiergedoe fir op den zweejährege Stage bei de Schoulmeeschteren ze verzichten. Am Artikel 7 steet elo eng Formulatioun, mat där de Statsrot formaljuristesch liewe kann. De Schoulmeeschter kritt direkt eng Nominatioun, déi zwee Joer laang provisoresch ass, an ech zitéieren: «…un accompagnement de la part de l'équipe pédagogique dont il fait partie, et de la part de l'inspecteur d'arrondissement. Il participe obligatoirement à des activités de formation en rapport avec son insertion professionnelle.» De Règlement grand-ducal mat de Prezisioune läit eis net vir.

DÉI GRÉNG sinn net frou mat dëser Formulatioun. Mir hätte léiwer ee richtege Stage gesinn, dee gutt encadréiert wier an deen zum Beispill enger Rei Enseignantë Loft ginn hätt fir eng Formation continue ze maachen. Mir mengen och, datt déi aktuell Formatioun op der Uni éischter fir esou e Stage schwätzt. Dee Stage wier natierlech een anere wéi bei de Proffen, well d'Formatioun jo och eng aner ass.

DÉI GRÉNG stellen Décisiouns- an Diskussiounsbedarf fest wat d'Formation initiale vun den Enseignantë betrëfft; an ech si frou, datt deen Diskussiounsbedarf och bei deenen anere Parteie festgestallt ginn ass.

Am Artikel 4 vun dësem Gesetz sinn 126 Stonnen am Joer festgeschriwwe wou de Schoulmeeschter net direkt enseignéiert, mä am Intérêt vun de Kanner an der Schoul schafft. Mir hunn de Règlement grand-ducal mat den Detailer nach net virleien. Mir wëssen awer, datt hei aacht Stonne Formation continue als obligatoresch virgesi sinn. Dat ass näischt ze vill. Mä dat eleng bedeit schonns, datt mir bei ronn 4.500 Aktiven an der Primärschoul a Spillschoul mussen eist Ugebuet un héichwäerteger Weiderbildung erweideren, an da kënnt jo nach déi fräiwëlleg Weiderbildung derbäi.

Schonns eleng duerfir, léif Kolleegen a Kolleeginnen, si mir der Meenung, datt mer d'Reform vum SCRIPT, déi mer muer um Programm stoen hunn, net einfach als een administratiivt Gesetz däerfe betruechten. DÉI GRÉNG begréissen d'Aféierung vun enger obligatorescher Weiderbildung fir d'Léierpersonal vun hirem Patron Stat. Mir weisen awer nodrécklech op d'Verantwortung vum Patron Stat hin, datt déi obligatoresch Weiderbildung muss vun exzellenter Qualitéit sinn an datt duerfir och mussen déi néideg Ressourcë fräigemaach ginn.

E weidere Punkt, wou d'Preparatioune vun der Schoulreform net déif genuch gaange sinn, gëtt bei enger Analys vum Kapitel 8 iwwert d'Schoulinspektorat iwwerdäitlech. D'Schoulgesetz vun 1881, d'Loi Kirpach, huet den Afloss vun der Kierch an der Schoul eng éischte Kéier reduzéiert. De Paschtouer huet net méi dierfen zu all Moment de Schoulmeeschter kontrolléiere goen. Dat gouf d'Missioun vum Inspektorat.

D'Organisatioun vum Schoulinspektorat huet bis haut am Wesentlechen op deem, wat am Schoulgesetz vun 1912 festgehale gouf, berout. Neierunge waren d'Schafung vum Collège des inspecteurs mam Gesetz vun 1993 an d'Aféierung vun de Regionalbüroe fir d'Inspektere mam Gesetz vun 2002.

Am neie Gesetz iwwert den Enseignement fondamental steet och näischt prinzipiell Neies iwwert d'Schoulinspekteren. Et ass erstaunlech, datt grad just déi Instanz, déi fir d'Schoulqualitéit responsabel ass - oder muss ee soe war? -, esou wéineg an der Diskussioun stoung. Mir haten e puermol drop higewisen, datt een de Rôle vum Inspektorat misst kritesch hannerfroen. Als Reaktioun op den Avis vum Statsrot zu dem Gesetz iwwert d'Schoulpersonal hate mir och nach gefrot fir de Generalinspekter an d'Kommissioun ze kréien. Dëse Wonsch gouf eis refuséiert, mam Argument, et wier elo ze spéit. Mir hätte keng Zäit méi. De Vote vun dësem Gesetz wier elo dréngend.

Selbstverständlech sinn den Inspekteren hir Missiounen, grad wéi de Schoulmeeschteren hir, mat dësem Gesetz net méi kleng ginn. Nei Aufgabe kommen op si zou. Si si mat responsabel fir de Plan de réussite scolaire. Si kréien zousätzlech administrativ Aarbecht. Si mussen souguer elo obligatoresch an all d'Schoulkommissioune sëtze goen. Am Alldag huet de Schoulinspekter e bëssen d'Missioun vum Pompjee. Hie geet dohinner, wou e geruff gëtt. Hie fiert vun enger Urgence bei déi nächst.

Am Schouljoer 2006/2007 waren iwwer 47.000 Schüler an eise Primär- a Spillschoulen ageschriwwen, déi vu 4.445 Enseignantë betreit an enseignéiert goufen, an dat alles ënnert der Responsabilitéit vun 18 Inspekteren. Dat maachen am Duerchschnëtt ronn 2.600 Schüler a knapp 250 Enseignantë pro Inspekter. Ech mengen, wa mer am Schoulgesetz Direkteren agefouert hätten, dat hätt d'Schoulinspekteren net gestéiert. Et hätt si kënnen entlaaschten an hinnen d'Méiglechkeet gi fir sech ëm d'Koordinatioun vun de schoulesche Mesuren an déi pedagogesch Innovatioun ze këmmeren.

D'Regierung reagéiert op d'Uwuesse vun den Inspekteren hirer Aarbecht, andeems se d'Zuel vun den Inspekteren eropsetzt. 25 gëtt et der mam neie Gesetz. De Statsrot wonnert sech, datt déi Zuel esou eropgeet. Mir wëssen awer, datt dat erëm eng Kéier soss näischt ass wéi eng Upassung vun deem, wat um Terrain leeft. Mat dëser Zuel gëtt d'Méiglechkeet geschaf, datt déi Leit, déi elo schonns Candidat inspecteur, also Stagiaire sinn an um Terrain schaffen, och eng Ustellung als Inspekter kënne kréien. Dës Mesure ass also méi eng Vergaangenheetsbewältegung wéi e couragéierte Bléck an d'Zukunft.

Ech hunn et schonns beim éischte Gesetz, dat mer mar stëmme wäerten, gesot: D'Missioune vum Inspektorat sinn an den europäesche Länner ganz verschidden. A Finnland hu se d'Inspekteren ofgeschaf, an Däitschland si se amgaang se anzeféieren. Et wier dach wichteg gewiescht, emol eng Evaluatioun vun der Schoulinspektioun zu Lëtzebuerg ze maachen. Wat misst de Rôle vun enger Schoulinspektioun am 21. Jorhonnert sinn?

Mir kéinten eis zum Beispill virstellen, datt een d'Missioune vum Collège des inspecteurs ganz anescht géif opdeelen. Mir kéinten eis virstellen, datt mer eng Cellule géife maache fir eng Schoulinspektioun pure et dure, mat Inspektiounsvisiten am Kader vun dem Plan de réussite scolaire a mat regelméissegen Inspektiounsberichter.

Eng aner Cellule géif éischter de Rôle vun enger regionaler Direktioun iwwerhuelen, wier fir d'Gestioun vum Personal an d'Koordinatioun mat de Schouldirekteren oder Schoulpresidenten zouständeg.

Eng drëtt Cellule, nenne mer se emol d'Protex-Cellule, wier spezialiséiert op Interventiounen am Fall vu gréissere Konflikter.

Eng véiert Cellule wier eng Cellule „Formation", déi am Dialog mat der Uni géif bei der Aus- a Weiderbildung matdiskutéieren.

Ouni Evaluatioun vun der Aarbecht vum Collège des inspecteurs kënnen eis Iddien nëmme spekulativ bleiwen. Mat all Gesetz d'Missiounen an d'Zuel vun den Inspekteren an d'Luucht setzen, dat kann awer och net d'Léisung sinn.

Eng lescht Remarque zu den Inspekteren: De Statsrot stellt verwonnert fest, wéi mühsam de Wee ass fir Schoulinspekter ze ginn. Et ass och esou, datt de Rekrutement ëmmer méi schwiereg gëtt. Dat ass schued. Wa mer gären als Chefe vun der Schoul déi allerbeschte Leit hätten, da musse mer de Wee dohinner net einfach, mä attraktiv maachen. Da musse mer d'Carrière och interessant maachen.

D'Schoulinspekteren hate sech erwaart, si kéimen an den E8. Mä sief et, datt se vergiess gi sinn, sief et, datt se wahlpolitesch net vill Gewiicht hunn, si sinn an dësem Gesetz net zu Hirem komm.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, et bleift mer nach just, wat ech awer schonns gemaach hunn - hien ass och leider net do -, dem Rapporteur Merci ze soe fir säin Engagement…

**Une voix**.- Hien ass elo President.

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Pardon! Ech hat net enregistréiert, ech hunn lech am Schierm gesinn…

**M. le Président**.- Ech souz lech am Genéck, Här Adam.

***(Hilarité)***

**M. Claude Adam** *(DÉI GRÉNG)*.- Voilà! Ech hunn also ënner Ärer Autoritéit geschwat. Här President/Rapporteur, nach eng Kéier da Merci fir Är onermiddlech Aarbecht an der Kommissioun!

Den éischten Entworf vum Gesetzestext war a mengen Ae vun enger wierklech lamentabeler Qualitéit. Dat hat de Statsrot ënner anerem dozou verleet, ganzer sechs Oppositions formelles auszestellen. Mir hunn an der Chamberskommissioun gutt a schnell geschafft. 75 Amendementer sinn iwwert d'Chamberskommissioun gemaach ginn an un de Statsrot pour avis gaangen. Den Text vum Projet de loi ass net liicht transforméiert ginn, en ass komplett ëmgestallt ginn. Och wann ech net d'Satisfaktioun hunn, elo e gudden Text zum Vote virleien ze hunn, esou hunn ech wéinstens d'Satisfaktioun, ee korrekten Text ze hunn.

Mir hunn an der leschter Zäit an der Éducatiounskommissioun intensiv geschafft. Mir hunn eng Rei Diskussiounen ugestouss, mä, wéi mir mengen, leider ze spéit. Mä et schéngt kloer, datt mam Vote och vun dësem zweete Schoulgesetz nach vill Aarbecht fir dësen an nach méi fir deen nächsten Éducatiounsminister iwwreg bleift. De Beamten am Ministère wënschen ech nach vill Courage fir déi Onzuel vu Règlements grand-ducaux fäerdeg ze kréie bis déi nächst Rentrée.

Ech hat et schonns ugedeit: Déi gréng Fraktioun dréit d'Gesetz iwwert d'Personal vun der École fondamentale net mat. Mir stëmme géint dëst Gesetz. Meng 20 Minutte sinn ëm an ech si fäerdeg.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Adam. Den Här Mehlen huet elo d'Wuert.

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- Merci, Här President. Ech wëll mech de Mercien un de Rapporteur uschléissen. Ech denken, si wäerten ukommen. Et war eng net einfach Aufgab. Ech widderhuelen et, ech sinn och bei dësem Gesetz frou, datt mer um Enn ukomm sinn, datt et ëmgesat gëtt. Awer do hält och bei mir gréisstendeels d'Satisfaktioun iwwert dëst Gesetz op. Ech wëll mech net wäit an Detailer verléieren, anerer hunn dat hei gemaach. De Rapporteur huet zimlech am Detail expliziéiert, ëm wat et geet. Ech wëll duerfir nëmmen dräi Punkten hei erausgräifen.

Éischtens, d'Aart a Weis vun der Nominatioun, déi Gott sei Dank ännert. Mir wëssen, datt déi al Prozedur net gutt war. Et ass ganz sécher e Fortschrëtt par rapport zur aktueller Prozedur, och wann déi gedeelte Kompetenz tëschent Stat a Gemengen ëmmer nach dann zum Deel bestoe bleift. Mir hätten, wa mer dann an dësem Zeenario mat d'accord gewiescht wären, léiwer eng reng staatlech Struktur gehat.

D'Madame Minister ass mer net béis, wann ech nach eng Kéier op en aneren Opbau vun der École fondamentale zréckkommen, nämlech dee vun engem Direkter, dee seng Schoul géréiert, mat der staatlecher Administratioun zesumme kuckt, wat seng Besoinen u Personal sinn a wéi een dann deene Besoinen am beschte gerecht gëtt. Dat ass net de Fall. Et ass dann och duerfir eng Ursaach, woufir mir dat Gesetz hei souwisou net kënne stëmmen.

Dat Zweet ass d'Inspektorat. Do gëtt et Leit heibannen, déi méi an där Matière dra sinn, opgrond vun hirer berufflecher Hierkunft. An eisen Iwwerleeungen, mat gutt fonctionnéierenden - ëmmer virausgesat: gutt fonctionnéierenden! - Direkteren an der École fondamentale hätt een d'Inspektorat net méi gebraucht. Wuelwëssend, datt eng Evaluatioun externe onbedéngt zu enger Sécherung vun der Qualitéit misst féieren. Och duerfir wäert ech mech net weider heibäi ophalen.

Ech begréissen awer generell, vu datt et jo awer elo domadder virugeet, datt mer Inspektere bäikréien an datt och hir Méiglechkeeten, hir Moyenen, déi se zur Verfügung gestallt kréien, an Zukunft besser ginn.

Dann den drëtten a kruziale Punkt, dat ass dee vum Reklassement vun der Carrière. Vill Leit dobausse wonnere sech; wann een d'Kommentaren dobaussen héiert, déi sinn nach laang net ëmmer alleguer positiv. Et begéint een och Enseignanten, déi soen, mir hätten och kënnen ouni dat liewen, déi net frou driwwer sinn, datt déi Diskussioun dobaussen an där Schäerft leeft, wéi se de Moment gefouert gëtt. Ganz besonnesch virum Hannergrond vun der aktueller wirtschaftlecher a finanzieller Situatioun.

Generell si mir d'accord, datt gutt forméiert a gutt motivéiert Léierpersonal éischtens den A an den O vum Succès ass an och duerfir muss gutt rémunéréiert ginn. Mir ware virun zwee Joer a Rumänien a mir hunn do héieren, datt Schoulen, gutt Schoulen entvölkert ginn, well de Stat net méi capabel ass säi Léierpersonal uerdentlech ze bezuelen, well d'Privatwirtschaft déi beschte Leit einfach ewechzitt. Dat ass natierlech de Ruin vun enger Schoul.

Mir wëssen alleguer, datt mer hei zu Lëtzebuerg wäit ewech si vun esou enger Situatioun. Gott sei Dank! Ech soen awer och generell: Et kann net sinn, datt den Erfolleg vun enger Reform, wéi se elo vum Parlament an der Regierung a vill Aarbecht virbereet an ëmgesat ginn ass, dervun ofhängeg gemaach gëtt, datt dann elo eng wesentlech Augmentatioun an der Rémunératioun d'Contrepartie dovu muss sinn. Dat ass eng Approche, déi, muss een éierlecherweis soen, vu Leit, deenen hir Vocatioun et ass fir de Kanner eppes bäizebréngen, fir se zu engem Maximum u Formatioun an Ausbildung ze bréngen, ganz problematesch ass.

Mir gesinn d'Gehälterfuerderungen an dësem Beräich esou, wéi mer aner Gehälterfuerderungen och gesinn. Duerfir si mer eigentlech der Meenung, datt dat hei net glécklech ass. Wann een iwwert d'Grille vun den Traitementer beim Stat diskutéiert, da muss een dat Ganzt am A behalen.

Mer wëssen, wéi dat gelaf ass an datt extrem Drock war. Mir wëssen och aus Gespréicher mat Kolleegen, datt gesot ginn ass, mir kënnen de Succès vun deem Gesetz net doduerch op d'Spill setzen, datt mer do net zu engem Ofschloss kommen. Dat erkläert munches.

Mä mer wëssen awer och, datt deen Akt, deen elo gesat gëtt fir d'Zukunft vun dësem Land, dach eng ganz Partie Problemer mat sech bréngt. Den Här Roth war esou frëndlech, e puer chiffréiert Donnéeën duerzeleeën, déi engem wierklech ze denke ginn.

Mir gesinn duerfir dës Gehälteropbesserung als eng isoléiert Moossnam, déi d'öffentlech Gehälterstruktur duerjerneebréngt an nei Onzefriddenheet an nei Fuerderunge wäert mat sech bréngen. Eis Partei verschléisst sech net der Fuerderung, fir d'ganz Grille salariale am Secteur public enger Revisioun ze ënnerzéien. Da soll een dat mat Ofstand maachen. Mat Bedacht maachen. Awer mir sinn am Prinzip géint esou e staarken isoléierten Agréff an dës Gehälterstruktur.

Här President, mer wëllen den Däiwel net un d'Wand molen, mä mer héieren all Dag nei Nouvellen dobaussen. Kee weess, wou mer d'nächst Joer ëm dës Zäit stinn, an duerfir - wéi ech schonn uganks gesot hunn - ass e relativ grousst Onverständnis bei der Populatioun dobausse fir dat, wat elo geschitt.

Ech froen: Wat fir e Signal geet heimat no baussen?

Den Här Statsminister, dee bekanntlech en ale politesche Fuuss ass, huet de Minister vun der Fonction publique an d'Madame Minister vun der Éducation nationale während enger ganzer Zäit verhandele gelooss. Et ass ëmmer e bësse méi crescendo gaangen, wann een dat esou aus der Distanz verfollegt huet, bis e bestëmmte Moment gesot ginn ass, elo ass et „Chefsache".

Dat war esou d'Perceptioun, déi een op eng gewëssen Distanz hat, Madame Minister. Dunn ass zu engem bestëmmte Moment gesot ginn: Ok, elo si mer eens.

***(Interruption)***

Da geet et vum E3 an den E5 an net an den E6. An den Här Juncker huet dann nach eng Kéier - hien ass jo Meeschter dodran - mat engem ganz däischtere Bléck gesot: Schafft a verdéngt, mä et geet elo definitiv duer.

Domat huet hien eng ganz grouss Zoustëmmung dobaussen am Land kritt: „Deen huet hinnen et awer elo emol zerguttst gesot!" - Op där anerer Säit war dann awer den Accord zum gréissten Deel dat, wat verlaangt gi war.

Mir fannen dat eng zweedäiteg Positioun. Mir wäerte jiddefalls aus deene Grënn, déi ech duergeluecht hunn, dat Gesetz hei net stëmmen. Et passt net an eist Konzept vun enger gréndlecher Reform vun Enseignement. Duerfir passt d'Gehältergesetz och net an dat Konzept, esou wéi mir eis et virstellen.

Mir stëmmen aus deenen zwee Grënn dergéint, éischtens well d'Personalstruktur eis net passt, an zweetens well dat hei eng isoléiert Gehältermoossnam ass, déi d'ganz Struktur, d'ganzt Gefüge vun der staatlecher Rémunératioun duerjerneebréngt, a mir mengen, dat wär zu dësem Moment kee gutt Signal.

Ech soen lech Merci.

**M. Gast Gibéryen** *(ADR)*.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Här Mehlen. Elo huet d'Regierung d'Wuert, Madame Minister Delvaux.

**Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären! Här President/Rapporteur, ech soen och lech Merci fir de schrëftlechen a mëndleche Rapport zu dësem Gesetz. Konsequenterweis waart Dir Rapporteur och vun dësem Gesetz, well déi zwee Gesetzer, dat iwwert d'Organisatioun vun der École fondamentale an dat iwwert d'Personal vun der École fondamentale, gehéieren zesummen.

Dat ass engersäits d'Organisatioun, an op där anerer Säit schaaft dëst Gesetz eigentlech de Kader vun dem Personal, wat an där Schoul intervenéiert. Duerfir sinn déi Leit, déi däerfen an der Schoul intervenéieren, nach eng Kéier opgezielt, a fir all déi, déi eng speziell Tâche an der Schoul hunn, ass natierlech e Kapitel consacréiert. Un éischter Plaz sinn dat ganz kloer de Schoulmeeschter an d'Léierin. Et gëtt geregelt, wéi de Concours organiséiert gëtt, wéi hir Tâche ass a wéi se affektéiert ginn.

Ech wollt eppes zur Tâche soen. Bis elo war et üblech an alle Gesetzer, dass mer gesot hunn, d'Tâche vun de Leit gëtt definéiert iwwer Règlement grand-ducal. De Conseil d'État huet seng Approche affinéiert a mécht elo ëmmer eng Opposition formelle, wann d'Tâche net definéiert ass am Gesetz. Dat wäert Konsequenzen hunn. Dat Éischt, wat dovunner concernéiert ass, sinn natierlech elo d'Schoulgesetzer. Mä ech denken, dass dat Répercussiounen op aneres huet, woubäi et bei aneren Domäne méi einfach ass, well do d'Regel eigentlech déi administrativ Zäite sinn, während mer bei all deene Leit, déi an der Schoul intervenéieren, jo net hir Aarbecht an der Schoul moossen, well si déi jo och nach doheem schaffen. Si musse sech preparéieren a sech virbereeden, mä mir mussen definéieren, wéi vill Zäit se präsent an der Schoul sinn. An duerfir ass dat do méi problematesch.

Dann hu mer dat ganzt Kapitel iwwert d'Éducateuren, well och déi jo an der Schoul intervenéieren, an da musse mer regelen, wéi hiren Temps de travail ass, well si sech jo net kënnen ëm d'Kanner këmmeren an der Schoul, wa keng Schoul ass. An dann hu mer e ganze Volet iwwert d'Réserve des suppléants, d'Planifikatioun an dann d'Inspektorat.

Also, ech mengen, et ass elo näischt Weltëmwerfendes. Ech wollt awer op e puer Punkten hei agoen. Éischtens op d'Fro vun der Nomination étatique. Et ass jo en neit Element, dass de Minister elo affektéiert.

Et ass richteg, dass ech Aussoe gemaach hunn, ech wär net Demandeur fir d'Nomination étatique, well ech weess, datt dat eng grouss administrativ Reform ass. Well déi Aarbecht, déi elo eigentlech vun de Gemenge gemaach ginn ass, elo vu staatlechen Instanzen, dat heescht souwuel der Éducation nationale wéi der Fonction publique, gemaach muss ginn.

De Problem ass net d'Affektatioun, dat ass séier geschitt, duerfir maachen ech mer do net esou vill Suergen. Mä de Problem ass d'Gestioun vun den Dossieren an de Problem ass, d'Remplacementer an de Schoulen ze organiséieren. Et geet net dorëm, eemol am Joer Leit op eng Plaz affektéieren, mä et geet dorëm, Dag fir Dag ze organiséieren, well mer jo an der Schoul ëmmer mussen e Remplaçant hunn, wann en Enseignant net do ass. An dee muss ugemellt ginn an ofgemellt ginn. An déi Kontrakter mussen an der Rei sinn, fir dass mer net op eemol erëm Leit mat engem Contrat à durée indéterminée agestallt hunn.

Duerfir mengen ech och, dass et richteg ass, dass mer dat awer op e puer Plazen zentraliséieren an net jiddwereen eleng ouni weidert Encadrement déi Kontrakter ausstellt, d'autant plus well mer jo een Employeur sinn a well een da riskéiert, wann een an der Schoul x an deem Dag duerno an der Schoul y e Kontrakt géif gemaach kréien, dass mer net méi wéissten, wou mer an der Durée vun deem Kontrakt dru wären.

Ech sinn elo net opgereegt, dass d'Affektatioun fir d'Rentrée net leeft, mä mir mussen e Service opbauen an deenen zwee Ministèren, deen dat do organiséiert, an duerfir war ech net Demandeur. Mir kréien awer elo iwwert dat Gesetz hei e Renforcement vun den administrative Posten. Mir wäerten elo ganz schnell Leit rekrutéieren, déi da musse forméiert ginn. Duerfir sinn ech awer zouversiichtlech, dass dat leeft, wa mer dat richtegt Encadrement hunn an och d'Zesummenaarbecht mat der Fonction publique organiséiert ass. Déi Saache sinn amgaang, duerfir sinn ech elo scho manner pessimistesch, wéi ech dat war, wéi mer déi ganz Diskussioun ugaange sinn.

Dir wësst, firwat mer d'Nomination étatique décidéiert hunn. Net fir engem schlecht ze sinn oder engem eppes ewechzehuelen, mä den éischte Souci war d'Distributioun - déi gerecht Distributioun. Et sinn och net déi kleng Gemengen, déi keng Enseignantë kréien. Et sinn éischter Gemengen, déi d'Réputatioun hunn, dass et méi schwiereg wär, oder wou d'Aarbechtskonditiounen oder den Encadrement oder d'Infrastruktur oder d'Parkplazen net esou confortabel sinn. Dat sinn e ganze Koup Elementer, déi do matspillen.

Et ass richteg, dass, wa mer genuch brevetéiert Schoulmeeschteren a Léierinnen hätten, da géif d'Fro sech net stellen, well et ass Zäite ginn, wou d'Schoulmeeschteren an d'Léierinnen dorëmmer démarchéiert hunn, fir däerfen anzwousch Schoul ze halen. Ech weess och net, iergendwa wäerte mer erëm dohinner zréckkommen.

Mir rekrutéieren dëst Joer ongeféier 280 Schoulmeeschteren. Dat sinn der vill. Ech kéint mer virstellen, dass mer elo geschwënn awer op enger Vitesse de croisière sinn, wou mer alleguerten d'Besoinë mat brevetéierte Leit ofgedeckt kréien. Dat dispenséiert eis awer net dovunner, dass mer mussen déi Obligatiounen unhuelen an déi Chargéen, déi elo do sinn, aarbechtsrechtlech korrekt behandelen, an dat ass firwat mer elo keng ganz - wéi hei gesot gëtt - puristesch Léisung hunn.

Mäi Wonsch ass et, dass mir keng nei Chargéë mussen astellen. D'Iddi ass jo, dass mer nëmme brevetéiert Leit astellen. Mir hunn am Moment awer an der Réserve des suppléants eng Rei Chargéen, déi eng Formatioun gemaach hunn. Déi sinn an der Réserve des suppléants vum Stat.

Mat deem neie Gesetz maache mir d'Offer un all Chargés de cours, déi et de Moment am Land gëtt, dass si kënne vum Stat iwwerholl ginn. Mir kënne se awer aus aarbechtsrechtlechen Ursaachen net obligéieren, zu de Konditioune vum Stat bei de Stat ze kommen. Dat geet net. An och kann ech dann nëmme staunen, obscho mir dat ganz laang an der Kommissioun diskutéiert hunn, dass d'Leit mengen, mir kéinten eis awer hardi iwwer Aarbechtsrechtkonditiounen ewechsetzen. Dat ass net esou, a mir wëllen d'Aarbechtsrecht och respektéieren.

Mir kënnen, wann d'Leit net d'accord si fir zu de Konditioune vum Stat bei de Stat ze kommen, d'Leit net derzou obligéieren. Mir sinn elo net d'Patronë vun hinnen, well d'Gemengen d'Patronë vun hinne sinn.

Allerdéngs besteet d'Perspektiv, dass mir elo à terme an eng Situatioun kommen, wou mir net méi mussen op d'Chargéen zréckgräifen, well mer jo Prioritéiten doriwwer setzen, wien an der Schoul agesat gëtt: prioritär brevetéiert Leit, déi de Concours gepackt hunn, da brevetéiert Leit, déi de Concours net gepackt hunn, an dann an der Reiefolleg déi aner Chargéen. Sou dass ech awer ganz zouversiichtlech sinn, dass mer elo à terme an eng aner Situatioun kommen. Fir all Fäll, wann et net géif duergoen, hu mir natierlech nach déi Diskussiounen do virgesinn.

Da wollt ech nach ee Wuert soen zur Tâche vun de Schoulmeeschteren. Ech si frou, dass mer zu engem Accord komm sinn. Ech si frou, dass mer méi Disponibilitéit, méi Präsenz vun de Schoulmeeschteren an de Léierinnen an der Schoul hunn, well si sinn déi Qualifizéiert.

Just als Rappel: Nieft hire Schoulstonne gesi mer vir, dass si 54 Stonnen Appui maachen. Dat ass fir mech eppes ganz Wichteges. Wa mer gär hätten, dass mer en differenzéierten Unterrecht hunn, dass mer op all Kand Rücksicht huelen, dann ass natierlech kee besser placéiert wéi forméiert a brevetéiert Schoulmeeschteren a Léierinnen, fir an deen Appui do eranzeklammen.

Da si wichteg: d'Concertatioun, d'Elterenaarbecht, d'administrativ Aarbecht an dann och d'Formation continue. Dat sinn alles wichteg Elementer, déi och - denken ech - zu enger neier Definitioun vun der Aarbecht vum Enseignant gehéieren, an duerfir fannen ech dat en immens wichtegt Element vun dëser Reform.

Ech wollt nach ee Wuert soen iwwert d'Formatioun vun de Schoulmeeschteren, well den Här Adam - dës Kéier waart Dir et - laang dorobber insistéiert huet an natierlech Insider-Informatioune bruecht huet, iwwert déi mir anerer net esou verfügen.

Ech wëll just soen, dass mir...

**M. Robert Mehlen** *(ADR)*.- DÉI GRÉNG héieren d'Gras wuessen!

***(Hilarité)***

**Mme Mady Delvaux-Stehres,** *Ministre de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle.*- Mir suivéieren déiselwecht Evolutioun wéi all d'Länner ronderëm. Iwwerall an Europa sinn d'Instituts de formation, d'Unien onofhängeg ginn, ënnerstinn net méi der Tutelle a sinn da responsabel fir d'Formatioun.

Mir hunn als Ministère de l'Éducation nationale, als zukünftege Patron vun de Schoulmeeschteren a Léierinnen, e Profil ausgeschafft vum Schoulmeeschter a vun der Léierin, wou mir soen, dat do ass, wat mir gär hätten, dass dee Professionellen do kann.

Mir hunn de Profil, ier d'Uni amgaang war iwwert déi nei Formatioun nozedenken, der Uni ginn a gesot: Dat do ass, wat mir erwaarde vun de Schoulmeeschteren. D'Uni huet dann den Optrag kritt a gesot: Mir hunn dee Profil do zur Erkenntnis geholl a bilden lech elo Leit aus, déi dat do kënnen.

Ech héieren och ganz vill riets a lénks gesot: Si kënnen dëst net, si kënnen dat net, dat hei ass net gutt an dat do ass net gutt. Ech kann doriwwer näischt soen, well déi éischt Leit, déi aus der Uni erauskommen, kommen eréischt dëst Joer an de Concours.

Ech mengen, dass een all Formatioun eng Chance soll ginn. Mir hu selbstverständlech och eng Evaluatioun virgesinn. Ech mengen, dass een da muss kucke wat nogebessert muss ginn.

Ech kennen iwwregens net ee Professionellen, deen ufänkt an honnertprozenteg alles kann. Mir plädéiere jo fir de „lifelong learning", an ech mengen, dass och a besonnesch an deem dote Beruff et wichteg ass, dass ee sech ëmmer erëm forméiert, informéiert a weiderbilde geet.

Duerfir sinn ech zouversiichtlech, dass gutt Professioneller aus der Uni erauskommen, a wann een eppes un der Ausbildung ka verbesseren, da géif ech soen, da wär dat tant mieux.

Also, ech verstinn déi Leit, déi soen: Mir hunn dat éischt Gesetz net gestëmmt, da stëmme mer konsequenterweis och dat zweet net. Dat ass fir mech logesch. Mä mir brauchen awer - dat wëll ech soen - dat zweet Gesetz fir d'Exekutioun vun deem éischten.

Duerfir soen ech deenen Deputéierten, déi dat Gesetz hei wäerte stëmmen, villmools Merci.

**Plusieurs voix**.- Très bien!

**M. le Président**.- Merci, Madame Minister. Domadder ass d'Sitzung vun haut den Owend ofgeschloss. D'Votë ginn da muer am Laf vum Moien nogeholl.

D'Sitzung ass opgehuewen.

***(Fin de la séance publique à 21.16 heures)***

## Sommaire des séances publiques Nos 23 et 24


4909 - Proposition de loi sur l'euthanasie et l'assistance au suicide — pages 257-267

5725 - Projet de loi établissant un cadre pour la fixation d'exigences en matière d'écoconception applicables aux produits consommateurs d'énergie — pages 267-268

5887 - Projet de loi autorisant le Gouvernement à subventionner un neuvième programme quinquennal d'équipement sportif — pages 268-271

5943 - Projet de loi modifiant l'article L. 222-9. du Code du Travail en vue d'adapter le salaire social minimum — pages 271-273

Discours de fin d'année de M. le Président — page 273

Communications — page 274

5971 - Proposition de loi portant modification de l'article 355 du Code des Assurances sociales — page 274

Ordre du jour — page 274

5759 - Projet de loi portant organisation de l'enseignement fondamental — pages 274-289

5760 - Projet de loi concernant le personnel de l'enseignement fondamental — pages 289-294